


INFO BLAT

°02 17

Den analytesche Bricht vun der Stad Déifferdeng

GEMENGEROTSSËTZUNG VUM 10. MEE 2017

Ville de Differdange

Administration | Résidents | Visiteurs | Commerce | Développement urbain | Agenda | Voter

Administration > A-Z > Informatiounsblat > Séance du 19 juillet 2017

- Séance du 26 septembre 2012
- Séance du 7 novembre 2012
- Séance du 10 novembre 2012
- Séance du 7 décembre 2012
- Séance du 14 décembre 2012
- Séance du 6 février 2013
- Séance du 6 mars 2013
- Séance du 24 avril 2013
- Séance du 12 juin 2013
- Séance du 26 juin 2013
- Kannergemengerot 2013
- Séance du 24 juillet 2013
- Séance du 18 septembre 2013
- Séance du 6 novembre 2013
- Séance du 8 janvier 2014
- Séance du 22 janvier 2014
- Séance du 29 janvier 2014
- Séance du 12 février 2014
- Séance du 26 mars 2014

Conseil communal du 19 juillet 2017

Conseillers présents

Roberto Traversini (bourgmestre, déi gréng), **Erny Müller** (1er échevin, LSAP), **Tom Ulveling** (échevin, CSV), **Fred Bertinelli** (échevin, LSAP), **Georges Liesch** (échevin, déi gréng), **François Antony** (LSAP), **Carlo Bernard** (DP), **Pascal Bürger** (DP), **Gary Diderich** (déi Lénk), **Jos Glauden** (DP), **Martine Goergen** (DP), **Pierre Hobscheit** (LSAP), **Robert Mangen** (CSV), **Marcel Meisch** (DP), **Ali Ruckert** (KPL), **Christiane Saeul** (DP), **Pierrette Schambourg** (CSV), **Fränz Schwachtgen** (déi gréng), **Arthur Wintringer** (DP)

Ordre du jour

1. Communications du collège des bourgmestre et échevins

2. Projets communaux:

   a. Site du Parc des Sports : aménagement paysager, concept événementiel, de loisirs en plein air et de mobilité douce – plans et devis, article budgétaire 4/822/222100/17040;
   b. Construction d'un nouveau hall sportif au campus scolaire Niederkorn: plans et offre finale à la suite d'un marché public à dialogue compétitif, article budgétaire 4/822/221311/15021;
   c. Mise en place d'une sculpture de l'artiste Jhang Meis pour marquer l'entrée en ville de Differdange: plans, devis et crédit spécial, article budgétaire 4/838/221313/17042.

3. Plan d'aménagement général et projets d'aménagement particuliers:

   a. Modification ponctuelle du PAG « place Jehan Steichen » – saisine du conseil communal suivant article 10 de la loi du 19 juillet 2014 concernant l'aménagement communal et le développement urbain;
   b. Projet d'aménagement particulier au lieu-dit « avenue du Parc des Sports » à Oberkorn présenté par le collège des bourgmestre et échevins pour le compte de la société Exclusive Homes S.A.;

Infos & renseignements

Liens rapides

- Agenda
- Annuaire
- Carnet du citoyen
- Démarches administratives
- Formulaires administratifs
- Galerie photos
- Informatiounsblat
- Maisons relais

L'AUDIO DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL EST DISPONIBLE SUR WWW.DIFFERDANGE.LU.

INFO BLAT 02 17

COMPTE-RENDU DU 5 MAI 2017

5-72

ÉTAT CIVIL

73-74

ÉDITEUR Administration communale de la Ville de Differdange, B.P. 12, L-4501 Differdange
TÉL.: 58 77 1-11 | F. 58 77 1-1210 | www.differdange.lu | mail@differdange.lu

RÉALISATION Service média et communication

IMPRIMEUR Imprimerie Heintz, Pétange

TIRAGE 10 000 exemplaires

© **PHOTOS** Couverture: Claude Piscitelli

INFOBLAT, imprimé sur du papier 100 % recyclé
L'Infoblat est distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Differdange.

ÉDITION 02/2017, ISSN: 1561-7262, titre clé: Informatiounsblat

f Ville de Differdange

SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU MERCREDI 10 MAI 2017

CONSEILLERS PRÉSENTS

Roberto Traversini, bourgmestre (déi gréng)
Erny Muller, 1er échevin (LSAP)
Tom Ulveling, échevin (CSV)
Fred Bertinelli, échevin (LSAP)
Georges Liesch, échevin (déi gréng)
François Antony (LSAP)
Carlo Bernard (DP)
Pascal Bürger (DP)
Gary Diderich (déi Lénk)
Jos Glauden (DP)
Martine Goergen (DP)
Pierre Hobscheit (LSAP)
Robert Mangen (CSV)
Marcel Meisch (DP)
Ali Ruckert (KPL)
Christiane Saeul (DP)
Pierrette Schambourg (CSV)
Fränz Schwachtgen (déi gréng)
Arthur Wintringer (DP)

ORDRE DU JOUR
SÉANCE PUBLIQUE

1) **Communications du collège des bourgmestre et échevins.**
2) **Projets communaux:**
   a) Villa Hadir Differdange — travaux de rénovation: plans, devis et crédit supplémentaire, article budgétaire 4/132/221311/14028;
   b) Travaux de rénovation de la morgue au cimetière d'Oberkorn: devis, article budgétaire 4/626/221313/17007;
   c) Aménagement d'une aire de jeux et d'un parc de détente dans la rue de Pétange à Niederkorn: plan et devis, article budgétaire 4/810/221313/17018;
   d) Terrain des boulistes à Lasauvage — aménagement d'installations sanitaires: plan, devis et crédit spécial, article budgétaire 4/821/221313/17401;
   e) Centre sportif d'Oberkorn — projet de rénovation et d'extension: plans et devis pour la phase 1, article budgétaire 4/822/221311/14012;
   f) Rénovation de la façade de la salle de musique de Differdange: devis, article budgétaire 4/838/221313/13008;
   g) Extension du bâtiment scolaire situé dans la rue Saint-Pierre à Niederkorn: plans et devis adaptés à la suite d'un appel public par entreprise générale, article budgétaire 4/910/221311/15025.
3) **Plan d'aménagement général et projets d'aménagement particuliers: projet d'aménagement particulier au lieudit «Ouschterbuer» à Oberkorn présenté par le collège des bourgmestre et échevins pour le compte de la société Ouschterbuer SA.**
4) **Actes et conventions:**
   a) Déclassement ajusté, bail à longue durée et contrat de concession d'un droit de superficie avec le Fonds pour le développement du logement et de l'habitat au lieudit «Place des Alliés» à Differdange;
   b) Accord de principe avec le Fonds pour le développement du logement et de l'habitat pour la réalisation d'un projet immobilier (PAP 4) dans la Grand-rue à Differdange;
   c) Cession gratuite d'une parcelle au lieudit «Rue Woiwer» à Differdange;
   d) Constitution de servitudes dans l'intérêt de la réalisation, la viabilisation et l'exploitation du PAP «M 7 – Ancien Monopol Fousbann» et du parking souterrain communal;
   e) Contrat de mise à disposition d'un appartement situé rue de la Chapelle no 1 à Differdange au SIKOR, AIS Kordall;
   f) Contrats de bail commercial au 1535°.
5) **Personnel communal: adaptation d'une tâche à temps partiel et création d'un poste à mi-temps au niveau de l'organigramme.**

6) **Règlements communaux:**
   a) Nouveaux tarifs au chapitre B «Culture» pour les entrées aux manifestations et spectacles organisés au centre culturel Aalt Stadhaus et pour les expositions dans la galerie d'art municipale Espace H_2O;
   b) Règlements temporaires de circulation.
7) **Syndicats intercommunaux: modification des statuts du SIACH.**
8) **Changements au sein des commissions consultatives.**

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Schéine gudde Moien. Et schéngt ze klappen, jiddwereen huet e Mikro. Ech wënschen eis, datt se dann och bis zum Schluss funktionéieren. Et gëtt jo Haiser, do fale se heiansdo aus.

Mir hunn e puer Kommunikatiounen ze maachen. Et war gefrot ginn, datt mer do solle Buerunge maachen, wou mer d'Bëschcrèche hunn. Mir haten Iech versprach, datt déi am Dossier wieren. Här Liesch, wëllt Der dozou nach Erklärunge ginn?

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Mir schaffe weider un der Bëschcrèche, fir den Timing anzehalen, fir d'Rentrée prett a fäerdeg ze sinn. Mir hunn d'Etüde kritt gehat. Mir hate se schonn an enger provisorescher Fassung. Mir hunn awer elo déi definitiv. Wou Der kënnt gesinn, dass op deenen zwou Plazen, nämlech do, wou d'Bëschcrèche ass, an och déi Säit direkt niewendrun, wou mer eng gréisser Zär plangen, déi zwee Terrainen ënnersicht gi sinn. Hannen am Resumé gesitt Der, dass de Büro erausfonnt huet, dass et am Fong op deenen zwou Fläche ganz ënnerschiddlech Aktivitéite gouf.

Do wou d'Bëschcrèche ass, ass eng „Zone geringeren Risikos", wat eigentlech fernab vun de bekannten Haaptstollen ass. A wou och keng weider Setzung oder soss Aktivitéiten an deene leschten zéng Joer festzestelle waren. A si eigentlech dovunner ausginn, dass deen Terrain stabil ass, wéi se hei schreiwen: „Die Setzungen sind weitesgehend abgeschlossen". Also an deem Beräich, wou d'Bëschcrèche ass, ass de Risiko – et kann een ni soen null, mä en ass, souwäit wéi d'Büroen hei soen, op jidde Fall an engem ganz, ganz klenge Beräich.

Deen anere Beräich, wou d'Zären hikommen, hu se eng „Zone mittleren Risikos" ausgeschafft. Dat heescht, dat huele mer elo mat an eis Planunge vun den Zären. Do musse mer dann, wa mer genau d'Implimentatioun vun den Zäre maachen, Buerunge maachen, fir de Standuert festzeleeën, also de Placement vun de Gebailechkeeten. Dass déi net grad op engem Haaptstolle stinn oder op engem Gebitt, wat sech kéint eventuell setzen.

Dat heescht, dat huele mer elo mat fir dee Projet. Mä ech wollt Iech awer wéinstens deen Deel vun der Bëschcrèche matdeelen, well dat jo hei e Sujet war.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Liesch. Den Här Bertinelli Fred wollt eis och eppes matdeelen.

SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):

Här Buergermeeschter, léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, schéine gudde Moien. Ech wollt Iech informéieren iwwert d'Weiderféierung mat eise véierbeenege Kolleegen. Mir ginn net méi bei d'Leit, fir opzeschreiwen, wat an all Haushalt un Déieren oder Hënn ass. Dofir hu mer virgesinn – well mer bemierkt hunn, dass eis Agente bei ville Kontrollen, déi se gemaach hunn, Hënn fonnt hunn, déi net ugemellt waren, net beim Veterinär waren an och net gechipt waren –, erëm op de Wee zréckzegoen, wou mer schonn eng Kéier waren, datt mer Medailen drécke gelooss hunn. Wou déi dann och gesinn, wann den Hond déi Medail unhuet, datt en okay ass, datt en ugemellt ass, datt e seng Impfunge krut a beim Veterinär passéiert war.

Soss hu mer dat fréier mat der Volleksziehung gemaach, an dann huet ee gesinn, wat fir eng Leit dann Déieren haten. Vu datt mer dat net méi an där Form maachen, musse mer op e Wee goen, datt mer och visuell gesinn, wann den Hond déi Medail unhuet, datt en ugemellt ass op der Gemeng an och geimpft ass.

Mir hunn déi Medaile bestallt. Ech loossen Iech se erausdrécken, datt jiddweree gesäit, wéi se wäerten ausgesinn. An da kucke mer, datt mer dat ab September un d'Lafe kréien, datt all Hond an eiser Gemeng sou eng Medail unhuet. Soudatt mer gesinn, datt se och uerdnungsgemäss agedroe sinn. Ech soen Iech Merci.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *ouvre la séance et constate que tous les micros fonctionnent. Il espère que ce sera le cas jusqu'à la fin.*
Le collège échevinal avait promis des forages sur le site de la crèche en forêt. M. Liesch veut-il fournir des explications?

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *espère que la crèche en forêt sera opérationnelle pour la rentrée scolaire. Des évaluations de terrains ont été réalisées sur le site de la crèche et de la serre. Il en résulte que le terrain de la crèche en forêt présente un risque minimal. Il n'y a pas eu d'activité au cours des dix dernières années. Le terrain peut donc être considéré comme stable. Il est impossible de parler d'un risque zéro, mais selon les bureaux d'étude, il est négligeable.*
La zone des serres en revanche est considérée de risque moyen. Par conséquent, il faudra veiller à choisir exactement l'emplacement des locaux au moment de la construction.
Mais pour le moment, il est essentiellement question de la Bëschcrèche.

FRED BERTINELLI (LSAP) *passe à une communication sur les chiens. La commune ne fait pas de recensement. Mais lors de contrôles, les agents municipaux ont découvert de nombreux chiens non déclarés, sans puce électronique et sans papiers du vétérinaire. C'est pourquoi la commune distribuera dorénavant des médailles permettant aux agents municipaux de voir immédiatement si le chien est en règle ou pas.*
Par le passé, les chiens étaient comptabilisés lors du recensement de la population. Comme ce n'est plus le cas, Fred Bertinelli trouve qu'une médaille constitue une bonne solution. Elles ont été commandées. Le nouveau système sera introduit à partir de septembre.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *passe à l'ordre du jour. Les questions écrites de M. Diderich*

seront traitées à la fin, de même que les questions qui n'ont pas été annoncées.
Roberto Traversini passe à la Villa Hadir dont les locaux sont pratiquement tous loués. Le ministère de l'Éducation est intéressé au premier étage, qui est encore libre. Des travaux de réaménagement sont prévus dans plusieurs bureaux.

ERNY MULLER (LSAP) *explique qu'à la suite de l'intervention de locataires actuels et futurs, le collège échevinal a décidé de réaliser certains travaux.*
L'étage occupé par Revue en dessous du toit sera entièrement refait. Des travaux sont aussi nécessaires au premier étage ainsi qu'au rez-de-chaussée, où se trouve la société Lux-Diffusion.
Actuellement, le sol est couvert d'un tapis usé jusqu'à la corde et peu hygiénique. Il sera remplacé par du caoutchouc Noraplan, qui est fréquemment utilisé dans les bureaux, qui est facile à entretenir et qui a une influence positive sur les gens. Les locataires pourront choisir les couleurs.
Il faudra aussi repeindre les parois. Une petite cuisine sera installée sous le toit comme demandé par Revue. Les chauffages ne fonctionnant plus seront remplacés.
Les mesures antifeu couteront plus cher. Il faudra notamment réaliser un meilleur compartimentage du bâtiment. Le réseau informatique sera modernisé et développé.
Le devis se monte à 260 000 €. La commune compte se faire rembourser à travers les loyers.
Erny Muller explique que le loyer sera peut-être adapté légèrement. Les travaux réalisés amélioreront le bâtiment pour 10 ou 15 ans. Mais de toute façon, aujourd'hui, il est uniquement question des travaux et non d'un bail de location.
Les travaux sanitaires couteront 13 750 €, et le génie électrique — les travaux sur les réseaux — et le parachèvement intérieur – les mesures antifeu – 151 000 €.Erny Muller demande aux conseillers communaux d'approuver le devis afin que la Villa Hadir reste entièrement occupée par des entreprises motivées.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Bertinelli. Da géife mer zum Ordre du jour kommen. Et si Froe vum Här Diderich erakomm, déi géife mer dann zum Schluss beäntwerten. Wann dann nach weider Froe sinn, huele mer déi selbstverständlech och zum Schluss, och wa se elo nach net ugemellt sinn.

Den zweete Punkt dat ass d'Villa Hadir. Dir wësst, datt mer déi erëm sou gutt wéi ganz verlount hunn. Den éischte Stack, deen iwwereg bleift, do ass de Ministère de l'Éducation drun interesséiert. A vu datt e puer Raim fräi sinn, hu mer d'Méiglechkeet, frësch ze maachen an och konform ze maachen. Dofir kritt den Här Muller d'Wuert, fir eis ze erklären, wat alles doranner geschafft gëtt.

SCHÄFFEN ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot. Mir waren eis d'Villa Hadir ukucken. Opgrond vu verschiddenen Interventioune vun deenen aktuelle Locatairen an och deenen, déi dann duerno sollen erakommen, ass absolutt néideg, dass eng Partie Aarbechte gemaach ginn.

Den ieweschte Stack, de sougenannten Daachgeschoss, wou d'Revue elo ënnerdaach ass, gëtt komplett nei gemaach. Um éischte Stack sinn och eng Partie Aarbechten ze maachen. Dat ass do, wou d'Educatioun herno erakënnt. An da finalement nach um Rez-de-Chaussée. Do bleift déi Gesellschaft Lux-diffusion. Do ass och verschiddene Bedarf un Aarbechten.

Déi Aarbechten hutt Dir all virleien. Déi betreffen an der Haaptsaach de Buedembelag, wou elo en Tapis-plain ass, dee komplett ofgenotzt an och net méi konform, net méi hygienesch ass. Dee muss ganz eraus. An dee gëtt ersat duerch e sougenannten Noraplan-Kautschuk.

Dat si Buedembeleeg, déi ganz oft fir Bürosgebaier agesat ginn, fleegeliicht sinn an och eng flott Ausstralung hunn, also och fir d'Motivatioun vun de Leit vu ganz grousser Valeur sinn. D'Locatairë kënne sech d'Faarf eraussichen. Déi hunn do e gewëssent Matsproocherecht, well si si jo schliisslech déi – mat hiren Employéen –, déi dann herno an deene Raim musse sinn.

Et gëtt och frësch ugestrach, well dat ass och net méi wierklech esou wéi dat soll sinn. Am Beräich vum Daachgeschoss kënnt eng kleng Kiche bäi, eng Demande vun der Revue. An an deem Beräich funktionéieren d'Heizungen net méi. Déi mussen ersat ginn. Dat heescht d'Convecteuren am ieweschte Beräich mussen all ersat ginn.

Dann hu mer nach relativ grouss Käschten, déi sech am Beräich vum Brandschutz beweegen. Et mussen Anti-Feu-Cloisonen gesat ginn an esou weider. Dat ganzt Gebai gëtt verbessert a compartimentéiert, wéi dat an deem Jargon heescht. D'Reseau-informatiquen, déi mussen och erneiert, verbessert an ausgebaut ginn. Dat sinn am Fong déi grouss Beräicher.

Den Devis beleeft sech op 260.000 Euro. Wou mer dann herno musse kucken, iwwert de Bail de Locataire do matanzebezéien. Mir hu jo gesot, dass mer bei Invester, déi jo laangfristeg si fir d'Gebai, ëmmer versichen, de Locataire do matanzebezéien. Dass mer vläicht de Loyer liicht eropsetzen. An esou awer de Locataire a Genoss kënnt vun all deene Mesuren, déi mer elo maachen.

An déi Mesurë si jo net nëmme fir zwee, dräi Joer, mä déi si fir 10, 15 Joer gutt. Soudass mer dat iwwert deen Delai normalerweis ofrechnen. Mä haut wëlle mer jo nëmmen d'Aarbechte stëmmen an net d'Modifikatioun vun engem Bail de location.

Travaux sanitaires: 13.750 Euro. Génie électrique, also alleguer déi Saachen, déi musse mat de Reseaue gemaach ginn. Awer virun allem de Parachèvement intérieur, dat sinn alleguer déi Brandschutzmoossnamen, ass e grousse Volet: 151.000 Euro.

Mir géifen Iech bieden, dat ze stëmmen. Dass mer weiderhin d'Villa Hadir voll besat kréie mat motivéierten Entreprisen, am Kader vun de Medien, awer och anerer. Fir déi an Zukunft nach kënne bäizebehalen. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Här Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Här Buergermeeschter, léif Kolleegen a Kolleeginnen aus dem Schäffen- a Gemengerot, ech wollt op den Devis agoen an deem Sënn, dass ech begréissen, dass déi Aarbechte gemaach ginn. Ech mengen, et ass sënnvoll, wann op engem Stack Aarbechte gemaach ginn, dass ee se dann direkt op deenen zwee Stäck mécht. Och wann dat e bësse méi Investitioun bedeit, steet awer d'Mise en chantier da just eng Kéier un, wéi och verschidden aner Saachen. Just wollt ech froen, Dir hutt elo vun Entreprisë geschwat, ob op dee Stack, deen elo bäikënnt, och Entreprisë wäerte kommen. Oder wat do vun neie Locataire wäert kommen.

Dann d'Fro: Ech mengen, am Keller vun der Villa Hadir sinn nach Raim, déi och als Versammlungsraim kéinten amenagéiert oder genotzt ginn. Wat vläicht och kéint interessant si fir dee Café-Restaurant, deen do elo exploitéiert. Ech wollt nofroen, ob een an déi Richtung ka goen, ob dat vläicht virgesinn ass?

An ech wollt nach eng Kéier op eppes agoen, wat zwar elo net direkt zu där heite Saach gehéiert. Ech wëll nach eng Kéier soen, wéi schonn deemools, wéi mer d'Villa Hadir un eng Brauerei am Fong ofginn hunn, déi de Vertrag mécht, dass sech, mengen ech, och an der Praxis weist, dass dat net déi beschten Iddi ass. An dass een do op jidde Fall bei nächster Geleeënheet dat selwer direkt un ee sollt verlounen, deen dann de Restaurant exploitéiert. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Diderich. Am Moment sinn zwee Locatairen dran. Déi hu mer jo d'leschte Kéier hei gestëmmt. Dat ass d'Revue an d'Lux-diffusion. Um éischte Stack ass de Ministère de l'Education interesséiert, fir wahrscheinlech Inspekteren do dran ze maachen.

Wat de Keller ugeet, ginn ech Iech recht. Dir wësst awer, datt mer eng ITM hunn a wéi d'Sécherheetsmoossname sinn. Mir hunn am 1535° bal 1.500 Meter am Keller stoen, an et ass immens schwéier, dat esou ze maachen, datt et sécherheetskonform ass. Mir kucken dat awer nach eng Kéier no. Ech muss soen, dat ass elo net gekuckt ginn.

Mä ech kann awer soen, mat der Erfarung mam 1535°, datt et fir alles, wat am Keller ass, fir do Versammlungsraim ze maachen, fir do Leit hinzekréien, immens schwéier gëtt, fir iwwerhaapt eng Autorisatioun ze kréien. A gleeft mer et, mir bedaueren dat, haaptsächlech och am 1535°.

Da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les travaux de rénovation pour la Villa Hadir.

Zweete Punkt, déi drëtt Morgue, déi nach net renovéiert ass. Dir hutt selwer gesinn, wéi schéin déi Morgue zu Niderkuer ginn ass, vun Déifferdeng guer net ze schwätzen. Dat kann ee roueg vu Morguë soen. Well dat si Plazen, wou een de Leit nach eng Kéier Äddi ka soen a ganzer Dignitéit. Ech wëll och soen, datt ech frou sinn, datt mer net déi Pläng gemaach hunn, déi viru véier, fënnef Joer do waren, fir déi ganz Morgue an de Koup ze geheien an eppes Neies dohinner ze maachen. Mä datt mer d'Decisioun geholl hunn, fir déi ze renovéieren. Well dat ass wierklech e Bijou ginn.

An elo bleift nach eng iwwreg, déi zu Uewerkuer. Den Tom Ulveling kritt d'Wuert, fir ze zielen, wat do alles gemaach gëtt. Här Ulveling, w.e.gl.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Häre, den Här Buergermeeschter huet et elo grad gesot, et ass déi lescht Morgue, déi nach muss renovéiert ginn. Dofir hu mer en Devis virgesinn. Ech wëll Iech ganz kuerz erklären, wat mer maachen. Mir wäerten et an deemselwechte Stil maache wéi déi Morgue zu Déifferdeng. Déi jo awer, mengen ech,

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *salue la réalisation de ces travaux. Il trouve opportun de réaménager les deux étages au lieu d'un seul. Car même si cela demande davantage d'investissements, la mise en chantier n'aura lieu qu'une fois.*
Le collège échevinal a parlé d'entreprises. Gary Diderich voudrait savoir qui sont ces nouveaux locataires.
Dans la cave de la Villa Hadir, les locaux pourraient être aménagés en salles de réunion, ce qui aurait des répercussions positives sur le café-restaurant. Cela est-il prévu?
Gary Diderich rappelle qu'il était contraire à ce qu'on loue ce local à une brasserie. Le temps a montré qu'il avait raison. À la prochaine occasion, il suggère de louer le restaurant directement à l'exploitant.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *précise que les deux locataires actuels sont Revue et Lux-Diffusion. Le ministère de l'Éducation s'intéresse au premier étage, car il recherche des locaux pour les inspecteurs.*
Pour ce qui est de la cave, M. Diderich a raison. Mais il faut tenir compte des mesures de sécurité exigées par l'ITM. Le 1535 ° par exemple dispose de 1500 m2 extrêmement difficiles à sécuriser. Roberto Traversini n'a pas vérifié les détails concernant la Villa Hadir. Mais en se basant sur l'expérience du 1535 °, il sait que les autorisations pour aménager des salles de réunion dans une cave sont difficiles à obtenir. C'est regrettable.
(Vote)
Roberto Traversini passe au point suivant et annonce que la troisième morgue de la commune sera rénovée. Celle de Niederkorn est très belle. Roberto Traversini n'a pas peur d'employer cet adjectif, car les morgues sont des lieux où l'on peut dire au revoir aux gens en toute dignité.
Le bourgmestre est content que la morgue de Differdange ait été rénovée et non remplacée comme initialement prévu, car c'est un bijou. Désormais, il ne reste plus que celle d'Oberkorn.

TOM ULVELING (CSV) *répète que la morgue d'Oberkorn est la dernière à devoir être rénovée. Les conseillers communaux disposent du devis. Le but est de la réaménager de manière similaire à celle de Differdange, qui a été unanimement louée.*
Le toit et la façade seront refaits et les fenêtres remplacées. La morgue sera accessible aux personnes handicapées.
La remise où les fossoyeurs stockent actuellement leur matériel sera transformée en vestiaires avec douches et salle de séjour. Dans une deuxième phase, un conteneur sera installé pour le matériel.
Le devis se monte à 150 000 €. Les travaux devraient s'achever à la fin de l'année.
Tom Ulveling demande aux conseillers communaux d'approuver le projet.

CHRISTIANE SAEUL (DP) *explique que le bâtiment sera préservé, mais que l'intérieur et l'extérieur de la morgue ont besoin d'un lifting. La chambre froide sera adaptée aux personnes handicapées et les rideaux noirs seront enlevés. Les personnes qui accompagnent les disparus pour leur dernier voyage ont besoin d'une pièce illuminée.*
Le DP approuvera le devis.

PIERRE HOBSCHEIT (LSAP) *salue la réalisation des travaux au nom du LSAP.*
En tant que conseiller communal, il a eu l'occasion de célébrer des enterrements civils. Avant leur rénovation, entrer dans les morgues de Niederkorn et Differdange laissait un arrière-gour amer. Mais cela a changé.

PIERRETTE SCHAMBOURG (CSV) *s'associe à ce qui vient d'être dit. Il était temps de rénover cette morgue.*
Comme il ne s'agit pas de travaux énormes, pourront-ils être réalisés par le CIGL ou faudra-t-il recourir à des entreprises externes?
Pierrette Schambourg ajoute que les sentiers menant à la morgue à travers le cimetière sont en mauvais état. Il faudrait les refaire.

unisono gelueft gëtt. An déi Renovatioun och als gelongen ugesi gëtt.

Niewent dem Daach musse mer och eng nei Face maachen, nei Fënsteren asetzen. Bannendra kënnt e grousse Raum an natierlech och en Amenagement, fir dass Handicapéierter kënnen do erakommen. Do, wou elo de Schapp ass, wou eis Doudegriewer hiert Material dra stoen hunn, gëtt e Vestiaire fir si gemaach mat enger Dusch an engem Openthaltsraum. An enger zweeter Phas wäerte mer dann e Container iergendwou opstellen, wou mer dann déi ganz Geräter, déi si brauchen, ënnerstellen.

Dat Ganzt soll, no eisem Devis, eng 150.000 Euro kaschten. An et soll an deenen nächste Wochen ugefaange ginn, soudass et wäert fir Enn dës Joers fäerdeg sinn.

Ech wär frou, wann Der dat géift ënnerstëtzen a stëmmen. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Madamm Saeul, w.e.gl.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci Här Buergermeeschter, Dir Häre Schäffen, Kolleeginnen a Kolleegen, Dir Dammen an Dir Hären, heimadder géif déi drëtt a lescht Morgue aus der Gemeng renovéiert ginn an a Stand gesat ginn.

D'Gebai bleift stoe wéi et ass. Dës Uewerkuerer Morgue huet vu bannen, deelweis och vu baussen, scho länger kee Lifting kritt. Dofir ass et elo héich Zäit ginn. Esou och fir e Killraum, dee bis elo net do war. Handicap- a Rollstullgerecht. An ewech mat deem schwaarze Gerideauxs. Déi Leit, déi hire Verstuerwenen op dësem leschte Wee begéinen, brauchen e grousse Raum mat Luucht, sou wéi d'Renovatiounsaarbechten dëst elo virgesinn hunn.

D'DP stëmmt dëse Punkt, an ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och Madamm Saeul. Här Hobscheit Pierre, et ass un Iech.

PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Häre, am Numm vun der LSAP wëll ech déi Aarbechten hei begréissen. Ech weess nach ganz gutt, wéi ech als Conseiller déi éischt zivil Begriefnisser hunn dierfen/misse maachen. Et war wierklech keng Freed, an déi Morguen eranzekommen, déi mer haten zu Nidderkuer, zu Déifferdeng. A wann een dann d'Resultat kuckt no de Renovatiounen, da léisst sech dat wierklech weisen.

Zu Uewerkuer ass och wierklech Handlungsbedarf. Einfach aus Respekt vis-à-vis vun deene Verstuerwenen an aus Respekt vis-à-vis vun hire Familljen, mengen ech, sollte mer Morguen hunn, déi frëndlech sinn, déi anstänneg ausgesinn. Duerfir sinn déi Aarbechten hei batter néideg. An duerfir wäert d'LSAP déi Aarbechte selbstverständlech ënnerstëtzen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci, Här Hobscheit. D'Madamm Schambourg, w.e.gl.

PIERRETTE SCHAMBOURG (CSV):

Här Buergermeeschter, Merci. Dir Dammen an Dir Häre, ech ka mech nëmmen de Wierder vu menge Virriedner uschléissen. Et gëtt héich Zäit an, et ass net vu Muttwëll, datt déi Morgue renovéiert gëtt.

Ech hu just eng Fro. Well dat jo elo keng immens grouss Aarbechte sinn, kënnen déi vum CIGL gemaach ginn? Oder hu mer do extern Firmen? An dat Zweet ass, ech wëll drop hiweisen, datt déi Weeër ganz schlecht sinn, déi iwwert de Kierfecht féieren. Datt an der nächster Zäit och emol eng Kéier duerno misst gekuckt ginn. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Schambourg. Wa keng Froe méi do wieren, da kritt Dir d'Wuert, fir der Madamm Schambourg ze äntwerten, Här Ulveling.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech wollt fir d'éischt der Madamm Saeul äntweren, wann ech dat däerf.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat däerft Der och. Si huet awer keng Fro gestallt.

(Gelaachs)

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech wollt hir just preziséieren, dass kee Killraum dohinner kënnt, mä e Katafalk. Dat ass e sougenannte „Schneewittchensarg", dee kann een e bësse killen. Mä et ass elo net esou ee Killraum wéi deen, dee mer do uewen hunn. Well fir 10.000 Euro kréie mer keen esou een.

An dann hat d'Madamm Schambourg nach vun de Weeër vum Kierfecht geschwat. Do si mer am Gaang, fir déi nei ze maachen. Mir hu jo och e Posten am Budget virgesinn. Mir fänken elo an deenen nächste Wochen un. Wann d'Wieder e bësse besser ass, da kann ee besser schaffen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

A mat welche Firmae wéilt Der do schaffen, hat d'Madamm Schambourg gefrot.

PIERRETTE SCHAMBOURG (CSV):

Ma nee, ob et méiglech ass, fir mam CIGL do ze schaffen.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech mengen net, dass de CIGL Makadamm an däers ka maachen, deemno wat dohinner kënnt. Dat musse mer dann nach kucken. Mä souwisou musse mer déi ausschreiwen, wann et gréisser Aarbechte sinn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les travaux de rénovation de la morgue à Oberkorn.

Exzellent, et geet jo richteg virun.

(Gelaachs)

Da géife mer zum drëtte Punkt kommen. Dat ass eis Spillplaz am Péitenger Wee. Am leschte Gemengerot hate mer PAG-Ännerunge gestëmmt, well mer déi Spillplaz aneschters gestalte wëllen. Ech soen dat hei elo nach eng Kéier, ier ech dem Här Ulveling d'Wuert ginn: Déi Spillplaz ass mat de Bierger a Biergerinnen aus der Cité a ronderëm ausgeschafft ginn. Do huet bis zum Schluss kee Politiker matdiskutéiert. Ech mengen, dat ass awer eemoleg, wéi dat gemaach ginn ass. D'Resultat hutt Der virleien. An dat Resultat stellt Iech den Här Ulveling vir, deen ënner anerem responsabel ass fir d'Spillplazen.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Häre. Den Här Buergermeeschter huet et scho gesot, nodeems mer am Schoulhaff hei zu Déifferdeng mat den Enseignanten eng Spillplaz gebaut hunn, ass et déi éischte Kéier, dass mer hei mat de ganze Leit, déi interesséiert waren, mat der ganzer Jugend aus dem Quartier dës Spillplaz geplangt hunn.

Den Här Muller hat eis an där leschter Sitzung scho geschwat vun deem Terrain, dee mer zur Verfügung wäerte be-

TOM ULVELING (CSV) *souhaiterait répondre à M^me^ Saeul en premier.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *plaisante sur le fait qu'il en a le droit, mais que M^me^ Saeul n'a pas posé de question.*
(Rires)

TOM ULVELING (CSV) *voulait préciser que la morgue n'aurait pas de chambre froide, mais un catafalque que l'on peut refroidir. On ne peut pas aménager de chambre froide pour 10 000 €. M^me^ Schambourg a mentionné les sentiers du cimetière. Leur remise en état est prévue dans le budget. Les travaux commenceront dans quelques semaines lorsque le temps sera meilleur.(Interruption de M^me^ Schambourg)*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *explique que M^me^ Schambourg voudrait savoir avec quelles entreprises M. Ulveling compte travailler.*

PIERRETTE SCHAMBOURG (CSV) *se demande si les travaux seront réalisés par le CIGL.*

TOM ULVELING (CSV) *pense que le CIGL pourrait poser le revêtement. Mais pour les travaux plus importants, un appel d'offres est nécessaire.*
(Vote)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *passe à l'aire de jeux de la route de Pétange. Lors de la dernière séance, le conseil communal a approuvé des modifications du PAG afin de pouvoir la réaménager.*
Roberto Traversini rappelle que cette aire de jeux a été planifiée en concertation avec les citoyens. M. Ulveling va présenter les résultats.

TOM ULVELING (CSV) *rappelle que l'aire de jeux de la cour de récréation de Differdange avait été réalisée avec les enseignants, mais celle-ci est la première où tout un quartier est impliqué.*

La dernière fois, M. Muller a expliqué que le terrain fait 1,2 ha. Les installations pourront être utilisées à la fois par les jeunes et les séniors. Les chemins seront tous refaits.
À côté du terrain où le promoteur construit deux résidences, une parcelle restera libre. En effet, pendant les travaux, l'entrepreneur a besoin d'un espace pour installer son chantier.
L'aire de jeux comprendra un double terrain multisport, notamment pour jouer au basket et au football. Il y aura aussi quelques tables de pingpong, des toilettes publiques, des appareils de fitness pour séniors, une piste de pétanque et deux grands jeux — un pour les enfants de moins de six ans et un pour ceux entre six et douze ans.
Tom Ulveling rappelle que les aires de jeux récentes ont toutes un thème. Celle de la rue des Ligures a pour thème le village d'Astérix.
Les riverains ont demandé à ce que le moins d'arbres possible soient abattus.
La partie supérieure est une partie agréable où les gens peuvent s'assoir et jouer avec les petits enfants. La partie antérieure est destinée aux enfants plus grands.
Le site sera agréable. Mais bien entendu, cela a un prix. Le devis se monte à 400 000 €. Tom Ulveling demande aux conseillers communaux d'approuver le projet.

PIERRE HOBSCHEIT (LSAP) *ne veut plus revenir sur ce projet de construction. Il est content que des investissements soient désormais effectués sur ce site.*
La dernière fois, il a déjà exprimé sa frustration. Pendant dix ans, l'aire de jeux n'a pas du tout été entretenue. Maintenant, on peut bien sûr se demander si ce qui va être fait est pertinent. Mais au moins, les enfants et les jeunes auront un endroit où jouer, s'amuser et se défouler. Pierre Hobscheit approuve aussi le fait que le projet ait été développé avec les habitants du quartier.
Bien entendu, on peut se demander si le dialogue avec les riverains n'aurait pas pu commencer plus tôt et si l'on n'aurait pas pu anticiper la colère des gens. Mais ce type de réflexions n'apportent rien.

halen, vun ëmmerhin 1,2 Hektar. Mir wäerte versichen, eng Anlag ze maachen, déi souwuel fir déi Jonk, déi ganz Jonk, mä awer och vu Seniore kann a soll benotzt ginn. D'Weeër ginn natierlech all nei gemaach.

Niewent deem Terrain, wou de Promoteur zwou Residencë baue wäert, hu mer ee Stéck fräi gelooss, Phas II steet op Ärem Plang. Dat heescht, do gëtt elo nach näischt gemaach. Well wa gebaut gëtt, muss jo den Entrepreneur och kënne säi Chantier installéieren. Dofir hu mer déi Partie aus dem Plang erausgeholl.

Wat gëtt elo do opgeriicht? Et gëtt en Terrain multisport opgeriicht, fir Fussball ze spillen, am Fong en duebele Multisport, well et ass och nach e Basketsterrain do drun. Da kommen e puer Pingpongsdëscher dohin, eng ëffentlech Toilette, Fitnessgeräter fir eeler Leit, eng Petanquespist an zwee gréisser Spiller: eent, wat éischter fir Kanner ënner sechs Joer geduecht ass, an en anert, wat fir Kanner vu sechs bis zwielef Joer geduecht ass. Dat Ganzt soll ënnert dem Motto vun der Minière stoen.

Dir wësst, mir hunn eis an der Lescht ëmmer en Thema ginn. An der rue des Ligures ass d'Thema „Village d'Astérix". Hei wäert et dann eben d'Minière sinn. An deem Thema wäerten déi zwee grouss Spiller fir d'Kanner opgeriicht ginn.

Déi eenzeg Prämiss, wou mer mat den Anrainer geschwat hunn, war, datt sollten esou mann wéi méiglech Beem ewechgeholl ginn. Dofir hu mer dat och esou geplangt, dass dat Ganzt mat engem minimalen Ewechhuele vu Beem ka realiséiert ginn.

Den ieweschten Deel ass e ganz gemittlechen Deel, wou d'Leit sech kënne sëtzen a mat de klenge Kanner spillen. Deen ënneschten Deel ass geduecht fir méi grouss Kanner.
Dat gëtt eng ganz flott Anlag, wéi Der gesitt. Natierlech huet déi och säi Präis. Mir rechne mat ëm déi 400.000 Euro.

Ech wär frou, wann Der eis géift den Aval ginn, dass mer mat där flotter Spillplaz – oder Spillpark géif ech et éischter nennen – kéinten ufänken. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci, Här Ulveling. Här Hobscheit, w.e.gl.

PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Häre, ech wëll haut net méi op de Bauprojet op där Plaz agoen. Dat hunn ech d'leschte Kéier gemaach an do och e bësse méi Bauchwéi zum Ausdrock bruecht. Ech wëll soen, dass ech immens frou sinn, dass elo emol nees an d'Spillplaz op där Plaz investéiert gëtt. Dass mer do an nei Anlage fir ze spillen investéieren.

D'leschte Kéier hat ech mech e bëssen a Rage geriet. Et reegt mech einfach op, wann ech kucken, wéi déi Spillplaz an de leschten zéng Joren einfach sech selwer iwwerlooss gouf an iwwerhaapt näischt geschitt ass. Elo kann een natierlech driwwer diskutéieren, ob et gutt ass, dass op där do Plaz dat geschitt, wat geschitt. Mä wéinstens investéiere mer elo emol nees an eppes Anstänneges, wou d'Kanner kënne spillen, wou déi Jonk kënne spillen.

Mir maachen net einfach eng Spillplaz fir déi kleng Kanner, mä mir droen deem Rechnung, wat do virdru war, a schafen eppes fir déi Jonk, och fir déi am Teenageralter, déi sech do kënnen defouléieren an amüséieren. Duerfir fannen ech dat, souwéi dat hei elo ausgeschafft gouf, zesumme mat de Leit aus dem Quartier, eng gutt Saach.

Et kann een natierlech ëmmer driwwer diskutéieren, ob den Dialog mat de Leit net vläicht hätt kënnen e bëssen éischter ugefaange ginn, ob een net hätt kënnen déi Roserei, déi am Quartier entstanen ass, e bësse méi antizipéieren. Dat sinn ëmmer Diskussiounen, déi ee ka féieren. Se bréngen awer am Endeffekt och net wierklech eppes, mengen ech.

An duerfir ass et gutt, dass mer zu deem Resultat hei komm sinn, wat mer haut hei virleien hunn. Ech mengen, dass déi 400.000 Euro – quitte, dass ee ka soen, dass dat ënnert dem Stréch vill Sue si fir eng Spillplaz – awer gutt investéiert Sue sinn. Et si gutt investéiert Suen an d'Jugend an deem Quartier. An duerfir wä-

erte mir als LSAP dat do matstëmmen. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci. Madamm Goergen, w.e.gl.

MARTINE GOERGEN (DP):

Merci, Här Buergermeeschter. Ech muss soen, dass ech den Iwwerleeunge vum Här Hobscheit elo net komplett wëll widderspriechen. Et ass richteg, do ass zéng Joer net investéiert ginn. An do kënne mir eis dann och mat der eegener Nues huelen.

Ech gesinn an, dass et néideg ass, déi Infrastrukturen an en anstännegen Etat ze setzen, absolutt. Ech wëll awer betounen – ech mengen, déi Diskussioun hate mer d'leschte Kéier, an ech wäert och bei där Meenung bleiwen –, dass mir net kënnen d'accord si mat all anerer Variant, wéi dass déi ganz Plaz als Park an als Spillplaz amenagéiert gëtt a bleift, sou wéi se elo do ass. Am Sënn vun där Gréngfläch, déi do matten am Quartier besteet.

Ech mengen, et ass kee Geheimnis, dass mir géint déi Alternativ vun deenen zwou Residenze vir un der Strooss sinn. Mir sinn net glécklech iwwert deen Tosch, deen do gemaach ginn ass.

Ech wëll elo net méi ze vill an den Detail goen, mä ech sinn einfach der Meenung, dass ee sech awer och muss iwwerleeën … Mir hunn aner Plazen, ech denken zum Beispill un den ancien Monopol hei an der Avenue de la Liberté matten am Zentrum. Dat wär am Fong eng top Lag gewiescht, wou een en Tosch hätt kënne maachen. Dat gehéiert der Gemeng.

Do wär et interessant gewiescht fir e Promoteur, eng Residenz ze maachen. Dat hätt den urbanisteschen Tissu net grad esou ugegraff, wéi dat elo zu Nidderkuer de Fall ass. Mir gesinn do eng falsch Prioritéitesetzung. Dat heescht, op där enger Säit loosse mer e Gebai vergammelen, an op där anerer Säit gi mer eng Spillplaz opferen, fir Residenzen drop ze bauen. Mä wéi gesot, dat ass d'Diskussioun, déi mer d'leschte Kéier gefouert hunn.

Ech wollt dat just ënnersträichen an domadder och erklären, firwat mir dëse Punkt mat Nee stëmmen. Einfach, well mer eis net kënnen domadder zefridde ginn, dass do elo esou e groussen Deel vun deem Terrain ewechfält. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Här Mangen, w.e.gl.

ROBERT MANGEN (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter. Ech wollt de Mikro ausprobéieren.

(Gelaachs)

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech hoffe méi oft de Moien.

ROBERT MANGEN (CSV):

Et ass e flotte Projet, wou un all Generatioun geduecht gouf. Obwuel et elo nom Motto Minière gebaut gëtt, bleiwen d'Spiller iwwerdaacht, wat ze begréissen ass. Et erlaabt eng sportlech Aktivitéit fir jiddereen, wat a sech sënnvoll ass an onser sedentärer Gesellschaft. D'CSV wäert dëse Projet ënnerstëtzen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Här Diderich, ganz gären.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kolleegen a Kolleeginnen aus dem Gemengerot, ech wollt och e positiven Avis vun déi Lénk ausdrécken zu där Spillplaz a begréissen, dass dat op eng participativ Aart a Weis gemaach ginn ass.

Ech wollt froen, wéi dee participative Prozess gestalt ginn ass. Waren do Professioneller dobäi? Virun allem froen ech mech, ob ausgebilte Spillpädagoge

Quatre-cent-mille euros représentent une somme importante pour une aire de jeux, mais cet argent est bien investi. Les socialistes approuveront le projet.

MARTINE GOERGEN (DP) *ne souhaite pas contredire entièrement les propos de M. Hobscheit. Il est vrai qu'il n'y a pas eu d'investissements pendant dix ans et qu'il faut remettre en état les infrastructures.*
Cependant, les démocrates ne peuvent pas accepter une variante où le parc et l'aire de jeux ne sont pas préservés intégralement.
Le DP est aussi contraire à la construction des deux résidences donnant sur la rue et à l'échange de terrains entrepris avec le promoteur. Martine Goergen ne veut pas entrer dans les détails, mais elle estime que le site de l'ancien Monopol dans l'avenue de la Liberté aurait été idéal pour un échange. Le terrain appartient à la commune et un promoteur aurait pu y construire une résidence sans s'attaquer au tissu urbain. Les priorités du collège échevinal sont les mauvaises. D'un côté, il laisse pourrir un bâtiment et de l'autre il sacrifie une aire de jeux pour construire des résidences.
Cette discussion a été menée la dernière fois, mais Martine Goergen tenait à expliquer pourquoi le DP allait voter contre le projet. Les démocrates ne peuvent pas accepter qu'une partie du terrain soit perdue.

ROBERT MANGEN (CSV) *estime qu'il s'agit d'un bon projet tenant compte de toutes les générations. Le site proposera des activités sportives pour tous, ce qui est important dans une société sédentaire.*

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *souhaite exprimer un avis positif de la part de déi Lénk. Il se réjouit que la population ait participé à la planification de l'aire de jeux.*
Comment le processus participatif a-t-il été organisé? Le collège échevinal a-t-il consulté des professionnels, et notamment des pédagogues? Car le collège échevinal a aménagé de belles aires de jeux thématiques, mais le potentiel ludique reste limité pour les enfants. Gary Diderich cite l'exemple de la Ville de Luxembourg, qui réussit souvent à aména-

ger de nombreux jeux sur des surfaces restreintes. À Differdange, en revanche, les enfants utilisent les jeux l'une ou l'autre fois et c'est tout, car les aires manquent de potentiel.
Gary Diderich propose d'intégrer systématiquement la population à l'avenir. L'investissement de 400 000 € est conséquent; les jeux tout faits coutent cher. L'objectif est évidemment que les enfants utilisent ces jeux et qu'ils s'amusent.
Ce que Gary Diderich apprécie particulièrement dans ce projet est que le collège échevinal n'a pas pensé seulement aux enfants, mais à tous les âges.
Le site comprend ainsi une piste de pétanque et un terrain de sport pour les jeunes. Gary Diderich ne souhaite pas entrer dans les détails, qui se trouvent de toute façon dans le devis.
Certains jeux sont destinés aux enfants de moins de 6 ans, d'autres aux enfants de 6 à 12 ans. Mais il faut se rendre compte qu'il y a de grandes différences entre un enfant de trois ans et un de six ans. À l'étranger et dans certaines communes du pays, on procède de manière différente.
Le collège échevinal s'est-il contenté de suivre les indications d'un catalogue? Car il faut évaluer les différents éléments d'une aire de jeux. Il faut considérer l'aire de jeux comme un tout. On ne peut pas se contenter de placer les différents jeux au hasard.

FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

salue l'installation de cette aire de jeux au nom des écologistes. Une partie du projet constitue un triste chapitre. La commune n'a pas vraiment eu le choix à cause d'erreurs commises dans le passé.
La phase II du projet est-elle exclusivement destinée à agrandir le parc? D'autres constructions sont-elles prévues? Fränz Schwachtgen ne sait pas exactement ce qui a été dit la dernière fois.
Le conseiller communal regrette qu'il n'y ait plus de terrain de volleyball. Sur du sable, c'est un sport pouvant être pratiqué par toute la famille. À l'étranger, ce type d'installations jouit d'un très grand succès. Et d'ailleurs, le terrain de vol-

präsent waren. Well ech muss awer leider heiansdo feststellen, wann ech mat de Kanner op Spillplaze ginn hei an der Gemeng, dass dës zwar ganz schéin no Theme gebaut sinn an heiansdo och ganz vill Bëtong gefloss ass, datt awer d'Spillpotential fir d'Kanner nach limitéiert ass.

Ech hat dat schonn eng Kéier gesot. Als Beispill kann ech do ëmmer d'Stater Gemeng uginn, wou ech einfach an der Praxis d'Erfarung maachen, dass op relativ klenge Fläche mat relativ einfachem Spillgeschir, souzesoen, ganz vill Spill esou entsteet. Wou ech hei eben oft feststellen, dass se eng Kéier eropklammen, driwwer klammen, erofrutschen a sech dann, souzesoen, net méi esou dat Spillpotential entwéckelt. Dofir wollt ech ureegen, dass mer an Zukunft bei esou Projete Leit mat erunzéien.

Well et ass awer eng héich Investitioun, déi mer hei maachen, 400.000 Euro. Geschir, dat een zum Deel fäerdeg keeft, ass eben net bëlleg. Dat stellt een dann dohinner. Dat kann een dann och opriichten. Mä et wëll ee jo domadder eppes bewierken. Et wëll ee jo domadder bewierken, dass dat herno wierklech genotzt gëtt an de Kanner Spaass mécht. A wat ech hei flott fannen, dass ebe grad net just un d'Kanner geduecht ginn ass, mä dass am Fong, wann ech de Plang kucken, fir all Alter eppes do ass.

Ech mengen, dat soll am Allgemenge méi de Wee sinn, dee mer sollte goe beim Amenagement vun esou Plazen. Dass een eben, wéi dat hei de Fall ass, e Petanquesterrain virgesinn huet, dass een och déi Sportsterraine virgesinn huet fir jonk an och méi al Kanner. Am Detail gesinn ech elo net, fir wéi een Alter déi Spiller wierklech gemënzt sinn.

ENG STËMM:

Dat steet am Devis.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Et steet am Devis. Ënner sechs Joer ass dat eent, an tëschent sechs an zwielef Joer ass dat anert. Mä fir et wierklech anzeschätzen, ass dat mat esou engem Plang an esou enger Altersindikatioun net ëmmer esou evident. Well tëschent engem Dräijäregen an engem Sechsjäre-

ge gëtt et nach ganz grouss Ënnerscheeder. An do hunn ech scho wierklech ganz verschidde Saache gesinn am Inan am Ausland.

Meng Fro ass, wat Der gemaach hutt, fir sécherzegoen, dass dat herno och duerchduecht ass. Dat heescht, dass een net nëmmen d'Spillgeschir hëlt a seet, et steet am Katalog bis sechs Joer. An ee seet, dat setze mer dann elo emol an deen Eck an dat setze mer emol an deen Eck. Well och tëschent de verschiddenen Elementer vun esou engem Park soll een dat am Fong duerchdenken, well jo net nëmmen dat Gerüst e Spill ass fir d'Kand.

Am Fong ass dee ganzen Espace, dee ganze Raum souwuel fir d'Kanner, wéi fir Erwuessener, wéi och fir Senioren duerchzedenken. An dat kann een net einfach esou egal wéi verdeelen, ouni dass iwwerluecht gëtt, wéi sech do eppes kann entwéckelen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech soen Iech och Merci. Här Schwachtgen, w.e.gl.

FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Déi gréng begréissen natierlech d'Installatioun vun deem Spillterrain, vun deene Spillwisen. Ech kommen net op déi aner Diskussioun zréck vun där Bebauung. Dat ass en trauregt Kapitel an deem Ganzen. Mä mer sinn do vläicht och e bësse forcéiert ginn derzou, duerch Feelplanungen an der Vergaangenheet.

Déi Phas II, ass déi exklusiv virgesinn, fir dee Park ze verlängeren, ze vergréisseren an esou weider? Oder gëtt scho vläicht erëm dru geduecht, fir aner Saachen ze bauen? Ech sinn elo net méi am Bild iwwert dat, wat d'leschte Kéier am Detail dozou gesot ginn ass.

Wat mer e bësse feelt, ass dat, wat ëmmer en immense Succès hat op där Plaz, bis e verfale gelooss ginn ass, dat war dee Volleyballsterrain. E Sand-Volleyballsterrain. Dat ass e Volleksport, wann een dat esou ka soen, deen d'ganz Famill ka maachen, dee Männer mat

Frae kënnen deelen. Dat sinn Anlagen, déi am Ausland op jidde Fall grousse Succès hunn. An ech weess, dass hei zu Nidderkuer aus alle Quartiere Leit dohinner gefuer sinn, Volleyball spillen.

Ech wëll och bemierken, dass mer keen eenzegen Outdoor-Volleyballsterrain an der ganzer Gemeng hunn. Sou dass dat vläicht eng anstänneg Plaz wier, déi dem Volleyballsport gewidmet kéint ginn. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Ech wëll just soen, Här Diderich, mir zerbriechen eis awer e bëssen de Kapp. Wann een Iech esou nolauschtert, géif ee mengen, mir géifen do e Katalog opschloen, oder d'Leit hätten e Katalog opgeschloen a sech null de Kapp zerbrach.

Ech kann Iech verspriechen – mir zerbriechen eis vläicht net esou vill de Kapp wéi Dir, dat weess ech net –, mir hunn eis awer och doriwwer de Kapp zerbrach. An ech ginn dem Här Ulveling ganz gären d'Wuert, fir zousätzlech Erklärungen ze ginn.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Loosst mech beim Här Schwachtgen ufänken, dat geet méi schnell. Déi Phas II, déi Der ugeschwat hutt, ass kloer, do wäert e Retentiounsbecken hikommen. An do ass och e Spill mat enger Seelbunn vun där enger Säit op déi aner virgesinn an nach esou kleng Spiller. Also do ass net geduecht – Dir hutt dat e bëssen insinuéiert, mengen ech –, dass do soll eng Kéier gebaut ginn oder esou. Dat ass sécher net geduecht. Dat ass sécher Partie intégrante vun deem Ganzen.

Volleyball kann ee spillen op deem Basketsterrain, op deem zweete Multisportterrain, deen un deem grousse Multisport drun ass. Soudass een do zwar net um Wues ka spillen, mä awer trotzdeem eng Méiglechkeet huet, Volleyball ze spillen.

Dann zum Här Diderich. Déi éischt Fro war, wéi mer do virgaange sinn. Mä ganz einfach: Do war e Grupp vu Jugendlecher, déi sech zesummegedoen hunn, a mir hunn deene gesot: Schreift eis emol op, wat der gär hätt oder wéi der dat gesitt.

An déi hunn eis e ganzen Dossier ausgeschafft. Dee war, dat muss ech wierklech soen, ganz gutt ausgeschafft. Et waren iwwer zwielef Säiten, wou se hir Doleancen duergestallt hunn. Do waren och Fotoen dobäi vu Spiller, wéi si sech dat géife virstellen.

Mir hunn dat du gekuckt an, wéi de Buergermeeschter scho gesot huet, war kee Politiker involvéiert. Ech war do net involvéiert. Déi hu sech du getraff mat eiser Architektin hei uewen am Stadhaus. An do hu se doriwwer diskutéiert. Ech hat der Architektin natierlech gesot, et wier nach net Chrëschtdag an et kéint een net alles kréien, wat se do drop maachen. A mir hätten e Budget, an dat misst do dra goen. An do hu se sech op déi doten Haaptpunkte gëeenegt.

A mir hu versicht, dat esou ze integréieren, dass mer dat ganzt Areal an dräi Deeler agedeelt hunn. Éischtens emol eppes, wat sollt eng parkähnlech Anlag sinn, wou et e bësse méi roueg sollt zougoen. Dann eppes fir méi kleng Kanner an en drëtten Deel, wou dee Multisport hikënnt, wou méi grouss Kanner oder Jugendlecher sech kënnen/sollen ophalen.

Mir kafen déi Spiller bei Constructeuren, aus Kataloge siche mer eis déi eraus. Ech huele jo awer un, dass déi Leit, déi esou Saachen hierstellen, wa se schreiwen, fir Kanner bis sechs oder bis zwielef Joer, da jo sécher wëssen, firwat se dat dohinner schreiwen.

Ech wëll och soen, dass all Spiller vun all eise Spillplazen all Joer hei vum Luxcontrol ofgeholl ginn, an dass mer de Label „Sécher Spillplazen" kritt hunn. An ech wëll, dass dat esou weidergeet. Soudatt ech awer der Meenung sinn, dass mer do, wéi de Buergermeeschter scho sot, net extra nach musse Pädagogen dobäihuelen, fir dat ze maachen.

An ech menge schonn, dass dat doten awer e bëssen duerchduecht ass. An dass mer do awer de Leit, souwäit et am finanzielle Rahme méiglech ass, wierklech zu 100% entgéintkommen. Ech soe Merci.

leyball de Niederkorn était utilisé par des gens de tous les quartiers. Fränz Schwachtgen constate que Differdange ne dispose pas d'un terrain de volley en plein air et que ce site serait idéal.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *répond à M. Diderich que le collège échevinal a longuement réfléchi à l'aménagement de l'aire de jeux. La commune ne se contente pas d'ouvrir un catalogue et d'acheter n'importe quoi. Le collège échevinal s'est creusé la cervelle — mais sans doute moins que M. Diderich, qui est au-dessus de tout.*

TOM ULVELING (CSV) *explique qu'un bassin de rétention sera aménagé lors de la phase 2, ainsi qu'un funiculaire et plusieurs petits jeux. M. Schwachtgen a plus ou moins insinué que des constructions étaient prévues à l'avenir, mais c'est faux. Les gens pourront jouer au volleyball sur le deuxième terrain multisport.*
M. Diderich voulait des informations quant au processus de participation. La commune a rassemblé des jeunes et leur a demandé d'écrire la façon dont ils voyaient l'aire de jeux. Ils ont remis un dossier détaillé de 12 pages comprenant leurs doléances et des photos des jeux. L'architecte de la commune a géré le projet. Aucun homme politique ne s'en est mêlé. Tom Ulveling s'est contenté de dire à l'architecte que ce n'était pas Noël et qu'il y avait un budget à respecter.
L'aire de jeux est subdivisée en trois parties: un parc, des jeux pour les enfants et un terrain de sport pour les jeunes.
Les jeux sont effectivement choisis dans des catalogues, mais Tom Ulveling part du principe que le constructeur sait à quel groupe d'âge les jeux sont destinés. Tous les ans, Luxcontrol inspecte les aires de jeux de Differdange, qui disposent du label Sécher Spillplazen.
Tom Ulveling ne pense pas qu'il faille consulter des pédagogues. La commune réfléchit à l'aménagement de ses aires de jeux. Il faut essayer d'écouter ce que veulent les gens.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *revient sur les propos de M^me^ Goergen. Il se réjouit qu'elle ait fait une proposition pour un échange. Mais un compromis a déjà été signé en ce qui concerne le Monopol.*
Le premier plan pour la route de Pétange prévoyait la construction de six ou sept maisons. Par conséquent, la surface de l'aire de jeux aurait de toute façon été réduite. Un accord a finalement été trouvé avec le promoteur: les maisons ne seront pas construites, mais un échange avec le Monopol est prévu.
Roberto Traversini rappelle que lorsque le DP faisait partie de la majorité, l'aire de jeux de l'avenue Charlotte a été échangée contre un terrain pour un lycée. La seule différence est que l'aire de jeux a entièrement disparu. Or aujourd'hui, le DP est contraire à un échange pour construire une école.
Roberto Traversini s'étonne que l'on puisse changer d'avis selon que l'on fait partie de la majorité ou de l'opposition. C'est dommage, mais il ne peut rien y faire.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *revient sur les propos de M. Hobscheit selon lequel il ne faut pas s'attarder sur le passé, car s'énerver ne sert à rien. Pourtant, il faut tirer les leçons de ses erreurs.*
Gary Diderich sait bien qu'une démarche participative a eu lieu. Mais il aurait fallu faire participer les gens avant la réalisation des premiers plans. Car maintenant, il est trop tard pour discuter d'éventuels échanges de terrains par exemple.
Certaines réponses du collège échevinal sont contradictoires. M. Traversini a dit que la commune avait choisi les jeux selon des critères pédagogiques alors que d'après M. Ulveling, elle a simplement fait confiance au constructeur. Certes, l'aire de jeux a été subdivisée en trois parties, mais il n'y a pas de lien entre les différents jeux. Le collège échevinal a opté pour une approche purement technique et budgétaire.
Gary Diderich ne veut pas dire que tout ce qui a été fait est mauvais. Mais si le collège échevinal investit autant d'argent dans une aire de jeux, il devrait prendre la peine de consulter un pédagogue. Quelques

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Et waren e puer Saache vun der Madamm Goergen gesot ginn, déi ech awer och kommentéiere wëll. Éischtens begréissen ech, datt Der mol eng Propos maacht, fir en aneren Tosch ze maachen. Mam Monopol läit schonn e Compromis vir. Dat heescht, do ass schonn e Promoteur drun interesséiert.

Wann Dir den éischte Plang gekuckt hutt, wat mer wollten am Péitenger Wee maachen, do ware sechs, siwen Haiser hannendru virgesinn, da wär d'Spillplaz nach méi kleng gewiescht. Sou vill Metercarré si jo dann do manner bebaubar. An do si mer eis mam Promoteur eens ginn, datt déi Haiser sollen do ewechkommen a mer en contrepartie dann eventuell mam Monopol en Tosch maachen. Dat heescht, dee Compromis ass ënnerschriwwen. Mir musse just elo kucken, wa mer eis eens ginn, datt dat dann an de Gemengerot kënnt.

Mech wonnert awer nach ëmmer, wat Der do sot. Well mer genau datselwecht – mä do waart Der an der Majoritéit, an dat ass wahrscheinlech den Ënnerscheed – an der Avenue-Charlotte-Strooss gemaach hunn. Do hu mer déi Spillplaz enger Famill ginn, well déi eis en Terrain ginn huet, wou mer kënnen e Park an e Lycée drop bauen.

Dat heescht, an der Charlotte-Strooss hu mer genau datselwecht gemaach, awer genau datselwecht, fir e Lycée ze bauen. Mam Ënnerscheed, dass do duerno keng Spillplaz méi wäert bleiwen. Do war op alle Fall d'DP unanime dofir. An elo maache mer genau datselwecht. En Tosch, fir kënnen eng Schoul ze bauen, do sidd Der net dogéint. An hei bleift dann nach annerhallwen Hektar Détente fir all Alter, an do sidd Der dogéint.

Ech muss soen, ech ka just staunen. Wann een an der Oppositioun ass oder an der Majoritéit, an et mécht een datselwecht, an dann huet een op eemol eng aner Meenung. Ech wollt dat nach eng Kéier soen, well dat mécht mech natierlech net frou. Mä ech kann awer ganz gutt domadder liewen.

Här Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Pardon, ech wollt nach eppes soen, wat ech virdru vergiess hat. Éischtens, den Här Hobscheit huet gesot, et soll ee sech elo net ze vill domat befaassen, wat an der Vergaangenheet souzesoe falsch gelaf ass. Oder déi Roserei géif näischt bréngen. Ech wéilt trotzdeem hoffen, dass mer aus esou Saache Léieren zéien an déi Saachen éischter uginn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Richteg.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech hat jo gesot, et ass eng participativ Demarche gi gewiescht. Wann ee weess, dass esou Froestellungen opkommen, dass een dat schonn direkt abënnt. A mat de Leit scho virun éischte Pläng eppes mécht, da mengen ech, kann een esou eppes anescht ugoen an eng Gesamtiwwerleeung och do mat eranhuelen. Well elo kréie mer jo déi Diskussioun, wou hätt een da soss kéinten en Tosch maachen an esou weider an esou fort. An do, mengen ech, gëtt et aner Méiglechkeeten.

Dat anert ass, dass ech elo vum Schäfferot kontradiktoresch Äntwerte kritt hunn op dat, wat ech gefrot hunn. Den Här Traversini huet mer gesot, Dir hätt net einfach just aus dem Katalog d'Saachen ausgewielt an do wäre sech spillpädagogesch Gedanke gemaach ginn. Den Här Ulveling seet, mir hunn dat am Katalog gekuckt a mir vertrauen, dass déi sech dat gutt iwwerluecht hunn.

Et sinn eenzel Spillgeräter, déi zwar an dräi Zonen opgedeelt sinn. Dat heescht, hei wëlle mer méi Rou, do wëlle mer méi hei, do wëlle mer méi do. Mä et sinn eenzel Spillgeräter. An et ass sech net iwwerluecht ginn, wéi déi Geräter kéinten zesummenhänken. Wéi och den Amenagement, deen net ouni grouss Geräter misst gemaach sinn.

Dat heescht, et ass eng reng technesch Approche gemaach ginn. Et ass nom Budget gekuckt ginn an esou weider. Ech wëll dat net ganz schlecht rieden. Ech wëll éischter d'Ureegung bréngen,

wann ee schonn déi Investitioun mécht, dann och e Spillpädagog zu Rot ze zéien, deen da vläicht nach e puer Euro Consultance kascht. Mä ech mengen, dat wär awer keng onnëtz Investitioun bei esou engem Projet.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Den Här Ulveling an ech mir sinn därselwechter Meenung. Mir hunn eis vläicht aneschters ausgedréckt. Déi Spillpädagoge kucke selbstverständlech déi Spiller no, soss géife se se jo net op de Marché bréngen. Dat gesot, géife mer dann elo zum Vott kommen.

Jo, Här Ulveling.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech mengen, mir hu keng kontradiktoresch Ausso gemaach. Ech sot, mir inspiréieren eis a Katalogen, wat do ugebuede gëtt, wéi dat ausgesäit. An Dir hutt jo sécherlech festgestallt, dass mer e ganze Koup Spiller ëmmer mat dem CIGL maachen. Deene musse mer jo awer soen, mir wëllen ongefëier esou eppes oder esou eppes, mat enger Klunsch a mat enger Rutschban oder mat Seeler. Méi ass et net.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Da komme mer zum Vott.

Le conseil communal décide avec 12 voix «oui» et 7 voix «non» d'approuver l'aménagement d'une aire de jeux et de détente dans la route de Pétange.

Da komme mer zu eise Kolleegen aus dem Sport zu Lasauvage. Do gëtt Boule gespillt, Här Bertinelli.

SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):

Kolleeginnen a Kolleegen, fir datt dat net geschitt, wat elo ugeprangert ginn ass, datt Spillplazen oder Situatioune sinn, wou jorelaang net duerno gekuckt gëtt, huet dëse Schäfferot praktesch alleguerten d'Sportsinfrastrukture renovéiere gelooss a probéiert, eng Hand mat unzepaken, wou et néideg war.

Dëst ass eng jorelaang Demande vum Boulistenterrain zu Lasauvage, fir do endlech déi richteg sanitär Moossnamen hinzekréien. Do stoung eng Toilette, eng Männertoilette, déi schonn hir Joren hannert sech hat. Wa Matcher waren, an et waren Dammen dobäi, da war dat do eng ganz cocasse Situatioun.

Am Ufank wollte mer et an Eegeregie maachen, wéi mer et praktesch iwwerall bei Renovéierungsaarbechte bei de Sportsinfrastrukture gemaach hunn. Mä dat hei ass praktesch nëmme Sanitärsaarbecht, sou datt mer hei eng Firma geholl hunn. Am Budget si 37.500 Euro virgesinn, fir eng anstänneg Toilette mat Lavaboen hinzekréien, fir Dammen, fir Häre.

Ech muss soen, datt de Boulesport an eiser Gemeng e grousse Revival feiert. Iwwerall wou mer e Bouleterrain opgericht hunn, gesäit ee vill Leit, souwuel aus dem Drëtten Alter wéi och Jugendlecher. Et ass wierklech eppes lass.

Mir wäerten dëse Stadion anstandslos a Stand setzen. Wann dee Veräin grouss Manifestatioune mécht, a wann d'Leit an hirer Fräizäit Boule spillen, datt déi d'Sanitäranlagen esou virfanne wäerten, ewéi sech dat gehéiert. Ech wënsche mer, datt Der dat dote stëmmt.

Ech wëll de Gemengerot informéieren, datt dëse Schäfferot weiderfiert mat senge Renovéierungsaarbechten un deenen ale Sportsinfrastrukturen. Ech wëll de Gemengerot a Kenntnis setzen, datt mer am Gaang sinn, d'Vestiairen um Terrain Lasauvage ënnert d'Lupp ze huelen, fir déi a Stand ze setzen. Wee schonn eng Kéier an deene leschte Joren dobanne war, weess, wéi et do ausgesäit. An engem nächste Gemengerot wäert ech Iech méi Informatioune kënne ginn, wéi wäit mer do sinn.

Et si ganz grouss Renovéierungsaarbechten, déi mer zu Lasauvage maachen. Mä déi musse mer maachen, well 20 Joer do näischt geschitt ass. Soudatt dëse Schäfferot praktesch alleguerte seng Sportsinfrastrukturen, déi net an der Rei waren, an d'Rei gesat huet, mat ganz, ganz vill Aarbecht.

euros de plus n'auraient pas changé grand-chose.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *est du même avis que M. Ulveling même s'ils se sont exprimés différemment. Les jeux sont vérifiés par des pédagogues. Autrement, ils ne seraient pas mis sur le marché.*

TOM ULVELING (CSV) *ne voit pas non plus de contradiction. Le collège échevinal s'inspire dans des catalogues. Mais une partie des jeux sont réalisés par le CIGL. Or le collège échevinal est bien forcé de dire au CIGL ce qu'il souhaite plus ou moins.*
(Vote)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *passe au point suivant.*

FRED BERTINELLI (LSAP) *explique que le collège échevinal a fait rénover toutes les infrastructures possibles afin d'éviter des situations comme celle des aires de jeux qui ont été laissées à l'abandon pendant des années.*
Désormais, il s'agit d'installer des sanitaires au terrain de boules de Lasauvage.
La demande est forte. Jusqu'à présent, il n'y avait que des toilettes pour hommes, ce qui entrainait parfois des situations cocasses. Le budget prévoit 37 500 € pour des toilettes pour hommes et femmes.
La pétanque jouit d'un renouveau à Differdange. Les nouveaux terrains sont constamment occupés par des gens de tous âges.
Le terrain de Lasauvage sera remis en état afin que les manifestations puissent se dérouler dans des conditions optimales.
Le collège échevinal poursuit son effort afin de rénover les infrastructures sportives. Des vestiaires seront aménagés sur le terrain de Lasauvage. Il en sera question dans une des prochaines séances.
Fred Bertinelli rappelle que pendant vingt ans, rien n'a été fait à Lasauvage. Rénover toutes les infrastructures sportives constitue donc un travail de longue haleine.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *salue ce projet. L'un des avantages des cam-*

pagnes électorales est que les devis se multiplient.
(Interruption de M. Traversini)
Gary Diderich constate que de nombreux projets sont réalisés. Le collège échevinal vient d'expliquer que la demande n'est pas nouvelle. Il était donc temps d'agir. Le conseiller communal estime que les boules sont un sport convivial pouvant être pratiqué par les personnes âgées. Il se réjouit de ce projet.
Il signale cependant que le terrain du parc de la Chiers pourrait être amélioré à travers l'aménagement de bancs par exemple. Apparemment, les joueurs en ont fait la demande, mais sans succès jusqu'à présent.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *répond que M. Diderich n'est pas le seul à être en contact avec les utilisateurs du terrain du parc de la Chiers. Petit à petit, les travaux demandés seront réalisés.*

ALI RUCKERT (KPL) *estime qu'il était temps de réaliser les travaux en question. Il voudrait que des élections communales aient lieu plus souvent.*
(Rires)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *n'est pas du même avis.*

ALI RUCKERT (KPL) *ne veut pas forcément faire de reproches au collège échevinal. Il ne fait que décrire un fait.*
Le projet a été réalisé en concertation avec la population. Le collège échevinal a dit la même chose de l'aire de jeux de Niederkorn. Ali Ruckert souhaiterait que cette concertation se fasse aussi dans le cas de projets plus importants. Car si le collège échevinal prétend s'investir pour la population dans les différents quartiers, il doit aussi pouvoir discuter avec les gens, entendre leurs doléances et réaliser leurs souhaits pour autant que le budget le permette.
En tout cas, M. Ruckert est content que le projet de Lasauvage se réalise.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *rappelle que le collège échevinal s'est rendu plus de vingt fois dans*

Ech hoffen, datt Der dësem Punkt zoustëmmt. An, wéi gesot, op de Lasauvager Terrain wäert ech an engem nächste Gemengerot méi spezifesch drop agoen. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Exzellent, Här Bertinelli. Här Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Mir begréissen deen heite Projet. Dat sinn dann d'Avantagë vu Virwahlkampfzäiten, dass sou vill Devisen op engem Ordre du jour stinn a vill Projete gemaach ginn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Do si mer awer schonn 12 Joer dran hei zu Déifferdeng, Här Diderich.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Wann ech héieren, dass et scho laang Joren eng Fuerderung ass, an dass et dann elo geschitt an et nach ganz schnell muss geschéien, da begréissen ech jiddefalls, datt et fir déi Leit weidergeet, an d'Ënnerstëtzung vun deem Sport. Ech denken, dass grad de Boulesport e Sport ass, deen immens geselleg ass, deen d'Leit zesummebréngt. A wat een an all Alter ka maachen. Dofir kann ech dat nëmme begréissen.

Ech géif awer och nach gären ureegen, dass bei aner Bouleterrainen, wéi deen hei am Parc de la Chiers, och nach Saache kënne verbessert ginn: zum Beispill Sëtzplaze geschaaft a verschidden Amenagementer gemaach ginn.

An dat vläicht mat deene Leit, déi déi reegelméisseg benotzen, ze kucken. Well ech héieren hunn, dass do scho laang gefrot gëtt no verschiddene Saachen a bis elo leider näischt geschitt ass. Dat wär jiddefalls ganz gutt, wa mer dat op allen Terraine kéinten esou maachen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Diderich. Ech wëll Iech just soen, datt deen Terrain am Parc de la Chiers mat de Leit zesumme lues a lues wäert gemaach ginn. Mir si stänneg a Kontakt mat de Leit – net nëmmen Dir eleng, mä de ganze Gemengerot a Schäfferot. Mir wësse jo, wien do hannendru stécht, dee kënnt reegelméisseg bei eis. Lues a lues wäert do eppes geschéien.

Här Ruckert, w.e.gl.

ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll hei als Vertrieder vun der Kommunistescher Partei begréissen, dass do eppes nogeholl gëtt, wat scho laang iwwerfälleg ass. Dofir géif ech mer wënschen, dass vläicht méi dacks Gemengewahle stattfannen.

(Gelaachs)

Da géifen esou Projete vläicht méi séier virugoen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech zwar net, Här Ruckert.

ALI RUCKERT (KPL):

Dat ass elo net onbedéngt e Virworf un de Schäfferot. Ech soen, dass et allgemeng esou ass. Ech begréissen, dass dat an Zesummenhang mat der Bevëlkerung geschitt ass. Dat ass ganz wichteg.

Dir hutt virdru gesot, dass dat op der Spillplaz zu Nidderkuer, esou geschitt ass. Ech géif mer wënschen, dass dat och bei méi gréissere Projeten de Fall wär. Mir hunn haut Projeten op der Dagesuerdnung, wou dat net onbedéngt esou gelaf ass. Wann ee seet, et géif ee sech am Sënn vun der Bevëlkerung fir d'Quartieren asetzen, da misst do awer nach eppes kommen, dass dat dann och méi systematesch géif gemaach ginn. Fir sech mat der Bevëlkerung un en Dësch ze sëtzen an ze kucken, dass, souwäit wéi dat am Budget méiglech ass, deenen Doleancen och Rechnung gedroe gëtt.

Mä nach eng Kéier, ech si ganz frou, dass elo zu Lasauvage deen do Projet awer verwierklecht gëtt.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Mir huelen déi Ureegungen un. Ech wëll just soen, datt deen hei Schäfferot, ech weess net, 20-mol, wann net 24-mol an d'Quartiere gaangen ass, fir mat de Leit ze schwätzen. Dat verhënnert awer net, fir sech ze iwwerleeën, ob een dat net nach méi oft misst maachen, respektiv mat anere Moyenen nach ze maachen. Et ass op alle Fall richteg: Wann eppes am Quartier geschitt, soll ee mat de Leit schwätzen. Mir hunn dat op alle Fall versicht. Et ass eis vläicht net iwwerall gelongen.

Den Här Bertinelli wëll nach eppes dozou soen.

SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):

Ech wollt mech e bëssen dogéint verwieren, datt dat hei elo eppes wier, wat an enger Virwahlzäit géif geschéien. Ech mengen, datt vum éischten Dag un, wou dëse Schäfferot ugetrueden ass … Ech wëll elo net eng hallef Stonn laang opzielen, wat mer alles realiséiert hunn, mä mir hu ganz vill realiséiert.

Ënner anerem Leit vun der ADEM, déi mer vum zweeten Aarbechtsmarché op den éischten Aarbechtsmarché kritt hunn. Mir hu praktesch all eis Sportsinfrastrukture renovéiert. Och wa mer net all Dag domadder an der Zeitung stinn, ass et awer gemaach ginn.

An dat hei ass elo e Suivi vun där enger an där anerer Sportsinfrastruktur. Um Thillebierg si mer am Gaang ze schaffen, fir deen erëm an d'Rei ze setzen. Mir kommunizéiere vläicht net all Kéiers mat Säiten an den Zeitungen, mä mir maachen awer eis Aarbecht. An dat ass einfach no engem Suivi mat eise Budgeten, déi mer zur Verfügung hunn. Do gëtt dann eng Infrastruktur no där anerer virgeholl, déi mer dann an d'Rei setzen. Mä mir maachen et wéinstens. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Här Schwachtgen, ganz gär. Dir sidd jo e ganz gudde Boulespiller hunn ech héieren.

FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

An deem Kontext sinn ech ganz frou, dass zu Lasauvage eppes geschitt. Ech hunn zwar direkt eng Fro: Wéi sinn d'Proprietéitsverhältnisser zu Lasauvage um Carreau de mine, vun de Gebailechkeeten, déi elo do bestinn, an dem Terrain selwer? Ech hu keng Informatiounen doriwwer. Et wier awer interessant, dat ze wëssen.

Dann zum Boulesport selwer. Dee Veräin gëtt tipptopp gefouert. Iwwregens ka jiddwereen, ouni grouss Lizenz an ouni grouss Memberskaart beispillsweis mëttwochs mëttes dohinner spille goen. De Boulesport ass eng Loisirsaktivitéit, déi exzellent ass vu jonk bis ganz al.

Zweetens ass et e Kompetitiounssport, deen e ganz héijen Niveau huet, an och zu Lasauvage e ganz héijen Niveau huet. Gitt Iech emol eng Kéier hir international Kompetitiounen ukucken. Dat ass Training, verbonne mat Konditioun a mat vill Kënnen.

An deem Sënn wier ech frou, wann dee Veräin géif virugefouert ginn, vläicht zesumme mat der Gemeng a mam Jugendhaus, a sech nach méi kéint opmaache fir Activités loisirs. Haaptsächlech fir d'Bevëlkerung zu Lasauvage, déi jo net esou vill Méiglechkeeten huet, fir Sport do ënnen ze maachen, ouni Deplacement op Déifferdeng oder an aner Uertschaften. Ausser Fussball an dem Basketskuerf, deen am Schoulhaff hänkt. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Schwachtgen. Madamm Saeul, w.e.gl.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Här Buergermeeschter. Mat der Zäit kënnt den Alter a mat der Zäit ginn *les quartiers pour parler aux gens. Mais il est vrai qu'il pourrait le faire plus souvent ou se doter d'autres moyens. D'une manière générale, il faut discuter avec les habitants lorsqu'on réalise des travaux dans un quartier. Le collège échevinal a essayé même s'il n'y est pas toujours parvenu.*

FRED BERTINELLI (LSAP) *conteste les propos selon lesquels les projets sont réalisés juste avant les élections. Depuis le début, le collège échevinal a réalisé de nombreux projets. Pratiquement toutes les infrastructures sportives ont été rénovées. Bref, même si le collège échevinal ne communique pas constamment dans la presse, ses efforts sont constants.*

FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG) *demande à qui appartiennent le terrain et les bâtiments du Carreau des mines.*
Pour ce qui est des boules, le club en question est géré parfaitement. Les mercredis après-midi, tout le monde peut aller jouer sur ce terrain même sans carte de membre. En plus, la pétanque est une activité de loisirs pouvant être pratiqués par les jeunes et les personnes âgées. Mais c'est aussi un sport de compétition exigeant de l'entrainement, de la condition physique et des compétences.
Fränz Schwachtgen souhaite que le club s'ouvre davantage aux loisirs — peut-être en partenariat avec la commune et la maison des jeunes — afin que les habitants de Lasauvage puissent faire du sport dans leur localité.

CHRISTIANE SAEUL (DP) *constate qu'avec le temps, les infrastructures sportives se détériorent. Le club de boules est actif. Il organise une compétition nationale annuelle attirant 3400 visiteurs.*
Christiane Saeul donne raison à M. Ruckert: avant les élections, on se souvient de projets qui auraient dû être réalisés il y a longtemps. Dans ce cas-ci, il s'agit de l'aménagement de sanitaires.

PIERRE HOBSCHEIT (LSAP) *se montrera bref.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *l'en remercie.*

PIERRE HOBSCHEIT (LSAP) *estime que l'on peut faire des reproches à M. Bertinelli, mais certainement pas celui de ne s'intéresser qu'à sa campagne électorale. Il a investi constamment dans les infrastructures. Il a veillé à les remettre en état. Dans ce cas-ci, il réagit à une demande en année électorale et voilà qu'on lui reproche de construire des toilettes parce qu'il y a des élections. Pierre Hobscheit doute que l'on puisse gagner des élections parce qu'on aménage des toilettes pour un club de boules.*
Ce qui est sûr, c'est qu'il s'agit d'une pièce de puzzle supplémentaire dans la remise en état des infrastructures sportives. Les socialistes soutiennent l'approche de M. Bertinelli.

PIERRETTE SCHAMBOURG (CSV) *s'associe à ce qu'ont dit les autres. Elle a eu l'occasion d'aller jouer aux boules avec la commission des bâtisses. C'était amusant.*
Pierrette Schambourg estime que ce type de travaux doivent être réalisés que ce soit avant, pendant ou après les élections. Le CSV approuve le projet.

TOM ULVELING (CSV) *trouve bizarre que l'on parle plus de deux toilettes que d'un parc. Il rappelle à M. Ruckert qu'il a fait installer des toilettes dans le parc Edmond-Dune l'année dernière. On ne peut donc pas parler de campagne électorale.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *s'inquiète déjà des prochaines séances du conseil communal.*
L'État est propriétaire du Carreau des mines. La Ville de Differdange a une convention avec le club de boules.
M. Hobscheit est jeune. C'est pourquoi il s'étonne que l'opposition parle de campagne électorale. Mais en fait, c'est normal. Les électeurs comprendront.
(Vote)
Roberto Traversini passe à un projet important. Differdange n'est pas seulement une ville de l'éducation, mais aussi une ville du sport.

och déi Infrastrukturen, déi ronderëm deene Veräiner esou sinn, ëmmer méi al. De Boulisteclub ass e Veräin, deen ëmmer aktiv ass. En huet eemol d'Joer eng flott, landeswäit Kompetitioun vun 3.400 Visiteuren.

Ech muss hei awer dem Här Ruckert recht ginn. Virun de Wahlen, an dat ass jo och positiv, gëtt nach Budget verbraucht, fir Saachen ze maachen, déi schonn eng gutt Zäitchen net méi aktuell sinn a mussen da gemaach ginn. Hei ass et Sanitär an Hygiène. Ech soe Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci Madamm Saeul. Här Hobscheit. Och zu de Bullen.

PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):

Ech faasse mech awer ganz kuerz.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat ass léif.

PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):

Ech mengen, dass een dem Här Bertinelli alles ka virwerfen, awer net, dass dat hei elo just e Wahlkampfleckerli wär. Den Här Bertinelli huet hei konsequent a konstant an de leschte Joren, mol méi, mol manner an Infrastrukturen investéiert. Do wou et néideg war, méi, do wou et vläicht manner néideg war, manner. Mä en huet awer ëmmer gekuckt, fir d'Saachen a Stand ze setzen.

An hei gëtt dann och elo op där doter Plaz op e Besoin reagéiert, deen do ass. Dass dat elo an engem Wahljoer ass, an dass dat elo hei esou duergestallt gëtt, wéi wa mer hei géifen Toilettë bauen, just well Wahle sinn, moi je veux bien. Mä ech weess net, ob iergendeng Partei Wahle gewënnt, well se um Bouleterrain Toilettë baut.

Jiddefalls ass dat do eng néideg Investitioun an e weidert Puzzelstéck, fir eis Sportsinfrastrukturen an en anstännegen Zoustand ze bréngen. Duerfir wäerte mir als LSAP dem Här Bertinelli seng Approche selbstverständlech ënnerstëtzen a matstëmmen. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Madamm Schambourg, w.e.gl.

PIERRETTE SCHAMBOURG (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter. Et geet einfach drëm, datt ech mech och wëll menge Virriedner uschléissen. Ech mengen, ech hat d'Geleeënheet, eng Kéier dohinner ze goen. Mer ware mat der Bautekommissioun Boule spillen, dat war ganz flott. Ech hu mer d'Situatioun e bësse konnten ukucken. An ech mengen, et ass wierklech net vu Muttwëll, wann do Aarbechte gemaach ginn, ob virun, während oder no de Wahlen, egal. Op alle Fall ass et eng gutt Saach, an d'CSV steet och voll zu dësem Projet.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Ulveling, w.e.gl.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter. Ech fannen, dass mir hei méi laang iwwer zwou Toilettë schwätze wéi iwwert e Park. Dat schéngt mer scho komesch. Ech wëll dem Här Ruckert soen, dass ech d'lescht Joer schonn Toiletten am Parc Dune installéiere gelooss hunn an elo och zu Lasauvage. Also kann een eis net virwerfen, mir géife Wahlkampf féieren. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat gëtt jo nach spannend déi nächst Sitzungen. De Proprietär vum Terrain um Carreau Thillebierg ass de Staat. A mat de Boulisten, wann ech mech gutt erënneren, hu mer eng Konventioun. Dat heescht, dat leeft net direkt iwwert d'Gemeng, mä iwwert de Staat.

Dat anert, Här Hobscheit, Dir sidd jonk – ech wéilt, ech hätt nach Ären Alter. Dat gehéiert elo dozou, ze soen, wat elo gemaach gëtt, wär wéinst de Wahlen. Mä Dir wësst jo, datt et net esou ass.

D'Leit kënnen herno dat Richtegt erausschielen. Mä dat ass eben esou. An et ass jo och spannend esou.

Da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'aménagement d'installations sanitaires au terrain des boulistes à Lasauvage.

Merci. En extrem wichtege Projet fir eis Stad – fir eis Sportsstad, kann ee scho soen. Mir sinn net nëmmen eng Bildungsstad, mir sinn och am Gaang, eng Sportsstad ze ginn. Zënter datt mer d'Lunex kritt hunn, hu sech op eemol Saachen iwwerschloen, zum Positiven iwwerschloen. Dat war net ëmmer hei zu Déifferdeng de Fall, well de Staat Déifferdeng alt vergiess huet. Hei ass wierklech an Zesummenaarbecht mam Staat, mat der Gemeng, mat eise Sportsservicer gekuckt ginn, eppes extrem Flottes, Interessantes op Déifferdeng ze kréien. Net nëmme fir d'Stad Déifferdeng, mä ech géif soen, fir d'ganzt Land an iwwert eis Grenzen ewech. Wou och eis Veräiner, eis Sportsveräiner direkt eppes wäerten dovun hunn.

Déi sämtlech Detailer kritt der elo vum Erny Muller. Woubäi ech soe muss, dass op deem Plang hei och mam Bertinelli Fred extrem gutt geschafft ginn ass. An ech wëll och vun dëser Plaz aus de Ministère des Sports emol eng Kéier luewen. Et ass net ëmmer esou, datt een d'Ministèrë luewe kann. Här Muller, w.e.gl.

SCHÄFFEN ERNY MULLER (LSAP):

Här Buergermeeschter, Merci. Et ass mer eng speziell Freed, Iech haut dee Projet hei virzestellen, deen, wéi den Här Buergermeeschter scho sot, eng national an international Dimensioun huet fir Déifferdeng, fir eis Stad, fir eist Land.

De „Luxembourg Institute of High Performances in Sports" ass e wichtege Pilier, deen hei op Déifferdeng kënnt, am Fong den Haaptpilier, wann een esou wëll. Well hei an engem Laboratoire iwwert d'Biomechanik an den Etüde vun den Ofleef vun de Beweegunge vun de Sportler gekuckt gëtt, eise Sport méi performant ze maachen. Souwuel eenzel Sportler wéi och Equippen. Also et ass fir den Equippesport, fir eenzel Sportaarten an esou weider, also um ganzen Niveau vum Héichleeschtungssport.

Déi Demande koum am Virfeld vum Sportsministère. Et ass awer net de Sportsministère eleng, d'Medezin ass mat engagéiert, d'Sportsmedezin, selbstverständlech och de COSL. Den Här Bertinelli wäert nach dorop agoen. Weider Piliere sinn den INS an d'Coque.

Mir hate ganz interessant Echangë mam Sportsministère. De Minister selwer war souguer hei. De Sportskommissär war praktesch an alle Sitzungen, wou mer zesummen diskutéiert hunn. Wéi den Här Buergermeeschter sot, wéi mer dat ëmmer maachen, pluridisziplinär mat eise Servicer, eise Sportsservicer, anere wichtege Servicer oder Leit, déi am Intérêt vun där Saach do wierklech den Know-how hunn, an dat ass effektiv d'Lunex.

An deem Grupp, deen dee Projet virbereet huet a gekuckt huet, wéi dee Bau soll ausgesinn, wéi mer en haut virstellen, war en héije Spezialist dobäi, deen am Ausland esou e Laboratoire bedreift. Deen ass och Member vun deem Gremium vun der Lunex, fir d'Exploitatioun ze maachen. Dee kennt déi ganz Geräter, déi mussen erakommen a weess, wéi alleguer déi Tester do sollen oflafen.

Eise Sportsministère leet eng grouss Prioritéit drop. Mir hunn eis missten decidéieren, den Devis heihin ze bréngen. Well dat do ass e Projet, deen elo absolutt Prioritéit huet an de Plans quinquennals vun der Regierung. Et war wichteg, dass dat zesumme gekuckt ginn ass mat alle Partner, mat den Architektebüroe wéi och eisen eegene Leit.

Am Dossier steet Phas I hannert deem Artikel, dee mer haut stëmmen. Firwat? Well duerno nach eng Phas II kënnt. D'Phas II ass d'Modernisatioun vun eisem aktuelle Centre sportif.

Selbstverständlech hu mer verschidden Zeenarien ënnert d'Lupp geholl, fir ze kucken, awéiwäit déi Projete kéinte mateneen oder parallel oder vun de Gebailechkeeten zesumme fonctionnéieren: eventuell auszebauen, e Gebai dobäi ze setzen oder e komplett neie Projet ze

LUNEX a eu des répercussions positives pour Differdange, alors que l'État semblait avoir oublié la ville. La Ville de Differdange et ses services ont réussi — en partenariat avec l'État — à créer quelque chose d'intéressant pour tout le pays et dont les clubs sportifs de la commune pourront profiter.
Roberto Traversini signale que la coopération avec M. Muller, M. Bertinelli et le ministère des Sports a été excellente sur ce dossier.

ERNY MULLER (LSAP) *se réjouit de pouvoir présenter un projet à dimension nationale et internationale. Le Luxembourg Institute of High Performances in Sports va installer à Differdange un laboratoire analysant les mouvements de sportifs individuellement ou en équipe. L'objectif est d'améliorer les performances des sportifs de haut niveau. Le ministère des Sports a adressé une demande à la Ville de Differdange, mais il est aussi question de médecine. Le COSL est aussi engagé dans ce projet. Les autres piliers sont l'INS et la Coque.*
Le ministre des Sports est venu à Differdange. Le commissaire des sports a participé à pratiquement toutes les séances avec les services communaux concernés. Un spécialiste gérant un laboratoire semblable à l'étranger fait aussi partie du groupe de travail. Il connait toutes les machines et tous les tests.
Le collège échevinal a décidé de présenter le devis aujourd'hui, car ce projet est une priorité absolue du gouvernement. Il a fallu réagir rapidement notamment avec les bureaux d'architectes et les services communaux.
Le vote d'aujourd'hui porte sur la phase 1. La phase 2 concerne la modernisation du centre sportif.
Le collège échevinal a évalué comment faire fonctionner les deux projets parallèlement. Il s'agissait de voir s'il valait mieux agrandir, construire une annexe ou réaliser un nouveau projet avec une nouvelle halle. Finalement, le collège échevinal a décidé de construire une annexe qui fonctionnera de manière autonome, mais qui servira aussi d'accès à la salle de sport définitive. Il veut que les clubs et les usagers de

la salle de sport soient inclus dans la réalisation du projet.
L'extension sera construite dans l'avenue du Parc-des-Sports côté Fousbann. Le parking qui s'y trouve actuellement sera supprimé, les travaux d'infrastructures souterraines pour la salle de sport et la rétention d'eau commençant ce mois-ci. Le bassin de rétention situé sur l'ancien parking sera déplacé en direction de l'avenue du Parc-des-Sports.
Les problèmes liés à l'eau sont connus et il n'est pas facile de les maitriser. C'est pourquoi le collège échevinal a décidé de construire la partie inférieure du nouveau bâtiment dans une espèce de cuve.
Le bâtiment sera construit en béton coulé. Il sera isolé de manière à consommer peu d'énergie. La façade sera adaptée à celle de la salle de sport modernisée.
L'extension aura une largeur de 19,35 m et une profondeur de 40 m. La pièce maitresse, le laboratoire, se trouvera au niveau -1. Elle comprendra notamment une piste de course de cinquante mètres avec un virage. Les mouvements des sportifs pourront donc aussi être analysés dans les virages. Le revêtement sera en tartan.
Des capteurs dans le sol permettront de mesurer la pression et analyser les muscles. Ces capteurs ainsi que des caméras seront installés dans des plaques. Les dimensions devront être exactes. Le ministère des Sports a envoyé une lettre explicitant ses besoins.
Dans le sous-sol, il y aura également un espace de stockage, un bureau servant de régie et des vestiaires pour les sportifs accessibles par un ascenseur ou des escaliers.
L'entrée de la salle se trouve au rez-de-chaussée. Le terrain de jeu est situé du côté opposé. Actuellement, on entre à gauche; plus tard, à droite.
Une partie du laboratoire est plus élevée que le reste. En effet, pour certaines activités sportives comme le tennis de table, on a besoin de plus de hauteur.
Le rez-de-chaussée abritera aussi la salle dans laquelle les sportifs seront préparés aux tests. C'est aussi dans cette salle qu'ils apprendront les résultats de leurs tests et qu'ils recevront des conseils pour améliorer leurs performances.

maache mat enger neier Hal. Alles ass ënnersicht ginn.

A mir sinn zur Konklusioun komm, dass mer dat Gebai, wéi mer Iech et haut virstellen, kënnen dohi bauen als Extensioun. Awer als eegestännegt Gebai, wat a sech eegestänneg funktionéiert, mä eng wichteg Funktioun mat ausüübt fir den Accès vun der definitiver Sportshal. Dat wäert Der herno nach gesinn. Dat heescht, en neien Accès fir eis Hal. An och am Sënn vun enger wierklecher Participatioun an der Abannung vun eise Veräiner a vun deene Leit, déi hei op eisem Niveau vun der Gemeng déi Sportshal notzen. Dorop kommen ech dann nach zréck.

Ech kommen dann zum Projet selwer. Et gëtt ausgebaut a Richtung Fousbann, Avenue Parc des Sports. Wann ee virun der Hal steet, ass dat op der rietser Säit, wou och den Accès ass fir de bestoende Parking. Wou awer geschwë kee Parking méi wäert sinn. Well dëse Mount nach fänken d'Aarbechten u fir d'Infrastrukturen, déi am Buedem leien, souwuel vun der Eventhal wéi vun dëser Hal.

Wou alleguer déi Waasserretentiounsmesurë musse geännert ginn. Déi Leit, déi d'Plaz kennen, wëssen, datt do e Retentiounsbaseng direkt nieft der Strooss ass, wou et eropgeet, wou de fréiere Parking war. An dee muss selbstverständlech ewechkommen. Dat hate mer schonn heibanne gestëmmt, fir deen ze verleeën, a fir déi nei Moossname fir d'Waasserretentioun an d'Waasserofleedung a Richtung Avenue Parc des Sports.

Dat Gebai, wat do opgeriicht gëtt, ass an deem Sënn ënnersicht ginn. Dir wësst jo, dass do e Problem mam Waasser ass. Do sinn Analyse gemaach ginn, wéi mer déi Waasserproblematik kéinten an de Grëff kréien. Dat ass allerdéngs net esou einfach. Duerfir ass d'Entscheedung geholl ginn, dat Gebai praktesch an eng Cuve ze setzen.

Dat heescht, alles, wat ënnert dem Niveau null ass, gëtt esou étanche gemaach, dass am ënneschten Deel eng Cuve ass. Et gëtt also e Gebai, wat a Form vu couléiertem Bëtong erriicht gëtt. Mat enger zousätzlecher Isolatioun, fir et op den Niddregenergiestandard ze kréien. A mat enger Fassadebekleedung, wat herno e Ganzt soll duerstellen, passend zu där renovéierter, moderniséierter Sportshal, déi dann an der Phas II géif zum Droe kommen.

D'Gebai ass 19,35 Meter breet a 40 Meter déif. Ganz ënnen dran – domat wär ech an den Detailpläng vun de Stäck –, den Niveau minus eent ass am Fong deen Niveau, wéi elo déi ënnescht Säll sinn an eise Sportshalen. Do befënnt sech déi eigentlech Pièce maîtresse, de Sportslaboratoire. Deen ass relativ grouss. Firwat? Do ass eng Lafpist geplangt vu 50 Meter, wou Tester an der Liichtathletik kënne gemaach ginn. Déi Pist huet och eng Kurv, wéi Der op de Pläng gesitt. Dat heescht, do kann och d'Kurveverhale vun de Sportler analyséiert a verbessert ginn. De Belag ass aus Tartan, wéi dat fir e Liichtathletikterrain üüblech ass.

An d'Biedem gi Sensore geluecht, Capteuren, fir Drock an all aner méiglech Wäerter ze moossen, d'Muskulatur ze analyséieren. Et gi Kameraen ubruecht. Mä dat ass alles Bestanddeel vum Exploitant. Mir mussen dofir suergen, dass déi Infrastruktur, déi mer bauen, alles wat do néideg ass, erméiglecht: Do gi Placken an de Buedem geluecht, wou déi Sensoren dra sinn, do gi Kameraen ubruecht. Mir mussen dofir suergen, dass déi Dimensiounen alleguer stëmmen. Alles dat ass mat deenen Experte gekuckt ginn. Dir hutt de Bréif bäileien, wou de Ministère des Sports eis matdeelt, dass dat dat ass, wat si fir deen Zweck brauchen.

Am ënneschte Beräich ass de Stockage fir d'Material. An et ass e Büro do, deen am Fong als Regie gëllt, fir dat Ganzt ze bedreiwen. Do muss jo e Regiestand sinn, fir déi Uleedungen ze ginn, wat do alles leeft, a wou d'Schiermer kontrolléiert ginn an esou weider. Do befanne sech Vestiairë fir d'Sportler mat Accès zum Lift wéi zum Trapenhaus.

Am ieweschte Beräich, de Stack uewendriwwer, ass de Rez-de-Chaussée, wou een an d'Hal erakënnt. D'Spillfeld ass just déi aner Säit. Elo gi mer op der lénker Säit eran, spéiderhin ass dann den Accès op der rietser Säit vun der Hal.

Dir gesitt op Äre Plang eng Extensioun no uewen. Dee grousse Laboratoire geet an engem gewëssenen Deel nach no uewe méi héich erop, well do Héichte ge-

braucht ginn. Zum Beispill, wann Dëschtennis oder aner Sportaarten gespillt ginn, da brauch een eng bestëmmten Héicht.

Um Rez-de-Chaussée ass och nach e sougenannten Unterrechtsraum. Dat ass e Raum, wou d'Sportler virbereet ginn op déi Tester. Wou se och all aner Informatiounen, d'Resultater vun hiren Analysen, Verbesserungsvirschléi vun hirem Verhalen, Informatiounen iwwert d'Nutritioun an esou weider kréien. Alles, wat d'Sportsmedezin ubelaangt, gëtt de Sportler an deem Unterrechtssall bäibruecht.

Op dësem Stack ass d'Haaptentrée vun der Hal souwéi e Foyer, Toiletten an e Lift. Hei si mer elo endlech och an der Situatioun, dass mer Leit à mobilité réduite kënnen op all d'Niveaue kréien, vu dass mer elo definitiv e Lift an eis Hal kréien.

Da gi mer e Stack weider erop. Hei fänkt et un, interessant ze gi fir eis Veräiner. Well op deem Niveau kënnt een op d'Tribün. Wéi gesot, déi aner Säit ass den Accès zur Tribün. Do ass e grousse Foyer uewenop an en Accès zum Lift.

An dann hu mer awer do och eng Mensa, déi och kann als Buvette funktionéieren. Déi Mensa ass geduecht fir d'Sportler, déi dee ganzen Dag do verbréngen an hir Tester maachen. Dass déi mëttes do iesse kënnen. Do gëtt eng Kichen installéiert fir Iessenopbereedung, mat alle Geräter, déi néideg sinn, fir esou eng Raimlechkeet ze bedreiwen. Déi Mensa kann natierlech owes, wann Aktivitéiten an der Hal sinn, als Buvette ëmfonctionnéiert ginn, wou d'Leit, d'Veräiner, jidderee kann higoen.

Des Weidere sinn dräi Büroen op deem Stack souwéi e gréissere Reuniounssall, déi och kënne gemeinsam genotzt ginn.

An et ass nach eng gréisser Salle de réunion do, déi och ofdeelbar ass. Och déi gëtt souwuel vum Exploitant vun deem Institut wéi och vun eise Leit benotzt.

Et steet zwar nach net fest, mä eng Asbl soll Bedreiwer gi vun deem Zentrum. Vläicht kann den Här Bertinelli eis eppes dozou soen. Do sinn dann eng Partie Partner dobäi. Mä et ass am Fong esou, wéi dat ganzt Gebai soll mat Liewe belieft ginn, wéi ee wëll d'Leit dohi kréien, déi do schaffen, déi d'Auswäertung maachen.

Um zweete Stack, also nach e Stack driwwer, kënnt d'ganz Administratioun vum LIHPS hin. Do sinn och erëm eng Partie Büroen, Salle-de-reunionen an esou weider. Alles geduecht fir déi gesamt Administratioun vun deem Sportsinstitut.

Vläicht ass et Iech schonn opgefall, an der Kuppel si grouss Fënsteren. Et soll no uewe ganz op sinn, fir Dagesliicht eranzekréien, dass et convivial ass, dass et och Spaass mécht, do ze schaffen.

Dann nach e Wuert iwwert den Accès. Et kënnt ee vum Parking Aquasud, Parc des Sports eran. Dat ass deen neien Accès souwuel fir d'Eventhal wéi fir d'Sportshal. Dee ganzen Areal si mer am Gaang ze kucken. Ech hoffen, dass ech dee kann an den nächste Gemengerot bréngen, wéi mer dat Ganzt amenagéieren, wéi dat gestalt gëtt.

Ech wëll schonn direkt soen, dass zwee oder dräi Beem wäerte mussen ewechkommen. Déi kënnen awer verplanzt ginn. Do gesinn ech kee Problem. An et ass och virgesinn an deem Areal, wat uewen amenagéiert gëtt, fir ronderëm d'Hal nach zousätzlech Beem ze setzen. Well Dir wësst jo alleguer, dass déi Gymnastikhal zimlech plakeg dosteet. Do muss eppes ënnerholl ginn, dass d'Gesamtbild besser gëtt. Well dat gëtt d'Vitrinn, dat gëtt déi nei Entrée. An do muss dru geschafft ginn. Domat si mer elo am Gaang. Mä wéi gesot, dat kritt Der deemnächst virgestallt.

Ech kéim dann op d'Rekapitulatioun an zum Präis. D'Surface ass ronn 3.000 Metercarré. Wann ee vun 3.000 Euro de Metercarré ausgeet, da kann ee sech scho bal virstellen, wéi vill de Käschtepunkt ass. Dat ass natierlech e grousse Volume, well et si jo ganz grouss Raim, haaptsächlech de Laboratoire. Soudass mer op 15.800 Kubikmeter kommen. Wat awer schonn net näischt ass.

Ech hunn nach ee Sall vergiess. Et kënnt e klenge Fitnessraum ënnert d'Tribün. Säitlech, wou d'Tribün vun der Hal eropgeet, do ass nach e fräien Espace hannendrun. Do gëtt nach e Fitnessraum gebaut fir d'Sportler. Fir sech an engem separate Sall waarm ze maachen.

vront des conseils pour améliorer leurs performances et leur nutrition.
L'entrée principale, un foyer, des toilettes et un ascenseur sont également prévus au rez-de-chaussée.
La tribune se situera au premier étage. Le premier étage accueillera aussi un grand foyer, un accès à l'ascenseur et une cantine où les sportifs passant la journée au laboratoire pourront manger. Cette cantine servira aussi de buvette le soir. Elle sera accessible aux associations aussi bien qu'aux particuliers.
Une grande salle de réunion pourra être utilisée par l'exploitant de l'institut ou par le personnel communal. Il est prévu qu'une ASBL gère le centre. M. Bertinelli fournira sans doute des détails tout à l'heure.
Le deuxième étage abritera l'administration du LHPS. Il y aura donc des bureaux, des salles de réunion, etc.
De grandes fenêtres éclaireront le site et le rendront convivial et agréable.
L'accès du hall évènementiel et de la salle de sport se trouvera du côté du parking d'Aquasud. Erny Muller espère pouvoir présenter l'aménagement complet du site lors de la prochaine séance du conseil communal. Il est d'ores et déjà clair que deux ou trois arbres devront être replantés ailleurs. Des arbres seront aussi plantés autour de la salle de gymnastique. Son aspect doit être amélioré, car elle deviendra la vitrine de la nouvelle entrée.
L'extension aura une surface de 3000 m2 et il faut compter quelque 3000 € par m2. Les locaux — et notamment le laboratoire — représentent un volume de 15 800 m3.
Erny Muller constate qu'il a oublié de mentionner une salle de fitness sous la tribune. Les sportifs pourront s'y échauffer.
Le devis pour l'extension se monte à 6,687 millions d'euros TVA incluse. Les couts supplémentaires dus notamment à la cuve et aux pieux s'élèvent à 854 685 €.
Les honoraires des bureaux d'études et des architectes sont estimés à 1 131 000 €. Un imprévu est chiffré à 433 656 €. Un montant a aussi été prévu pour l'aménagement de la façade dont l'agencement définitif sera retenu lors de la phase 2.

En tout, le projet se chiffre à 9 106 784 €. Le ministère des Sports classe ce projet comme projet national. Les subsides devraient donc se monter à 70 %, soit 6,3 millions d'euros. Les frais pour la Ville de Differdange s'élèveront donc à 2,8 millions d'euros.
Ce projet ne concerne pas seulement le ministère des Sports, mais aussi le ministère de l'Enseignement supérieur et le ministère de la Santé. Il est probable que la Ville de Differdange touchera aussi un subside plus élevé que prévu pour la salle de sport principale. Mais cela reste à voir.
Le bâtiment ne sera pas climatisé, mais disposera d'un échangeur air/air et d'installations d'obscurcissement. Le tout fonctionnera donc sans climatisation ce qui permettra de contrôler la consommation énergétique.

FRED BERTINELLI (LSAP) *est fier de pouvoir accueillir des infrastructures sportives nationales à Differdange. Il est encore difficile d'imaginer la dimension que prendra ce bâtiment, mais il ouvrira des portes énormes pour Differdange. Le sport deviendra un facteur économique non négligeable pour Differdange.*
D'autres communes étaient en concurrence avec Differdange. C'est pourquoi Fred Bertinelli tient à remercier le professeur Romain Seil et M. Alt de LUNEX, qui se sont investis pour que Differdange soit choisie. Un grand merci aussi au service technique et au secrétaire communal pour leur engagement.
Des acteurs importants étaient contraires à l'implantation de ce bâtiment à Differdange, mais la commune est parvenue à convaincre les personnes impliquées que c'était le bon choix.
L'ASBL sera composée du laboratoire de Differdange, de la Coque et de l'INS.
Une association de médecins du sport dirigée par le professeur Romain Seil a aussi été créée. Des spécialistes de toute l'Europe viendront au Luxembourg pour discuter des dernières technologies sportives.
M. Muller a mentionné les couts du bâtiment. Mais le ministère des Sports et le ministère de la Santé investiront la même somme en équipement.

De Käschtepunkt vun deem ganze Gebai, dat steet op der Säit 4, ass 6,687 Milliounen Euro mat TVA. Coûts supplémentaires sinn 854.685 Euro. Dat ass bedéngt duerch d'Lag. Dee ganze Bau muss dicht gemaach ginn, an eng Cuve gebaut ginn an op Pieuxe gesat ginn.

D'Honorairë ginn op 1.131.000 Euro estiméiert. Dat sinn d'Honorairë vun all deene verschiddene Büroen, de Bureau-d'études, d'Architektefraisen an esou virun. Mir hunn en Imprévu vu 433.656 Euro.

Am Detail-Devis ass eng gréisser Zomm virgesi fir eng Fassadegestaltung. Déi Fassadegestaltung gëtt e Bestanddeel vum Gesamtbau. Déi definitiv Fassad géife mer festhalen, wa mer d'Phas II stëmmen an duerno dann d'Gesamtgebai, also d'Gebai vun der Extensioun an d'Modernisatioun vun der bestoender Sportshal, géife virstellen. Dat misst och geschwë sinn. Da kënne mir déi Fassad an alles weisen, wat virgesinn ass.

Am Ganze kascht et 9.106.784 Euro. Mir hu vum Sportsministère zougesot kritt, et géif als nationale Projet agestuft ginn. Ze erwaarde wären dobäi Subside vu 70%, dat maache ronn 6,3 Milliounen Euro. Soudass mer 2,8 Milliounen Euro missten aus der Gemengekeess derbäileeën.

Et muss een allerdéngs soen, datt net nëmmen de Sport heirun interesséiert ass. Mä hei ass och den Héichschoulministère, d'Recherche a virun allem d'Santé, d'Medezin mat am Coup. Mir wäerte mussen nach weider Subsiden an Ënnerstëtzunge froen. Mir erwaarden eis, dass mer méi en héije Subsid kréie fir déi Haaptsportshal wéi deen, dee mer normalerweis zegutt hätten, wann et just e lokale Projet wär. Mä dat hu mer nach net behandelt. Do si mer nach an de Gespréicher.

Nach vläicht e Wuert zum interne Fonctionnement vun der Technik. Et gëtt kee klimatiséierte Beräich, mä et gëtt alles mat Loftëmwälzung gemaach, wou genügend Loftzoufuer a Loftechange ass. Dat Ganzt funktionéiert mat engem Echangeur air/air a mat den néidege Verdunklungsanlagen, dass mer d'Sonnenastralung ofhalen. Mer versichen, dass dat ouni vill Opwand, ouni Klimaanlag trotzdeem gutt funktionéiert an och deem Niddregenergiestandard gerecht gëtt.

Ech mengen, ech hätt alles gesot. Ech soen Iech Merci, dass Der nogelauschtert hutt.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Dir hutt bestëmmt net alles gesot, mä awer vill. Här Bertinelli, Dir als Sportsschäffe sot och nach eppes dozou.

SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):

Et ass mat engem grousse Stolz, an ech sinn immens frou, datt dat doten elo wierklech virugeet. Datt mer dat nationaalt Gebai am Sport hei an eis Gemeng kréien. Déi Dimensioun, déi dat Gebai do huet a wäert hunn an nächster Zukunft, kënne mer eis elo nach net esou direkt virstellen. Mä dat wäert Paarten an Dieren opmaachen, déi enorm sinn. Soudatt de Sport an eiser Gemeng en ekonomesche Facteur an deenen nächste Jore wäert kréien, deen net ze negligéieren ass.

En nationaalt Gebai, muss ech soen, wou mat anere Gemengen hei am Land e bëssen eng Konkurrenz war. A wou ech ganz ville Leit wëll Merci soen, déi sech enorm vill agesat hunn, datt dat Gebai am Endeffekt an eis Gemeng op Déifferdeng komm ass. Ech wëll de Prof. Dr. Romain Seil nennen, den Direkter, an den Här Alt aus der Lunex, déi sech wierklech vill, vill Méi gemaach hunn, fir datt dat Gebai op Déifferdeng soll kommen. A gleeft mer, dat war net esou evident.

Ech wëll hei am Haus eisem Service technique a virun allem eisem Gemengesekretär Merci soen, déi en enormen Asaz gewisen hunn. Et weess jiddwereen, wat fir een Asaz do gefuerdert war. Well do waren nach ganz aner grouss Acteuren dobäi, déi dat Gebai net esou gär zu Déifferdeng gesinn hunn.

Mä mir hunn et awer fäerdegbruecht, d'Leit iwwerzeegt ze kréien, datt Déifferdeng eng Sportsgemeng ass an datt dat Gebai ganz gutt hei niewent der Universitéit Lunex steet. Dat ass wierklech e Quantesprong fir eis Gemeng.

Wat d'Asbl ugeet, dat ass en Triumvirat: Et ass dat neit Gebai, wat op Déifferdeng kënnt, et ass d'Coque an der Stad an et ass den INS, Leit vum Sportsministère an Dokteren.

Ech mengen, et ass och neierdéngs eng Associatioun gegrënnt gi vun de Sportsprofesseren a Sportsdokteren, déi vun engem Lëtzebuerger, dem Här Dr. Romain Seil, gefouert gëtt. Wou Leit aus ganz Europa op Lëtzebuerg kommen, fir iwwert déi neisten Technologien, wat de Sport ugeet, ze schwätzen, an och déi modernste Fassungen op Lëtzebuerg bréngen.

Den Här Muller huet Iech gesot, wat de Budget vum Gebai ass. Mä et wäert bal nach eng Kéier datselwecht u Chiffer kommen, wat de Sportsministère an d'Santé un Apparater an dat Gebai setze wäerten, fir op deem héchsten Niveau ze sinn, deen een am Sport kann erreechen, wat déi Tester ugeet.

Wann een héiert, déi Joint Ventures, déi lafe mat deenen eenzelnen Universitéiten – d'Universitéit vu Shanghai, déi elo schonn interesséiert ass an och an deene Phase matschafft –, maachen d'Dieren an d'Paarte fir Déifferdeng op, wou mer elo den Hannergrond nach net richteg gesinn. Mä et ass enorm wichteg fir de Parc des Sports, deen elo wierklech den Numm Parc des Sports verdéngt. Dat nationaalt Gebai, wat mer elo do stoen hunn, wäert eise Veräiner an zemools dem Héichleeschtungssport en Apport ginn, deen net ze negligéieren ass.

Alleguerten deene Leit, déi hei intervenéiert hunn a gemaach hunn, datt dat Gebai soll op Déifferdeng kommen, nach eng Kéier e grousse Merci. A wéi gesot, Déifferdeng wäert mat deem heite Gebai am Sport op eng enorm Aart a Weis evoluéieren a wäert international en Numm kréien, deen net ze negligéieren ass. Duerfir wier ech frou, wa mer alleguerten dee Projet hei géife matstëmmen. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Bertinelli. Här Hobscheit Pierre, w.e.gl.

PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Häre, fir d'éischt emol dem Här Muller an dem Här Bertinelli e Merci fir hir Explikatiounen. Ech wäert natierlech elo net op all déi technesch Detailer agoen, déi den Här Muller eis hei genannt huet. Et ass gutt, dass hien dat ëmmer esou am Detail mécht. Mä dat wäert ech awer elo net alles nach eng Kéier opgräifen.

Et ass schonn ugeklongen, dass dat e Projet ass, deen immens wichteg fir d'Stad Déifferdeng ass. Dee ganzen Areal do uewe ronderëm de Parc des Sports krut schonn an de leschte Joren eng nei Dynamik. Et ass en neie Stadion entstanen, et ass eng nei Schwämm entstanen.

An ee Schlësselfacteur bei där ganzer Saach op deem Site ass awer d'Lunex, déi nei Héichschoul. D'Chance, déi mer haten, fir dës Héichschoul op Déifferdeng ze kréien. Eng Héichschoul, déi immens vill Potential mat sech bréngt. An dee Projet, iwwert dee mer haut hei diskutéieren, ass e weidere Projet, deen de Puzzle, soen ech emol, komplett mécht. E weidere Projet mat enormem Potential, wéi et hei och scho beschriwwe gouf, deen Déifferdeng wäert zu engem wichtege Standuert op der sportlecher Landkaart maachen.

Et schreift sech an d'Entwécklung vun Déifferdeng als Sportsstad an. Et schreift sech awer och an an d'Entwécklung vun Déifferdeng als Bildungsstanduert. Well esou en Institut bedreift jo och Fuerschung. Domat ass dat och e wichtegt Puzzelstéck an eiser weiderer Entwécklung vun Déifferdeng als Bildungsstad, wéi mer se jo schonn duerch d'Lunex an duerch deen neie Lycée, deen do entsteet, an d'Weeër geleet hunn. Duerfir ass dat, wat hei geplangt ass, nëmmen ze begréissen.

Dat ass natierlech mat engem gewësse Käschtepunkt verbonnen. D'Zuele goufe genannt, iwwer néng Milliounen Euro. Ma déi national Bedeitung erkennt een awer doduercher, wéi den Här Muller gesot huet, dass mer 70% Subsid vun der Regierung fir dee Projet do kréien. Dat weist, dass dat net einfach eppes ass, wat mir hei onbedéngt zu Déifferdeng wëllen, mä dass och en

pement. Le laboratoire sera donc à la pointe.
Des universités étrangères dont l'Université de Shanghai s'intéressent à des partenariats. Le laboratoire ouvre donc des portes pour Differdange dont on ne voit pas encore tout le potentiel.
Fred Bertinelli remercie à nouveau tous ceux qui ont contribué à l'implantation du laboratoire à Differdange. Celui-ci va permettre à la ville d'évoluer sportivement et de se faire connaitre à l'étranger. L'échevin demande aux conseillers d'approuver le projet.

PIERRE HOBSCHEIT (LSAP) *remercie M. Muller et M. Bertinelli pour leurs explications. Il ne va pas revenir sur les détails.*
Ce projet est extrêmement important pour Differdange. Le Parc des Sports s'est dynamisé au cours des dernières années avec le stade, la piscine et surtout LUNEX. Cette école supérieure a un potentiel immense. Le laboratoire dont il est question aujourd'hui constitue une ultérieure pièce du puzzle. Le laboratoire a un potentiel énorme et octroiera une place de choix à Differdange dans le domaine du sport au Luxembourg.
Grâce à lui, Differdange va se développer non seulement en tant que ville du sport, mais aussi en tant que ville de l'enseignement. Car un institut de ce type fait de la recherche et vient s'ajouter à des établissements comme LUNEX ou le nouveau lycée.
Bien entendu, ce projet a un cout. Il est question de plus de neuf-millions d'euros. Le gouvernement versera un subside de 70 %, ce qui démontre l'importance nationale du laboratoire.
Pierre Hobscheit se réjouit aussi du fait qu'un site dans le sud du pays ait été choisi et non Luxembourg-ville, qui était en concurrence avec Differdange.
Le conseiller communal se dit fier que le laboratoire soit construit à Differdange et remercie à son tour tous ceux qui se sont investis dans ce projet.
En outre, le nouveau bâtiment ne constitue qu'un premier pas, car ensuite, la salle de sport, qui a fait son temps, sera modernisée. Chaque

euro dépensé dans ce projet est bien investi, car il s'agit d'investissements dans les associations et les jeunes.
Les socialistes approuveront le projet. Pierre Hobscheit félicite le collège échevinal et tous les fonctionnaires qui ont pris part à ce projet. Il remercie aussi le ministère des Sports pour son soutien.
Le conseiller communal a une question concernant la création d'une ASBL. La Coque et l'INS ont été mentionnés. Or l'INS est une administration et la Coque un établissement public.
La société sera-t-elle vraiment une ASBL? Comment le laboratoire sera-t-il géré? Le collège échevinal sait-il déjà comment cela se développera à long terme?

MARCEL MEISCH (DP) *salue à son tour ce projet d'une immense envergure pour Differdange et le Luxembourg.*
Il s'associe aux remerciements déjà exprimés. Un grand merci aussi aux Differdangeois qui se sont investis dans ce projet et au gouvernement, qui semble enfin avoir découvert Differdange.
Marcel Meisch se réjouit du fait que les associations differdangeoises puissent profiter du nouveau bâtiment. Ces associations pourront aussi utiliser la cantine à l'étage.
En ce qui concerne le financement, Marcel Meisch constate que neuf-millions d'euros constituent une somme importante, que la commune devra préfinancer. Le collège échevinal sait-il sur combien d'années portera ce préfinancement? Quand l'État remboursera-t-il cette somme?
Les démocrates ont toujours dit que le site en question devait être préservé pour d'éventuels agrandissements. Ce projet leur donne raison. Le nouveau hall polyvalent n'a rien à faire à cet endroit. Marcel Meisch tient à le répéter.
Pour ce qui est du prix, la Ville de Differdange va dépenser neuf-millions d'euros. Or le collège échevinal n'a pas voulu dépenser un-million d'euros supplémentaires pour construire le hall comme prévu dans le premier plan. Bref, d'un côté, il veut réaliser quelque chose nationale Wëlle besteet, fir esou eppes ze bauen.

An et ass och emol gutt, dass esou eppes am Süde vum Land entsteet an net bei der Konkurrenz, an dësem Fall vun der Stad Lëtzebuerg. Mä dass mer esou e wichtege Projet fir de Sport hei op Déifferdeng kréien. Duerfir wëll ech dat ganz ausdrécklech begréissen.

Et kann een also effektiv houfreg sinn op dat, wat hei entsteet. An ech wëll mech och all deene Mercien, déi hei ausgeschwat goufen, fir dass dat do konnt an d'Weeër geleet ginn, uschléissen.

Dat neit Gebai, wat entsteet – och dat ass hei ugeklongen –, ass just en éischte Schrëtt. Well mir huele jo och d'Modernisatioun vun eiser Sportshal an Ugrëff, fir herno e Site ze hunn, deen den Usprëch vun eiser haiteger Zäit a vollstem Ëmfang entsprécht. Och dat ass net vu Muttwëll. Eis Sportshal huet hir beschten Zäiten hannert sech. Ech mengen, do si mer eis heibannen eens. Duerfir ass all Euro, dee mer doranner wäerten investéieren, gutt investéiert Geld. Well et ass Geld, wat mer investéieren an eis Veräiner, an eis Jugend. An duerfir ass dat absolutt ze begréissen.

Als Konklusioun wëll ech soen, dass mir esou ee Projet absolutt kënne matdroen. Ech wëll nach eng Kéier menge Leit am Schäfferot felicitéieren, souwéi alle Beamtinnen a Beamten, déi un dësem Projet matgeschafft hunn, fir dat an d'Weeër geleet ze hunn. Ech wëll och dem Sportsministère vun dëser Plaz aus Merci soe fir déi grouss Ënnerstëtzung, déi mer hei kréien. D'LSAP wäert dee Projet selbstverständlech mat Freed matstëmmen.

Zum Schluss hätt ech awer nach eng kleng Fro. Hei gouf elo ganz oft vun enger Asbl geschwat. Da gouf awer och vum INS a vun der Coque geschwat. Den INS ass eng Administratioun, d'Coque ass en Établissement public. Ech wollt just wëssen, wéi et mat der Form ausgesäit?

Ass dat wierklech eng Asbl, oder wéi hu mer eis dat laangfristeg virzestellen, wéi dat bedriwwe gëtt? Respektiv ass dat iwwerhaapt schonn zu 100% gewosst? Dat war just eng Fro, déi mer elo nach an de Kapp komm ass, wéi hei vun der Coque a vum INS rieds gaangen ass. Dat wär vläicht interessant ze wëssen. Och wéi sech dat laangfristeg wäert a soll entwéckelen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Hobscheit. Här Meisch Marcel, w.e.gl.

MARCEL MEISCH (DP):

Här Buergermeeschter, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'DP begréisst dee Projet. Et ass ee Projet mat enger immenser Envergure fir eis Gemeng, awer net nëmme fir eis Gemeng, fir d'ganzt Lëtzebuerger Land.

Et si schonn e ganze Koup Mercien hei ausgeschwat ginn. Ech wëll mech deenen uschléissen, ouni se nach eng Kéier eenzel opzezielen. Ech wëll awer virun allem och den Déifferdenger Merci soen, déi sech dofir agesat hunn, datt mir dat hei op Déifferdeng kréien. Op där anerer Säit géif ech awer och eiser Regierung Merci soen, déi endlech Déifferdeng op der Landkaart entdeckt huet. Net nëmme mat deem do Projet, mä och nach mat anere Projeten, déi endlech elo hei zu Déifferdeng kënnen ugerappt ginn.

Ech si frou, datt dat neit Gebai net nëmmen national ass, mä datt och déi Déifferdenger Veräiner dervu kënne profitéieren. Ech mengen, dat ass eppes ganz Wichteges fir eis Veräiner. Ech si frou, datt déi Mensa uewenop herno owes ka vun den Déifferdenger Veräiner, déi eppes an der Hal hunn, genotzt ginn. Dat ass och eppes ganz Wichteges.

Ech wëll awer nach e puer Bemierkunge maachen. Eng Fro hätt ech ze stellen zu de Finanzen. Néng Milliounen Euro, dat ass ganz vill Geld. Mir wëssen, datt mer déi musse virfinanzéieren. Ech stelle mer just d'Fro, oder ech stellen Iech d'Fro: Op wéi vill Jore stellt Der Iech dat vir, datt mer déi musse virfinanzéieren? Wéi séier kënne mer déi vum Staat erëmkréien? Dat ass emol eng Fro.

Dann hunn ech zwou Bemierkungen ze maachen. Mat deem Ubau, dat gëtt eis am Fong geholl recht, mat deem, wat mir ëmmer gesot hunn als DP: Dee Site solle mer halen, fir wa muss ausgebaut

ginn. Ech mengen, ech hunn eng Kéier hei gesot, datt mer net kënne glécklech sinn dermat, datt mer déi Eventhal och op dee Site do setzen. Déi huet näischt do verluer. Ech muss dat nach eng Kéier hei soen.

Da wëll ech nach ee Wuert soen zum Käschtepunkt. Mir ginn elo néng Milliounen Euro aus. Eng Millioun Euro war eis ze vill fir déi Eventhal esou ze maachen, wéi am éischte Projet virgesi war. Dat fanne mer net gutt. Op där enger Säit wëlle mer eppes maachen, wat wierklech formidabel ass. Op där anerer Säit fänke mer un ze spueren. Dat ass op där falscher Plaz gespuert. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Meisch. Madamm Schambourg, w.e.gl.

PIERRETTE SCHAMBOURG (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, et deet mer elo fuerchtbar leed, mä ech muss dee ganzen Enthusiasmus hei vu menger Säit aus e bësse bremsen. Ech di mech immens schwéier mat menger Interventioun zu dësem Projet. Net well ech de Projet net gutt fannen, mä mat där Aart a Weis, wéi dat fir mech als Presidentin vun der Bautekommissioun an als Gemengeréitin ofgelaf ass.

Et ass viru Méint, wann net iwwert e Joer, dovu geschwat ginn, datt mir de Projet vläicht op Déifferdeng kréichen. Mä dunn op eemol war am Dossier vum Gemengerot schonn e relativ fäerdege Projet dran, mat Devis.

Als Presidentin vun der Bautekommissioun hat ech keng Anung, datt eppes um Lafe wier. An als Conseillère hat ech zimlech wéineg Zäit, fir mech wierklech intensiv an dee Projet eranzeschaffen. Explikatioune krute mir eréischt e Méinden den Owend an der Bautekommissioun vum Bauteschäffen. Mir schwätzen hei iwwert e Projet vun néng Milliounen Euro. Dat ass a mengen Ae kee klenge Projet. De Sportsminister hätt gären eng Hal fir den LIHPS, Luxembourg Institute of High Performance in Sports. Bis e Méindeg wousst ech nach guer net, wat dat wier.

E grousse Merci vu menger Säit un de Minister, datt se do un Déifferdeng geduecht hunn. An dat mengen ech éierlech. Awer d'Gemeng muss bezuelen, bezéiungsweis virfinanzéieren. Mir solle siwe Milliounen Euro Subside kréien. An zwou Milliounen Euro selwer investéieren. Ech sinn der Meenung, datt deen, deen dee gréissten Deel benotzt, och ka bezuelen. Also ëmgedréit, datt mir eisen Deel da bäileeën.

Mir hunn och nach guer näischt schréftlech kritt, wat d'Subsiden ugeet. Natierlech vertrauen ech den Aussoe vum Bauteschäffen. Mä et ass scho virkomm, datt mer schlussendlech awer net déi versprache Subside kritt hunn. Dofir hunn ech léiwer all d'Dokumenter zesummen, ier ech e Projet stëmmen.

Dann zum Planning vun der Benotzung vun de Raimlechkeeten. Do si ganz vill Acteure mat am Spill. Ech hätt gäre vun Ufank u gewosst, wat mer kënne wéini fir eis Veräiner kréien. Och dat ass en Dokument, wou mer hätte missen am Dossier fannen, a Prozenter ausgedréckt wier mer vëllegen duergaangen.

Dat soll iwwert eng Asbl gereegelt ginn. Natierlech mussen och do Vertrieder vun der Gemeng dra sinn. Wann d'Lunex déi Infrastrukture soll mat benotzen, ginn ech emol dovun aus, datt se och Loyer bezuelen oder soss eng Aart vu Participatioun leeschten.

Zum Bau selwer: Den Devis ass net komplett, well nach keng Fassadekäschten dra sinn. Dat kënnt dann am Kader vun der Sanéierung vun der Hal.

Eng Fro: D'Fondatiounen an d'Etanchéitéiten, déi virgesi sinn am Budget fir d'Extensioun, si just eleng fir d'Extensioun. Domadder ass de Problem vun der Fiichtegkeet vun der Hal selwer nach net geléist.

Eng Doleance vu mir, wat d'Honorairen ugeet, a wat ech zu all Projet soen, fir déi verschidde Bureau-d'étuden, datt mer nach solle verhandelen. An datt mer roueg kënne mat deene Leit schwätzen. Aner Gemenge maachen dat. An deem Kader kënnen déi e ganze Pak Sue spueren. Ech froen dat bei all Projet. Et muss ee sech net d'office un

de formidable et de l'autre, il faut des économies où il ne faut pas.

PIERRETTE SCHAMBOURG (CSV)

s'en excuse d'avance, mais elle doit freiner tout cet enthousiasme.
Ce n'est pas qu'elle soit contraire au projet, mais en tant que présidente de la commission des bâtisses, elle n'apprécie pas comment les choses se sont déroulées. Cela fait des mois que l'on parle de l'implantation éventuelle de ce projet à Differdange. Et voilà que l'on fournit un dossier fini aux conseillers communaux. Pierrette Schambourg n'a pas vraiment eu le temps de se préparer. L'échevin aux bâtisses a fourni quelques explications lundi soir à la commission. Il s'agit tout de même d'un projet de neuf-millions d'euros. Le ministre des Sports demande une halle pour le Luxembourg Institute of High Performances in Sports. Jusqu'à lundi, Pierrette Schambourg ne savait même pas ce que c'était.
Certes, le ministre a pensé à Differdange. Mais c'est la commune qui doit investir deux-millions d'euros et en préfinancer sept supplémentaires. En plus, le ministère n'a pas encore remis de confirmation écrite des subsides.
En ce qui concerne l'utilisation des locaux, de nombreux acteurs entrent en jeu. Pierrette Schambourg voudrait avoir des détails concernant les associations locales. Elle aurait aimé un document dans le dossier.
Elle estime aussi que des représentants de la commune doivent faire partie de l'ASBL. Elle suppose que LUNEX devra payer un loyer pour utiliser les infrastructures.
Le devis n'est pas complet parce qu'il manque les frais pour la façade.
Les travaux d'étanchéité et de fondations ne semblent porter que sur l'extension. Qu'en est-il des problèmes d'humidité dans le centre sportif?
Comme chaque fois, Pierrette Schambourg insiste sur le fait qu'il faille négocier les frais d'honoraires. D'autres communes parviennent à limiter les couts. Le barème de l'OAI n'est donné qu'à titre indicatif.

Pierrette Schambourg se demande s'il ne faudrait pas créer des visions 3D pour voir à quoi ressemblera le site. En effet, il y a déjà le centre sportif et un hall polyvalent avec aménagements extérieurs va être construit.
Pierrette Schambourg ne sait pas à quoi ressemblera la façade et se demande comment elle pourrait approuver le projet dans ces conditions. Elle n'a pas toutes les informations et trouve que l'on brule les étapes. D'un autre côté, cet institut constitue une grande opportunité pour Differdange.
Finalement, elle a décidé de voter pour, mais elle n'apprécie pas la situation. Elle se dit convaincue que le collège échevinal fournira rapidement les pièces manquantes afin de compléter le dossier.

ALI RUCKERT (KPL) *vient d'entendre les reproches d'une membre de la majorité. En fait, le collège échevinal devrait retirer le projet de l'ordre du jour et compléter le dossier. Mais comme il y a des élections, il veut passer en force. Ce n'est pas sérieux.*
Ali Ruckert salue le fait que M. Muller ait présenté quelques détails à la commission des finances. Dans d'autres projets, cela n'a pas été le cas. Mais c'est un bon début.
Ali Ruckert estime que ce laboratoire est une bonne chose. Tout à l'heure, le collège échevinal a parlé d'une piste de course de cinquante mètres, mais le dossier indique trente mètres. Qu'en est-il?

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *répond qu'il s'agit de cinquante mètres.*

ALI RUCKERT (KPL) *demande s'il y a une erreur dans le texte.*

ERNY MULLER (LSAP) *explique que l'introduction est erronée.*

ALI RUCKERT (KPL) *constate que ce projet est unique dans le pays. Les couts se montent à 9,1 millions d'euros, dont 2,8 millions à charge de la commune.*
L'initiative de ce projet vient du ministère des Sports. Par conséquent, Ali Ruckert ne comprend pas pourquoi la Ville de Differdange devrait de Barème vum OAI halen, deen ass just indicatif. Et kann ee ganz sécher verhandelen.

Zu der Architektur: Wier et net sënnvoll, emol e Masterplang, also 3D-Vuen auszeschaffen, fir datt mer mol gesinn, wéi dat Ganzt ausgesäit? Datt mer op e Konzept hischaffen, wéi déi sëlleche Gebaier herno zesummen ausgesinn. Do steet am Moment schonn eng Turnhal. Et kënnt eng Multifunktiounshal dohi mat engem Baussenamenagement an och dann elo dat neit Gebai. Ech denken, datt et wichteg ass, fir emol ze gesinn, wéi dat Ganzt zesumme wierkt.

Des Weideren hu mer an dësem Projet nach keng Fassade kritt. Ech weess net, wéi ech kann e Projet stëmmen, ouni ze wëssen, wéi d'Gebai ausgesäit. Fir mech perséinlech ass dëse Projet iwwert de Knéi gebrach: ze vill oppe Froen, ze wéineg Informatiounen, schréftlech Zousoen an Dokumenter. Wat onbedéngt misst dobäileien.

Ech hu laang iwwerluecht, wéi ech mech hei soll verhalen. Et ass eng immens Chance fir Déifferdeng, de Site sportif mat dësem Institut opzewäerten an ze vergréisseren. A just eleng mat dësem Argument sinn ech bereet, de Projet ze stëmmen.

Ech si sécher net glécklech mat dëser Situatioun. Ech vertrauen drop, datt de Schäfferot eis alles, wat mer nach brauchen zu dësem Projet, sou séier wéi méiglech noreecht, datt mer kënnen eisen Dossier completéieren. An datt mer all Informatiounen esou séier wéi méiglech kréien. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och Madamm Schambourg. Den Här Ruckert, w.e.gl.

ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Häre, ech hunn elo just eng Vertriederin hei héiere vun enger vun de Schäfferotsparteien. Déi Kritiken, déi hei virbruecht gi sinn, sinn esou grouss, dass een am Fong misst soen, huelt dee Projet vun der Dagesuerdnung a kuckt, dass all d'Dokumenter virleien, an da kommt Der erëm dermat an de Gemengerot.

Mä et si Wahlen um Horizont, an Dir wëllt dat onbedéngt nach duerchbrätschen an den nächste Méint, fir da gutt dozestoen. Dat ass awer eng Virgoensweis, déi ech net ganz seriö fannen.

Ech begréissen, dass den Här Erny Muller an d'Finanzkommissioun komm ass an eis déi Detailer ginn huet, déi virleien, vun deem Projet. Ech begréissen dat, well dat an de leschte Jore bei ville Projeten iwwerhaapt net geschitt ass. Et ass e gudden Ufank. An ech hoffen, dass sech dat bei anere Geleeënheete widderhuele wäert.

Ech brauch net ze widderhuelen, et huet elo grad e Vertrieder vun der Majoritéit Stellung geholl, wéi dat geschitt ass.

Wat de Projet selwer ugeet, ass et eng interessant Saach, déi do geschitt. E Laboratoire fir Biomechanik. Ech hunn dat duerchgelies an hu gesinn – virdrun ass gesot ginn, do géif eng Lafpist vu 50 Meter kommen –, an der schréftlecher Aleedung vum Projet steet 30 Meter. Ech froe mech elo, a wat fir eng Richtung dat soll goen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Et sinn der 50.

ALI RUCKERT (KPL):

Dat heescht, et ass falsch, wat am Text steet?

SCHÄFFEN ERNY MULLER (LSAP):

Et ass falsch an der Introduktioun.

ALI RUCKERT (KPL):

Okay. Et ass eppes Eemoleges hei am Land, wat do soll realiséiert ginn. Et ass awer eng Investitioun, déi vill Sue kascht. Et ass grad gesot ginn, datt 9,1 Milliounen Euro wäerten investéiert ginn, wann et dann dobäi bleift. An d'Gemeng soll 2,8 Milliounen Euro dozou bäidroen.

D'Initiativ, fir dee Projet ze maachen, ass net vun der Gemeng ausgaangen, wann ech dat richteg verstanen hunn, mä vum Ministère des Sports. Ech gesinn éierlech net an, firwat d'Gemeng dee Projet soll virfinanzéieren. Firwat mécht d'Regierung dat? Fir dass se an hirem Staatsbudget besser dosteet. Fir sech da kënnen ze bretzen: Mir maachen esou vill innerhalb vu kuerzer Zäit. An d'Gemeng ka bezuelen.

Dat ass eng Virgoensweis, mat där ech net kann d'accord sinn. Et ass jo net déi éischte Kéier, wou dat passéiert. Wou d'Regierung praktesch d'Gemengen als Geisel hëlt, dass se gezwonge ginn, eppes virzefinanzéieren, wa se gär e Projet hätt.

Esou wéi dat hei presentéiert gëtt, ass dat iwwert de Knéi gebrach. Bis elo hu mer nach keng Detailer iwwert dee Projet kritt. Et ass gesot ginn, do soll eng Asbl gemaach ginn, déi dat Ganzt geréiere wëllt. Eng Asbl ass jo eng Vereenegung ouni Gewënnzweck.

Da froen ech mech awer, wann dat esou soll sinn, wat dann d'Roll vun der Lunex ass an där ganzer Affär do. Déi schaffen net ouni Gewënnzweck. A wann déi sech un engem Projet bedeelegen, da maachen déi gär Gewënn. Doriwwer wéilt ech emol Opklärung hunn, wéi dat da wierklech soll funktionéieren. Wann een esou ee Projet mécht, da soll ee gefällegst och esou Detailer, déi wichteg sinn, op den Dësch leeën.

Mer hunn och nach net gesot kritt, ob d'Sportler musse bezuelen, wa se do Tester maachen. Wat fir Sportler däerfen iwwerhaapt do Tester maachen? Et kann een elo soen, jiddwereen, mä dat ass doudsécher net de Fall. Dat wäerten, dovu ginn ech emol aus, d'Nationalequippen aus dem COSL-Kader sinn.

Mä fir dee groussen Deel vun de Sportler huet dat iwwerhaapt keen Zweck, well se ni wäerten an déi Institutioun do erakommen. An da froen ech mech awer wierklech, wou ass dann do den Nährwäert fir d'Déifferdenger Sportswelt? Et sief dann, Dir kënnt mir elo eppes anescht soen. Mä ech hu grouss Bedenke bei deem Projet, sou wéi en hei presentéiert gëtt.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ruckert. Här Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Als déi Lénk Déifferdeng begréisse mer, dass hei eng Infrastruktur vun nationaler Bedeitung op Déifferdeng kënnt. Wat sënnvoll ass.

Mä ech wonnere mech awer e bëssen, wann de Sportsschäffe fënnefmol dat Wuert ‚enorm' benotzt, eemol ‚immens' a ‚Quantesprong'. Da gi mer wierklech schonn a grouss Gefilden. Natierlech wëll ech déi Freed net bremsen. Et ass e flott Gefill. Mä ech mengen, et muss een awer hei nach kucken, wéi de Prozess ofleeft, politesch wéi demokratesch, a mat de ganzen Implikatiounen, déi domadder verbonne sinn. D'Madamm Schambourg huet déi Bedenke ganz konkret a prezis ausgedréckt.

Dat eenzegt, wat ech elo net verstanen hunn an der Interventioun vun der Madamm Schambourg, wou dat schréftlecht Engagement vum Ministère feelt. Well am Dossier steet dran, direkt op der Récksäit, dass si et an de Plan quinquennal aschreiwen. D'Zomm steet net dran.

Mä et ass gesot gi 70%. A wann dat op d'Prioritéitelëscht kënnt, dann ass dat wahrscheinlech och gesetzlech festgeluecht. Mä dat ass dann eng Fro un de Schäffen, wat den Undeel ass.

Mä, in der Tat, wann dat gewosst ass, kéint een dat och an e Bréif schreiwen.

Meng Fro ass virun allem: Firwat dat muss elo esou schnell goen? Ech mengen, dat hei ass net an enger Sportskommissioun diskutéiert ginn. Wann dat, wéi den Här Bertinelli gesot huet, eng Bedeitung huet fir eis Déifferdenger Sportsveräiner an eisen Déifferdenger Lokalsport, denken ech, dass d'Sportskommissioun awer och sollt mat esou engem bedeitende Projet befaasst ginn. Op d'mannst sollt se informéiert ginn. Well déi Leit sech dann net seriö geholl fillen, wann esou ee grousse Projet am Beräich Sport leeft a si do keng weider Informatioune kréien.

préfinancer le laboratoire. Le gouvernement veut améliorer sa situation budgétaire à court terme et c'est pourquoi il prend en otage les communes. Ali Ruckert n'est pas d'accord avec cette façon de procéder.
Le collège échevinal veut passer en force. Les détails manquent. Il est question de créer une association sans but lucratif. Mais dans ce cas, quel est le rôle de LUNEX? Car si LUNEX participe à un projet, c'est pour gagner de l'argent. Qu'en est-il?
Les sportifs devront-ils payer pour faire les tests? À qui ces tests sont-ils destinés? S'agit-il des équipes nationales et du cadre du COSL? Dans ce cas, le laboratoire n'a pas d'intérêt pour la plupart des sportifs. Par conséquent, quels seront les avantages pour le sport differdangeois?

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *salue l'implantation de ces infrastructures nationales à Differdange.*
L'échevin au sport a parlé de saut quantique et a utilisé à plusieurs reprises les termes «énorme» et «immense». Sans vouloir freiner son enthousiasme, Gary Diderich souhaite revenir sur le processus politique et démocratique dont a parlé M^me^ Schambourg. La seule chose qu'il n'a pas comprise concerne la remarque selon laquelle il manque un engagement écrit du ministère. Le dossier précise que le projet sera inscrit dans le plan quinquennal du gouvernement.
Il est question de subsides de 70 %. Gary Diderich suppose que c'est ce qui est prévu par la loi. D'un autre côté, il est vrai que le ministère pourrait le retenir dans une lettre.
Pourquoi ce projet doit-il être approuvé aussi vite? Le dossier n'est pas passé par la commission des sports. Or M. Bertinelli a souligné l'importance du laboratoire pour les clubs sportifs differdangeois. Les membres de la commission des sports doivent se sentir négligés, car ils n'ont reçu aucune information.
Gary Diderich constate que le terrain appartient à la commune. Par conséquent, le terrain constitue une de ses contributions.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *précise que la Ville de Differdange restera propriétaire du terrain.*

ERNY MULLER (LSAP) *ajoute qu'elle sera aussi propriétaire du bâtiment.*

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *répète que la commune participe au projet à travers son terrain. Elle ne pourra y construire rien d'autre. Ce n'est pas une critique, mais une simple réflexion.*
Qu'en est-il de LUNEX? L'université utilisera-t-elle le laboratoire? Qui gèrera le bâtiment?

ROBERT MANGEN (CSV) *pense que le laboratoire de biomécanique viendra enrichir le complexe sportif d'Oberkorn. Une collaboration sera possible avec LUNEX, la médecine sportive, l'école du sport, l'INS et peut-être l'Université de Luxembourg. Le professeur Seil a expliqué qu'il ne s'agira pas seulement d'évaluer les sportifs, mais qu'il y aura des répercussions sur la recherche ou la kinésithérapie. On pourra faire de la recherche sportive dans ce laboratoire et publier ensuite les résultats.*
Les locaux comme la cantine et les salles de réunion pourront être utilisés par les clubs sportifs. Robert Mangen mentionne aussi le parvis entre le centre sportif et le hall polyvalent. Le stade, la piscine et le complexe sportif seront reliés et aménagés de manière écologique.
La phase 1 coutera neuf-millions d'euros. Le subside se monte à 70 %. Les dépenses de la commune se chiffrent donc à près de trois-millions d'euros. Et cela ne suffira probablement pas.
À chacun de voir si cet investissement vaut le coup. C'est une décision politique.
Robert Mangen plaisante sur le fait que le laboratoire de biomécanique permettra peut-être d'améliorer la technique lors de la pratique du jeu de boules.
(Rires)

FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG) *estime que lorsque le centre sportif sera transformé, il aura une dimension européenne.*

Zwee Aspekter feele mir an där ganzer Diskussioun hei. Den Terrain ass jo vun der Gemeng. Dat heescht, de Bäitrag vun der Gemeng, fir déi doten Infrastruktur hei op Déifferdeng ze kréien, ass jo scho mol den Terrain, wann ech dat richteg verstanen hunn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Mir bleiwe Proprietär.

SCHÄFFEN ERNY MULLER (LSAP):

Et bleift eist Gebai.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Mä et ass awer eisen Terrain, dee mer dofir abréngen. Dat heescht, et ass eng eege Participatioun. Mir wäerten déi Zäit näischt anescht dohinner stelle kënnen. Ech kritiséieren dat net. Ech mengen, dass een dat awer sollt soen. An dat sollt och an der Reflexioun mat abezu ginn. Dat heescht, an deem Sënn leeschte mer do schonn e Bäitrag.

Dat anert, wat mer feelt, respektiv eng Fro, déi ech hunn: Mir hu jo d'LUNEX niewendrun, wäert d'LUNEX dee Sportslabor benotzen? Dat fléisst mat eran an déi Froen, déi scho gestallt gi sinn. Wee géréiert dat Gebai? Ass dat d'Gemeng selwer? Ass dat eng Asbl? Ass dat en Établissement public? A gëtt et an där ganzer Exploitatioun vun deem Gebai iergendwelch Facturatioune vu Käschten un déi Leit oder déi Strukturen, déi dat wäerte benotzen? Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och Här Diderich. An entschëllegt, datt ech Iech ënnerbrach hunn. Den Här Mangen, w.e.gl.

ROBERT MANGEN (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter. Dee geplangte Biomechanik-Laboratoire ass eng Beräicherung fir de gesamte Sportskomplex zu Uewerkuer. Et erlaabt eng Zesummenaarbecht mat der LUNEX, der Sportsmedezin wéi der Sportsschoul an dem INS, well déi Leit kënnen heihinner kommen an eng adequat Technik léieren.

A vläicht och mat der Uni Lëtzebuerg. Ech gesinn dat net einfach un, fir just Sportler do ze ënnersichen, mä dat kann och als Recherche benotzt ginn, wat de Professer Seil jo schonn zum Deel scho mécht, wou och Publikatioune gemaach ginn. Déi Raimlechkeeten, déi hei zur Verfügung stinn, kënne sécherlech benotzt ginn, fir Sportsrecherche ze maachen, wat fir onst Land sënnvoll ass, wann dat an enger Publikatioun ervirgestrach gëtt.

Sënnvoll ass och, datt d'Raimlechkeeten, d'Mensa an déi verschidde Versammlungsraim, gemeinsam vun onse Veräiner benotzt kënne ginn. Interessant ass och dee gemeinsame Parvis, dee geplangt ass tëschent der Sportshal an der Eventhal. Déi gesamt Espacen tëschent deene verschiddene Sportsstrukturen – do schwätzen ech vum Fussball, vun der Schwämm souwéi deem ganze Sportskomplex –, solle frëndlech an ekologesch ëmgestallt ginn, datt déi verschidde Gebaier ënnertenee verbonne sinn.

Et gouf ugeschwat, déi sougenannte Phas I kascht néng Milliounen Euro. Mir kréie 70% Subsid. Dat bedeit awer ëmmer nach zirka dräi Milliounen Euro fir ons Stad, déi mir musse selwer bezuelen. Menger Meenung no geet dat wahrscheinlech net duer. Mä mir mussen awer kucken, wat ons de Projet am Verglach vum Investissement bréngt. Dat ass eng politesch Decisioun, déi een ebe muss huelen. Do muss jiddweree mat sech eens ginn.

Déi lescht Remark ass elo net ze vill seriö ze huelen, mä fir d'Saach e bëssen opzelackeren. D'Bulle sinn déif geflunn haut. Vläicht hëlleft deen nei geplangte Biomechaniklaboratoire eng richteg Spilltechnik ze entwéckelen.

(Gelaachs)

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Schéin. Här Schwachtgen, w.e.gl.

FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Et bleift am Fong net méi vill bäizeflékken. Ech mengen, wa mer dee ganze Centre do ëm- an ausgebaut hunn, dass mer wierklech en Objet vun europäescher Dimensioun do stoen hunn. Dass dat elo tëschent Begeeschterung a Skepsis schwankt, dat ass eng aner Fro.
Am Resumé kann ee soen, et feelt un Opklärung a gewëssene Punkten. Mir feelt och e bëssen de finanztechneschen Aspekt: dat, wat mer herno erauszéien, op wat fir eng Zäit mer investéieren, an ob mer dat och erëm ënner iergendenger Form erëmkréien, ausser ënner enger grousser Enseigne an enger grousser Reklamm fir Déifferdeng – déi sech zwar och bezuele léisst.

Do misst een de Schäfferot opfuerderen, méi Opklärung ze ginn, ëffentlech Opklärung. Vläicht gemeinsam Sitzunge mat eise Kommissiounen, respektiv an engem spéideren Datum och fir d'Populatioun dobaussen. Dass ee wierklech vun der ganzer Dimensioun, wou ech awer iwwerzeegt sinn, dass dat eng ganz positiv Saach ass, iwwerzeegt ka ginn.

Wann ech d'Ekologie uschwätzen, wat den Här Mangen elo gesot huet, denken ech, dass mer am selwechte Kontext eis Sportshal renovéiert kréien an op e Standard Wärmedämmklasse A an esou weider erofgesat oder eropgesat kréien. Soudass eng ganz Partie positiv Saachen, vun der Modernisatioun a Verflechtung vun eise bestoenden Anlage mat moderne Vuen, wat eben dee sportsmedezineschen Deel, Fuerschungsdeel ubelaangt.

Ech mengen, do kann een einfach net dergéint sinn. Do muss een einfach soen, mir ginn hei an eng Richtung, wou mer als Standuert ganz interessant ginn. Grad an deem do Beräich. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och.

PIERRETTE SCHAMBOURG (CSV):

Dierf ech nach eng Fro stellen?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

An Ärem Numm oder am Numm vun der CSV?

PIERRETTE SCHAMBOURG (CSV):

Am Numm vun der CSV. Ech hunn elo just gesinn, datt keng Photovoltaik dran ass. Kënne mir eis do un en anert Gebai uschléissen, kënnt dat nach oder wéi funktionéiert dat?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci Madamm Schambourg. Ech gi menge Kolleege ganz direkt d'Wuert. Ech wëll just soen, datt mer eng riseg Chance hunn, dat doten op Déifferdeng ze kréien. Ech versti verschidde Froen. A verschidde Froe mussen natierlech och beäntwert ginn. Déi Froe stellt sech de Schäfferot och. Mä déi sinn awer net esou primordial, datt ee seet, et soll een nach waarden. Et ass eng enorm Chance. Et ass bal esou eng enorm Chance wéi eise 1535°, wat viru Joren absolutt net sou op de Plateau gedroe ginn ass wéi haut.

Dat heescht, mir hunn et fäerdegbruecht, aner Leit heihinner ze kréien. Mir hunn et fäerdegbruecht, Déifferdeng erëm op eng Plaz ze setzen. An hei maache mer datselwecht am Sport. Ech sinn iwwerzeegt a garantéieren Iech, datt dat, wat mer hei maachen, wierklech eng eemoleg Saach ass fir d'Stad Déifferdeng a guer net ze schwätze fir d'ganzt Land. Wéi eise 1535°.

An da muss ech awer och soen, datt de PAP duerch d'Kommissioune gaangen ass. Datt verschidde Saachen awer scho laang am Gespréich sinn. D'Kommunikatioun tëschent dem Schäfferot an dem Gemengerot ass net perfekt. Mä ech gesinn, datt se awer och an der CSV net perfekt ass, well mir si scho laang am Gaang, doriwwer am Schäfferot mateneen ze schwätzen.

An da sinn ech carrement opposé vun Ärer Meenung, Här Marcel Meisch. Datt déi Eventhal net op där richteger Plaz soll sinn, datt mer do gespuert hunn. Ech mengen, datt mer do gescheit

Le conseiller communal hésite entre enthousiasme et scepticisme. Il se pose des questions économiques. Sur combien de temps l'investissement portera-t-il? Que rapportera ce projet à la Ville de Differdange mis à part de la publicité? Le collège échevinal devrait apporter des explications dans un premier temps aux commissions consultatives et ensuite à la population. Et cela, même si Fränz Schwachtgen est convaincu des répercussions positives de ce projet.
Pour ce qui est de l'environnement, Fränz Schwachtgen estime qu'il faudra améliorer la classe énergétique du centre sportif lors de sa modernisation.
Le conseiller communal pense qu'on ne peut pas être contraire à ce projet qui rendra le site en question intéressant.

PIERRETTE SCHAMBOURG (CSV) *souhaite poser une question.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *demande s'il s'agit d'une question en son nom propre ou au nom du CSV.*

PIERRETTE SCHAMBOURG (CSV) *répond que c'est au nom du CSV. Elle constate que le bâtiment n'aura pas de panneaux solaires. Ne pourrait-on pas le raccorder à un autre bâtiment?*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *estime que ce laboratoire représente une grande chance pour Differdange. Il est évident que les questions méritent une réponse. Mais elles ne justifient pas que l'on perde du temps.*
Pour le bourgmestre, les opportunités sont comparables à celles du 1535 °.
Le PAP est passé par les commissions et le projet est en discussion depuis longtemps. La communication n'est peut-être pas parfaite entre le collège échevinal et le conseil communal, mais elle ne l'est visiblement pas non plus au sein du CSV.
Roberto Traversini n'est pas du tout d'accord avec M. Meisch concernant l'emplacement du hall polyvalent. Et les économies faites étaient justifiées. Par ailleurs, M. Meisch veut construire le hall polyvalent

sur un terrain n'appartenant pas à la commune et ArcelorMittal ne semble pas intentionné à le céder.
Le financement sera comparable à celui de l'école européenne et de l'EDIFF il y a une dizaine d'années. L'argent préfinancé sera remboursé intégralement, intérêts compris. Le gouvernement a promis des subsides de 70 %.
Le bâtiment sera adapté aux personnes handicapées. Et de toute façon, si la commune s'était contentée d'investissements dans le centre sportif, elle aurait dû payer à 100 %.

ERNY MULLER (LSAP) *rappelle que M^me^ Schambourg a mentionné les problèmes d'humidité. Les problèmes concernent tout le site. Un laboratoire spécialisé est en train d'analyser la situation. Malheureusement, l'eau ne peut pas être évacuée naturellement. C'est pourquoi il faudra aménager une pompe.*
En revanche, le nouveau bâtiment sera installé dans une cuve. Si la pompe cessait de fonctionner, l'eau pourrait toujours être évacuée de manière naturelle.
Pour ce qui est de l'ancien bâtiment, un système d'évacuation par pompe n'est pas envisageable. Il faudra donc trouver d'autres moyens, notamment d'alerte. Il n'est plus possible non plus de placer le bâtiment dans une cuve.
La façade figure dans le devis. Il s'agit de Flexibrick. Elle pourra se composer de divers matériaux. Mais il en sera question lors de la phase 2.
Les meubles de la cantine, de la cuisine et des locaux administratifs figurent aussi dans le devis, mais pas l'équipement du laboratoire.
Il faudrait réaliser un plan directeur pour avoir une idée d'ensemble.

PIERRETTE SCHAMBOURG (CSV) *est du même avis.*

ERNY MULLER (LSAP) *explique que le groupe de travail planche dessus, mais il n'a pas encore fini. Le centre sportif est en train d'être analysé. Erny Muller espère pouvoir présenter en détail le concept et le devis de la phase 2 lors de la prochaine séance. Ensuite, ce sera au tour de la population et des clubs.*

gespuert hunn. An all déi Saachen, déi do ewechgeholl gi sinn, kënnen natierlech op aner Plaze kommen.

Dir wëllt eng Eventhal op een Terrain setzen, deen eis net gehéiert. Wou mer mol net en Zeeche kritt hu vun ArcelorMittal, fir kënnen eppes do ze bauen. Mä Dir géift se dann dohinner bauen. Ma da bonne chance. Ech sinn op alle Fall – an ech mengen dee ganze Schäfferot – der Meenung, datt déi Eventhal do gutt steet. Quitte, datt et net dat heiten ass. An datt mer do wierklech op all Su opgepasst hunn.

Wat d'Finanzement ugeet, wäert et esou si wéi bei der Europaschoul a bei der Ediff um Fousbann, virun zéng, zwielef Joer. All Su, deen d'Stad Déifferdeng hei virstreckt, wäerte mer mat den Zënsen zréckbezuelt kréien. Mir hu 70% versprach kritt. De Bréif läit bäi.

Et muss een dann awer nach dobäi soen, datt déi Hal rollstullgerecht gëtt. Et kann ee mam Rollstull erakommen. Mir kréien eng Mensa a villes méi. Mir hätte souwisou missen an d'Sportshal investéieren an dann hätte mer et zu 100% eleng bezuelt.

Alles an allem mengen ech, datt mer eng riseg Chance hunn, dat doten heihinner ze kréien. Et soll ee kritesch sinn a Froe stellen. Mä et soll een awer och op där anerer Säit frou sinn, dass Déifferdengsech zu enger Sportsstad entwéckelt. Här Muller, w.e.gl.

SCHÄFFEN ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. Et waren e puer Froe gestallt ginn. Ech wëll op déi méi technesch Froen äntweren.

Eng éischt Fro betreffend d'Waasserproblematik an d'Fiichtegkeet vun der Madamm Schambourg. Dat ass nogekuckt ginn. Dat betrëfft dat ganzt Areal op deem Terrain. Do hu mer Problemer gehat, wéi gesot och um Fussballsterrain. Dat gëtt vun engem Speziallabor ënnersicht bis erof, also och d'Situatioun ronderëm d'Hal.

Et huet sech erausgestallt, dass mer dat Waasser net op natierlechem Wee evakuéiert kréien. Net direkt. Do misste mer dat iergendwéi méi déif leeën an esou virun an esou weider. Also elo direkt ass dat net méiglech. Dofir brauch een eng Pompel, fir dat Waasser ewechzepompelen.

Mä déi hei Situatioun vun deem neie Gebai gëtt esou gemaach, dass dat an engem Cuve steet. Dat heescht, wann déi Pompel ausfält, steigt de Waasserniveau an da gëtt et iwwer en natierleche Wee ofgefouert, iwwer e Füllstandsniveau, deen iwwerschratt gëtt, geet dat erof, iwwer natierlech Gravitatioun.
Dat aalt Gebai ass och nogekuckt ginn. Do bleiwe mer bei där Method, déi mer hunn. Et geet net mat Pompelen. Do musse mer aner Méiglechkeete schafen, fir schnell kënnen ze reagéieren, mat Virwarnungen an esou weider an esou fort. Mir kënnen dat Gebai jo net méi an eng Cuve setzen, well soss misste mer ënnendrënner buddele goen, an dat ass jo net méiglech. Mir kënne jo net an d'Fundament goen. Souvill zu der Saach mat der Waasserproblematik.

Zu der Fassaderenovéierung. Déi nei Fassad ass wuel am Devis: architektonische Fassadengestaltung, Flexbrick heescht dat. Dir kënnt um Internet kukken, wat dat ass, Flexbrick. Dat ass eng ganz speziell a flott Fassadenakleedung, déi mat verschiddene Materialie ka gemaach ginn. Do ass nach alles fräi. Dat wäerte mer nach mam ganze Gemengerot diskutéieren, well dat ass déi nächst Phas. Ech kommen nach eng Kéier dorop zréck. Mä se ass op jidde Fall am Devis.

Och d'Miwwele sinn dran. Ausser d'Laborgeräter, déi am Labo gebraucht ginn. Déi sinn net dran. Mä soss ass alles dran: d'Miwwele fir d'Mensa, also d'Kichen an alles, wat do gebraucht gëtt, déi ganz administrativ Raim, d'ganz Miweléierung ass dran. Dat ass Bestanddeel vun deem ganze Gebai.

Dir hat gesot – a mat Recht, ech stëmmen Iech ganz zou –, dass een e Masterplang misst opstellen, fir e Gesamtbild ze hunn.

PIERRETTE SCHAMBOURG (CSV):

Jo.

SCHÄFFEN ERNY MULLER (LSAP):

Deem stëmmen ech zou. Dat ass an Diskussioun. Am Aarbechtsgrupp geet et an déi Richtung, mä et ass nach net fäerdeg. Dat heescht, déi ganz Analys vun der Sportshal ass am Gaang, ënnersicht ze ginn. Dat gëtt dann ugeschloss an der Phas II. An dat wäert deemnächst sinn. Ech hat gesot, dass ech Iech den Devis an dat Konzept vläicht schonn an der nächster Sitzung ka virstellen. An da wäerte mer de Veräiner an der Populatioun dee Projet do weisen a selbstverständlech un éischter Stell der Kommissioun an de Gemengerotsmemberen. Dat wäerte mer wierklech nach alles am Detail virstellen. Dat kënnt ganz geschwënn.

Da war nach eng wichteg Fro gestallt ginn: Firwat dat esou presséiert, firwat esou muss gedréckt ginn. Dat gëtt esou gepusht, well et um nationale Plang eng absolutt Prioritéit ass. Dat hunn de Sportsministère an sengem Plan quinquennal an d'Regierung an hiren Objektiver festgehalen, dass dat elo eng absolutt Prioritéit um nationalen Niveau huet. A mir wëllen där Prioritéit gerecht ginn. Mir hunn do e gewëssenen Timing anzehalen.

Dir wësst, dass mer Nidderkuer bauen, fir Uewerkuer fräizemaachen. Fir do unzefänke mat eiser Modernisatioun. Nidderkuer ass ugeduecht, fir Enn 2018 fäerdeg ze sinn. Soudass mer Ufank 2019 mat der Kärsanéierung oder der Modernisatioun vun der Sportshal Uewerkuer kéinten ufänken.

Virdru kënne mer awer mat deem Gebai ufänken, iwwert dat mer haut ofstëmmen. Da ka schonn am Laf vum nächste Joer mam Bau ugefaange ginn. Wann alles optimal klappt, wären an dräi Joer d'Phas I an d'Phas II ofgeschloss. Dat heescht, da géif dat neit Institut do stoen an eis nei Sportshal niewendrun. An dann hätte mer wierklech eppes geschafft. Dat ass d'Objektiv, dass mer dem nationale Projet gerecht ginn, dass deen zu der néideger Zäit fäerdeg gëtt.

Nach kuerz e Wuert zu der Photovoltaik: Also d'Ar-Fläch ass an deem Beräich wierklech kleng. Dir hutt gesinn, do si verschidden Niveauen. An an deem Beräich bleift d'Ar-Fläch kleng. Sollt et esou sinn, dass mer eng Kéier missten en neien Daach maachen op der Sportshal – dat ass nach net de Fall fir de Moment –, da misst ee sech Gedanke maachen, dass een deen natierlech esou géif maachen, dass een do kéint Photovoltaik drop maachen. Et misst awer och gekuckt ginn, wéi de Liichtafall wär. Et geet jo net nëmmen drëm, fir eng Photovoltaik ze hunn, et muss een och de Rendement vun der Anlag kucken. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Här Bertinelli, w.e.gl.

SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, wou den Här Eiffel zu Paräis säin Tuerm gebaut huet, wollte se en déi éischt Woche verbrennen, wou e gebaut ginn ass. Mä haut wäert jo kee méi deen Tuerm an Diskussioun stellen, wéi en do steet. Dat ass e bëssen esou dat Gefill, wat ech hei hunn. Ech loosse mech a menger Euphorie awer net bremsen, well ech fest vun deem Projet iwwerzeegt sinn.

Merci Här Meisch, mir gesinn dat d'selwecht wéi Dir. Wat fir eng Dieren dat dote fir eis Gemeng opmécht a wéi wichteg dat doten ass. Déi, déi e bësse méi laang an der Politik sinn, wëssen, wat mer gekämpft hunn, fir national Infrastrukturen an eis Gemeng ze kréien, a wéi schwéier dat ass. Duerfir en duebele Merci deenen, déi do intervenéiert hunn, fir datt dat an eis Gemeng kënnt.

Här Ruckert, Dir hutt gesot, do wier keng Necessitéit fir eis Sportsveräiner. Ech wëll Iech just soen, wat de Moment scho leeft mat eise Sportsveräiner an der Lunex – dat do Gebai steet jo nach net, dat fonctionnéiert nach net –, all déi Saachen, wou si mat de Veräiner hunn: Kinéen, déi an d'Veräiner ginn a sech do weiderbilden, an och déi Leit, déi an d'Lunex kommen, déi Exposéen halen.

Wéi elo zum Beispill d'nächst Woch, wou Manager aus der 1. an der 2. Bundesliga hei an eiser Sportshal e Referendum maachen, wéi an Zukunft d'Sportgestaltung am Beräich Logistik a Management muss gemaach ginn. Wou och eis Veräiner an eis Federatiounen invi-

Certains conseillers communaux ont demandé pourquoi il fallait procéder aussi rapidement. Le projet constitue une priorité absolue pour le ministère des Sports et le gouvernement. C'est pourquoi la Ville de Differdange doit se tenir à un calendrier strict.
Actuellement, une salle de sport est en construction à Niederkorn afin de pouvoir commencer l'assainissement du centre sportif d'Oberkorn en 2018 ou 2019.
La construction du laboratoire peut en revanche commencer dès l'année prochaine. Si tout se passe comme prévu, les deux phases seront terminées dans trois ans. L'objectif est de pouvoir terminer ce projet national à temps.
En ce qui concerne une éventuelle installation photovoltaïque, la surface est trop petite, notamment parce que le laboratoire a plusieurs niveaux. Pour ce qui est du centre sportif, le toit ne doit pas être refait. Mais si un jour ces travaux se révélaient nécessaires, la commune pourrait réfléchir à des panneaux solaires. Bien entendu, il faudrait évaluer le rendement.

FRED BERTINELLI (LSAP) *rappelle que lorsque M. Eiffel a construit sa tour, les gens voulaient la bruler. Aujourd'hui, personne ne remet plus ce monument en question.*
Ceux qui font de la politique depuis un moment savent à quel point il est difficile d'obtenir des infrastructures nationales à Differdange. C'est pourquoi Fred Bertinelli remercie fortement ceux qui sont intervenus dans ce sens.
M. Ruckert s'est interrogé sur la nécessité de ce laboratoire pour les clubs sportifs differdangeois.
(Interruption de M. Ruckert)
Fred Bertinelli signale que la coopération entre LUNEX et les associations est déjà importante notamment dans le domaine de la kinésithérapie. La semaine prochaine, des manageurs de la première et de la deuxième ligue de football allemandes tiendront une conférence dans le centre sportif, et les clubs et les fédérations y sont invités.
En ce qui concerne le laboratoire, les clubs sportifs voudront sans doute faire des tests. M. Alt, le directeur de LUNEX, a promis ce

type de collaboration. C'est pourquoi Fred Bertinelli n'est pas du tout de l'avis de M. Ruckert. Le laboratoire constituera une plus-value pour le sport differdangeois et le sport national.Fred Bertinelli ne partage pas le point de vue de M^me^ Schambourg concernant les élections. Le collège échevinal a fourni toutes les informations dont il disposait. Mais Differdange était en compétition avec d'autres communes et il a fallu jouer des coudes. C'est pourquoi Fred Bertinelli remercie une nouvelle fois ceux qui se sont investis pour Differdange.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *constate que M. Ruckert a été interpelé et lui cède la parole.*

ALI RUCKERT (KPL) *n'a jamais employé le mot «nécessité». Il a simplement dit que la plupart des clubs sportifs de Differdange ne profiteront pas de ce laboratoire. Celui-ci n'est pas créé pour eux.*
Deux conseillers de la majorité se sont plaints du manque de transparence. Le conseil communal ne reçoit pas suffisamment d'informations. Dans ces conditions, comment peut-il approuver ce projet?
Si le collège échevinal souhaite réaliser le projet de la manière dont le gouvernement l'exige, il doit aussi expliquer pourquoi. Ne veut-il pas entrer dans un marchandage qui permettrait de toucher plus de subsides lors de la modernisation du centre sportif? La condition ne serait-elle pas que les choses avancent vite?
(Interruption de M. Traversini)
Ali Ruckert répète que le collège échevinal essaie de passer ce projet à la va-vite. Le conseil communal est placé devant des faits accomplis. Ce n'est pas sérieux.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *a plusieurs questions. Le collège échevinal est-il sous pression? Quel est le calendrier? Differdange risque-t-elle de perdre ce projet s'il était approuvé en juin au lieu de maintenant? Une autre commune profiterait-elle de la situation comme cela a été insinué?*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *répond que l'État souhaite implan-*

téiert sinn. Wann Dir sot, datt dat näischt ass, kann ech net verstoen, wat Der da mengt. Wéi een da méi op d'Landkaart vum Sport wëllt komme wéi dat doten.

An och weiderhin, wann dat Gebai bis do steet, gëtt mat der Lunex zesummegeschafft. Well si och mat deene Leit aus deem Gebai wäerte schaffen, a mat eise Veräiner Tester wëlle maachen, mat de Studenten zesummen. Do ginn eis Veräiner och mat, dat huet den Här Alt, den Direkter vun der Lunex, eis versprach. Sou datt ech dat guer net esou gesi wéi Dir. Dat do ass e ganz grousse Surplus fir eis Sportsveräiner, an net nëmme fir eis Veräiner, mä national.

Zu der Madamm Schambourg wëll ech soen, datt ech dat net esou gesinn, wéi si dat gesäit. D'Landeswahle sinn 2018. D'Gemengewahle sinn déi nächst, déi elo kommen. Ech wëll elo just soen, datt mer do wierklech de Maximum gemaach hunn. An ech wëll nach eng Kéier hei soen, datt mer a Konkurrenz mat anere Gemenge waren. Datt et wierklech mat den Ielebéi gaangen ass, fir dat doten ze kréien. Wann ech déi 112 Gemenge géif froen, wieren der minimum 30, déi géifen „hei" ruffen, fir et och ze kréien. Duerfir nach eng Kéier e groussen, grousse Merci un déi, déi alles gemaach hunn, datt dat Gebai hei bei eis an d'Gemeng kënnt.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Den Här Ruckert ass ugeschwat ginn. Selbstverständlech, Här Ruckert.

ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Häre. Ech hunn dat Wuert Necessitéit iwwerhaapt net an de Mond geholl, Här Bertinelli. Ech weess net, wou Der dorop kommt. Ech hu gesot, dass de groussen Deel vun eise Sportler zu Déifferdeng a vun eise Veräiner ni dohinner wäerte kommen, dass se do getest ginn. Dat gëtt net fir déi gemaach. Dat ass eng ganz aner Saach. An dofir stellen ech mer Froen.

Zwee Conseillere vun der Majoritéit hunn ausserdeem gesot, e feelt un Opklärung. De Gemengerot gëtt net richteg opgekläert iwwert dee Projet, net bis zum Enn. Wéi solle mir dann hei e Projet stëmmen, wa mer net driwwer opgekläert ginn? Sot eis dat emol.

Dir kënnt elo maachen, wéi d'Regierung dat gär hätt. Mä da musst Der och de Leit soen, firwat Der dat esou maacht. Ob net vläicht en anere Kouhandel derbäi ass. Dass Der Iech erwaart, wann d'Hal renovéiert gëtt, déi zweet Phas, dass dann de Staat méi e groussen Deel dovun iwwerhëlt, wann Der déi ganz Saach do séier iwwert d'Bün bréngt. Ma da sot de Leit dat op d'mannst, wann dat esou ass. Dat maacht Der och elo net.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Nee. Mir kënne jo net Saache soen, wou net …

ALI RUCKERT (KPL):

Ech muss Iech ganz éierlech soen – dat ass e puermol gesot ginn, an ech widderhuelen dat och –, dat do ass iwwert de Knéi gebrach. Dir stellt de Gemengerot viru vollendet Tatsaachen. Dat ass e bëssen esou hei an deem Projet. An dat ass net seriö esou eppes.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Déi Fro, op déi ech elo keng Äntwert héieren hunn, dat ass, awéiwäit do den Zäitdrock besteet. Wat ass den Timing? Géif dee Projet eis fortlafen, wa mir deen net dës Kéier, mä eréischt am Juni géife stëmmen? Géif dann direkt eng aner Gemeng aus dem Hutt gezaubert ginn, wéi dat e bëssen insinuéiert gëtt vu verschiddene Stellungnamen? Eng prezis Äntwert dorop hunn ech leider nach net héieren.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech mengen, datt de groussen Drock ass, datt de Staat dat gär heihinner hätt. Mir schwätzen hei wierklech vu ganz groussen Zuele vu Leit, déi hei wäerte getest ginn. Et lafen Zuelen – dat ass nach net konkret, muss ech soen –, zum Beispill vun 350.000 chineseschen Héichleeschtungssportler, wou de Staat am Gaang ass ze kucken, fir déi heihinner ze kréien!

ALI RUCKERT (KPL):

An déi mussen op Lëtzebuerg, op Déifferdeng kommen, fir hei getest ze ginn?

(Gelaachs)

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Ruckert, wat soll ech Iech soen? Amplaz op Stockholm – well soss gëtt et dat néierens – wäerte se dann heihinner kommen. An ech soen Iech, ech hunn och deen heite Gemengerot erlieft, wou mer de 1535° virgestallt hunn. Ech verspriechen Iech, datt Der genau datselwecht wäert a véier, fënnef Joer gesinn, wat hei am Sport geschitt, wéi dat, wat aus dem 1535° ginn ass. Et wäerte Leit vun der ganzer Welt op Déifferdeng an dee Sportslabor kommen. Awer doudsécher. An da musse mer kucken, wat mer maachen.

Am Moment gëtt geschwat vun enger Asbl. Mä dat kann awer och herno nach eng Fondatioun ginn. Do ass dat lescht Wuert nach net geschwat. Wéi och beim 1535°, do si mer schonn annerhalleft Joer am Gaang, fir eng SA draus ze maachen. Do si mer a Gespréicher mam Inneministère. Do gëtt et Gesetzer, déi ee muss anhalen.

Am Moment ass d'Iddi eben eng Asbl. Et kann awer och herno eng Fondatioun ginn. Mä dat kënnt souwisou nach an de Gemengerot. A selbstverständlech, wa mir Proprietär sinn, da wäert jiddwereen, deen déi Säll do benotzt, och bezuelen. Egal wien et ass, an egal, wien herno dat Ganzt wäert betreien.

PIERRETTE SCHAMBOURG (CSV):

Ech wëll nach eng Kéier drop hiweisen, datt ech nimools de Projet a Fro gestallt hunn. Mä datt ech d'Aart a Weis a Fro gestallt hunn, wéi eis dat presentéiert ginn ass. Ech hunn nun emol eng Meenung. An déi hunn ech, egal op wat fir enger Säit vun deem Dësch ech hei sëtzen. A wann ech fannen, datt eis Saache feelen, da soen ech dat, egal ob ech an der Majoritéit oder an der Oppositioun sinn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Très bien! Här Pascal Bürger, w.e.gl.

PASCAL BÜRGER (DP):

Als Ofschloss vun deene ganzen Diskussiounen iwwert dee Projet do, wär et wichteg ze gesinn, dass et sécherlech e Mehrwäert fir d'Gemeng wäert ginn, dee Luxembourg Institute of High Performance in Sports. Mä ech mengen, dass et zwee Volete gëtt, de Sports- an de Bildungsvolet.

Dir hutt geschwat, dass dat fir d'Sportsstad Déifferdeng eng Plus-value wär. Do sinn ech éischter net der Meenung, mä ech mengen, éischter am Beräich vun der Bildung. D'Implantatioun vun der Lunex plus dann deen Institut do, do kann ech dem Här Ruckert recht ginn: Un éischter Stell wäerten Héichleeschtungssportler dohinner kommen a kaum Leit aus den Déifferdenger Veräiner. Déi zwou Saache muss een auserneenhalen.

An et muss een och wëssen, dass dee ganze Site do schonn ugaangen ass mat dem Terrain, mat der Piscine, an da kënnt d'Lunex. Dass dat alles e risegroussen Zesummenhang ass.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Selbstverständlech huet d'DP eppes domat ze dinn.

ter le laboratoire à Differdange. Il est question de nombreux sportifs, et notamment de 350 000 athlètes chinois qui viendraient à la Coque.

ALI RUCKERT (KPL) *demande si ces athlètes seront testés à Differdange. (Rires)*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *ne sait pas quoi dire d'autre. Au lieu de se rendre à Stockholm, ils viendront ici. Il n'y a pas d'autres laboratoires de ce type.*
Roberto Traversini a déjà vécu ce type de situation avec le 1535 °. Il se dit convaincu que dans quatre ou cinq ans, on comparera le laboratoire au 1535 °, mais dans le domaine du sport. Des gens du monde entier viendront à Differdange. Roberto Traversini en est certain.
Pour ce qui est de la forme juridique, il est question actuellement d'une ASBL. Mais il pourrait aussi s'agir d'une fondation.
Roberto Traversini rappelle que la Ville de Differdange essaie de transformer le 1535 ° en SA depuis un an et demi. Des discussions sont en cours avec le ministère de l'Intérieur. Mais il faut respecter les lois.
Pour le moment, on parle d'une ASBL, mais une fondation reste possible.
Il est clair que si la commune est propriétaire des locaux, ceux qui les exploiteront devront payer.

PIERRETTE SCHAMBOURG (CSV) *tient à préciser qu'elle n'a pas remis en question le projet, mais la façon dont il a été présenté. Elle a une opinion précise à ce sujet.Qu'elle fasse partie de l'opposition ou de la majorité n'y change rien.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *approuve les propos de M^me^ Schambourg et cède la parole à M. Bürger.*

PASCAL BÜRGER (DP) *plaisante sur le fait qu'il ne fait que tester le micro.*
(Rires)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *répond qu'il fonctionne.*

PASCAL BÜRGER (DP) *estime que le Luxembourg Institute of High Performances in Sports constituera une*

plus-value pour Differdange, surtout dans le domaine de la formation.
M. Ruckert a raison de dire que ce sont les athlètes de haut niveau qui en profiteront et pas les clubs differdangeois. Par ailleurs, il faut se rendre compte que le stade, la piscine et LUNEX sont liés.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *concorde sur le fait que le DP n'y soit pas étranger.*

PASCAL BÜRGER (DP) *parlait à titre personnel.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *avait cru comprendre autre chose.*
(Vote)
Roberto Traversini passe à la rénovation de la façade de l'École de musique.

TOM ULVELING (CSV) *explique que 15 ans après avoir rénové la salle de musique, il est temps de s'attaquer à la façade et à l'escalier.*
Le devis se monte à 70 000 €, dont 23 000 € pour l'escalier, 29 000 € pour la façade et 5000 € pour la porte d'entrée.
La commune profitera aussi de ces travaux pour inspecter le toit.La façade sera lavée.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *cède la parole à M^me^ Goergen, qui a sans doute bien profité du bâtiment repeint par M. Ulveling il y a 15 ans.*
(Rires)

MARTINE GOERGEN (DP) *ne voit rien d'étonnant à ce qu'elle veuille commenter ce projet. Elle fait partie de ceux qui ont passé le plus de temps dans la salle en question au cours des dix dernières années.*
Elle y a aussi passé des nuits.
(Rires)
L'École de musique est au cœur de la vie associative de Martine Goergen. Elle se réjouit que la façade soit rénovée.
La salle de musique a été aménagée il y a 15 ans ensemble avec la cave. Or les problèmes d'humidité dans la cave subsistent et les murs sont fissurés.
Martine Goergen espérait qu'on profiterait de ce chantier pour s'oc-

PASCAL BÜRGER (DP):

Nee, ech wollt dat elo guer net dowéinst soen. Dat hei ass elo wierklech reng perséinlech.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Exzellent.

PASCAL BÜRGER (DP):

Ech profitéiere jo dovunner an anere Funktiounen och.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech soen Iech Merci fir déi flott Ureegungen. Da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide avec 18 voix «oui» et 1 voix «non» d'approuver le projet de rénovation et d'extension du Centre sportif d'Oberkorn.

Da géife mer zum Punkt f kommen, d'Renovatioun vun der Fassad vun der Museksschoul. Den Tom Ulveling stellt eis dat vir.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, nodeems viru bal 15 Joer de Musekssall nei gemaach ginn ass, hu mer elo geduecht, et misst een d'Fassad nei maachen. Respektiv och déi Trap, déi an dee Sall geet, well déi zimlech ramponéiert ass.

Dofir hu mer en Devis virgesi vu 70.000 Euro: 23.000 Euro fir d'Trapen, 29.000 Euro fir d'Fassad selwer. An et kënnt eng nei Entréesdier dohinner, respektiv déi gëtt reparéiert, fir 5.000 Euro.

Mir wäerten dovunner profitéieren, wann dat Gestell do steet, fir nom Daach ze kucken. An dat dann an engems ze maachen. Fir dass mer net zweemol mussen eng Stee opriichten an dann zweemol Käschte géifen erfalen. Well d'Stee ass bal ëmmer dat deierst.

D'Fassad gëtt ofgewäsch, gebotzt an ausgefout. Déi ganz Strooss, dee ganze Site, d'Schoulen, ass da praktesch restauréiert. Dat passt dann e bësse besser an d'Landschaftsbild. Ech hoffen, dass Der fir dee Kredit stëmmt.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci, Här Ulveling. Madamm Goergen, w.e.gl., déi vun deem Gebai profitéiert, wat den Här Ulveling viru 15 Joer ugestrach huet.

(Gelaachs)

MARTINE GOERGEN (DP):

Ech mengen, et wonnert keen, dass ech elo eppes wëll dozou soen. Ech gehéieren zu deem klenge Grupp vu Mënschen, deen an deene leschten zéng Joer wahrscheinlech déi meeschte Stonnen an deem Sall do verbruecht huet. Et ass wierklech en Häerzstéck vu mengem Veräinsliewen.

Ech soe ganz kloer, dass ech frou sinn, dass d'Face renovéiert gëtt. Dat ass, wéi Der scho sot, am Konzept vun där ganzer Strooss. Déi einfach ufänkt gutt auszegesinn, doduerch dass d'Haiser, eent nom aneren, an och d'Schoule frësch gemaach ginn.

A wéi Der och richteg gesot hutt, ass de Musekssall viru 15 Joer amenagéiert ginn. Deemools war och profitéiert ginn, fir de Keller mat ze amenagéieren. Ech profitéieren einfach dovunner, fir nach eng Kéier op e Problem hinzeweisen. Dir waart an eiser Generalversammlung, Dir konnt Iech dat ukucke virun der Renovatioun an no der Renovatioun. Do ass e Problem ënnen am Keller. En ass fiicht, d'Mauere sinn ugegraff, et si Rëss an de Maueren.

Ech stelle mer einfach dës Froen: Wéi gesond ass dat? Wéi sécher ass dat? Ech hat gehofft, dass ee kéint elo profitéieren, wann een ufänkt d'Face ze maachen, fir vläicht eventuell och duerno kéint kucken. Mä et ass awer elo net, dass ech dee Punkt hei net kéint matdroen. Absolutt net. Nach eng Kéier,

just e klenge Rappell: Iwwerleet Iech dat. Och wann et en onangenehme Chantier duerch d'Schoul hannendrun ass. Iwwerleet Iech, ob Der dat net och nach wëllt maachen.

Trotzdeem stëmme mir dëse Punkt als DP selbstverständlech mat.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci. Nach Wuertmeldungen? Dann huet den Här Tom Ulveling d'Wuert.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Mir hunn dat jo scho matenee beschwat. De Problem ass, et gëtt immens deier, well et muss ee ronderëm dee Sall alles fräi kréien. Esou ee Keller ass einfach net geduecht an hätt ni däerfte benotzt gi fir Archivage vu relativ deieren Instrumenter oder vu Pabeier an esou.

Wéi gesot, dat gëtt e risege Käschtenopwand. An ech froe mech, ob dat derwäert ass, well een ni ka sécher sinn, dass d'Fiichtegkeet net awer duerno erëm vun ënnen eropzitt an deem Keller. En ass schlecht belëft. En ass och net gutt ze belëften. Mir kucken dat nach eng Kéier no. Awer, wéi gesot, ech hunn elo schonn dräi- oder véiermol mat eise Leit am CID driwwer geschwat. Si fanne keng Léisung, ausser wéi gesot eng groussflächeg Sanéierung. Mä da schwätze mer net méi vu 70.000 Euro. En attendant géif ech dann drëm bieden, déi ganz kostbar Saache vläicht net direkt do ze hannerleeën.

(Diskussiounen)

Et ass e Keller. Dat musse mer eis awer bewosst sinn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo, Madamm Goergen, ganz gären.

MARTINE GOERGEN (DP):

Wann ech kuerz däerf drop reagéieren. Ech ginn Iech recht, dass dat keng gutt Plaz ass, fir Archiven a Saache stoen ze hunn. Mir hunn do 5.000 Partituren. Et ass ee vun deene gréissten Archiven am Land fir Museksnouten. Mir hu kee Problem, deen op eng aner Plaz ze setzen, mä proposéiert eis eng Plaz. Ech schwätzen elo natierlech als Veräinsvertrieder. Wéi gesot, ech ginn Iech recht, wann Der sot, dass dat keng Plaz ass, fir déi Saache stoen ze hunn. Proposéiert eis eng aner Plaz, mir stelle se gären ëm.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Da kucke mer mol, wat d'Parteien an hire Wahlprogramm schreiwen. Da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la rénovation de la façade de la salle de musique de Differdange.

Exzellent. E Punkt, dee mer schonn hei am Gemengerot haten, wou mer all dofir waren, mä wou mer awer leider kee fonnt hunn, deen eis dat wollt fir dee Präis bauen. Et geet hei ëm d'Extensioun vun der Nidderkuerer Schoul, wou mer hannendru mussen eppes Neies maachen.

Den Här Muller wäert Iech erklären, wéi wäit mer elo sinn. Ech wëll deem virgräifen: Mir hunn der elo zwee fonnt, déi eventuell interesséiert wären, dat ze maachen. Här Muller, w.e.gl.

SCHÄFFEN ERNY MULLER (LSAP):

Dat ass déi erfreelech Nouvelle. Déi manner erfreelech ass déi, dass mer effektiv, wéi den Här Buergermeeschter elo sot, keen Anbieter hate fir déi éischt Phas. Dir wësst, dass mer déi Schoul ausbaue wëllen. A ganz schnell, well mer jo schonn de Container am Virfeld ewechgeholl hunn a gesot hunn, da musse mer awer elo schnell reagéieren. An der Theorie war dat alles an der Rei.

Mä an der Praxis muss ee soen, dass dee Büro MC Management, dee mer do engagéiert hunn, vläicht ze vill eng optimistesch Präisvirgab gemaach hat an deem Verfahren. Et ass net, dass et däerf *cuper aussi de la cave. Mais elle approuvera malgré tout ce projet. Elle demande simplement au collège échevinal de réfléchir à la question même si le chantier n'est pas évident à cause de l'école juste derrière.*

TOM ULVELING (CSV) *en a déjà débattu avec M^me^ Goergen. De tels travaux couteraient extrêmement cher.*
Une telle cave n'est pas destinée à abriter des instruments ou du papier. Tom Ulveling se demande s'il vaut la peine de réaliser de tels travaux alors que rien ne garantit leur réussite. La cave est difficile à aérer. Mais le collège échevinal réfléchira à la question, qui a d'ailleurs été abordée à plusieurs reprises avec l'équipe du CID sans qu'une solution ait pu être trouvée.
Si le collège échevinal se décidait pour un assainissement complet, il ne serait plus question de 70 000 €.
En attendant, Tom Ulveling conseille de ne pas entreposer d'objets chers dans la cave.
(Discussions)
Tom Ulveling répète qu'il faut être conscient que c'est une cave.
(Discussions)

MARTINE GOERGEN (DP) *concorde sur le fait que le local n'est pas idéal pour y entreposer des archives. L'École de musique dispose de 5000 partitions. C'est une des archives les plus importantes du pays. Martine Goergen veut bien les stocker ailleurs, mais où? M. Ulveling n'a qu'à faire une proposition.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *propose aux différents partis politiques de faire des suggestions dans le programme électoral.*
(Vote)
Roberto Traversini passe à l'extension de l'École de Niederkorn, un projet ayant déjà été approuvé à l'unanimité, mais où la commune n'a pas trouvé de promoteur voulant le réaliser au prix prévu. Les choses semblent toutefois bouger.

ERNY MULLER (LSAP) *confirme qu'il n'y a pas eu d'offre pour la première phase.*
Le collège échevinal veut faire avancer ce projet, car le conteneur en face de l'école a déjà été enlevé.

Théoriquement, il n'y a pas de problème. Mais dans la pratique, il s'est avéré que le bureau MC Management avait été trop optimiste en ce qui concerne le prix.
Les entreprises devront remplir plusieurs conditions, et notamment préserver les deux grands arbres. Le collège échevinal a aussi pensé à aménager une annexe, mais cela comporte un risque de glissement de l'école actuelle. Pour toutes ces raisons, le prix prévu s'est révélé trop bas. Il a donc fallu lancer une deuxième procédure.
Dans le cadre de cette procédure, c'est la commune qui a fixé le plan de l'école et non l'entreprise.
Finalement, le nouveau prix se monte à 2676 € le m2 au lieu de 2062 €. En tout, cela représente 1 708 200 € TTC pour 4 salles de classe. La salle du précoce fera 105 m2, soit le double d'une salle de classe normale. Sur les trois salles de la maternelle, une est un peu plus grande. Il y aura aussi un préau pour les enfants et une salle de conférence pour les enseignants. Une salle de stockage est aussi prévue pour les femmes de ménage et tous ceux qui interviendront dans ce bâtiment.
Le prix final est donc de 1 708 200 €, soit 500 000 € de plus qu'initialement prévu.
La soumission a été lancée le 8 mai. Le collège échevinal a reçu deux projets intéressants. Ils seront présentés au conseil communal lors d'une des prochaines séances.
Erny Muller voudrait commencer les travaux au début des grandes vacances, c'est-à-dire mi-juillet, pour ne pas déranger les enfants. Les travaux dureront un an. L'école devrait donc être achevée à temps pour la rentrée 2018.
Erny Muller répète que le devis passe de 1 207 000 € à 1 708 200 €. Il demande aux conseillers communaux de l'approuver.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
signale qu'un deuxième devis se montait à plus de deux-millions. C'était trop.

FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)
est connu pour toujours bloquer des projets à cause des arbres.

kaschten, wat et wëllt, mä do muss een de Präis anhalen. Dee Präis war wahrscheinlech fir deen doten Terrain ze vill enk bemooss.

Well déi Entreprisen hu misste Konditiounen erfëllen. Dat heescht, mir hate ganz kloer virginn, dass déi zwee Haaptbeem misste stoe bleiwen, wat wierklech schéi Beem sinn. Och déi Käschtebeem, wat gestane Beem sinn, déi an deem Beräich stinn. Dat war eng Prämiss.

Eng aner Alternativ wär gewiescht, et hätt een ugebaut. A wann een ugebaut hätt, hätt de Risiko bestanen, dass den Ënnerbau vun där aktueller Schoul agerutscht wär. Sou dass een hätt misste ganz massiv Méikäschten engagéiere fir déi bestoend Schoul. Alles dat huet dozou gefouert, dass de Käschtepunkt am Fong ze niddreg ugesat war. Wat zur Folleg hat, datt mer hu mussen an eng zweet Prozedur goe mam Verfahren.

Wat hu mer du gemaach? Mir hunn emol fir d'éischt ënnersicht, wéi de Footprint, dat heescht de Grondrëss vun där Schoul kéint ausgesinn. An där zweeter Ausschreiwung hate mer dee virginn. Do war et net méi esou, dass d'Entreprise dee sollt selwer sichen, mä déi hunn do eng Virgab kritt, wéi dee Grondrëss sollt ausgesinn. A wat fir engem, Baufeld, souzesoen, déi Schoul da kéint gebaut ginn.

Wat sinn dann elo d'Méikäschten? Wouduerch entstinn déi? Op wat fir e Präis musse mer elo kommen, dass mer déi Käschten do kënne justifiéieren? Et ass en neie Präis ausgerechent an ënnersicht ginn, dee sech op 2.676 Euro de Metercarré beleeft. Wou ee virdrun an der éischter Ausschreiwung bei 2.062 Euro de Metercarré war.

Sou dass mer eis elo haut an enger Situatioun befannen, wou déi Schoul 1.708.200 Euro TTC kascht. Dat si véier Schoulraim, dovun ee Precoce. Dee Sall ass mat 105 Metercarré bal duebel esou grouss wéi en normale Schoulraum. An dräi Spillschoulssäll, ee méi e grousse Spillschoulsraum an zwee normal Schoulraim. Et kënnt ee gréissere Préau, wat am Avantage ass vun de Kanner. An e Konferenzraum, wat am Avantage ass vun den Enseignanten. Well d'Schoul St. Pierre zu Nidderkuer an der Spillschoul huet momentan keen. Mir hu fonnt, dass et wichteg wär, dass d'Botzpersonal, d'Leit, déi an deem Gebai intervenéieren, och Raimlechkeete kréien. An et kënnt en zousätzleche Stockage-Raum bäi.

Wouduerch mer op e Käschtepunkt komme vun 1.708.200 Euro. Dat sinn ëmmerhin 500.000 Euro méi. Mä mir kréien awer och méi amplaz: méi Surfacen, méi Fassadeberäicher an esou weider.

Den 8. Mee, dat war e Méindeg, war d'Ouverture vun der Soumissioun. Mir kruten do zwee ganz interessant Projete virgestallt, déi liicht ënnert dem Präis leien. Wierklech ganz interessant a flott Projeten. Dat hu mer elo just eréischt opgemaach. Dat konnte mer Iech nach net virleeën. Mä dat maache mer an enger vun deenen nächste Sitzungen. Deen interessantste Projet kritt dann den Zouschlag.

Wéi ass et mam Termin? Ech mengen, et wär am Intérêt vu jidderengem, dass mer ufänken, wann d'grouss Vakanz ugeet. Dat heescht, Mëtt Juli géif dann ugefaange ginn auszeschachten, well d'Kanner dann net an der Schoul sinn. Da stéiert dat d'Kanner net, wann ausgeschacht gëtt mat Baggeren.

D'Bauzäit wär, laut Angab vun den Entreprisen, ee Joer. Sou dass mer – an ech mengen, do ass den Här Liesch da frou – am September 2018 déi nei Schoul definitiv kënnen a Besëtz huelen. D'Kanner haaptsächlech, well ëm déi geet et jo.

Wann dozou nach Froe sinn, sinn ech gäre bereet, Iech drop ze äntweren. Ech soen Iech Merci. Wéi gesot, deen Devis, dee mer gestëmmt haten, geet vun 1.207.000 Euro erop op 1.708.200 Euro. Iwwert dee stëmme mer haut of, wann Der domadder d'accord sidd.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Mir haten nach en anere vun iwwer zwou Milliounen. Dat war dem Schäfferot awer ze vill. Do ass et nach e bëssen erofgaangen. Et si vill Suen, mä d'Schoul ass eben deier.

Här Schwachtgen, ganz gär.

FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Ech si jo deen, deen den Numm huet, ëmmer Saachen ze blockéiere wéinst Beem. Oder ze probéieren ze blockéieren. Mä grad an dësem Beispill weist et sech, dass mat guddem Wëllen – wou ech dem Här Muller als Bauteschäffen och villmools Merci soen –, e Mariage konnt stattfannen tëschent Architektur an existenten, stattleche Beem. Déi wierklech scho monumental sinn, déi schonn eng oder zwou Generatioune vu Mënschen iwwerlieft hunn. Dass déi kënnen erhale bleiwen a sech eng Architektur deene Gegebenheeten upasse léisst.

Wann ech dann héieren, dass kollateral Beneficer e Préau, eng Konferenz, e Botzraum sinn, duerch eng aner Architektur, dann ass dat jo eng ganz positiv Saach, déi dobäi erauskomm ass.

Déi negativ Saach ass natierlech 500.000 Euro méi. Mä ech mengen, dat sollt et eis wäert sinn, fir méi Raum a virun allem och méi Natur ëm d'Schoul ze kréien. An och doduercher méi Sauerstoffproduktioun fir eis alleguerten, méi Villercher, méi Biotop ronderëm eng Schoul, wat awer och ganz wichteg ass fir d'Kanner.

Net ze vergiessen, dass mer gläichzäiteg eise Schoulraum moderniséieren, verbesseren an de Gegebenheeten upassen. Wat eben eng demografesch Evolutioun ass, zemools zu Nidderkuer. Do hu mer wierklech eppes Guddes geschafft. An ech soen och Merci derfir.

Ech wëll awer nach eng Kéier op d'Beem zréckkommen. Während der Bauphas sollt een oppassen …

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Déi gi geschützt.

FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

… dass do näischt geschitt. Dass de Wuerzelraum net ze vill gestéiert gëtt, respektiv d'Protektioune ronderëm d'Stämm musse fachgerecht ubruecht ginn. Villmools Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Mir wäerte versichen, se esou ze schütze wéi uewen an der Woiwerstrooss.

FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Genau.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Ruckert, w.e.gl.

ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Häre, Dir wësst, dass ech hei als Vertrieder vun der Kommunistescher Partei ëmmer drop gedrängt hunn, dass d'Container sou séier wéi méiglech missten ewechkommen an dass uerdentleche Schoulraum géif geschaaft ginn.

An deem hei Fall si se vläicht ze séier ewechkomm.

(Gelaachs)

An et muss ee soen, dass de Schoulbetrib grouss Schwieregkeeten huet, fir sech ze organiséieren, an déi Leit, déi Schoul halen, relativ onzefridden doriwwer sinn, wéi dat am Moment funktionéiert. Dofir wär natierlech ze hoffen, dass déi Aarbechten, wéi dat hei ugekënnegt ginn ass, ganz séier kéinten an Ugréff geholl ginn an dann och séier kéinte realiséiert ginn. Dass herno eng méi schéin an eng besser Schoul dosteet.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Da kommt, mir stëmmen dat ganz schnell. Mir géifen zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'extension du bâtiment scolaire situé dans la rue Saint-Pierre à Niederkorn.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *proteste.*

FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG) *remercie M. Muller, qui a réussi à sauver deux arbres monumentaux ayant survécu à deux générations d'hommes.*
L'architecture a dû être adaptée, ce qui a en plus permis d'aménager un préau, une salle de conférence et une salle de stockage. Bref, il n'y a que du positif.
D'un autre côté, le devis a augmenté de 500 000 €. Mais il s'agit d'un investissement dans les écoles et dans l'environnement. L'école sera modernisée et tiendra compte de l'évolution démographique à Niederkorn.
Fränz Schwachtgen souhaite revenir sur les arbres.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *explique qu'ils sont protégés.*

FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG) *ajoute que la protection des racines et du tronc devra se faire dans les règles de l'art.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *répond que l'on procèdera de la même façon que dans la rue Woiwer.*

ALI RUCKERT (KPL) *a toujours insisté pour que l'on enlève les conteneurs scolaires aussi vite que possible. Mais cette fois-ci, le collège échevinal a peut-être été trop rapide.*
(Rires)
L'école a beaucoup de mal à s'organiser.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *est au courant.*

ALI RUCKERT (KPL) *ajoute que les enseignants sont mécontents. C'est pourquoi il faudrait que les travaux commencent vite et se déroulent rapidement.*
(Vote)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *passe au point fort de cette séance. Le collège échevinal a reçu une réclamation de la part de M. Schwachtgen.*

FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG) *confirme les propos de M. Traversini.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *ajoute que M. Wintringer a aussi réclamé.*

ARTHUR WINTRINGER (DP) *confirme les propos de M. Traversini.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *a demandé au ministre de l'Intérieur si les deux conseillers communaux pouvaient participer au débat. Car ils ne peuvent pas réclamer d'un côté et prendre la décision de l'autre.*
Les deux conseillers communaux ayant confirmé qu'ils ont déposé une réclamation et qu'ils possèdent du terrain bordant le PAP, ils ne peuvent pas trancher sur le bien-fondé de leurs propres réclamations. En plus, ils pourraient influencer le vote des autres conseillers communaux.
C'est pourquoi Roberto Traversini demande à M. Schwachtgen et à M. Wintringer de s'assoir avec le public ou dans le couloir.
(Rires)
(Discussions)
Roberto Traversini a reçu cette information ce matin à 8 h 25 par courrier électronique. C'est pourquoi il n'a pas pu prévenir le conseil communal plus tôt.
Il s'agit d'un PAP dont il est question depuis longtemps puisqu'il a été entamé en 2006. Une modification du PAG a été votée le 16 février 2006.À l'époque, la Ville de Differdange a procédé à des reclassements de PAP et Ouschterbour en faisait partie. Certaines parties du territoire permettaient des constructions plus denses alors que le collège échevinal n'était pas de cet avis. Le 11 mai 2006, le conseil communal a décidé à l'unanimité de reclasser une Hab 2 en une Hab 1.
Roberto Traversini espère que les conseillers communaux se souviendront de ce vote à l'unanimité lorsqu'ils prendront une décision tout à l'heure.
À l'époque, une pétition avait été organisée pour bloquer le projet, mais le conseil communal avait dé-

Elo komme mer zu engem spannende Punkt. Ech hoffen, datt dat den Héichpunkt gëtt. Ier ech op de Punkt ze schwätze kommen – ech krut zwou Reklamatiounen eran. Ech wollt froen, ob dat esou ass. Ech hunn eng Reklamatioun am Dossier leie vum Här Schwachtgen. Ass dat esou Här Schwachtgen?

FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Jo.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

An ech hunn eng Reklamatioun vum Här Wintringer hei leien. Här Wintringer ass dat esou?

ARTHUR WINTRINGER (DP):

Jo.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Doropshin hunn ech den Inneminister gefrot, ob Der däerft un der Debatt deelhuelen. Well et kann ee jo net op där enger Säit reklaméieren a gläichzäiteg am Gemengerot iwwert d'Reklamatioun ofstëmmen. En plus hutt Dir zwee, wann ech mech net ieren, Terrain, deen un de PAP Ouschterbur ugrenzt. Ass dat esou?
Arthur Wintringer (DP):

Jo.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech liesen Iech vir, wat den Inneminister eis geschriwwen huet. An dësem Fall ass et esou: Nodeems ech gefrot hunn, ob Der Reklamatioune gemaach hutt, wann Ären Terrain dorunner ugrenzt, hunn déi zwee Conseilleren, den Här Schwachtgen an den Här Wintringer, an hirer Qualitéit als Gemengeconseiller Reklamatiounen deposéiert géint de PAP. Dat hutt Der gemaach an och elo grad bestätegt.

An deem Sënn ass et net concevabel an engem Rechtsstaat, datt e Conseiller iwwert de Bien-fondé vun enger Reklamatioun, vun där hien Auteur ass, tranchéiere kann. Nom Prinzip: „Nul ne peut être juge et partie à la fois". An deem anere Fall hätten d'Conseilleren, d'Reklamanten, extra Rechter par rapport zu deenen aneren Administrés, wa si um Debat géife participéieren a kéinten de Vott vun den anere Memberen aus dem Conseil influencéieren. Wat sécher géint de Prinzip vun der Égalité virum Gesetz wier.

Domadder wier ech frou, wann Der dann net géift un der Debatt deelhuelen. An ech wier frou, wann Der géift bei de Public goen oder Iech gemittlech an de Gank sëtzen. Dat hunn ech réischt de Moie kritt. Wann ech dat éischter kritt hätt, hätt ech Iech dat éischter matgedeelt. Ech hunn dee Mail um 8:25 Auer de Moie kritt. Dofir wollt ech Iech dat dann och matdeelen.

Da géife mer zum Punkt kommen. En ass scho laang, laang am Gespréich. Den Här Muller wäert op all Detail agoen. Et ass e Projet, wou mer eis vill mat de Bierger a Biergerinnen zesummegesat hunn.

Dee Projet ass schonn 2006 ugaangen. Dat war déi Zäit, wou d'Stad Déifferdeng d'PAGen ëmklasséiert huet. Do war den Ouschterbur mat dran. Dat war den 11. Mee 2006. An de 16. Februar hu mer eng Modifikatioun vum PAG gemaach.

Deemools hate mer ganz vill Deeler aus dem Stadterritoire ëmklasséiert, fir méi dicht ze bauen. Wou mer awer deemools fonnt hunn, dat sollt net esou sinn. De Gemengerot hat dat 2006 unanime gestëmmt. Ech kann Iech herno soen, wien dat war, wann Der dat gär hätt. De Gemengerot war deemools unanime der Meenung, datt ee soll aus enger Hab 2 eng Hab 1 maachen. Wat dunn och geschitt ass. Dat war Mee 2006. Dat ass unanime an enger Deliberatioun festgehale ginn.

Ech wier frou, wann déi Leit, déi hei ronderëm den Dësch sëtzen, sech dorunner erënneren, wat se 2006 unanime gestëmmt hunn. Déi Zäit gouf et och eng Petitioun, fir dat do erauszehuelen. Wou de Gemengerot unanime gesot huet: Nee, mir hätte gär, datt do soll gebaut ginn. Just fir Iech dat an Erënnerung ze

ruffen, ier den Här Muller elo d'Wuert kritt.

SCHÄFFEN ERNY MULLER (LSAP):

Ech hunn déi flott Aufgab, Iech de PAP Ouschterbur virzestellen. Dat ass meng Charge. Et ass eng vu menge Responsabilitéiten als Bauteschäffen. Ech assuméieren déi Responsabilitéit, an ech wëll och hei de Schäfferot an d'Gemeng sou gutt wéi méiglech vertrieden, no alle Borden. Dat heescht souwuel, wat eis Populatioun an d'Anrainer ubelaangt, wéi och déi, déi en Intérêt hunn, do ze bauen, op engem Perimeter, deen als Bauland ausgewisen ass.

Et handelt sech bei dësem PAP ëm en Terrain geleeën zu Uewerkuer, déi eng Säit ugrenzend un d'Gäert vun der rue Woiwer an déi aner Säit un déi vun der rue de Belvaux an deelweis och un d'rue Pierre Martin. Des Weidere grenzt de PAP un d'rue Ouschterbour respektiv un dee Wee vun der rue Ouschterbour Richtung Bielesser Strooss.

D'Gesamtenvergure vum Terrain ass 124,94 Ar. Den Terrain ass situéiert an enger Zone d'habitation1, eng Hab 1 also, mat engem COS vun 0,4 an engem CMU vun 0,8.

Erlaabt mer direkt uganks e klengen Historique, wéi et zu dëser Ëmklasséierung vum PAG komm ass. Den Här Buergermeeschter ass schonn drop agaangen. D'Modifikatioun vum PAG huet sechs Zone betraff a war eng éischte Kéier den 22. Februar 2006 am Gemengerot. Ech korrigéieren Iech, well d'Publikatioun war de 16., an den 22. war d'Sitzung.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ganz richteg, Här Muller.

SCHÄFFEN ERNY MULLER (LSAP):

De Perimeter vun deem aktuelle PAP Ouschterbur war deemools ënnert der Zon Breitfeld presentéiert ginn. Deemools scho goufen et eng Partie Reklamatiounen, wéi den Här Buergermeeschter sot. De Gemengerot hat dëse Reklamatioune Rechnung gedroen an der Gemengerotssitzung vum 17. Mee 2006, wou dës Zon vun engem Baugebiet WOB 3 – den Hab 2 war déi Zon niewendrun, mä d'rue Woiwer huet sech no hannen erstreckt als eng WOB 3 –, zréckklasséiert ginn als eng Hab 1.

WOB 3: Do konnt ee baue Rez-de-Chaussée plus zwee Stäck plus e Retrait. De COS an de CMU ware wesentlech méi héich, wéi dat elo mat engem COS vu 0,4 an engem CMU vun 0,8 de Fall ass.

De Vott vum 11. Mee 2006, ënnert dem deemolegen DP-Buergermeeschter, war unanime. 17 Stëmmen derfir. Mer haten nëmme 17 Conseilleren am Gemengerot deemools. Et sinn haut nach néng Conseilleren am Gemengerot aus där Zäit, dorënner zwee DP-Conseilleren, déi deemools um Vott deelgeholl haten.

Wéi gesot, wann Der se wësse wëllt, mir kënnen Iech se opzielen.

(Interruptioun)

Da kéim ech op den Avis vun der Cellule d'évaluation vum Ministère de l'intérieur ze schwätzen, dee mer den 3. Februar 2017 erakritt hunn. Deen hutt Der am Dossier. Deen hält ganz kloer fest, ech zitéieren: „Le projet d'aménagement particulier, PAP, est conforme au plan d'aménagement général PAG tel qu'en vigueur". Also dat ass déi éischt Feststellung vun der Kommissioun vum Interieur, déi ganz kloer seet: Dir sidd do an engem Baugebiet Hab 1, an de PAP ass PAG-konform. Ech mengen, eng Kommissioun weess jo, vu wat se schwätzt. Si ass d'Autorité supérieure an deem Sënn.

Ech wëll dann op d'Reklamatiounen agoen, déi de Schäfferot am Kader vum PAP Ouschterbur no der Presentatioun am Ale Stadhaus erakritt huet. Ech gi se chronologesch duerch, wéi se am Aidemémoire am Dossier vum Gemengerot virleien. Also do ass keng Prioritéit zu kenger Persoun. Et ass einfach esou klasséiert ginn. All Reklamatioun war recevabel.

Déi éischt Reklamatioun ass déi vun der Famill Weber-Renoir. Si reklaméieren ënner a) Accès principal et unique du lotissement par la rue Woiwer, an ënner b) Classement au PAG du terrain prévu comme accès principal au nouveau lo-

cidé à l'unanimité de ne pas en tenir compte.

ERNY MULLER (LSAP) *rappelle que le terrain se trouve à Oberkorn entre les jardins de la rue Woiwer et ceux de la rue de Belvaux et de la rue Pierre-Martin. Le PAP jouxte aussi le chemin allant de la rue Ouschterbour à la route de Belvaux.*
Le terrain fait 124,94 a. Il est situé dans une zone d'habitation 1 avec un COS de 0,4 et un CMU de 0,8.
La modification du PAG dont a parlé le bourgmestre concernait six zones. Elle a été soumise au vote du conseil communal le 22 février 2006 et non le 16.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *confirme s'être trompé dans la date tout à l'heure.*

ERNY MULLER (LSAP) *rappelle qu'à l'époque déjà, plusieurs réclamations avaient été déposées. Le conseil communal en avait tenu compte dans sa séance du 17 mai 2006 et avait reclassé la zone de WOB 3 en Hab 2 et la rue Woiwer de WOB 3 en Hab 1.*
Une zone WOB 3 permet des constructions d'un rez-de-chaussée plus deux étages et un retrait. Les COS et CMU étaient aussi considérablement plus élevés que maintenant.Le 11 mai 2006, le vote du conseil communal a été unanime, soit 17 voix pour. Sur ces 17 conseillers, 9 sont encore là aujourd'hui, dont 2 démocrates. Erny Muller peut les énumérer.
(Interruption de M. Diderich)
Erny Muller confirme qu'il y en a neuf.
(Rires)
Il ajoute que le 3 février 2017, la Cellule d'évaluation du ministère de l'Intérieur a remis son avis: le PAP est conforme au PAG en vigueur.
L'échevin revient par ordre chronologique sur les réclamations déposées après la présentation du projet à l'Aalt Stadhaus. Toutes les réclamations étaient recevables.
La famille Weber-Renoir a pris position quant à l'accès principal du lotissement par la rue Woiwer, le classement au PAG du terrain prévu comme accès principal et la gestion des eaux.

Pour ce qui est du classement au PAG, il existe une servitude pour maison unifamiliale. Mais cette servitude n'est valable que pour la construction d'une maison unifamiliale. Or ici, il s'agit de construire un accès.
En ce qui concerne la gestion des eaux, l'autorisation de l'Administration de la gestion des eaux est nécessaire. Les problèmes seront réglés à travers cette autorisation.
Le quatrième point de la réclamation porte sur les biotopes importants. C'est un fil rouge à travers les réclamations. Le promoteur procèdera à des compensations.
La réclamation de M. Daniel Schmit concerne le tracé des routes, la densité de construction — règlementée par le PAG —, la disposition des terrains, les systèmes de séparation, les toits verts et les mesures de compensation. La plupart de ces points seront pris en compte.
La famille Dechmann s'inquiète de la présence éventuelle de sources sur ce site.Elle doute de la stabilité du sol et de la sécurité des maisons, et se pose des questions quant aux accès, la qualité de vie et l'environnement.
M^me^ Giuliana Mondot-Sebastiani a joint à sa réclamation une pétition signée par soixante riverains. Les deux conseillers communaux exclus du débat en font partie. La réclamation concerne les problèmes de trafic autour du PAP, ainsi que les accès, la nature, les espaces verts, la faune et la flore et les compensations. Elle mentionne aussi la gestion des eaux et le problème des sources. Enfin, elle critique aussi le PAP Hannert Mëschelsheck.
La réclamation de M. João Machado porte sur l'accès principal, la gestion des eaux et l'ilot vert.
M. Fränz Schwachtgen parle d'une incompatibilité entre la partie graphique et le rapport justificatif dans sa première réclamation.
Une deuxième réclamation de la famille Dechmann parle des zones vertes, de la nature, de la faune et de la flore ainsi que des risques pour les maisons existantes.
La famille Pereira Pinto critique l'accès principal et unique, l'accès au terrain en relation avec la servitude, la gestion des eaux et les conséquences de l'ilot vert.

tissement. Dat heescht Classement au PAG, well op deem Punkt eng Servitude fir Maison unifamiliale ass. Déi Servitude gëllt awer nëmmen, wann eng Maison unifamiliale do gebaut gëtt, dat wëll ech direkt soen. Dat ass hei net de Fall, well hei gëtt jo en Accès geschaaft.

Weider hu se Stellung geholl ënner c) zu der Gestion des eaux. Dozou wëll ech direkt soen, dass zu dësem Punkt d'Autorisatioun vun der AGE, der Administration de la gestion des eaux virleie muss. Alles, wat Gestion des eaux ass – an dat gëllt och fir déi zukünfteg Reklamanten –, do muss fir d'Exekutioun vum Projet d'Autorisatioun vun der Administration de la gestion des eaux virleien. Déi Problemer, déi erwäänt gi sinn, sinn iwwert dee Punkt ofgedeckt.

Véiertens steet do: Nouveau PAP dans une zone occupée par des biotopes importants. Dir hutt dat sécher gelies. Dat geet wéi e Leitfuedem duerch déi meescht Reklamatiounen, wou d'Natur an d'Ëmwelt ëmmer erëm virkënnt. Ech wëll hei op d'Biotopbilanzéierung an d'Kompensatiounsmoossnamen hiweisen, déi de Promoteur an dësem Kader muss realiséieren. Ech kommen herno nach drop zréck.

D'Reklamatioun vum Här Daniel Schmit: Hei geet rieds iwwer d'Verkéiers- an d'Stroosseféierung, d'Baudicht – déi ass duerch de PAG kloer regléiert –, an d'Anuerdnung vun de Grondstécker. An da geet och rieds iwwert d'Trennsystemer, Gréngdiech a Kompensatiounsmoossnamen. Déi Saache sinn deelweis berécksiichtegt am Projet, awer net alleguer. Ech kommen herno nach dorop zréck.

D'Reklamatioun vum Projet Ouschterbur, hanner Méchelsheck. Dat ass d'Famill Dechmann. Si ginn op d'Problematik vun eventuelle Quellen an. Dat ass eppes, wat dobäi komm ass, wat virdrun nach net an deene Reklamatioune war. Hei gëtt vu Quellen op dëser Plaz geschwat. Si stelle sech Froen iwwert d'Stabilitéit vum Ënnergrond, der Sécherheet vun de bestoenden Haiser, zu de Stroossen, der Zoufaart an der Offaart. D'Liewensqualitéit an d'Natur sinn och erëm en Thema an där Reklamatioun vun der Famill Dechmann.

Dann hu mer eng Reklamatioun vun der Madamm Mondot-Sebastiani Juliana kritt, zesumme mat enger Petitioun vu ronn 60 Ënnerschrëfte vun den Anrainer. Wéi gesot, do sinn der dobäi, déi dann haut un der Sitzung elo net méi deelhuelen. Dës Reklamatioun befaasst sech mam zousätzleche Verkéiersopkommen an deene verschiddene Stroosse ronderëm de PAP souwéi der Zougangsstrooss fir an dat neit Lotissement.

Un zweeter Plaz ass d'Natur, a si stelle sech Froe betreffend der Kompensatioun. Am Punkt 3 gi si op d'Gestion des eaux an a froe sech, wou d'Etude hydrogéologique ass. A si ginn op d'Problematik vun de Quellen an, respektiv d'Konsequenze fir hir Haiser.
Als leschte Punkt kritiséiere si den Numm vum PAP, deen net Ouschterbur soll heeschen, mä Hanner Méchelsheck. Mä ech mengen, dat ass minoritär an där Reklamatioun.

Dann hätte mer eng Reklamatioun vum Här João Machado. Och hei erëm den Accès principal et unique an d'Lotissement, d'Gestion des eaux an den Îlot vert ginn hei a Fro gestallt a kritiséiert.

D'Reklamatioun vum Här Fränz Schwachtgen. Hie schwätzt vun enger Incompatibilitéit. Hien huet zwou Reklamatiounen eraginn. Déi éischt ass déi vun der Incompatibilitéit tëschent der Partie graphique an dem Rapport justificatif.

Dann nach eng Kéier eng Reklamatioun vun der Famill Dechmann. Hei geet et ëm d'Gréngzonen, d'Natur, d'Flora an d'Fauna an och eventuell Risike betreffend hir aktuell Haiser.

Eng weider Reklamatioun ass déi vun der Famill Pereira Pinto Miguel José Mario. Hei gëtt ënner a) och den Accès principal et unique par la rue Woiwer kritiséiert. An duerno den Accès un den Terrain a Relatioun mat der Servitude MU. Dat ass déi MU un der rue Woiwer, wat ech schonn erwäänt hat an enger anerer Reklamatioun. An ënner Punkt c) d'Gestion des eaux an d) och erëm den Îlot vert an d'Konsequenze fir den Îlot vert.

Zum Schluss nach eng Reklamatioun vum Här Schwachtgen Fränz zu deeneselwechten Themen, déi ech elo virdru gesot hunn.
Als Konklusioun kann ee soen, inhaltlech ähnele sech d'Reklamatioune ganz

staark. Dofir proposéiert de Schäfferot, eenzel Reklamatiounen als ee Ganzt ze deliberéieren. Natierlech wann de Gemengerot heimat averstanen ass. Soss misste mir natierlech op all Reklamatioun agoen. Mä ech mengen, dorop komme mer nach eng Kéier zréck. Ech wëll Iech nach verschidden Detailer vum PAP virstellen, an herno komme mer dann zur Konklusioun iwwert dat Gesamt.

Opgrond vun all de Reklamatiounen hat sech de Schäfferot mat de Reklamanten am 1535° getraff. Bei där Geleeënheet war de Reklamanten den Avis vun der Cellule d'évaluation virgestallt ginn, an och schonn éischt Initiativen, déi de Schäfferot zesumme mam Promoteur ënnerholl hat zu deem Zäitpunkt. Fir de PAP ze wässeren, fir den Anrainer do entgéintzekommen.

Duerno ass de PAP nach eng Kéier ajustéiert ginn, fir de Revendicatioune vun der Cellule d'évaluation Rechnung ze droen, an zwar de Punkt 6.3, dee si oplëschten, betreffend Espace vert public. Dat war eng ganz kloer Revendicatioun gewiescht. Dat fannt Der op der Säit 2.6 vun hirem Avis, ech zitéieren: „En vue d'une meilleure qualité urbanistique voir qualité de vie, la Cellule recommande de combiner l'aire de jeux avec le bassin de rétention au niveau le plus bas. En outre, cette démarche permettrait de conserver les arbres remarquables présents sur le site". Si hunn eng Skizz bäigeluecht, déi weist, dass ugrenzend un d'Gäert vun der rue Woiwer remarkabel Beem sinn, eng ganz dominant Trauerweid an aner interessant Beem.

(Interruptioun)

Ech ginn hei gefrot zu der Reklamatioun vun der Famill Delli Zotti. Dat ass och Dechmann. Et ass Delli Zotti-Dechmann. An d'Zoé ass dat klengt Meedchen, wat eis dat gezielt huet iwwert d'Flora an d'Fauna. Ech hat vun enger Dechmann-Reklamatioun geschwat, duerno vun enger zweeter Dechmann-Reklamatioun. An dat war Delli Zotti-Dechmann. Dat ass am Dossier. Merci fir d'Korrektioun.

D'Retentiounsfläch ass vergréissert ginn, de PAP ass geännert ginn. Well do ware jo eng Rei Haiser virgesinn. An an deem hënneschte Beräich ass elo eng Retentiounsfläch méi. An déi Beem, déi do stinn, déi bleiwen erhalen. Dat ass, wéi gesot, déi Äntwert vun der Cellule, déi mer zesumme mam Promoteur ëmgesat hunn.

Fairnesshalber muss ech soen, dass mer deen net an där Informatiounsversammlung am 1535° presentéiert haten. Do hate mer just drop higewisen, dass mer net géifen op déi aner Saachen agoe vun der Cellule. Déi do d'Stroossen nach wollt änneren, dass de Projet Ouschterbur nach kéint ausgedehnt ginn. Dass do Accèse wären no alle Säiten hin, wou een dat dann nach kéint ausdehnen. Dat war net am Intérêt, op jidde Fall net vun deem heite Schäfferot, dass den Ouschterbur nach sollt vill méi wuessen. Dat soll e geschlossent Lotissement bleiwen. Mir denken net drun, do nach Accèsen ze maachen, dass niewendrun nach gebaut ka ginn.

Dee leschte PAP, deen eis haut virläit, dréit der Revendicatioun oder der Recommandatioun Rechnung. Et ass versicht ginn, de Reklamatioune beschtméiglech Rechnung ze droen. Mir hunn erausfonnt, dass déi meescht Leit guer net wëllen, dass do gebaut gëtt. Et ass natierlech schwiereg, där Grond-Revendicatioun entgéintzekommen, well mer jo an engem Bauterrain, engem Baugebitt sinn.

Et ass schwéier, mat aller Nosiicht fir déi Leit, dann ze soen: Mir mussen elo wierklech vermeiden, dass dat zustane kënnt. Mir als Politiker mussen elo eise Rôle erfëllen a mir mussen dat erlaben, wat d'Gesetz méiglech mécht. Well soss kann dat aner Retombéeën op eis kréien. Well et ass jo e Recht vun deenen. Wa mer deenen dat Recht huelen, fir do ze bauen, kënnt dat op eis zréck a mir huelen deenen eng Méiglechkeet, déi se laut Gesetz hunn. Well et jo e konforme PAG ass. Ech wollt dat nach eng Kéier kloerstellen, dass dee PAP konform ass zum PAG. Dat ass dat, wat zielt a wou mir als Politiker och eng gewësse Verflichtung hu vis-à-vis vun alle Säiten, déi do Interêten hunn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Richteg.

M. Fränz Schwachtgen a déposé une deuxième réclamation portant sur les mêmes thèmes.
Sur le contenu, les réclamations se ressemblent toutes. C'est pourquoi le collège échevinal propose d'en traiter plusieurs ensemble si le conseil communal est d'accord.
Le collège échevinal a rencontré les réclamants au 1535 ° et leur a présenté l'avis de la Cellule d'évaluation ainsi que les premières initiatives prises par le collège échevinal et le promoteur pour aller à l'encontre des riverains.
Le PAP a aussi été réajusté pour tenir compte des revendications de la Cellule d'évaluation concernant l'espace vert public au point 6.3. La Cellule recommandait de combiner l'aire de jeux avec le bassin de rétention en vue d'une meilleure qualité de vie et pour conserver les arbres remarquables. La Cellule a ajouté une esquisse dans son avis des arbres le long des jardins de la rue Woiwer, et notamment d'un saule pleureur.
(Interruption)
Erny Muller constate qu'il a parlé de deux réclamations de la famille Dechmann, mais la deuxième était en fait de la famille Deliziotti-Dechmann. C'est la petite Zoé qui a présenté les doléances concernant la faune et la flore.
La surface de rétention a été agrandie. Erny Muller rappelle que des maisons étaient prévues dans la partie postérieure du site. La surface de rétention permet de préserver les arbres.
Lors de la réunion avec les réclamants au 1535 °, le collège échevinal a insisté sur le fait qu'il ne tiendrait pas compte des autres remarques de la Cellule d'évaluation concernant la modification des routes et l'agrandissement du projet Ouschterbuer. Ce collège échevinal ne veut pas d'un Ouschterbuer plus grand. Il ne compte pas aménager d'autres accès en vue d'une expansion du site.
Le collège échevinal a essayé de tenir compte des réclamations dans le dernier PAP. Malheureusement, la plupart des gens ne veulent pas du lotissement. Or il s'agit d'un terrain à bâtir. Par conséquent, le collège échevinal ne peut pas dire aux riverains qu'il va essayer d'empêcher la

réalisation du projet. Les hommes politiques doivent veiller à ce que la loi soit respectée. Les promoteurs ont le droit de construire sur ce terrain. Si le collège échevinal essayait de les en empêcher, cela aurait des conséquences, car le PAP est conforme au PAG.
Erny Muller insiste sur ce point: le PAP est conforme au PAG. Les hommes politiques ont des obligations à l'égard de toutes les parties. Erny Muller ajoute que le PAP comprend 28 lots sur une surface de 124,94 a. 25 % — soit 31,23 a — seront cédés. Le projet prévoit la construction de 26 maisons unifamiliales sur des terrains allant de 1,40 à 4,29 a. Les maisons seront aménagées en bandes de 5x4 et 1x3. Deux maisons seront jumelées.Deux résidences accueilleront cinq et dix appartements au maximum. La partie écrite parle de 15 logements collectifs au maximum.
La grande résidence disposera de deux sous-sols et de 1,5 place de stationnement par logement comme prévu par le règlement des bâtisses. Il s'agira d'un parking central pour le quartier sans voitures. Erny Muller rappelle que les maisons à côté n'ont pas de garage. Or le règlement des bâtisses prévoit un garage par maison. C'est pourquoi des emplacements sont prévus dans le parking de la résidence.
La petite résidence disposera quant à elle d'une place de stationnement par logement. Il n'y aura qu'un sous-sol. Les emplacements manquants seront compensés dans le parking commun.
Les maisons unifamiliales auront soit un abri d'auto, soit un garage, soit une dépendance. Quatre maisons seront construites sur deux niveaux — rez-de-chaussée et premier étage — et les autres sur deux étages et un retrait. Les sous-sols sont facultatifs pour toutes les maisons. Les maisons sont partiellement situées dans une montée afin que les caves aient de la lumière. Des toits plats permettent un aménagement écologique ou la construction d'une terrasse. Les toits écologiques sont importants pour la gestion des eaux.
La grande résidence devra aussi comporter une installation photo-

SCHÄFFEN ERNY MULLER (LSAP):

Ech wëll Iech de PAP, wéi en elo virläit, explizéieren. Et handelt sech am Ganzen ëm 28 Loten op engem Areal vun 124,94 Ar, wouvu 25%, dat heescht 31,23 Ar ofgetruede ginn. D'Densitéit ass 32,81, also ronn 33 Hektar Logementer. Wat wierklech net ganz vill ass. Op deenen 28 Lote si 26 Eefamilljenhaiser. D'Terraine variéieren tëschent 1,40 Ar a 4,29 Ar. Vun den Eefamilljenhaiser sinn der fënnefmol véier en bande. Eng Kéier dräi en bande an zwee Jumeléeën. Dat heescht, a verschiddene Beräicher si véier Haiser uneneen, eng Kéier sinn et der nëmmen dräi, an eng Kéier sinn et der zwee, dat heescht Jumeléeën.

Des Weideren entstinn zwou Residenzen, eng kleng mat maximal fënnef Wunnengen an eng méi grouss mat maximal zéng Wunnengen. An der Partie écrite steet Maximum 15 Logements collectifs.

Déi grouss Residenz huet zwee Sous-solen. Et sinn 1,5 Parkplaze pro Logement virgesinn. Dat ass esou laut eisem Bautereglement. Dee Parking soll praktesch als e Parking central funktionéiere vun engem klengen Deel vum Quartier sans voitures. Dat heescht, déi Haiser, déi do ugrenzen, hunn da keng Garagen. An déi véier Plazen – well bei deenen Eefamilljenhaiser steet am Bautereglement, dass mer eng Plaz pro Haus hunn – sinn an där Residenz virgesinn, soudass déi Leit hiren Auto an der Residenz ofstellen.

An där klenger Residenz niewendru gëtt eng Plaz pro Logement realiséiert. Do ass nëmmen ee Sous-sol virgesinn, wat am Intérêt ass vun der Saach, fir net ze vill Buedem erauszehuelen. Déi Plazen, déi feelen, well jo just eng Plaz virgesinn ass an net 1,5, ginn an deem gemeinsame Parking souterrain kompenséiert.

D'Eefamilljenhaiser hunn entweder e Carport – dat sinn der véier – oder Garagen an den Haiser respektiv Dependancen. E Sous-sol ass iwwerall méiglech, plus e Rez-de-Chaussée an en éischte Stack. Ausser véier Haiser, déi nëmmen zwee Niveauen hunn, hunn déi aner Eefamilljenhaiser zwee Stäck, och e Rez-de-Chaussée plus en éischte Stack. Mä et kann och e Retrait gemaach ginn. 60% vun där Baugrundfläche, déi ënnert deem Stack ënnendrënner ass, kann uewendriwwer ausgebaut ginn.

Wéi gesot, all Haiser kënnen e Sous-sol kréien. Dat muss net sinn, mä e Sous-sol ass méiglech. D'Haiser, dat gesitt Der op Äre Pläng, leien deelweis an engem Hang, dass d'Kellerraim Luucht hunn. Déi sinn net komplett am Sous-sol, mä stinn deelweis eraus.

Net nëmmen d'Residencen, mä och d'Haiser hunn e flaachen Daach, dat war mam Promoteur negociéiert ginn. D'Diech kënne begréngt ginn, respektiv besteet d'Méiglechkeet vun enger Daachterrass. Dat ass ganz interessant: flaach Diech mat direktem Zougang zum Retrait. Do kann een eng Terrass maachen, mä d'Prioritéit ass op der Daachbegréngung. Dat ass wichteg, fir d'Waasserretentioun, fir déi ganz Gestion des eaux. Dorop kommen ech nach ze schwätzen.

Zousätzlech zum Gréngdaach muss déi grouss Residenz eng Photovoltaikanlag opweisen mat engem Minimum vun dräi Kilowatt PIC pro Logement. Dat steet ganz kloer an der Partie écrite ënner Artikel 2.4 an 2.5.

Den Artikel 6.4: Plantation dans les espaces verts privés ass am leschten Deel festgehale ginn. Eng Suggestioun vun der Cellule, dass eng sougenannte Servitude écologique verte, also den Écran vert hannert den Haiser iwwerholl gëtt. Dat heescht, hannert den Haiser zu der Bielesser Strooss zou, ass e wichtege Bambestand. An dee Bambestand gëtt iwwer eng sougenannt Servitude écologique regléiert. Dass dee muss bestoe bleiwen. Et gëtt nach aner Servituden, zum Beispill fir d'Accèsen. Mä dat gesitt Der alles um Plang. Un de Grenze vun de Reienhaiser ginn zousätzlech Hecke geplanzt. Dat ass eng ekologesch Opwäertung vun deem Quartier.

E Wuert zum Zougang: Et gëtt nëmmen een Accès zum Lotissement, an zwar dee vun der rue Woiwer. Dat gëtt deelweis kritiséiert. Et huet awer och Avantagen. Et ass wichteg, dass een den Duerchgangsverkéier duerch d'Lotissement op déi Manéier ënnerbënnt. Dass dat net eng Ofkierzungsstreck gëtt fir anerer, déi guer näischt an deem Quartier do ze sichen hunn.

Déi Verbindung Richtung rue Ouschterbuer gëtt nëmmen opgemaach fir Voitures de service vun der Gemeng oder fir d'Services de sécours.

Wéi ëmmer kënnen nach verschidde Revendicatiounen an der Convention d'exécution festgehale ginn. Do sinn nach interessant Saache virgeschloe gi vun der Ëmweltkommissioun an anere Kommissiounen. Wéi bei all PAP gëtt och hei eng Convention d'exécution gemaach, wou drageschriwwe gëtt, wéi de Projet muss exekutéiert ginn.

Wichteg fir d'Baugeneemegung, vill Leit maache sech Gedanken: Fir d'Baugeneemegung mussen all déi definitiv Accorden an Avise virleien. Zum Beispill muss den Accord vun der AGE, vum Waasserwirtschaftsamt virleien, ier mer eng Baugeneemegung ausstellen. Soudass all deem Rechnung gedroe gëtt an déi ganz Waasserproblematik, wéi et oft hei erwäänt gëtt, kloer gereegelt ass.

De President vun der Ëmweltkommissioun ass elo net méi hei am Sall uwiesend. Ech géif da probéieren, e bëssen op d'Ekologie anzegoen. Et leien eis eng Partie Dokumenter vir betreffend der Ëmweltanalys, der Ökobilanz – dat heescht och der Biotopbilanzierung – mat der Bewäertung vum Ist-Zoustand. Déi ass erstallt gi vum Büro Luxplan. Dir konnt dat alleguer liesen. An der sougenannter Plan-Situatioun, d'Compensation sur place, ass alles dat opgelëscht, wat op der Plaz erhale respektiv ëmgeplanzt oder nei geplanzt gëtt. Dovun, wéi gesot, eng Partie Hecken a Beem.

De Bestandswäert an der Planzon beleeft sech op 123.795 Ökopunkten. Verschidde Moossname ginn op der Plaz kompenséiert. Zum Beispill ginn nei Beem geplanzt. Et gëtt vun 21 eenzelne Beem geschwat, am Stroosseraum awer och am Retentiounsberäich, ënnen zu der Grenz vum Terrain zou, wou Beem bäikommen. Insgesamt sinn dat 10.340 Ökopunkten. Et bleiwen dann nach 113.455 Ökopunkten ze kompenséieren an zwar ausserhalb vun der Planzon, op engem aneren Areal. Dat ass rechtlech erlaabt. An zwar geschitt dat an dësem Fall op zwee Arealer am Beräich vum Vesquenhaff. Also dës Kéier wierklech um Territoire vun eiser Gemeng.

ENG STËMM:

Dat muss nach vum Ëmweltminister approuvéiert ginn.

SCHÄFFEN ERNY MULLER (LSAP):

Jo, kloer. Ech mengen, et ass esou: Hei ass den Avis, dee ganze Bericht am Dossier, mä deen ass nach net zréck vum Environnement. Dat heescht och, dat ass eng Konsequenz fir d'Weiderféierung vun deem Projet, dass deen Avis erëm ass an den Accord och do ass, dass dat esou ka gemaach ginn.

Wat hu mer nach vu weideren Dokumenter a Berichter an eisem Dossier leien, déi alleguer wichteg sinn, fir kënnen a Kenntnis vun allen Avisen an Aussoen dee Projet ofzestëmmen? Dat ass den Avis vun der Cellule d'évaluation vum Interieur. Ech hat schonn dovu geschwat. Deen hutt Der virleien.

Dir hutt de Rapport vun der Bautekommissioun zum PAP Ouschterbur vum 25.4.2017 virleien. Si hunn de Plan modifié „majoritairement favorablement" aviséiert. Dat heescht, dat ass elo deen Allerleschten. Si krute schonn deen éischten. Si hunn och deen zweete Plang vum PAP favorablement aviséiert. Ech mengen, d'Bautekommissioun beschäftegt sech mat der Bausubstanz. Déi kuckt: Ass dat legal? Ass et konform zum PAG? Ass et souwäit konform vum Bautereglement, wat alles do gemaach gëtt?

De Rapport vun der Ëmweltkommissioun läit eis och vir. Leider muss ech soen, deen ass vum 2. Mee 2017. Dat ass net ganz laang hier. D'Commission de l'environnement mécht an hirem Rapport nach Propositiounen, déi leider, vue de kuerzen Delai, awer an dëser Form net méi konnte berécksiichtegt ginn. Well den Dossier huet bekanntlech missten den 3. Mee komplett fäerdeg an ofgeschloss si fir an de Gemengerot. Leider konnte mer net méi alle Revendicatiounen, déi do dra sinn, Rechnung droen.

Et muss ee soen, dass der awer eng Partie am Kader vum Ausschaffe vun deem PAP scho berécksiichtegt gi sinn. Mä elo sinn nei Erkenntnisser, nei Iddien erakomm, wou et einfach net méi méiglech war, déi den 2. Mee eranzehuelen. Mir

voltaïque comme le précisent les articles 2.4 et 2.5 avec un minimum de trois kilowatts peak par logement.
La Cellule d'évaluation suggère l'aménagement d'une servitude écologique verte — un écran vert — derrière les maisons. Les autres servitudes figurent sur les plans.
Des haies seront aussi plantées aux abords des routes afin de donner une valeur écologique au quartier.
Le seul accès au lotissement se situe dans la rue Woiwer. Ce point a été critiqué, mais il comporte des avantages. Il faudra faire attention à ce que cette rue ne soit pas utilisée comme raccourci par des automobilistes n'habitant pas le quartier. Le chemin vers la rue Ouschterbuer ne sera accessible qu'aux véhicules de secours.
Des revendications peuvent encore être retenues dans la convention d'exécution.
Avant de pouvoir délivrer un permis de construire, la commune devra disposer de toutes les autorisations — notamment de l'Administration de la gestion des eaux.
Pour ce qui est de l'environnement, le bureau Luxplan a réalisé un état des lieux du biotope. Le document figure dans le dossier des conseillers communaux. Il reprend les plantations conservées sur place, les compensations, etc.
La valeur écologique de la zone se monte à 123 795 écopoints. Des mesures de compensation seront prises. Vingt-et-un arbres seront plantés sur la voirie et dans la zone de rétention. En tout, cela représente 10 340 écopoints. Il reste donc 113 455 écopoints à compenser sur une autre zone, et plus précisément sur 2 sites du Vesquenhaff.
(Interruption)
Erny Muller confirme qu'il faudra l'accord du ministère de l'Environnement, qui devra remettre son rapport.
Dans le dossier des conseillers communaux figurent l'avis de la Cellule d'évaluation du ministère de l'Intérieur et le rapport de la commission des bâtisses datant du 24 avril 2017, qui avise favorablement le plan modifié. Erny Muller rappelle que la commission des bâtisses s'occupe des bâtiments, de la légalité des constructions, de la conformité

au PAG et au règlement des bâtisses, etc.
Le rapport de la commission de l'environnement date du 2 mai 2017. Compte tenu du délai, le collège échevinal n'a pas encore tenu compte de ses propositions, car le dossier des conseillers communaux a été finalisé le 3 mai.
Une partie des revendications ont cependant été incluses lors de l'élaboration du PAP, mais pas les nouvelles idées. Le collège échevinal est forcé de soumettre le projet au vote aujourd'hui afin de rester dans la légalité.
Erny Muller signale qu'il n'a pas présenté toutes les réclamations, mais elles se trouvent dans le dossier des conseillers communaux. Erny Muller suppose que ceux-ci les ont étudiées en détail.

MARTINE GOERGEN (DP) *rappelle que la fraction du DP se compose de sept conseillers et qu'il n'est pas toujours possible de trouver un consensus. La démocratie veut que chacun puisse avoir son opinion. Un des démocrates est directement concerné, mais il en va de même des écologistes.*
Martine Goergen souhaite faire quelques considérations. Les démocrates seront ensuite libres de voter comme ils l'entendent.
Le terrain en question est un terrain à bâtir. Ce n'est pas nouveau. En 2006, le reclassement était pertinent. Mais on peut discuter de l'aménagement du site.
Le 1er octobre 2014, la majorité a proposé une mesure pour protéger les maisons unifamiliales. Les démocrates avaient suggéré à l'époque qu'il fallait procéder quartier par quartier au lieu de tout protéger. Ils sont toujours de cet avis. Aujourd'hui, ils ne comprennent pas que l'on ne puisse pas remplacer des maisons unifamiliales donnant sur la rue, mais qu'à la place on construise des résidences derrière ces mêmes rues. Le collège échevinal a le droit de dire qu'il ne veut pas du PAP sous cette forme, même si les négociations seraient difficiles.
La Cellule d'évaluation estime qu'une résidence de dix appartements est trop grande pour ce site et qu'il faudrait privilégier de petites résidences. Les habitants sont

ware wierklech vum Delai hier forcéiert, fir haut dee Vott ze huelen. Well soss wäre mer net méi an der Legalitéit gewiescht. Well dee Vott huet missen den 10. Mee geholl ginn, fir déi Dräi-Méint-Period anzehalen. Soss wäre mir heibannen net méi konform gewiescht.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dann hätte mer e Formfeeler gemaach.

SCHÄFFEN ERNY MULLER (LSAP):

Domadder schléissen ech. Et war ee laangen Ausfluch an déi ganz Problematik. Ech mengen, et war awer néideg.

Ech hunn net all Reklamatioun komplett virgedroen. Ech mengen, soss wäre mer nach de Mëtten am Gaang. Dir hutt all Dokument virleien. Ech ginn dervun aus, dass Der alles intensiv studéiert hutt. Da géif ech de Wee opmaache fir d'Diskussioun. An duerno géife mer dann zu de Votte kommen. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Dir hutt dat perfekt gemaach. Madamm Goergen, w.e.gl.

MARTINE GOERGEN (DP):

Merci, Här Buergermeeschter. Ech verstoppen dat net, mir si siwe Leit an eiser Fraktioun, mir hunn eng grouss Fraktioun, a bei siwe Leit ass et net ëmmer méiglech, e Konsens ze fannen. Dat ass eppes, wat ech begréissen, dofir ass eng Demokratie do. Jiddereen huet nun emol eng eege Meenung, an huet d'Recht, eng eege Meenung ze hunn. Dat respektéiere mir an eiser Fraktioun. D'autant plus, well mer e Member hunn, dee betraff ass. Ech mengen, et geet enger grénger Partei net anescht ewéi eis. Dofir gëtt et jo och all déi Prozeduren, sou wéi se virgesi sinn.

Zréckbehalen hu mer e puer Beobachtungen, Iwwerleeungen. Déi wéilt ech gäre matdeelen. An dann och duerno de Leit fräi ze iwwerloossen, wéi se dozou wëllen ofstëmmen.

D'DP ass sech bewosst, dass deen Terrain vu jeehier geduecht war, fir drop ze bauen. Dat ass also net nei, dass dat Bauterrain ass. Déi Ëmklasséierung 2006 huet deemools Sënn gemaach. Et ass virgesinn, do ze bauen, an dogéint schwätze mir eis absolutt net aus. Ech perséinlech denken, dass een awer kann driwwer diskutéieren, wéi drop gebaut gëtt.

D'Majoritéit huet den 1. Oktober 2014 hei eng Mesure proposéiert, fir d'Eefamilljenhaiser ze schützen. Deemools hu mer gesot, et muss ee Quartier fir Quartier kucken an net direkt alles schützen. Mir stinn nach ëmmer dozou. Mä mir verstinn net, wann an de bestoende Stroossen d'Residenzen net dierfen d'Eefamilljenhaiser ersetzen, dass et dann op eemol elo hannert de bestoende Stroosse soll méiglech sinn.

Mir hunn eng Main-mise, mir kënne soen, dee PAP wëlle mer esou net hunn. Ech weess, dass déi Verhandlunge schwéier sinn. Mä iergendwou gefält mer net, dass do net kann eng eenheetlech Linn drabruecht ginn.

Wann ech den Avis vun der Cellule liesen, hunn déi drop higewisen, dass eng Residence mat zéng Unitéiten e bësse grouss wär fir dohinner. A si proposéieren éischter méi kleng Residencen, dass déi dat ähnlech gesinn. Also dass déi och denken, dass deen Tissu urbain vun deem Quartier net onbedéngt favorabel wär, fir do nach eng Residence hannendrun ze setzen. Dat heescht, d'Leit si frou, wa keng Residence niewendru gebaut gëtt. Mä si hu se dann herno am Gaart, Pardon, no beim Gaart stoen.

Fir mech weist dat zwou Saachen: Dat eent, datt dat net ganz kohärent ass. Op där enger Säit schütze mer, op där anerer Säit ass et dann direkt niewendrun awer erlaabt. Mir denken, dass déi Modifikatioun deemools vläicht ze vill eenheetlech war, an datt een hätt misse Quartier fir Quartier, Situatioun fir Situatioun kucken, sou wéi mir dat deemools proposéiert haten. A mir géifen och do derbäi bleiwen, do méi eng differenzéiert Approche ze wielen.

Dobäi kënnt – an ech mengen, dat däerf een och net vergiessen –, wann een hei seet, eis Conseilleren hunn dat virun zéng Joer matgestëmmt, dass dat virun zéng Joer war. Dir selwer sot, virun zéng

Joer hate mir 7.000 Awunner manner. Ech mengen, eng Situatioun däerf sech an zéng Joer änneren. An dat ass geschitt. Soudass een hei net kann einfach soen: Dir hutt deemools dat gesot, da musst Der elo bei deem bleiwen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat huet kee gesot.

MARTINE GOERGEN (DP):

Dat huet kee gesot, dat ass richteg. Dir hutt eis drop higewisen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Richteg.

MARTINE GOERGEN (DP):

Genau. An ech mengen, dass een awer muss kënnen de Leit d'Méiglechkeet ginn, sech un déi nei Gegebenheeten ze adaptéieren.

Am demokratesche Sënn ass et richteg, dass mir eise Leit d'Méiglechkeet ginn, sech esou ze äusseren, wéi se dat denken. Sou wëlle mir dat handhaben, jiddereen op seng Aart a Weis. Just fir Iech d'Iwwerleeunge vun der DP Déifferdeng mat op de Wee ze ginn. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Madamm Schambourg, w.e.gl.

PIERRETTE SCHAMBOURG (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter. Fir d'éischt emol zu der Bautekommissioun. Mir hunn de Projet positiv aviséiert. Mir wëssen alleguerten, datt et Bauland ass. Ech war och deemools schonn derbäi, wéi dat gestëmmt ginn ass.

Wéi den Här Muller scho gesot huet, mir kucken effektiv just, wat de Bau u sech ugeet, datt d'Limitte respektéiert ginn, datt alles konform ass zu dem Bautereglement, PAG, PAP an esou weider. Vun dohier hate mer keng Bedenken. Mir hu kee spezielle Grond gesinn, firwat déi fräi Plaz, déi Spillplaz, dat Grëngs soll op där enger oder anerer Säit sinn. Duerfir hu mer den Avis ginn.

Dat anert ass e bësse méi perséinlech, an als Member vun der CSV. Wann een dat natierlech esou um Plang gesäit, wann een neie Quartier tëscht zwou bestoend Stroosse kënnt, dann ass dat vläicht e bësse vill. Wann een dat op Pabeier gesäit, ass et eppes aneschters, wéi wann ee sech dat einfach esou virstellt.

Ech war awer selwer op d'Plaz kucken. An do gesäit een trotzdeem, datt tëschent deene Gäert do nach, net extrem vill, awer schonn nach Plaz ass. Et kann een natierlech proposéieren, datt de Promoteur manner baut op deem Site. Datt dee ganze Site da vläicht e bësse méi lëfteg gëtt. Mä mer wësse jo alleguerten, wéi déi ticken. Déi setzen esou vill wéi méiglech drop, datt se hir Suen erëm erakréien. Dat ass jo ganz kloer.

Ech ka verstoen, datt déi Leit vun deenen zwou Stroosse Problemer hunn, wa se erëm e Lotissement hanne bei hire Gaart gedréckt kréien.

Ech hunn zwar scho Saache gesinn, déi vill, vill méi schro sinn, zum Beispill d'rue Gansen an d'Ligure eran. Do ass et ganz dramatesch, do huet een op dräi Meter Haiser stoen. Hei ass alles respektéiert ginn. An dofir wäerte mir och dëse Projet stëmmen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Schambourg. Här Ruckert, w.e.gl.

ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Häre, et ass elo grad en interessante Saz gefall. D'Madamm Schambourg vun der CSV huet gesot: „Mir wëssen alleguer, wéi déi ticken". Woumat se d'Promoteure gemengt huet.

contents que l'on ne construise pas de résidences à côté de leurs maisons, et voilà qu'ils se retrouvent avec des résidences dans leur jardin. Martine Goergen estime que l'approche de 2014 n'était pas suffisamment différenciée. La commune veut protéger les maisons, mais autorise la construction de résidences à proximité immédiate.
Il est vrai que les conseillers communaux ont approuvé le projet à l'unanimité, mais c'était il y a dix ans. À l'époque, Differdange comptait 7000 habitants de moins. M. Traversini ne peut donc pas dire que les conseillers communaux ne peuvent pas changer d'avis.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *répond qu'il ne l'a pas fait.*

MARTINE GOERGEN (DP) *confirme que M. Traversini n'a fait qu'attirer l'attention des conseillers communaux sur ce point. Mais les gens doivent pouvoir adapter leur avis aux nouvelles circonstances.*

PIERRETTE SCHAMBOURG (CSV) *rappelle que la commission des bâtisses a évalué positivement le projet.*
Tout le monde sait qu'il s'agit d'un terrain à bâtir. M. Muller a expliqué que les limites sont respectées et que le projet est conforme au PAG et au règlement des bâtisses. C'est pourquoi la commission a remis un avis positif.
Plus personnellement, Pierrette Schambourg estime qu'il est exagéré de vouloir construire tout un quartier entre deux routes existantes. Elle s'est rendue sur place et a constaté qu'il n'y a vraiment pas beaucoup de place. Certes, le collège échevinal peut proposer au promoteur de construire moins. Mais tout le monde sait que les promoteurs veulent rentrer dans leurs frais.
Pierrette Schambourg comprend que les habitants ne se réjouissent pas de la construction d'un lotissement juste derrière leurs jardins.
C'est pourquoi les chrétiens sociaux approuveront le projet.

ALI RUCKERT (KPL) *Revient sur les propos de M^me^ Schambourg. Tout le*

monde connait la façon de penser des promoteurs.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *pensait que c'était une allusion au collège échevinal.*
(Rires)

ALI RUCKERT (KPL) *connait aussila façon de penser du bourgmestre.*
(Rires)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *répond que ce n'est pas toujours le cas.*

ALI RUCKERT (KPL) *n'est pas le représentant des promoteurs et de leurs intérêts.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *répond que lui non plus.*

ALI RUCKERT (KPL) *défend les intérêts des habitants de la commune. Or ce projet n'est pas dans l'intérêt des riverains. Les pétitions montrent clairement qu'ils ne sont pas d'accord.*
Ali Ruckert cite un document parlant d'un manque total de respect vis-à-vis de la qualité de vie des habitants du quartier. Les promoteurs veulent construire un maximum sur un minimum de terrain pour gagner de l'argent. Au Luxembourg, le terrain appartient à un petit nombre de promoteurs. Ce qui arrive ici en est une conséquence.
Le collège échevinal a dit que le projet était conforme au PAG. Ali Ruckert suppose que le nouveau PAG ne permettra plus de telles choses.
Le collège échevinal a aussi parlé de conséquences juridiques si le projet n'était pas soumis au vote aujourd'hui. Cela prouve que quelque chose ne tourne pas rond dans le pays.
Comment le bourgmestre peut-il assumer la responsabilité d'un projet contraire aux intérêts de la population? Car Ali Ruckert n'a pas entendu d'arguments justifiant le projet. Tout le monde sait que l'accès est mal fait et qu'il met en danger les piétons et les cyclistes. Les Differdangeois auraient raison de réclamer concernant ces points.
Ali Ruckert n'approuvera pas ce projet.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech hat geduecht, Dir hätt eis gemengt.

(Gelaachs)

ALI RUCKERT (KPL):

Dat wësse mer och, wéi Dir tickt, Här Buergermeeschter.

(Gelaachs)

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Net ëmmer.

ALI RUCKERT (KPL):

Ech sëtzen net hei als Vertrieder vun de Promoteuren, a fir deenen hir Interessen ze verteidegen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Richteg. Ech och net.

ALI RUCKERT (KPL):

Mä fir d'Interesse vun de Leit ze verteidegen, déi hei an der Gemeng wunnen an och déi, déi an deem do Quartier wunnen. An där Saach hei ass et kloer, dass dat, wat hei geschitt, net den Interesse vun deene Leit entsprécht, déi do am Quartier wunnen. Dat gesäit ee jo un deene villen Ënnerschréften. Dat ass net all Kéiers, wann eppes geschitt, dass esou vill Ënnerschréfte vu Leit aus engem Quartier zesummekommen. Un deene villen Ënnerschréfte gesäit een, dass déi Leit mat deem Projet do net d'accord sinn.

Ech zitéieren aus enger Virlag vun deem Projet: „Un manque total de respect vis-à-vis de la qualité de la vie des habitants actuels du quartier". Domat ass bal alles gesot. Besonnesch, well mer wëssen, wéi déi ticken. Dass all Méigleches do eragesat gëtt, fir op klengem Raum méiglechst vill Profit ze maachen.

Ech wëll drun unhänken, dass dat alles eng Folleg dovun ass, dass an engem Land wéi eisem e groussen Deel vum Baugrond sech a Privathänn befënnt, och vun enger ganzer klenger Zuel vu Promoteuren, an net an den Hänn vun der ëffentlecher Hand. Dat ass eng Folleg dovun. Et kann also net an eisem Interesse sinn, dass mer esou weiderfueren.

Et ass gesot ginn, wat do geplangt ass, wär konform zum Plan d'Aménagement Général. Ech ginn elo emol dervun aus, dass wann een neie Plan d'Aménagement Général kënnt, dass esou eng Saach mat grousser Wahrscheinlechkeet net méi méiglech ass, sou wéi dat hei passéiert.

Dir sot, mir mussen ofstëmmen, soss hätt een et, ech weess et net, vläicht souguer mat juristesche Konsequenzen ze dinn. Mä dat weist jo, dass eppes schif leeft hei an dësem Land.

Wann ee muss eppes géint d'Interesse vun der Bevëlkerung aus engem Quartier maachen, froen ech mech, wéi kënnt Dir dat da verantworten, wann Dir dat maacht? Well ech hu keng Argumenter héieren, déi dee Projet géife rechtfäerdegen. Besonnesch mat all deene Problemer, déi nach zousätzlech zum Prinzipiellen hei opgeworf ginn, wat d'Hydrologie ugeet an deem Quartier, wat de Verkéier ugeet.

All Mënsch, deen déi Plaz kennt, weess, do ass keng uerdentlech Entrée fir an dee Quartier. Et sief dann, et setzt een d'Vëlosfuerer, d'Foussgänger an aner Leit, déi do erawëllen, enger grousser Gefor aus. Dat si Grënn, wou d'Reklamanten, souguer wa se net do géife wunnen, recht hätten, wa se dat géife virdroen.

Aus all deene Grënn kann ech als Vertrieder vun der Kommunistescher Partei net fir dee Projet stëmmen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech soen Iech Merci, Här Ruckert. Här Gary Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Aus der Siicht vun déi Lénk hu mer et hei mat engem Projet ze dinn, deen d'Symptom an d'Konsequenz ass vun enger Rei Entwécklungen, déi net ze begréisse sinn, weder fir eis als Gemeng nach fir d'Land.

Den Haaptproblem an deem heiten Dossier ass deen, dass mer zënter '94 hei zu Déifferdeng am Gaang sinn, en neie PAG auszeschaffen. Dat war am leschte Joerdausend. Bis haut hunn ech nach näischt vun deem PAG gesinn, ausser e puer Powerpoint-Leit, déi deen eng Kéier hei presentéiert hunn. An dat ass scho gutt iwwer ee Joer hier. Dozou wäert ech spéider an enger Interpellatioun méi soen. Mir ginn op Wahlen zou. An et sinn net genuch Informatiounen do, fir informéiert Wahlprogrammer ze maachen.

Mä virun allem hu mer et hei mat engem ganz konkrete Problem ze dinn, nämlech, dass mer e Projet musse stëmmen, wou gesot gëtt: Et gëtt legal Kaderen, un déi ee sech muss halen, an dat ass PAG-konform, dofir kann een de Projet net einfach ganz kippen.

2006 war e Vott geholl ginn, fir op d'mannst d'Densitéit ze reduzéieren. Wou ech net dobäi war, soss hätt ech mech dofir agesat, fir dat aus dem PAG erauszehuelen.

An dësem Fall ass et esou, dass et am PAG ass. An et muss ee kucken, wéi een dee Projet mécht. Et kann een elo net einfach soen, mir bauen do guer näischt. Well mer ebe ganz laang brauchen, fir e PAG ze maachen. Wat u ville Saachen hänkt. Dat huet net nëmme mat der Gemeng selwer ze dinn, mä mat enger ganzer Rei legale Prozeduren, déi de Staat net kloer genuch hat a verschleeft huet.

Elo hu mer dann deen dote Projet virleien, wat mengen ech kee wierklech glécklech mécht. Also ech hunn elo keen héieren, deen deen dote Projet mat grousser Begeeschterung begréisst huet. An dat aus ville Grënn, mengen ech.

Wéi den Här Ruckert scho gesot huet, mir gesinn einfach deen Drock, deen op esou Projete besteet, fir e Maximum erauszehuelen. Et kéint een dee Projet ganz anescht ugoen, wann de Bauterrain hei zu Lëtzebuerg net esou eropgedriwwe gi wär déi lescht 10, 20, 30 Joer. Duerch eng Politik, déi einfach net am allgemengen Interesse gemaach ass. A wou d'Politik sech am Fong keng Moyene ginn huet, fir déi Politik ze steieren. Mir loossen dat einfach lafen. An herno sëtze mer do mat esou Projeten, wou mer da quasi Angscht hunn, fir ze soen: Nee, esou awer net. An da Saachen zouloossen, déi am Fong kee vun eis géif esou wëllen, dass se esou gebaut ginn.

Mir brauche Wunnengen zu Lëtzebuerg, mir brauchen och Bauterrain. Mä dat heescht awer net, dass mer all Projet an all Bauterrain egal wéi mussen unhuelen. Grad dowéinst ass e PAG do, fir eng gesond Entwécklung vun enger Gemeng matzäiten ze steieren. Ier esou e Wuesstum geschitt, wéi mer e bis elo kannt hunn an nach wäerte kennen, bis deen nächste PAG da wäert do sinn.

Wann een de PAG esou net acceptéiert an eppes wëll maachen, da gëtt et eng Rei Saachen, wou een nach ëmmer als Handhab huet, fir ze soen, dee Projet kënne mer net esou acceptéieren, do muss nach eppes dru gemaach ginn.

Eng vun de Reklamatiounen ass déi, dass Onsécherheet besteet, wéi d'Waasser do wäert lafen. Wéi eng Inzidenzen d'Quellen, déi do sinn, op déi zukünfteg Haiser wäerten hunn. Awer och op déi Haiser, déi schonn do stinn. Als een, deen hei an der Avenue Charlotte wunnt, kann ech soen, dass och nëmme kleng Bauinterventioune grouss Inzidenzen hunn, wann ee weess, dass Quellen do sinn.

Eleng wéi d'Post hei d'Kabele verluecht huet, hate verschidde Leit Waasser am Keller. An hei sinn eng ganz Rei Quellen, déi den Hiwwel erofkommen, wou direkt eng Inzidenz ass. Dofir géif ech dat bei wäitem net ënnerschätzen. An ech soen, et misst eng Etüd virleien, ier mer iwwer esou eppes ofstëmmen.

Punkto Kompensatioun, do geet eng Rei verluer. Eng Rei Saache gi kompenséiert sur place, awer bei wäitem net vill. Ech sinn averstane mat deene Reklamatiounen, déi soen, dat kann net einfach wäit ewech vun der Plaz selwer kompenséiert ginn. Dat muss esou no wéi méiglech kompenséiert ginn. D'autant plus, well mer an där Strooss schonn eng Rei Bio-

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *estime que ce projet est le symptôme et la conséquence de ce qui ne fonctionne pas dans la commune et dans le pays.*
La Ville de Differdange est en train de refaire son PAG depuis 1994. Or ce PAG n'existe toujours pas. Gary Diderich n'a vu qu'une présentation PowerPoint il y a plus d'un an. Les élections auront lieu bientôt et les partis politiques ne disposent pas des informations nécessaires à l'élaboration de leurs programmes.
Aujourd'hui, le collège échevinal demande aux conseillers communaux d'approuver un projet parce que le cadre légal est respecté. En 2006, le conseil communal a approuvé la réduction de la densité de construction. Gary Diderich n'était pas encore là. Autrement, il aurait demandé la suppression du projet.
Maintenant, le projet est prévu dans le PAG et il faut faire avec. Le problème, c'est le temps qu'il faut pour réaliser le nouveau PAG. Mais cela n'est pas seulement dû à la commune.
Le projet présenté aujourd'hui n'enthousiasme personne, et ce, pour diverses raisons.
M. Ruckert a souligné la pression qui existe pour tirer un maximum de profit d'un tel projet.
Ce projet aurait pu être planifié d'une autre façon si la politique nationale des bâtisses avait été menée différemment au cours des trente dernières années. Cette politique n'a pas été menée dans l'intérêt de la collectivité et les institutions publiques ne se sont pas donné les moyens de la contrôler. C'est ce qui explique que l'on se retrouve avec des projets comme celui-ci et que l'on ait peur de protester.
Le Luxembourg a besoin de logements, mais cela ne signifie pas qu'il faille tout accepter. Le PAG doit garantir un développement sain.
Une des réclamations porte sur l'incidence de l'eau sur les maisons qui seront construites. Gary Diderich habite dans l'avenue Charlotte et sait que même les petites interventions ont des incidences considérables quand il y a des sources à proximité. Lorsque la Poste a installé des câbles, plusieurs caves ont

été inondées. Il ne faut donc pas sous-estimer le problème.
Une petite partie du biotope perdu sera compensé sur place. Gary Diderich approuve les réclamations soutenant que l'on ne peut pas compenser sur un site éloigné. Il rappelle qu'une grande résidence a déjà été construite juste à côté, là où se trouvait un formidable verger.
Le conseiller communal peut comprendre la modification du PAG de 2006. Mais aujourd'hui, la situation a changé. Des résidences ont été construites dans la route de Belvaux et d'autres projets seront réalisés.
Gary Diderich n'est pas d'accord avec certaines réclamations concernant le trafic et la mobilité. Les voitures, les vélos et les piétons doivent pouvoir emprunter les mêmes rues. Gary Diderich peut comprendre que les parents ne veulent pas laisser leurs enfants emprunter les pistes cyclables parce qu'elles sont dangereuses et que le marquage ne mène pas les automobilistes à réfléchir autrement. Mais il est temps que les différents acteurs comprennent qu'ils doivent coexister sans que certains se sentent en danger.
Gary Diderich ne pense cependant pas que ce soit le plus grand problème de ce projet. Il regrette toutefois que l'on puisse accéder au quartier en voiture. Il faudrait obliger les habitants à se garer à l'entrée du lotissement. Il y a un parking souterrain. Par conséquent, il ne faut pas un garage privé ou un abri d'auto pour tout le monde. Gary Diderich propose une sortie du parking souterrain à l'entrée du lotissement et quelques emplacements pour charger ou décharger la voiture. De cette façon, des moyens de transport comme le bus, le train ou le vélo gagneraient en attractivité par rapport à la voiture. Car actuellement, on parle de shared space d'un côté et on laisse les automobilistes se garer juste devant chez eux de l'autre.
La Cellule d'évaluation a aussi souligné le problème des sous-sols. Jusqu'à quelle profondeur doit-on creuser? D'un point de vue écologique, il faut penser aux camions qui doivent transporter la terre, aux répercussions hydrogéologiques, etc. En fait, le but est d'agrandir la marge de manœuvre des promotope verluer hunn. Direkt do ugrenzend ass eng riseg Residence bis hanne bei d'Vëlospist gebaut ginn, wou en immense Bongert war. Do ass elo SAF gebaut ginn, net wäit dovunner, an esou weider an esou fort. Dat muss ee berücksichtegen.

Ech ka verstoen, wann een 2006 gesot huet, kommt, mir stufen dat doten erof am PAG. Haut ass awer esou vill méi Verkéier an där Géigend, well Residencen an der Bielesser Strooss gebaut ginn, wou schonn déi eng an déi aner Projete gebaut gi sinn a gewosst ass, dass nach gebaut gëtt. An dat dote wäert komplizéiert ginn.

Wat de Verkéier an d'Mobilitéit ugeet, sinn ech mat verschiddene Reklamatiounen net averstanen. Och net mat verschiddene Bedenken, déi hei ausgedréckt gi sinn. Ech mengen, dat ass e bëssen eng Lëtzebuerger Kränkt, well mer et net anescht gewinnt sinn. Den Auto, de Vëlo an de Foussgänger solle kënnen niewenteneen, op deenen nämmlechte Stroossen, funktionéieren. Virun allem, wann een esou no ass bei sengem Endzil, da soll ee sech gefällegst dru winnen, dass och e Vëlo oder e Foussgänger kéint op deem nämmlechten Espace ënnerwee sinn a sech deementspriechend upassen.

Et si vill Leit, déi kritiséieren déi Vëloszeechnungen um Buedem, déi duerch ganz Déifferdeng ginn, a verschiddentlech op Plazen, wou am Fong just dann nach, wann een d'Zeechnung sou kuckt, e Vëlo an déi eng an e Vëlo an déi aner Richtung kéint fueren. An am Fong fueren do just Autoen, an do géif kee seng Kanner hi schécken.

Ech kann dat verstoen, well ech fannen déi Vëloszeechnungen och onglécklech gemaach. Well et net sécher genuch ass fir de Vëlosfuerer. An et virun allem net zu engem Ëmdenke bei den Autoe féiert an déi Prioritéit net wierklech ginn ass. Mä mir mussen awer ufänken, dat op eng anstänneg Aart a Weis hinzekréien, dass déi verschidde Verkéiersträger op deenen nämmlechte Verkéiersweeër kënne koexistéieren, ouni dass ee sech onsécher spiert.

Mä ech denken, dat ass net dee gréisste Problem vun deem heite Projet. An deem Zesummenhang soen ech, dass ech et erëm bedaueren, dass mer hei den Auto net nach méi am Agang vun deem ganze Projet halen. Do si Residencen, do ass Souterrain, do brauch net jiddree seng Garage. Do brauch, menger Meenung no, kee seng Garage. Do brauche mer och keng Carporten, do brauche mer och net méi vill iwwerflächlech Parkingen.

Do kéinte mer dat alles Souterrain uleeën. Am Agang vun deem Ganze géif een erausklammen. Et bräicht ee vläicht déi eng oder aner Plaz, fir ze parken an auszelueden, awer dat wären da Kuerzzäit-Saachen. An da géif een erëm do parken. Well dat géif dozou féieren, dat hu mer hei an enger Verkéiersetüd presentéiert kritt, dass aner Verkéiersträger wéi Bus, Zuch, Trëppelen a Vëlofuere méi attraktiv géife gi wéi den Auto.

An doduercher, dass mer dat awer esou plangen, soe mer op där enger Säit ‚Shared Space', mä op där anerer Säit soe mer, d'Autoe solle bis virun d'Dier kënne fueren an nach ëmmer do kënne parken.

Dee leschte Problem, deen ech wëll uschwätzen, war och an der Cellule vum Ministère ugeschwat ginn: Wéi wäit gëtt do ënnerkellert, a wéi wäit gëtt net ënnerkellert? Wéi vill Buedem muss do erausgeholl ginn, am Sënn vun, wéi si et schreiwen, nohalteger Entwécklung?
Déi ganz Camionen, déi mussen hin an hier fueren, fir de Buedem erëm ofzedroen. Déi ganz Repercussiounen, déi dat op d'Hydrogéologie huet an esou weider. Déi musse menger Meenung no net sinn. Déi kommen dohier, dass ee mengt, et misst een dem Promoteur méiglechst vill Spillraum loossen, net fir op seng Käschten ze kommen, wéi d'Madamm Schambourg dat gesot huet – e Promoteur huet jo bei wäitem net nëmmen d'Ambitioun, op seng Käschten ze kommen, mä deen huet d'Ambitioun, domadder Suen ze verdéngen. An dat si jo och net där mannster Suen, déi e bei esou engem Projet verdéngt.

Aus all deene Grënn wäerte mir als déi Lénk deen dote PAP net stëmmen. Et sinn eng ganz Rei Saachen, déi missten adaptéiert ginn. D'Ëmweltkommissioun huet do ganz kloer Propose gemaach. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci. Här Hobscheit, w.e.gl.

PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Häre, ech wëll guer net verstoppen, dass dat e Projet ass, iwwert dee mir och an der LSAP-Fraktioun ganz kontrovers diskutéiert hunn. Wann Der d'Reklamatiounen am Dossier gesitt, da kënnt der Iech vläicht denke firwat. Och Membere vun eis hu reklaméiert, well se direkt vun deem Projet betraff sinn.

Ech wëll ganz éierlech sinn. Ech verstinn, dass d'Leit, wann esou eppes hannert hiren Haiser geschitt, op den éischte Bléck net ganz frou sinn. An eng Diskussioun, déi mir haten, ass einfach déi: Wann e Projet ënnerwee geännert gëtt, wann d'Leit mengen, si hätten herno, wann de Projet fäerdeg ass, e klenge Park no bei hirem Gaart, an herno mierke se, dee Park ass vill méi wäit ewech, wéi se dat ufanks gemengt haten, dréit dat net dozou bäi, dass d'Leit de Projet méi begréissen oder iwwerhaapt dem Projet eppes Positives ofgewannen. Dat ass net weider verwonnerlech. Dat muss ee sech bewosst sinn. Wann et hin an hier geet an engem Projet, da veronséchert dat d'Leit nach zousätzlech. An et dréit sécher net dozou bäi, dass d'Leit engem Projet positiv agestallt sinn.

Den Här Muller ass op den Historique agaangen. 2006 gouf déi Decisioun geholl, déi geholl gouf. Et war gewosst, dass op deem Terrain kéint gebaut ginn. An elo si mer ebe konfrontéiert mat engem PAP, deen do soll entstoen. Et kann een natierlech ëmmer driwwer diskutéieren, ob de PAP, sou wéi e virläit, gutt ass.

Een Element, wat hei e puermol ernimmt ginn ass, ass eisen neie PAG. Ech mengen, dass dat e ganz wichtegt Instrument ass, wou mer eis ganz gutt solle Gedanke maachen, wat mer op esou Plazen nach wëllen a wat mer net wëllen. Dat ass déi üüblech Fro: Bis wouhi wëlle mer wuessen? Wéi wäit soll de Wuesstum goen? Wou soe mer, et geet duer? Wat wëlle mer nach, a wat wëlle mer net méi?

Mir sinn awer elo hei an enger Situatioun, wou mer e PAP presentéiert kritt hunn, well eben do ka gebaut ginn. Mir als LSAP-Fraktioun sinn zur Konklusioun komm, dass mir dat do wäerten elo haut hei matstëmmen. Well mir eiser Responsabilitéit als Gemengevertrieder gerecht ginn, wou een heiansdo muss eng onangenehm Decisioun huelen, a well ee sech muss un d'Prozeduren halen. Duerfir wäerte mir als LSAP dëse PAP matstëmmen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Ech hu gutt nogelauschtert. Ech wëll Iech nach déi eng oder déi aner Propose maachen, an da stëmmt de Gemengerot souverän of, wéi en et fir richteg fënnt.

De Gary Diderich ass elo net heibannen, da muss en et lauschteren. Et ass einfach, déi eng Säit ze soen, mir solle Wunnenge bauen, mir sollen am Perimeter bauen, wou mer fir d'éischt eis Baulücken opfëllen. Dat seet iwwregens net nëmmen de Gary Diderich, mä dat seet och den Här Hansen vun der Demokratescher Partei, Minister vum Logement, datt soll mol gebaut ginn an den Uertschaften.

An dann, wa mer dat maachen, da gëtt erëm gesot, 60 Leit sinn dogéint. Da gëtt gesot, do ass et awer net gutt, baut net do, baut enzwousch anescht. Ouni datt ee mer bis haut gesot huet, wou mer da solle bauen.

Den Här Ruckert huet recht. Et si vill Reklamanten. Mä mir halen eis un dat lëtzebuergescht Gesetz, wat en demokratescht Land gestëmmt huet. An domadder mengen ech, datt mer gutt leien.

Madamm Goergen, ech verstinn Iech net. Ech versti jo, datt Der Schwieregkeeten hutt, datt d'Majoritéit elo Saache mécht. Mä da misst ee mat Argumenter kommen. Ech hu vun Iech net vill Argumenter héieren. Dir hutt Iech virun dräi Joer, den 1. Oktober 2014, enthalen, wou mer d'Eefamilljenhaiser geschützt hunn. Wou mer gesot hunn, firwat mer dat net méi wëllen. Well mer net wëlle grouss Residencen an d'Wunnquartiere maachen. Do hat Der gesot, dat géift Der net gutt fannen. Mir sollen dat Quartier fir Quartier kucken.

teurs, dont l'ambition n'est pas de rentrer dans leurs frais, mais de gagner de l'argent.
Pour toutes ces raisons, déi Lénk n'approuvera pas le PAP. Il faudrait procéder à des adaptations. La commission de l'environnement a fait des propositions dans ce sens.

PIERRE HOBSCHEIT (LSAP) *explique que les discussions au sein du LSAP ont été difficiles. Certains membres de la fraction sont directement concernés.*
Pierre Hobscheit comprend que les habitants ne soient pas contents de la réalisation d'un tel projet juste derrière chez eux. Et d'autant moins qu'avec les modifications, le petit parc se trouvera plus loin des maisons que prévu. Les tergiversations ne contribuent pas à calmer les esprits et à rendre le projet plus attractif.
En 2006, on savait qu'il s'agissait d'un terrain à bâtir et on a pris une décision. Aujourd'hui, le conseil communal est face à un PAP. Certains conseillers ont mentionné le PAG. Celui-ci doit permettre de définir ce qui peut ou ne peut pas être construit sur ce type de sites. Combien la commune peut-elle croitre? Où faut-il s'arrêter?
Comme il s'agit d'un terrain à bâtir, un PAP a été présenté. Les socialistes ont décidé de l'approuver, parce qu'ils doivent prendre leurs responsabilités en tant que représentants communaux et se tenir aux procédures.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *est disposé à faire quelques propositions avant le vote souverain du conseil communal.*
Il est facile de dire comme M. Diderich qu'il faut construire des appartements, se tenir au périmètre de construction et utiliser les terrains vagues — ce que dit d'ailleurs aussi M. Hansen, le ministre démocrate du Logement. Mais quand le collège échevinal présente un projet, on lui demande de bâtir ailleurs parce que soixante habitants sont contre. Dans ce cas, il faut aussi pouvoir proposer un autre endroit.
M. Ruckert a raison de mentionner les réclamants. Mais le Luxembourg est une démocratie et il faut se tenir à la loi.

Roberto Traversini comprend que M^me^ Goergen ait du mal à approuver les projets de la majorité. Mais dans ce cas, il faut des arguments.
Le 1er octobre 2014, elle s'est abstenue lors du vote sur la protection des maisons unifamiliales. Or le but était d'empêcher la construction de grandes résidences dans les lotissements. À l'époque, les démocrates avaient dit qu'il fallait prendre une décision quartier par quartier. Mais alors, ils doivent dire clairement où construire des résidences. Car il est facile d'être contre tout ce que fait la majorité.
En 2006, le conseil communal avait approuvé la possibilité de construire de petites résidences sur ce site. C'est ce que prévoit le PAP. Bien sûr, on peut changer d'avis. Mais il y a trois ans, les démocrates auraient pu proposer autre chose pour Ouschterbuer. Ils ne l'ont pas fait. Les conseillers communaux peuvent proposer des modifications du PAG à tout moment.
Roberto Traversini estime qu'il faut bâtir à l'intérieur du périmètre de construction. Il est probablement le seul au sein du conseil communal à approuver pleinement ce projet. Differdange manque de maisons unifamiliales dans l'agglomération permettant aux habitants d'aller au travail, à l'école ou dans les commerces à pied. Or si l'on décide d'habiter en ville, on sait que l'on est plus proche d'autres personnes. Roberto Traversini a soutenu ce projet en 2006 et le soutient encore aujourd'hui. Il aurait préféré uniquement des maisons unifamiliales, mais la loi ne le permet pas. En tout cas, il espère que tous les conseillers communaux approuveront ce PAP. En attendant, il a une proposition à faire. Il suggère d'intégrer le site des deux maisons familiales en haut dans la partie publique. Cela permettrait d'aménager un second parc. De nombreux réclamants se sont plaints à ce sujet.

PIERRETTE SCHAMBOURG (CSV) *demande si ces deux maisons seraient supprimées.*

ERNY MULLER (LSAP) *répond que oui.*

Da soll d'Demokratesch Partei soen, wou mer nach däerfen Héichhaiser, Appartementshaiser bauen? Da géif ech dat gär gewuer ginn, wou mer dat solle maachen, fir kënnen ze soen, domat si mer averstanen oder net averstanen. Et ass ëmmer einfach, géint eppes ze sinn, wat d'Majoritéit mécht.

2006 hate mer och gesot, dass d'Méiglechkeet bestoe bleift, fir kleng Appartementshaiser an de PAPen ze maachen. An hei ass e PAP, wou dat méiglech ass. Dofir si mer der Meenung, datt et och soll esou gemaach ginn.

Ech hunn absolutt kee Problem domat, dass ee seng Meenung ännere kann. Et ass awer och mäi gutt Recht, dann ze soen, wat ee viru Jore gestëmmt huet. Wann een eng aner Meenung huet, soll ee se roueg hei soen.

Et hätt keen d'Demokratesch Partei dru gehënnert, virun dräi, véier Joer ze soen: Hei um Site Ouschterbur wëlle mer, datt eppes aneschters geschitt. Mir schloe vir, deen ëmzeänneren. Ech hat awer keen héieren. Keen heibannen. D'Diskussioun ass eréischt opkomm, wou op eemol e Promoteur komm ass, fir do wëllen eppes ze maachen.

All Conseiller kann zu all Ablack hei Iddien erabréngen, fir PAG-Ännerungen ze maachen, oder keng, wou soll gebaut ginn a wou net. Ech sinn der Meenung, datt de PAG net soll ausgebaut ginn. Dat ass meng Meenung. Mir solle mol fir d'éischt kucken, am Bauperimeter ze bauen. Ech si wahrscheinlech deen eenzegen heibannen, deen dee Projet absolutt begréisst.

Ech wëll soen, datt et wichteg ass, Bausubstanz matzen an der Agglomeratioun ze hunn, Eefamilljenhaiser ze bauen, well mir wierklech e grousse Manktem hei zu Déifferdeng hunn. Wou ee kann ze Fouss akafe goen, wou ee kann ze Fouss an d'Schoul goen. Dat ass fir mech och en Deel Liewensqualitéit. A wann een d'Decisioun hëlt, an enger Stad ze wunnen, dann ass dat esou, datt d'Leit op eemol méi no beienee wunnen.

2006 hunn ech zu deem hei Projet gestanen, ech stinn 2017 nach ëmmer zu deem Projet. An ech fannen et gutt, datt do gebaut gëtt. Ech hätt och léiwer, et wiere just Eefamilljenhaiser. Mä d'Gesetz erlaabt eis dat net. Dofir wier ech frou, wann Der all géift dee PAP hei matstëmmen.

Ech hunn eng Propos ze maachen. An dat kënne mer maachen, dat wäert eis dann natierlech och eppes kaschten. An zwar de PAP esou ze änneren, fir déi zwee Eefamilljenhaiser uewen a Partie publique ze kréien. Da kéinte mer en zweete Park maachen. Ech hunn héiere vun de Reklamanten, dass do vill iwwert d'Natur geschwat ginn ass. Datt een opgrond vun de Reklamante seet, mir hätten déi gär Partie publique, déi zwee Haiser. Dat heescht, mir géifen en zousätzleche Park kréien a mir hätten Accès uewe vun der Strooss.

PIERRETTE SCHAMBOURG (CSV):

Déi falen da ganz ewech?

SCHÄFFEN ERNY MULLER (LSAP):

Jo.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Mir sinn hei souverän. Amplaz 25%, wou de Promoteur da wäert ofginn, wäert e méi ginn. An déi puer Prozenter, wou e méi gëtt, wäerten eis natierlech eppes kaschten. Mä wann ech d'Reklamanten héieren a wéi d'Diskussiounen hei gelaf sinn, wier eng Kannerspillplaz fir de Quartier, mengen ech, eppes, wat mer kéinten an de Gemengerot huelen.

(Interruptioun)

A mir géifen déi Strooss blockéieren. Dat heescht, datt de Gemengerot herno decidéiere kéint, ob um Ouschterbur weider gebaut géif ginn oder net. Mir géife Proprietär vun deem Stéck ginn, wat dat anert Stéck matenee verbënnt. Dat heescht alles, wat da géif gemaach ginn, misst nach eng Kéier duerch de Gemengerot goen. De Proprietär wär d'Gemeng. Dat hunn ech esou verstanen aus de Reklamatiounen, datt mer dat vläicht sollte matdroen.

(Interruptioun)

SCHÄFFEN ERNY MULLER (LSAP):

Wéi dee Projet virdru war.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo. Dat heescht, mir géifen zwee Parke kréien, a mir géifen en Accès kréie fir weideren Ausbau vum Site.

D'Diskussioun ass erëm op, well et jo eng nei Propos gëtt.

Här Mangen, w.e.gl.

ROBERT MANGEN (CSV):

Ech mengen, dat ass eng gutt Propositioun. Ech géif soen, mir si vill ze guttmiddeg mat de Promoteuren. Dat hei wär wierklech e schéine Quartier gewiescht, wou een no Freiburger Modell kéint maachen, einfach autofräi. Dat hunn ech scho bei anere Projete virgeschloen. Zum Beispill bei den Alen Ateliéren, Richtung Nidderkuer, wär dat och ideal gewiescht. Kéint ee vläicht eng Kéier mam Promoteur doriwwer schwätzen, fir dat ze maachen? Datt et wierklech autofräi wär. Wa se schonn e Parking bauen, ob dat net méiglech wär.

SCHÄFFEN ERNY MULLER (LSAP):

Mir kënnen dat kucken …

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Diderich, w.e.gl

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech géif déi Ureegung vum Här Mangen nëmmen ënnerstëtzen. Ech hu mech jo och an deem Sënn ausgedréckt. Iwwert dee Wee kéint e méi Parties communes a méi Espaces verts kréien. Ech hu Bedenke par rapport zu där Propos vum Här Buergermeeschter, dass mer dat elo op d'Kap huele vun der Gemeng, fir dat esou ze amenagéieren. Mä ech fannen et besser wéi virdrun. An ech géif éischter an där Faveur stëmmen.

Mä ech hunn eng Rei aner Bedenken zum Projet, dass ech elo net onbedéngt doropshi wäert anescht stëmmen. Mä u sech sinn ech en faveur – wa just dat eent oder dat anert méiglech ass –, dat ze maachen, wat Der elo virgeschloen hutt. Andeems een e Maximum auslotet, wat een nach vu Méiglechkeeten huet. Dass dat awer och op d'Kap geet vum Promoteur. Dass deen Deel do esou amenagéiert gëtt, dass et sënnvoll ass fir d'Leit, déi do wunnen, an déi, déi ronderëm wunnen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Mir sinn hei Gott sei Dank nach an engem demokratesche Land. An d'Proprietären hunn nach ëmmer d'Recht ze soen, ob se eis eppes fir näischt ginn oder net. Ech ka mer awer net virstellen, datt d'Leit géife Saache fir näischt ginn. Wat am Nachhinein awer och géif hëllefen, wa mer déi zwou Parzellen hätten. Déi puer Beem, déi misste verplanzt ginn, déi kéinten am Fong geholl op der Plaz verplanzt ginn. Dat heescht, déi remarkabel Beem kéinten ënnen ewechgeholl ginn an erëm direkt dohinner gesat ginn. Dat géif der Saach am Nachhinein vläicht och guttdoen.

Här Ruckert, Dir hutt d'Wuert gefrot.

ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, Dir hutt eng interessant Propositioun gemaach, muss ech soen, mä et ass eng Verleeënheetsléisung. An dat wäert mech net derzou féieren, dass ech mäi Vott zu deem Gesamtprojet ännere wäert.

Ech wollt nach just e Wuert soen, Dir hutt am Zesummenhang mat menger Kritik gesot: „Mir halen eis un d'Gesetz". Gesetzer kann een änneren.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat ass richteg.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *explique que le promoteur devra céder plus de 25 % du terrain à la commune. La commune devra donc payer plus. Mais les réclamants ont beaucoup parlé d'aires de jeux pour les enfants, etc.*
À l'avenir, le conseil communal sera libre de décider si Ouschterbuer doit être étendu ou pas. La commune restera propriétaire du terrain à côté. Tout nouveau projet passerait donc par le conseil communal.
(Interruption de M. Diderich)

ERNY MULLER (LSAP) *répond que ce serait comme dans le projet précédent.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *ajoute qu'il y aurait donc deux parcs et un accès pour un éventuel agrandissement du site. Le bourgmestre ouvre les débats.*

ROBERT MANGEN (CSV) *soutient cette idée. Il trouve que la commune est trop bienveillante avec les promoteurs.*
Ce quartier aurait pu être construit selon le modèle de Fribourg c'est-à-dire sans voitures. Robert Mangen avait fait la même proposition pour le quartier des Anciens Ateliers à Niederkorn. Le collège échevinal ne pourrait-il pas en parler avec le promoteur? Celui-ci construira de toute façon un parking.

ERNY MULLER (LSAP) *propose d'en discuter avec lui.*

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *soutient la proposition de M. Mangen. Cela permettrait d'avoir plus de parties communes et d'espaces verts.*
Le conseiller communal n'est pas entièrement convaincu par la proposition du bourgmestre, mais c'est mieux que rien. Cependant, il n'approuvera pas le projet, car il y a d'autres problèmes. Mais l'idée du bourgmestre permettrait à la commune de tirer un maximum de ce projet. Ce serait bénéfique pour les habitants et les riverains.Gary Diderich estime cependant que c'est au promoteur de régler les frais.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *rappelle que le Luxembourg est une*

démocratie et que les propriétaires ont le droit de faire des cadeaux ou pas.
Il souligne le fait que ces deux parcelles permettraient aussi à la commune de procéder à des compensations écologiques sur place en y plantant les arbres remarquables.

ALI RUCKERT (KPL) *considère que la proposition du bourgmestre est une solution de repli et que cela ne le conduira pas à approuver le projet. M. Traversini a dit tout à l'heure qu'il fallait se tenir à la loi. Mais la loi peut être modifiée.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *est d'accord avec M. Ruckert.*

ALI RUCKERT (KPL) *conseille aux gens de voter pour des personnes faisant des lois en leur faveur.*

PIERRETTE SCHAMBOURG (CSV) *soutient la proposition visant à supprimer les deux maisons. Cela irait dans le sens de ce que pense la commission des bâtisses, qui trouvait les constructions trop denses. Il faut entamer des négociations avec le promoteur pour que la commune ne soit pas la seule à payer.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *avoue qu'il était nerveux quand il a téléphoné à M^me^ Schambourg hier.*
Il ne faut pas oublier à quoi ressemblait le projet avant que Roberto Traversini ne discute avec les promoteurs. Il faut tenir compte du point de départ. Si le projet est approuvé tel qu'il se présente aujourd'hui, ce serait un plus pour le quartier.
Le collège échevinal n'accepte pas tout ce que proposent les promoteurs. La proposition de Roberto Traversini permettrait à la commune de disposer des deux parcelles, d'aménager un parc et de prévoir un passage.

PIERRE HOBSCHEIT (LSAP) *repense à la discussion au sein de la fraction socialiste et estime que la proposition du bourgmestre va dans le bon sens. Elle est dans l'intérêt des habitants.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *rappelle que le chemin appartiendra*

ALI RUCKERT (KPL):

An ech kann nëmmen de Leit roden, dass se Leit wielen, déi dann och Gesetzer an hirem Interesse maachen. Well déi Gesetzer sinn net am Interesse vun de Leit.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

D'Madamm Schambourg, w.e.gl.

PIERRETTE SCHAMBOURG (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter. Ech stinn där Propositioun ganz positiv géintiwwer, fir déi zwee Haiser ewechzeloossen. Ech mengen, dat wier am Sënn gewiescht vun eise Leit, vun deene meeschte Leit, op alle Fall an der Bautekommissioun. Do hate mer gesot, datt et e bëssen dense wier op där Plaz, wat d'Bebauung ugeet. Ech denken awer schonn, datt ee soll an d'Verhandlunge goe mat de Promoteuren …

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Leet Äre Kapp a Rou.

PIERRETTE SCHAMBOURG (CSV):

… datt mir als Gemeng net déi eenzeg sinn, déi do mussen déi ganz Fraisen droen. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Madamm Schambourg, gëschter war ech e bëssen nervös, wou ech Iech ugeruff hunn. Wou ech mat de Promoteure geschwat hunn, war dee Projet nach zéngmol méi. Et muss ee jo awer kukken, wéi en am Ufank war a wéi en haut ass. A wann en haut esou vum Gemengerot géif gestëmmt ginn, dann hätte mer ganz vill fir dee Quartier geschafft. An nach eng Kéier, gleeft mer, mir ginn de Promoteuren net alles, wat se wëllen. Bei wäitem net.

Mä dann hätte mer déi zwou Plazen, an et kéint een e Passage maachen, datt ee vun uewen direkt kéint an de Park kommen, dann hätt een d'Bielesser Strooss entlaascht. Wann Der dat wëllt, da géife mer dat esou änneren. Jo, ganz gären, Här Hobscheit.

PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Häre, wann ech un eis Diskussioun erënneren, déi mir gëschter an eiser Fraktioun haten, ass dat, wat Der elo proposéiert hutt, definitiv eng Propos, déi am Sënn vun deene Leit ass, déi sech do zimlech echaufféiert haten. Ech mengen, dat do wär eng Propositioun, mat där déi Leit gutt kéinte liewen. Dat wär am Interessi an am Sënn vun deene Leit. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat Stéck Strooss géif awer herno der Gemeng zoustoen, net datt d'Nopere herno mengen, si kéinten awer nach an hiert Stéck. Si kënnen dat nach ëmmer maachen, mä et gehéiert der Gemeng. Well déi aner Säit hu mer datselwecht gemaach. Dat gréngt Stéck kritt d'Gemeng cedéiert. Datt d'Gemeng respektiv de Gemengerot, herno decidéiert, wéini do opgemaach gëtt. All déi Diskussioune wäerten dann hifälleg sinn, wann den Ouschterbur soll ausgebaut ginn.

Här Liesch. Ganz gär.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Well den Här Schwachtgen elo net um Debat kann deelhuelen, an hien net nëmme Conseiller, mä och President vun der Ëmweltkommissioun ass, a well hei gesot ginn ass, d'Propos vun der Ëmweltkommissioun wär relativ spéit komm, wëll ech kuerz den Historique maachen.

Soubal wéi de Projet erakomm war, war mat eisem Service écologique, mam President vun der Ëmweltkommissioun a mat der Ëmweltkommissioun selwer diskutéiert ginn. Am Fong misst een eigentlech all déi Variante vu Pläng, déi vun deemools bis haut gezeechent goufen, eng Kéier heihinner leeën, fir dass de Gemengerot appreciéiere kéint, wat

fir eng Aarbecht do geleescht ginn ass. Also d'Ëmweltkommissioun huet hei wierklech ganz vill matgeschafft, wat ech ausdrécklech begréissen.

Wat mer elo hei am Dossier leien hunn, ass am Fong de Rapport zu deem leschten aktuelle Plang, wou si nach Iddien abruecht hunn. Dat ass wierklech e bësse spéit gewiescht. Mä ech wëll awer betounen, dass déi Leit aus der Ëmweltkommissioun wierklech vill Input ginn hunn, deen an déi Versioun, déi mer elo hei virleien hunn, integréiert ass.

Sief dat déi Beem, déi gehale ginn, déi vill Hecken a Beem, déi geplanzt ginn. Sief dat verschidden Ännerungen, wéi d'Haiser gedréit goufen. D'Gréngdiech, mengen ech, brauch ech net ze verstoppen, dass dat Fuerderungen aus deem Eck waren, déi mer, wéi den Här Buergermeeschter gesot huet, an den net ëmmer ganz einfachen Diskussioune mam Promoteur awer duerchgesat hunn. Ech wollt dat just hei nach ernimmen, net dass am Raum géif stoe bleiwen, déi Propose wäre guer net opgeholl ginn.

Allgemeng hu mer elo eng Diskussioun gefouert, e bësse lassgeléist vun dësem Projet, iwwer allgemeng Bauten oder net Bauten. Et ass gesot ginn, d'Gemeng hätt laut Gesetz keng Handhab, fir dat hei ze maachen. Ech wëll awer drun erënneren, wéi den Här Buergermeeschter et och gesot huet, dass e PAG dat festleet.

Mä kee PAG ass a Steen gemeesselt. All PAG léisst sech modifizéieren. Mir hunn hei am Gemengerot an deene leschten zéng Joer eng Hellewull Modifikatioune vu PAGe gestëmmt. An näischt hätt verhënnert – an do huelen ech mech mat der eegener Nues –, wa mer dat doten entdeckt hätten, fir éischter ze soen: Hei hu mer eppes, do kéint eng Kéier e Projet kommen, mir wëllen dat net. Dass mer dat dann hei zesummen hätte kéinten diskutéieren, wann ee vun de Conseilleren op d'Iddi komm wär, dat eranzebréngen. Wéi gesot, ech huele mech mat der eegener Nues, well ech dat och net wousst. Mä mëttlerweil wësse mer et.

Wéi den Här Ruckert gesot huet, mir wëllen dat natierlech verhënneren. Ech mengen, ech hunn den Exercice gemaach, ech invitéieren Iech, dat dann och ze maachen. Well et gëtt nach esou Inselen hei an eiser Gemeng, déi identesch sinn zu deem heite Projet. Wou muer e Promoteur eventuell kéint e Projet op den Dësch leeën, an da wäre mer an därselwechter Situatioun.

Ech hunn nach eng ganz Partie Projeten entdeckt, déi alleguerten e bësse méi komplizéiert sinn. Well do net ee Proprietär ass, mä méi Proprietären sinn, wat et fir e Promoteur natierlech méi schwiereg mécht. Mä ech weess och, dass an de Quartiere scho Schelle gedréckt ginn, fir deen een oder aneren Terrain ze kréien. D'Promoteure schaffe jo net vun haut op muer. Si schaffen op laang Zäit. Also wann dat eppes ass, wou de Gemengerot elo seet, et ass keen hei begeeschtert, fir dat ze maachen, da sollte mer deen Exercice alleguerte maachen an esou Terraine lokaliséieren an eng Kéier an de Gemengerot bréngen.

Dann, wéi den Här Mangen sot, mäi lescht Wuert ass och net fir ganz eescht ze huelen. De Schäfferot huet zwee-, dräimol virgeworf kritt, dass mer virdru Projete gestëmmt hunn, nëmme well et e Wahljoer ass. Datselwecht kéint een natierlech och der Oppositioun virwerfen, well 60 Leit reklaméieren, an dat net einfach ass, géint de Projet ze stëmmen, well eben e Wahljoer ass.

(Gelaachs)

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Exzellent. Ier mer zum Vott kommen – dat ass net üüblech – wäert ech elo dorower kommen an Iech de Plang weisen, wéi ech en agezeechent hunn. Da wësst Der, wat ech mengen.

(Interruptioun)

Mir missten iwwer zwou Saachen ofstëmmen. Fir d'éischt géife mer iwwer d'Reklamatiounen ofstëmmen. Kënne mer déi am Block ofstëmmen? Mir stëmmen driwwer of, ob mer fir oder géint d'Reklamatioune sinn. Dat musse mer esou maachen. Dat heescht, wien dofir ass, datt d'Reklamatioune sollen oprecht erhale bleiwen, …

SCHÄFFEN ERNY MULLER (LSAP):

Nee.

à la commune et pas aux habitants. La même chose est vraie pour ce qui est l'espace vert de l'autre côté. Mais ces discussions deviendraient superflues si Ouschterbuer devait être agrandi un jour.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *rappelle que M. Schwachtgen ne peut pas prendre part au débat. Mais comme il est aussi le président de la commission de l'environnement, Georges Liesch va expliquer pourquoi l'avis de la commission est arrivé tard.*
La commission a été informée du projet dès son introduction et elle a réalisé un travail impressionnant. Pour s'en rendre compte, il suffit de voir l'évolution du projet du début à aujourd'hui.
L'avis dans le dossier concerne la dernière version du projet. Il est arrivé trop tard, mais les propositions faites avant ont été intégrées, notamment pour ce qui est des arbres et des haies. L'idée des toits écologiques a aussi été imposée par le collège échevinal au promoteur. Il est donc faux de dire qu'on n'a pas tenu compte de cette proposition.
La discussion d'aujourd'hui a porté en partie sur le thème général des constructions. Il a été dit que la commune devait se tenir à la loi. Mais le bourgmestre a expliqué que le PAG fixait les conditions. Or le PAG peut être modifié et cela a été fait de nombreuses fois au cours des dix dernières années. Une éventuelle modification concernant Ouschterbuer aurait pu être débattue par le conseil communal. Georges Liesch se sent coresponsable.
M. Ruckert a dit qu'il fallait éviter qu'une telle situation se reproduise. Georges Liesch invite les conseillers à chercher d'autres ilots où un promoteur pourrait proposer un projet semblable à l'avenir. Lui-même en a découvert plusieurs. La tâche du promoteur sera plus compliquée parce qu'il y a plusieurs propriétaires au lieu d'un seul. Mais Georges Liesch a appris que des promoteurs avaient déjà démarché plusieurs propriétaires pour essayer d'acheter l'un ou l'autre terrain.
Les promoteurs travaillent à long terme. Si les conseillers communaux ne sont pas enthousiastes pour des

projets de ce type, ils doivent essayer de localiser ces terrains.
Tout à l'heure, l'opposition a reproché au collège échevinal de soumettre de nombreux projets au vote parce que les élections approchent. Georges Liesch plaisante sur le fait que l'on pourrait reprocher à l'opposition de ne pas approuver ce projet au cours d'une année électorale parce que soixante habitants ont réclamé.
(Rires)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *présente aux conseillers communaux le plan qu'il vient de dessiner de la proposition qu'il a faite. C'est une première.*
Le bourgmestre demande si les réclamations peuvent être votées en bloc.
(Discussions)
Roberto Traversini explique que ceux qui supportent les réclamations devront voter oui et les autres non. Roberto Traversini propose de voter non.
(Discussions)
Roberto Traversini précise que les modifications proposées sont une conséquence des réclamations. Sans ces réclamations, le conseil communal n'aurait pas décidé d'approuver un nouveau plan.
(Discussions)

ERNY MULLER (LSAP) *ajoute que le collège échevinal prend des décisions dans la mesure du possible. Mais il ne peut pas tout faire.*

TOM ULVELING (CSV) *ne trouve pas logique que l'on vote non.*

Roberto Traversini (déi gréng) propose de voter non.

ERNY MULLER (LSAP) *estime que le conseil communal n'a pas le choix puisqu'il ne peut pas tenir compte de tous les points.*
(Discussions)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *ajoute qu'il est important que le conseil communal donne son avis sur toutes les réclamations.*

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL) *est d'avis que quelqu'un qui écoute toute la séance d'aujourd'hui sait*

(Diskussiounen)

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Fir de Reklamatioune Rechnung ze droen, stëmmt der mat Jo. Fir de Reklamatiounen net Rechnung ze droen, stëmmt der mat Nee. Ech géif proposéieren, datt mer mat Nee stëmmen.
(Diskussiounen)

Duerch déi Reklamatioune kënne mer dat heiten iwwerhaapt maachen. Wa keng Reklamatiounen do gewiescht wären, hätte mer dat doten net kéinte maachen. Op déi Reklamatiounen hin, huet de Gemengerot haut decidéiert, dat do ze maachen.

(Diskussiounen)

SCHÄFFEN ERNY MULLER (LSAP):

Mir maache Mesuren, souwäit mer kënnen. Mir kënnen awer net alles maachen.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Et ass net logesch, dass mer op där enger Säit Nee soen an dann …

SCHÄFFEN ERNY MULLER (LSAP):

Mir kënnen net anescht. Mir kënnen net all Reklamatioun, allem, wat do drasteet, gerecht ginn.

(Diskussiounen)

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Et ass ganz wichteg, datt mer eng Meenung hunn zu de Leit, déi reklaméiert hunn. An der Deliberatioun ass dat wichteg.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Ech huele kuerz d'Wuert. Et gëtt Jurisprudenzen. Ech mengen zwar, dass een och nëmmen ee Votum kéint virhuelen. Well ee Mënsch, deen dee ganze Verbatim vun haut nolauschtert, wéi sech hei mat de Reklamante befaasst ginn ass, dee constatéiert, dass de Gemengerot eng Décision en toute connaissance de cause geholl huet. Dass en am Fong geholl alle Reklamatioune Rechnung gedroen huet. Si louchen am Dossier, an et gouf sech domat befaasst während bal zwou Stonnen.

Et ass effektiv, wéi d'Madamm Schambourg seet, en Deel vun de Reklamatioune sinn an deem neie PAP-Worf dran. Mä natierlech nach laang net alles. Dat heescht, et kéint ee soen, engem Stéck vum Kuch ass Rechnung gedroe ginn an engem anere Stéck awer nach ëmmer net.

Soudass ee kéint ee Votum huele vun deem noberichtegte PAP. Déi Partie graphique, déi gëtt jo elo esou berichtegt, dass zwou Maisons individuelles erausgeholl ginn, wou an der éischter Variant de Park war. Dass mer am Fong geholl elo zwee Parken dran hunn, wat och aus enger Reklamatioun vun de Reklamanten erauskënnt respektiv aus engem Avis vun der Cellule.

Mir kënne jo net hei am Gemengerot ufänken, aufs Geratewohl ee Plang ze änneren. Dat opläit dem Gemengerot net. Hie kann natierlech Nee stëmmen. Hie ka Berichtegungen an Amendementer maachen, déi sech ëmmer am Kader vun deem befannen, wou d'Reklamanten intervenéiert sinn.

An dat heiten ass e fondéierten Amendement opgrond vun de Reklamatiounen. Sou kéint een elo e Votum virhuele vun deem berichtegte PAP, mat där berichtegter Partie graphique, mat deenen Ännerungen, wou een de Reklamanten zum Deel entgéintkomm ass. Ee Votum mat Jo zum PAP oder mat Nee. Ech géif mengen, domat maache mer kee Feeler.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci fir dës Explikatiounen. Här Rukkert, w.e.gl.

ALI RUCKERT (KPL):

Dat do klappt net. Dir hutt eng Propos hei gemaach, mä wie seet dann, dass de Promoteur mat där Propos d'accord ass?

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

E muss.

ALI RUCKERT (KPL):

E muss?

MÉI STËMMEN:

Jo.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Hien huet och Méiglechkeeten. Hie kann dat natierlech ufechten.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Här Ruckert, mir sinn an engem Rechtsstaat, hien kann dat natierlech ufechten. Mä e riskéiert dann awer, à la case départ ze landen, mat enger ganz neier PAP-Prozedur, vläicht no engem Wahlgang am Oktober. An da gesäit en, wat d'Zukunft em bruecht huet. Et ass à ses risques et périls.

Dir hutt recht, hie kann eis natierlech virun d'Verwaltungsgeriicht zéien a soen, ech verléieren déi zwou Bauplazen net gär. Hie kann dat maachen. Mä à ses propres risques et périls. Mä de Gemengerot ass awer befugt a souverän, fir opgrond vu Reklamatiounen eng Modifikatioun séance tenante ze maachen. Wat elo hei geschitt. An de Promoteur mécht dann domadder, wat e fir richteg hält.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Richteg, do gëtt et jo Gesetzer. E ka sech natierlech dorobber beruffen. Et ka sinn, datt et nach eng Kéier an de Gemengerot kënnt an déi zwou Bauplazen drop sinn. Soss wier et jo einfach. Soss kéint de Gemengerot soen, mir wëllen dat alles net. Mä dat geet net. Dat heescht, et ass eng Propos. Mir hoffen natierlech, datt ee sech mam Promoteur eens gëtt. Wann net, hëlt e wahrscheinlech aner Moyenen. Mä dat decidéiert de Promoteur.

Kéinte mer zum Vott kommen? Ech mengen, de Vott ass kloer. Nodeems ech de Vertrieder vun de Fraktiounen déi nei Versioun gewisen hunn, wou mer zwee Loten eraushuelen, wou mer en Accès géife kréien, datt mer dee PAP zum Vott ginn, dass de Gemengerot dat approuvéiert.

Dee Plang, deen ech gewisen hunn, wäert dann och an der Deliberatioun mat dobäi sinn. Dee Plang läit mat der Deliberatioun dobäi. Mir wëllen eng Servitude fir d'Gemeng, de Passage pour jardins privés maachen. Dat heescht, datt dat net méi privat, mä public ass.

Mir huelen elo de Vott iwwert deen neie Virschlag vum PAP.

PIERRETTE SCHAMBOURG (CSV):

An dann duerno?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Duerno näischt méi. Mir huele just nach ee Vott. No den Explikatioune vun eisem Gemengesekretär, brauche mer just ee Vott ze huelen, well mer de Reklamatiounen deelweis nokommen. An dat erliichtert eis och fir ze soen, firwat mer dat geännert hunn.

Wa mer haut kee Formfeeler maachen, maache mer ni méi een.

(Gelaachs)

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Jo fir de PAP modifié oder Nee géint de PAP modifié.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Sot wann ech gelift jo.

Le conseil communal décide avec 9 voix «oui» et 6 voix «non» d'approuver le projet d'aménagement particulier au lieu-dit «Ouschterbur» à Oberkorn.

que le conseil communal prend une décision en connaissance de cause, car il a tenu compte de toutes les réclamations. Celles-ci figurent dans le dossier et il en a été question pendant près de deux heures.
Une partie des réclamations ont été prises en considération, mais pas toutes. Le vote portera donc sur la nouvelle variante du PAP sans les deux maisons individuelles, mais avec deux parcs.
Henri Krecké ajoute que le conseil communal ne peut pas modifier le PAP comme bon lui semble. Il a cependant le droit de faire des amendements dans le cadre des réclamations.
L'amendement proposé aujourd'hui est fondé, car il se base sur les réclamations. Le vote portera donc sur le PAP corrigé, la partie écrite corrigée et sur les modifications tenant compte en partie des réclamations.

ALI RUCKERT (KPL) *n'est pas d'accord. Le bourgmestre a fait une proposition, mais rien ne dit que le promoteur l'accepte.*

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL) *répond que le promoteur n'a pas le choix.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *confirme les propos de M. Krecké.*

ALI RUCKERT (KPL) *demande s'ils en sont surs.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *précise que le promoteur a des possibilités.*

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL) *rappelle à M. Ruckert que le Luxembourg est un État de droit.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *explique que le promoteur peut attaquer la décision en justice.*

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL) *ajoute que le promoteur risque de se retrouver à la case départ et il ne sait pas ce que les élections d'octobre amèneront. C'est donc à ses risques et périls.*
Mais il peut effectivement refuser de céder les deux parcelles. Ali Ruckert a raison sur ce point.

De son côté, le conseil communal a le droit d'apporter une modification sur base de réclamations. Au promoteur ensuite de réagir.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *rappelle qu'il y a des lois. Il est donc envisageable que le PAP soit soumis une nouvelle fois au vote avec les deux maisons. C'est normal parce qu'autrement, le conseil communal pourrait décider ce que bon lui semble.*
Si le promoteur n'est pas d'accord avec la décision, il devra prendre des mesures.
(Interruption)
Roberto Traversini estime que la situation est claire: le collège échevinal propose de supprimer deux lots et de créer un accès. Voilà le PAP qui sera soumis au vote.
Le plan dessiné par le bourgmestre sera inclus dans la délibération.
Le passage pour jardins ne sera plus privé, mais public.Roberto Traversini propose de passer au vote du PAP.

PIERRETTE SCHAMBOURG (CSV) *demande ce qui se passera ensuite. Elle se plaint de la confusion.*
(Rires)
(Interruption)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *rappelle que le secrétaire communal vient d'expliquer qu'un vote suffit parce que le conseil communal a pris en compte les réclamations en partie.*
Il plaisante sur le fait que si le conseil communal ne commet pas un vice de forme aujourd'hui, il ne fera jamais.
(Rires)

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL) *demande aux conseillers communaux de voter pour ou contre le PAP.*
(Vote)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *demande aux conseillers communaux de rentrer dans la salle à moins qu'ils ne soient aussi directement concernés par la place des Alliés.*
(Rires)
Il est question d'un droit de superficie sur la place des Alliés. La commune a le droit d'apporter une modification sur base de réclamations. Au promoteur ensuite de réagir.

Exzellent. Merci fir Äert Verständnis. Eis Conseillere kënnen natierlech erëm erakommen, ausser si hätten och Parten op der Place des Alliés.

(Gelaachs)

De véierte Punkt ass en Droit de superficie op der Place des Alliés. Do si mer scho laang am Gaang, drun ze schaffen, fir e Gebai op déi Plaz ze setzen. Mir hunn ee fonnt, deen do baue wëll. Et ass näischt Neits, wann ech Iech soen, datt dat de Fong ass. Si wëllen haaptsächlech Wunnenge baue fir Senioren. Mir hunn decidéiert, wann et nëmme méiglech ass, keen Terrain méi ze verkafen.

Am Dossier gesitt Der, wéi vill Sue mer schonn an de Keller investéiert hunn, fir e Gebai dohin ze setzen. Et si scho vill Infrastrukturaarbechte gemaach ginn, wou de Parking gebaut ginn ass. Eppes ëm déi 900.000 Euro. Kloer ass, datt mer déi Suen natierlech wëlle recuperéieren. Iwwer déi zwou Saache soll de Gemengerot ofstëmmen: den Droit de superficie, an datt mer hinnen dat verloune fir 99 Joer. Da géife mer och eis Sue recuperéieren. Domadder kéint de Fong dann endlech ufänken, dat schéint Gebai ze bauen.

Madamm Saeul, w.e.gl.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Här Buergermeeschter. Mam Verfügungskontrakt iwwert den Droit de superficie tëschent der Gemeng Déifferdeng an dem Fonds pour le développement du logement et de l'habitat geet de Projet Place des Alliés um Fousbann iwwerierdesch virun. D'Aarbechte wäerten am September/Oktober vun dësem Joer lassfueren.

Trotz der Oprou vun deemools bei der Presentatioun vun der neier Plaz mam ënnerierdesche Parking, huet sech dëst als gudde Projet erwisen. Wéi schonns vum Här Buergermeeschter explizéiert, wëllege mer en Droit de superficie vun 13,95 Ar als Bail à longue durée zu engem Präis vun 100 Euro d'Joer während 99 Joer.

Des Weidere kommen an den éischten an zweete Sous-sol vum Souterrain Lokaler a Kelleren dobäi. Zu engem, nenne mer et Loyer, wéi et am Kontrakt steet, vun 984.020 Euro fir d'Totalitéit vum Bail à longue durée, déi 99 Joer. Dës Lokaler a Kellere si vun der Gemeng virfinanzéiert ginn.

Op dëser Superficie vun 13,95 Ar engagéiert sech de Fong, en Immeuble mat Appartementer ze bauen. D'Demokratesch Partei begréisst, dass dat Konzept, wat scho vun der viregter Koalitioun ausgeschafft gouf, d'selwecht bleift. An domat adaptéiert Wunnenge gebaut gi fir méi eeler Leit. Rollstullgerecht Wunnenge mat méi breeden Dieren, ouni Träppleken a mat adaptéierte Buedzëmmeren.

De positiven Effet ass déi Mixitéit vu Leit: Schüler, wunnend a schaffend jonk Leit an och méi eeler Persounen, déi de Plëséier hunn, do ze liewen an ze wunnen.

D'DP stëmmt dëse Punkt. An ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Saeul. Da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le déclassement ajusté, le contrat de concession d'un droit de superficie et le bail à longue durée avec le Fonds pour le Développement du Logement et de l'Habitat au lieu-dit «Place des Alliés».

Dësen Akt, et ass en Accord de principe, ass eng logesch Konsequenz, no Jore Verhandlunge mam Fonds de Logement, fir d'Terrainen an der Grousstrooss ze kréien. Dir gesitt am Accord de principe, wat de Fong ausginn huet, fir déi Terrainen an Haiser ze kréien. A wat se bis elo dra geschafft hunn.

Mir sinn an der Grousstrooss. D'Diskussioune ware laang. Mir haten all Méiglechkeeten opgezielt. Vun Tosch war rieds, doriwwer si mer eis awer net eens ginn. Zum Schluss, nodeems mer dem Fong d'Place des Alliés fir 100 Euro d'Joer zur Verfügung stellen, hate mer dem Fong proposéiert, datsel-

wecht mat hirem Terrain vis-à-vis vun eis ze maachen. An et muss ee soen, datt de Fong eng Richtung huet – a sech wahrscheinlech och wäert dorun halen, wat net ëmmer de Fall war – a mer mat grousser Iwwerraschung matgedeelt kritt hunn, datt se domadder averstane wieren.

Mir schwätzen hei vun enger Parzell an der Groussstrooss, wou d'Gemeng e bësse méi wéi 70% Proprietär ass an de Fong 20-22%. Sous condition, datt mer déi Surfacen notzen, fir soziale Wunnengsbau ze maachen. Dat ass eng Konditioun. Sou wéi op der Place des Alliés, musse mer och hei op deem Deel, dee si eis zur Verfügung ginn, bezuelbare Wunnengsbau maachen.

Dir gesitt am Dossier, de PAP musse si accordéieren, datt dat dann och esou agehale gëtt, wat mer soen. D'Gemeng wär 100% Proprietär, op alle Fall vun deem Stéck hei, vun där ganzer Parzell, fir 99 Joer. An den nächst Jore kéinte mer dann eppes Globales maachen. Et ass am Fong geholl en Accord de principe. Dee richtegen Akt muss nach an de Gemengerot kommen.

Mä ech mengen, datt mer dann do aus der Sakgaass komme vun der Groussstrooss. An datt mer do wierklech kënnen deemnächst ufänke mat plangen, mat deem, wat mer do wëlles hunn. Dat ass dat, wat hei drasteet.

Här Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Wann ech richteg verstinn, engagéiert d'Déifferdenger Gemeng sech, déi Terraine fir sozial Mietwunnengen ze notzen a selwer ze exploitéieren? Oder wat ass de Rôle? Also d'Déifferdenger Gemeng gëtt Bauträger?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

A wie verlount herno déi Wunnengen? Schwätze mer wierklech vu soziale Mietwunnengen oder vu soziale Wunnengen, déi herno verkaf ginn?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech mengen, dat steet zimlech kloer dran, am Artikel 3: „La commune s'engage à réaliser un morcellement sur base d'un PAP élaboré par la Commune et approuvé par le Fonds, afin d'identifier les surfaces ayant vocation à être louées par la Commune dans le cadre du règlement grand-ducal du 16 novembre 1998 (location subventionnée)." Genau esou ass et.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Mä wie verlount et herno?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat musse mer da kucken.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

A wie baut et?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat musse mer kucken. Mir kucken elo mol, datt mer den Terrain kréien. Da musse mer intern diskutéieren, ob mir et bauen, ob mir et baue loossen, wien do d'Gerance huet. Dat muss natierlech gekuckt ginn. Wann d'Stad Déifferdeng et mécht, da musse mer souwisou e Service opbauen, dee sech dorëms këmmert. Dat sinn alles Froen, déi sech nach herno stellen. Mä wichteg ass, datt mir emol d'Sue kréie vun där ganzer Surface. Datt de Fong eis déi fir 100 Euro zur Verfügung gëtt.

Jo, Här Diderich.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci fir d'Äntwerten. Ech begréissen ausdrécklech deen doten Accord de principe, deen an déi Richtung geet, déi ech scho bal sechs Joer hei vertrieden. Dass mer als Gemeng méi aktiv misste

mune a trouvé un promoteur disposé à construire le bâtiment prévu. Le but est d'aménager des appartements pour séniors. Le collège échevinal ne veut plus vendre de terrain si possible.
La commune a déjà aménagé un parking et réalisé des travaux d'infrastructure pour 900 000 €. Le conseil communal doit approuver le droit de superficie et la location du terrain pour 99 ans.

CHRISTIANE SAEUL (DP) *constate que le droit de superficie entre la commune et le Fonds pour le développement du logement et de l'habitat fait avancer ce projet.*
Les travaux commenceront en septembre ou en octobre. La commune octroie un droit de superficie de 13,95 a pendant 99 ans au prix de 100 € par an. Les deux sous-sols comprendront des locaux et des caves. Le loyer se monte à 984 020,40 € pour la totalité du bail, soit 99 ans. Les locaux et les caves ont été préfinancés par la commune.
Le Fonds s'engage à construire un immeuble avec des appartements sur les 13,95 a. Le DP salue le concept élaboré par la majorité précédente. Les appartements seront conçus pour les personnes âgées.
Christiane Saeul se réjouit particulièrement de la mixité entre jeunes et séniors. Le DP approuvera le projet.
(Vote)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *passe à un acte qui est la conséquence logique de négociations avec le Fonds du logement pour obtenir des terrains dans la Grand-rue.*
Il a été question d'échanges, mais finalement aucun accord dans ce sens n'a été trouvé.
Lorsque le collège échevinal a mis à disposition du Fonds la place des alliés pour cent euros par an, il a proposé de faire la même chose dans la Grand-rue. Le collège échevinal a été surpris d'apprendre que le Fonds était d'accord.
Il est question d'une parcelle dans la Grand-rue dont la commune est propriétaire à 70 % et le Fonds à 22 %. Comme sur la place des Alliés, la commune est tenue de

construire des logements sociaux sur les parcelles mises à disposition. D'après l'accord, la commune deviendrait propriétaire à 100 % pour 99 ans, ce qui lui permettrait de réaliser un projet global.
Pour le moment, il s'agit d'un accord de principe. L'acte sera soumis au vote du conseil communal plus tard. Mais cet accord permet à la commune de sortir d'une impasse.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *croit avoir compris que la commune s'engage à exploiter des logements sociaux à louer sur ces terrains. Quel est le rôle du Fonds du logement? La commune est-elle maitre d'ouvrage? Qui louera les appartements? Ou bien ces appartements seront-ils vendus?*
Gary Diderich ne comprend notamment pas qui se chargera de la location.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *dit qu'il faudra voir.*

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *demande qui sera chargé de la construction.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *répond qu'il faudra voir aussi. Dans un premier temps, il s'agit d'obtenir les terrains. Ensuite, une discussion aura lieu en interne.*
Si la commune décidait de s'en occuper, il faudrait créer un service. Mais ce qui importe pour le moment, c'est que le Fonds mette le site à disposition de la commune pour cent euros.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *salue cet accord qui va dans le sens de ce qu'il demande depuis près de six ans. La commune doit se montrer plus active en matière de logement social. Les détails seront débattus ultérieurement, mais la commune disposera d'une marge de manœuvre.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *ajoute que le ministère de l'Environnement posera sans doute des conditions et qu'il faudra faire des compromis comme pour Ouschterbuer.*
(Vote)

ginn. Op jidde Fall gëtt dat hei eis déi Méiglechkeeten. D'Detailer kënne mer dann nach kucken. Mä dat do gëtt dem Gemengerot op jidde Fall Handlungsméiglechkeeten, déi ech kruzial fanne fir eis Gemeng. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ganz richteg. Mä och do, wann Der wësst, wou dat läit, wäerten nach Oplage vum Ëmweltministère kommen. D'selwecht wéi beim Ouschterbur wäerte mer och do musse Kompromësser agoen. Et ass net, well et soziale Wunnengsbau ass, datt een dann op eemol anerer Meenung ka sinn. Da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'accord de principe avec le Fonds pour le Développement du Logement et de l'Habitat pour la réalisation d'un projet immobilier (PAP4) dans la Grand-Rue à Differdange.

Deen nächste Punkt ass eppes, wat mer méi oft wéilte kréien. Mir kréien iwwer zwee Ar geschenkt, an der Woiwerstrooss. E ganz interessanten Terrain. Dee kréie mer geschenkt.

Da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la cession gratuite d'une parcelle au lieu-dit «rue Woiwer» à Differdange.

Merci. Deen nächste Punkt ass eng Servitude, fir an d'Parkhaus respektiv den Ancien Monopol ze goen, vun deem mir Proprietär sinn. Mir hunn eis Sue kritt. Dir gesitt, wat et kascht huet, fir just eng Entrée ze maachen. Et gëtt och erkläert, datt déi Leit, déi do wunnen, iwwert déi Servitude kënne fueren. Méi ass dat net. Da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la constitution de servitudes dans l'intérêt de la réalisation, la viabilisation et l'exploitation du PAP «M7 – Ancien Monopol Fousbann» et du parking souterrain communal.

Merci. Déi nächst Punkte si Locatioune vum Paschtoueschhaus respektiv vum Par um Fousbann. Déi deele sech en Haus. Déi éischt Locatioun ass déi vum Par, e Büro um Fousbann. Uewenop ass eng Wunneng. Déi wollte mer dem SIKOR zur Verfügung stelle fir d'AIS Kordall. Zu engem Präis vun 350 Euro. De Präis ass 350 Euro, well d'Saache matenee gedeelt ginn. D'AISK huet dat weider verlount un eng syresch Flüchtlingsfamill. Eng Mamm mat zwee Kanner, wou de Papp net méi do ass. Déi bezuelen der AISK 350 Euro. Mir kréien déi natierlech vun der AISK iwwerwisen.

Dat anert ass de Parverband, deen ass um Rez-de-Chaussée. Dee géif de Rez-de-Chaussée fir deeselwechte Präis, fir 350 Euro, zur Verfügung gestallt kréien. Well e sech och Saache mat där Famill deelt. Dofir ass dee Präis esou niddreg.

Deen drëtte Bail ass de Paschtouer vun Nidderkuer. Deen huet e ganzt Haus zur Verfügung. Dir wësst jo, datt d'Gesetz geännert huet an eng Gemeng kann – ech soe souguer soll – Loyer froen. Fir e ganzt Haus froe mer de Paschtouer e Loyer vun 1.100 Euro de Mount mat de Chargen.

Dat sinn déi dräi Bailen, déi ech elo presentéiert hunn.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Mir kënne se en bloc huelen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Mer gesinn, wéi d'Diskussioun leeft. Et sinn der vläicht, déi hätte gär, datt mer méi froen oder manner. Dat gi mer dann elo gewuer. Dat ass dat, wat de Schäfferot proposéiert. Da soen ech Iech Merci, an da géife mer déi dräi en bloc zum Vott ginn.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de mise à disposition d'un appartement situé au n°1, rue de la Chapelle au SIKOR – AIS Kordall et les contrats de bail au n°2, rue St. Paul à Niederkorn et 1, rue de la Chapelle à Differdange.

Nächste Punkt, ganz interessant, e Contrat de bail am 1535° mam Wira Adrien. De Wira Adrien ass en Topdesigner vun Adidas. Hie wëll Schong designen, an hie wëll déi hei zeechnen. Mir hunn deem Mann gesot, e kéint selbstverständlech bei eis kommen, mä mir géife gär wëssen, wou déi Schong géife produzéiert ginn, a wéi engem Land se géife produzéiert ginn, wou se géifen hikommen, wéi se géifen transportéiert ginn, datt mer e Recht hätten, dat gewuer ze ginn. An déi Pièce sinn am Gaang zesummegestallt ze ginn.

Dir gesitt, de Bail ass just fir ee Joer. Dee Mann misst dann erëm goen, wann en dat net géif anhalen, wat en eis op alle Fall versprach huet.

Deen anere Bail ass vun Technoport. Technoport kënnt elo ganz an de 1535°. Si schaffen ënner anerem mat 3D-Printer a brauchen e bësse méi Plaz. Domadder wier dat gemaach.

An dann nach Neopixl, dat krut Der virun der Sitzung ausgedeelt. Neopixl kritt och méi e grousst Lokal.

Här Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

An deem Zesummenhang wollt ech froen: Dir hat virdru gesot, dass et laang dauere géif, mam Staat weiderzekommen. Wou si mer do dru mam 1535°? Well des Ëftere gesot ginn ass, dat ännert geschwënn, an dat ass iwwer aner Kontrakter, oder mir maachen déi Kontrakter net méi. A wéi eng Richtung geet dat?

Kënne mir als Gemeng do iergendwéi agebonne ginn an déi Aarbechten? Kéinte mer vläicht en Tëscherapport kréien, wou mer dru si mat der positiver Entwécklung vum 1535°? Fir eben ze kucken, wéi d'Einname géintiwwer den Ausgabe sinn. A wat de finanzielle Modell wär, dee sech am Moment ukënnegt fir d'Weiderexploitatioun vum 1535°.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci fir déi Froen. Ech proposéieren zwou Saachen. Déi eng Saach, datt mer eng Kéier mam Tania Brugnoni a mam Stefano Beni a Kontakt triede fir all d'Konten. Dat heescht, mir hunn dat natierlech alles gemaach. Well mer der Meenung waren, mir solle versichen, Sue vum Staat ze kréien, well dat hei jo och den Nationalplang ugeet.

Et war souwäit alles an der Rei, datt mer dem Gemengerot konnten e Virschlag maachen. Mä nodeems mer mam Hotel bäigelaf sinn, wéi mer do wollten eng SA maachen, ass den Interieur am Gaang ze kucken, ob eng Gemeng dat esou maache kann.

Dat heescht, et ass alles fäerdeg, d'Oprechnunge stinn am Budget. Déi Zuelen si richteg. Mä ech hunn awer kee Problem, datt mer eng separat Sitzung maachen, fir nach eng Kéier dee leschte Stand ze kucken. Et muss souwisou duerch de Gemengerot kommen. Mä dass ee virdrun nach Informatiounen hätt. No dëser Sitzung kënne mer roueg eng Sitzung festleeën, wou mer de leschte Stand vun de Chiffere kucken. Mä déi Chifferen entspriechen deenen, déi mer am Moment nach am Budget hunn.
Mäi Wonsch wier natierlech, datt et sou schnell wéi méiglech geet. Et gesäit sou aus, wéi wann den Interieur dermat averstane wär, datt mer eng SA grënnen, wou d'Gemeng géif zu 65% Haaptaktionär bleiwen an de Staat zu 35%. Wann de Gemengerot natierlech domat averstanen ass. Ech hat virgëschter, e Méindeg, nach mam Inneminister geschwat. Am grousse Ganze gesi si kee Problem, well et Staat a Gemeng ass.

Hoffentlech kann dat am nächste Gemengerot virgestallt ginn, datt d'Conseillere kënnen hir Meenung soen. Mä wann do virdrun eng Versammlung erwënscht ass, hu mer absolutt kee Problem, esou eng ze maachen. Dat ass op alle Fall de leschte Stand.

Et ass och do net einfach. Et wären da ganz genau néng Milliounen Euro, déi

Roberto Traversini passe au point suivant. La commune se voit offrir deux ares dans la rue de Woiwer.
(Vote)
Roberto Traversini passe à une servitude pour accéder au parking de l'ancien Monopol dont la commune est propriétaire. Les habitants pourront circuler à travers cette servitude.
(Vote)
Roberto Traversini passe à la location du presbytère et d'autres locaux au Fousbann.
Les œuvres paroissiales louent une maison qu'elle partage avec le SIKOR qui met ses locaux à disposition de l'AISK. L'AISK sous-loue de son côté cet appartement à une famille syrienne composée d'une mère et deux enfants pour 350 €.
Les locaux des œuvres paroissiales se trouvent au rez-de-chaussée. Le bail se monte également à 350 €. Certaines pièces sont communes aux œuvres paroissiales et à la famille. C'est pourquoi le loyer est si bas.
Le bail suivant porte sur le presbytère de Niederkorn. Le curé dispose d'une maison. La loi ayant changé, le curé est tenu de payer un loyer qui se monte à 1100 € charges incluses.

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)
propose de voter les baux en bloc.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
explique que les loyers mentionnés constituent la proposition du collège échevinal. Certains conseillers communaux trouveront peut-être que c'est trop ou pas assez.
(Vote)
Roberto Traversini passe à un contrat de bail pour un local du 1535 ° avec Adrien Wira, un des designers d'Adidas. Il souhaite créer des chaussures à Differdange. Le collège échevinal lui a demandé des détails quant au lieu de production de ces chaussures, leur destination et le transport.
Le bail porte sur un an et ne sera renouvelé que si M. Wira tient ses promesses.
Le deuxième bail concerne Technoport qui emménagera intégralement dans le 1535 °. Comme ils travaillent sur des imprimantes 3D, ils ont besoin de place.

Le troisième bail concerne Neopixel, qui a aussi besoin de plus de place.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *demande où en sont les discussions avec l'État concernant le 1535 °. Il a souvent été question de changements, mais Gary Diderich ne sait toujours pas dans quelle direction le 1535 ° va. Le conseil communal peut-il être tenu informé? Existe-t-il un rapport intermédiaire? Qu'en est-il des recettes par rapport aux dépenses? Quel sera le futur modèle économique?*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *répond que le collège échevinal souhaite obtenir des fonds de l'État. Les comptes ont été vérifiés et le collège échevinal voulait faire une proposition au conseil communal. Mais entretemps, le ministère de l'Intérieur est en train de vérifier si une commune peut créer une SA.*
Les calculs ont été faits et les chiffres inscrits dans le budget sont corrects. Roberto Traversini ne voit cependant pas d'inconvénient à organiser une réunion pour dresser un état des lieux. Mais de toute façon, les décisions devront être approuvées par le conseil communal.
Roberto Traversini espère que les choses iront vite. Pour le moment, il semblerait que le ministère accepte que la commune fonde une SA. La commune resterait l'actionnaire principal avec 65 % des parts contre 35 % pour l'État.
Roberto Traversini espère pouvoir présenter le projet lors de la prochaine séance du conseil communal. Mais une réunion préalable est possible.
La commune devrait recevoir neuf millions d'euros.
(Vote)
Roberto Traversini annonce que la séance touche à sa fin.

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL) *lui fait remarquer qu'il reste l'organigramme.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *pensait qu'il serait traité dans la séance à huis clos.*
Un employé ne peut plus travailler à 100 % pour cause de maladie. Sa

mer géife kréien. Et handelt sech hei wierklech ëm vill Geld.

Mir géifen zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les contrats de bail commercial au site 1535°.

Ech mengen, mir wieren um Enn ukomm.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Nee, mir si beim Organigramm.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech hunn d'Poste gesinn, dunn hunn ech geduecht, ech wier do schonn ukomm. Zum Organigramm.

Dir gesitt, mir hunn en Employé, dee krankheetshalber net méi 100% schaffe kann, dee geet 50% erof. Well mer dee Posten awer wierklech brauchen, kreéiere mer eng hallef Tâche, datt dat am Fong geholl erëm eng ganz Tâche gëtt.

Dat anert ass am Département culturel. Do ass eng Employée, déi schafft 20 Stonnen, a mir schloe vir, datt déi am Organigramm géif op 32 Stonnen ugepasst ginn.

Wann dat fir Iech esou okay ass, géife mer hei och zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'organigramme.

Här Ulveling, ech ginn Iech elo d'Wuert. Soss kréien ech erëm gesot, ech géif Iech andauernd vergiessen. Dat maachen ech jo net, op alle Fall net absichtlech. Et geet ëm d'Präisser vun eisen Entréeë vun de Kulturmanifestatiounen. Här Ulveling, w.e.gl.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Dir Dammen, Dir Häre, et ass keng grouss Ännerung. Vun eise Mataarbechter krut ech gesot, dass mer, wa Spektakele sinn, bei der Tarifikatioun vun eisen Entréesbilljeeë missten Tariffer festhalen. Well een dat kéint kontestéieren, well mer dat an där Form net gemaach hunn. Dofir hu mer verschidde Kategorie virzegesinn. Dat heescht, déi Präisser si gestaffelt nom Käschtepunkt vun der jeeweileger Organisatioun, déi ugebuede gëtt.

Zum Beispill, wann eng Organisatioun tëscht 1.000 an 2.000 Euro kascht, da wär de Prix de vente 10 Euro. Wa se awer tëschent 8.000 an 10.000 Euro kascht, wär de Prix de vente 40 Euro. Soudass dat ganz kloer ass, wat fir ee Präis mer fir wat froen. Ech mengen, dat ass och fir eis Leit do iwwer méi einfach. A mir hunn et hei schwaarz op wäiss.

Eng aner kleng Neierung ass, dass mer de Leit iwwer 60 Joer eng Remise vu 50% ginn. Dat hate mer nach net. De Centre Noppeney hu mer aus eisem Taxereglement erausgeholl, well mer dee jo net méi verlounen. Deen ass jo am Moment vu Refugiéen am Gebrauch.

Da wollte mer festhalen, wa mer Expositiounen an der Galerie H2O hunn, dass mer 20% vum Erléis froen, vun der Vente vun deenen Oeuvren, déi do exposéiert sinn. Soudass mer eng schrëftlech Handhab hunn, wa mer dat hei stëmmen.

An dann hu mer dat e bëssen anescht zesummegesat, anescht formuléiert, wann Associatiounen net hei zu Déifferdeng täteg sinn respektiv net hei résident sinn. Dat bleift d'selwecht, mä dat steet elo just anescht do.

Dat heescht, déi, déi net hei täteg sinn, bezuelen ëmmer dat Duebelt vun deenen, déi hei täteg sinn, fir Manifestations culturelles, Manifestations de distraction oder Manifestations avec but philantrophique. Et bleift weiderhin esou, dass eis Veräiner, déi eng Assemblée générale organiséieren, dat natierlech fir näischt wäerte kréien.

An da steet nach do: Wann am 1535° Wierker verkaf ginn, gëtt keng Kommissioun vun 20% verlaangt fir Residenten.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci. Jo, ganz gären, Här Schwachtgen.

FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Just eng Fro un den Här Ulveling: Ass et compatibel mat dem Centre culturel régional, dass mer do zwee Präisser froen, fir Résidents an Non-résidents? Ausser – mer kréie jo och kee Subsid.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Richteg.

FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Dat wier eng Argumentatioun, fir ze soen, déi Auswäerteg musse méi bezuelen. Mä wéi ass de Statut vun deem Haus? A wier dat keen Hindernis, wa mer vläicht eng Kéier e Subsid géife kréien oder ufroen?

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Här Schwachtgen, Dir wësst, datt ech zënter dräi Joer beméit sinn, e Subsid ze kréien. Ech wär méi wéi frou, een ze kréien, fir deenen anere Leit et och méi bëlleg kënnen unzebidden. Mä leider gi mer all Joers erëm op en Neits vum Kulturministère vertréischt: Si misste kukken, si géife kucken a si hätte gekuckt. Dat ass alles schéin a gutt, mä leider kréie mer kee Frang.

An ech mengen, do ass elo kee Problem, fir dat esou ze maachen, wéi mer dat virgesinn hunn. Wann dat dann eng Kéier ännert, dann ass et och erëm schnell ëmgeännert, dass am Gemengerot da gesot gëtt: Vu dass mer dat subventionéiert kréie vum Staat, kritt dann och all Mënsch d'Recht, dat zum selwechte Präis ze lounen.

Mä mir sinn nach wäit ewech dovun, mengen ech. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

E waarmen Appell: Ech mengen, mir sinn e regionaalt Kulturhaus. Wann ech gelift kuckt oder schwätzt mat deene Leit, wou Der gutt kennt, fir dann do och vläicht Subside vum Staat ze kréien. Dat géif jiddwerengem gutt doen. Mir géifen zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les nouveaux tarifs au chapitre B «Culture» pour les entrées aux manifestations et spectacles organisés au Centre culturel régional «Aalt Stadhaus» et pour les expositions dans la galerie d'art municipale «Espace H2O»

Deen nächste Punkt sinn d'Règlements temporaires de circulation. Am Moment ass et net evident, duerch Déifferdeng ze fueren oder op Déifferdeng ze kommen. Mä Dir wësst, datt kee vun eis dat express mécht. Et sinn Aarbechten, déi einfach musse gemaach ginn, ënner anerem d'Entrée en ville. Mä do weess den Här Bertinelli Fred nach besser Bescheed.

SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll Iech e bëssen um Lafenden halen, u wat mer am Gaang sinn ze schaffen. Éischtens d'Reglement vun der rue Stade Henri Jungers: Do gëtt e Jugendhaus gebaut. Do ass elo eng Zäitche lénks a riets Parkverbuet, well do muss mat grousse Saachen ugeliwwert ginn. Duerfir steet dat an eisem Reglement.

Zweetens d'rue de Hussigny: Do muss opgerappt ginn, d'Conduite d'eau an de Gas, d'Waasser. Well déi an engem schlechten Zoustand waren, hu mer misste reagéieren. Innerhalb vun engem Mount ass dat geschitt. Dat ass elo keng gréisser Affär.

An der Montée du Haut-Wangert musse mer Travaux de terrassement maachen, wou mer net derlaanscht kommen.

tâche passe à 50 %. Par conséquent, une demi-tâche sera créée.
Une employée du service culturel travaille vingt heures par semaine. Elle passera dorénavant à 32.
(Vote)
Roberto Traversini cède la parole à M. Ulveling. Il est question du prix d'entrée aux manifestations culturelles.

TOM ULVELING (CSV) *explique que les employés du service culturel lui ont demandé de fixer des tarifs pour les spectacles pour éviter toute contestation.*
Plusieurs catégories sont prévues. Les tarifs sont fixés sur base des couts. Ainsi, les tickets couteront 10 € pour une manifestation de 1000 à 2000 € et 40 € pour une manifestation de 8000 à 10 000 €. Cela sera plus facile pour les spectateurs.
Les personnes de plus de soixante ans auront droit à une remise de 50 %.
Le Centre Noppeney a été retiré du règlement-taxe, car il n'est plus mis en location.
Pour ce qui est des expositions dans la galerie H2O, la commune demandera 20 % des revenus provenant de la vente des œuvres.
Les associations non actives à Differdange continueront à payer le double de celles actives dans la commune. Seule la formulation a changé. Les associations organisant une assemblée générale ne payeront rien.
La commune ne touchera pas 20 % du prix de vente des œuvres exposées au 1535 °.

FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG) *demande si la double tarification pour résidents et non-résidents et compatible avec un centre culturel régional.*
D'un autre côté, le centre culturel ne touche pas de subside. Par conséquent, la double tarification pourrait être maintenue. Mais qu'en est-il du statut de centre? Cela ne pose-t-il pas problème pour toucher un subside?

TOM ULVELING (CSV) *rappelle qu'il essaie d'obtenir un subside depuis trois ans. Il serait content de pouvoir proposer un prix moins élevé.*

Mais malheureusement, le ministère de la Culture l'informe d'une année à l'autre qu'il faudra voir.En attendant, la commune ne touche pas un sou. C'est pourquoi la tarification peut être approuvée comme elle est. Si les choses devaient changer, la tarification serait vite modifiée.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *demande aux conseillers communaux d'en parler aux membres du gouvernement qu'ils connaissent bien. Un centre culturel régional mérite d'être subventionné.*
(Vote)
Roberto Traversini passe aux règlements temporaires de circulation. Pour le moment, il est difficile de circuler à travers Differdange. Mais les chantiers en cours sont nécessaires — notamment à l'entrée en ville.

FRED BERTINELLI (LSAP) *précise qu'une maison des jeunes est en train d'être construite dans la rue du Stade-Henri-Jungers. Le stationnement y est interdit à droite et à gauche.*
Les conduites d'eau et de gaz sont en train d'être réparées dans la rue de Hussigny.
Des travaux de terrassement sont réalisés dans la montée du Haut-Wangert.
Le bourgmestre a mentionné le chantier de l'entrée en ville. Le collège échevinal a essayé dans la mesure du possible de prévoir des déviations et d'éviter le recours à des feux tricolores. Malheureusement, il a fallu démolir la chaussée pour installer les canalisations. Les travaux auraient dû durer quatre jours, mais finalement ils ont été prolongés d'une semaine.
La route le long du CID sera rouverte la semaine prochaine.
Au contournement vers Niederkorn, un conduit d'azote doit être soudé à ciel ouvert. Ces travaux exigent des normes de sécurité extrêmement élevées. Ils seront terminés la semaine prochaine. Le contournement sera rouvert à ce moment-là.
Fred Bertinelli explique que la commune participe à chaque séance des Ponts et Chaussées pour trouver les meilleures solutions. De nombreuses fois, elle a exigé une déviation.

Wéi de Buergermeeschter gesot huet, den Haaptmenü ass de Chantier Entrée en ville. Also et muss ee soen, bei deem grousse Schantjen hu mer eis wierklech immens, immens beméit, fir ëmmer Ëmweeër ze fannen, fir net mat Luuchten ze schaffen. Fir Ëmgeeungsstroossen ze schafen, datt de Verkéier awer ëmmer fléissend bleift. Dat ass eis zum gréissten Deel och gelongen.

Mä hei hate se elo d'Strooss opgemaach, fir d'Kanalisatioun eriwwer an de Lycée ze féieren. Dat hätt sollen a véier Deeg gemaach sinn, no den Aussoe vu Ponts et Chaussées. Mä wéi se opgerappt hunn, hu se keng dräi Réier mä siwe fonnt an der Schmelz. Do hu se effektiv missten après les règles de l'art schaffen, fir erauszefannen, wou déi Reseauen hilafen. Duerfir ass dat ëm eng Woch verlängert ginn. Mä d'nächst Woch ass d'Strooss beim CID, beim Portal II erëm op.

Dat anert ass d'Strooss, de Contournement op Nidderkuer. Do leeft eng Azote-Leitung an d'ARBED, déi muss à ciel ouvert geschweesst ginn, well dat ass eppes ganz Geféierleches. Do leeft Azote an d'Stolwierk. Dat ass eng Aarbecht, déi ënner ganz, ganz héije Sécherheetsnorme muss lafen. Per Gesetz muss dat gestëmmt ginn. D'nächst Woch wäerten déi Aarbechte fäerdeg sinn. Soudatt mer mat eiser Ëmgeeungsstrooss awer beschtméiglech d'Strooss dann op hunn. Wéi gesot, mir maachen eis hei wierklech immens vill Méi. Op all Sitzung, déi d'Ponts et Chaussées um Site mécht, si mer dobäi, fir ze kucken, de beschtméigleche Wee ze fannen. Mir hu scho wéi-vill-mol Ponts et Chaussées Nee gesot, fir keng Luuchten dohin ze setzen, mä Ëmgeeungsstroossen ze maachen, datt de Verkéier fléissend bleift. Dat ass eis zum gréissten Deel gelongen.

Nach eppes anescht: Wéinst deem Chantier, wou zou ass op Nidderkuer, hu mer an d'Groussstrooss, uewe wou der erausfuert an d'rue Kennedy, eng Priorité à droite gemaach. Dat heescht, déi, déi aus der Groussstrooss beim Lagano um Eck erausfuere Richtung Déifferdeng, hu Priorité à droite. Déi, déi vun uewen erofkommen, hu Prioritéit. An déi, déi vun ënnen erop aus der rue Kennedy kommen, musse stoebleiwen, fir déi aus der Groussstrooss erauszeloossen. Dat ass beschëldert.

Et ass esou reglementéiert fir déi Zäit, wou déi Strooss fir op Nidderkuer zou ass. Fir de Verkéier méiglechst schnell aus der Groussstrooss evakuéiert ze kréien, datt de Verkéier fléisst. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Bertinelli. Här Bernard, w.e.gl.

CARLO BERNARD (DP):

Ech hätt eng Fro iwwert de Contournement. Wann owes de Chantier fäerdeg ass – gëschter Owend war dat de Fall, do ass eng Cliente laanschtkomm a sot: Firwat ass d'Strooss zou? Mir stoungen am Stau bis an d'rue de l'École zu Nidderkuer, an et ass keen um Chantier. Firwat kënne se net owes d'Gelänner eriwwerzéien a mueres erëm dohinnersetzen? Dat ass eng Fro. Ech mengen, owes um fënnef Auer kéint d'Strooss awer op sinn.

SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):

Dir rappt oppen Dieren op. Ech hunn elo grad gesot, firwat d'Nidderkuerer Strooss zou ass. Dat ass e Schantje vu ganz héijer Securitéit, wou d'Ponts et Chaussées net wëll, datt mer do opmaachen. Mir haten dat do alles gefrot. Mä do leeft eng Azote-Leitung. Wann do géif en Accident geschéien, dat géif e Lach ginn, do kéinte mer e Weier sou grouss wéi de Stauséi dra maachen, wann déi Leitung do géif explodéieren. Wann duerch en Autosaccident eppes un där Leitung géif geschéien. Do ass e ganz héije Sécherheetsfacteur. Dat ass de Grond. Mir hate genau dat dote gefrot, Här Bernard, fir owes d'Schëlder eriwwerzezéien, de Schantjen opzemaachen. Mä dat ass leider Gottes net méiglech mat der Ponts et Chaussées.

CARLO BERNARD (DP):

Ech soen Iech Merci, Här Bertinelli.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les règlements temporaires de circulation.

Deen nächste Punkt ass eng kleng Modifikatioun vun de Statuten. A keen anere wéi eis kompetent Büro-Madamm aus dem SIACH wäert eis dat erklären. Ech soen der Madamm Pierrette Schambourg elo scho Merci.

PIERRETTE SCHAMBOURG (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter. Eigentlech sinn et keng Changementer an de Statuen, mä éischter Upassungen. Dat hei gëtt elo eng zimlech dréche Saach, well ech muss dat einfach nëmmen ofliesen. Wann herno een d'Modifikatioune gären hätt, kee Problem.

Mir hunn iwwerall dat neit Syndikatsgesetz vum 23.1.2001 agefouert. De Syndikat Bascharage ass duerch Käerjeng ersat ginn, ganz wichteg. D'Adress vum Siège ass geännert ginn op 6, rue du Stade zu Péiteng. Am Objet hu mer Folgendes bäigesat: „De plus le syndicat s'apprête à servir en temps que structure administrative et technique au partenariat de cours d'eau de la Chiers avec l'État conformément aux dispositions de la loi modifiée du 19 décembre 2008 relative à l'eau".

Folgend Missioune si bäigesat ginn:
la planification et la mise en place des nouvelles infrastructures d'exploitation dans l'intérêt des membres associés;
la mise à disposition de services en relation avec l'exploitation des canalisations locales des communes membres;
la gestion centralisée d'un système d'informations géographiques concernant les données en relation avec les réseaux d'assainissement;

(Interruptioun)

Ma, dat hunn ech proposéiert. Wann ee gären eng Kopie hätt, kann e se ganz gäre kréien.

la mise à disposition de la structure administrative et technique au partenariat du cours de l'eau de la Chiers.

De Comité: „Le syndicat est administré par un comité dans lequel chaque commune membre est représentée par un délégué pour chaque tranche de ses capacités d'épurations réservées de 20.000 unités ‚équivalent-habitants' ou fraction d'une telle tranche. Chaque délégué dispose d'une voix".

An deenen ale Statute war et een Delegéierte par 10.000 habitants. Dat ännert awer elo schlussendlech näischt un der aktueller Situatioun. Käerjeng a Péiteng behalen zwee Delegéierter, Suessem een an Déifferdeng dräi.

Et ass wichteg, datt mer folgend Repartitiounen drastoen hunn: „Lors de son affiliation au syndicat, le conseil communal arrête, de commun accord avec le bureau du syndicat, les capacités réservées en EH (‚Eenheetswäerter') dont la commune membre dispose dans chaque site la desservant". Dat heescht, am Ganze sinn et 115.000 EHen, dat sinn 100%. Déifferdeng huet der 45.250, Käerjeng huet der 23.500, Péiteng huet der 32.750 a Suessem 13.500.

Zu gudder Lescht, wéi am Syndikatsgesetz virgesinn, ass de Büro equivalent zum Schäfferot an de Comité equivalent zum Conseil. An deenen ale Statuten hat de President nach méi eng wichteg Roll. Obwuel eis Statuten net adaptéiert goufen, hu mir awer selbstverständlech zënter 2001 eis un d'Syndikatsgesetz gehalen.

Ech mengen, dat wieren déi wichtegst Punkten, déi geännert gi sinn. Wéi gesot, jiddweree ka gären eng Kopie kréien.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Schwachtgen, Comitésmember vum SIACH, Dir hutt d'Wuert.

tion au lieu de feux tricolores. Le plus souvent, elle a obtenu gain de cause.En raison du chantier à Niederkorn, la priorité a été modifiée dans la Grand-rue. La circulation y est régie par la priorité de droite au coin avec la rue Kennedy.

CARLO BERNARD (DP) *a une question concernant le chantier du contournement. Hier, une cliente lui a demandé pourquoi la route était barrée le soir quand le chantier est fermé. L'embouteillage atteignait la rue des Écoles.*
Carlo Bernard estime que la route pourrait être rouverte à 17 h.

FRED BERTINELLI (LSAP) *vient d'expliquer pourquoi cette route est barrée. Il s'agit d'un chantier des Ponts et Chaussées à haut risque. Les travaux concernent un conduit d'azote. Un cas d'accident, le cratère permettrait d'accueillir un étang aussi grand que le lac de barrage.*
(Vote)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *passe à une modification des statuts du SIACH.*

PIERRETTE SCHAMBOURG (CSV) *explique qu'il ne s'agit pas d'un changement de statuts, mais d'adaptations. Il s'agit d'une matière aride. Il a fallu tenir compte de la nouvelle loi sur les syndicats.*
Bascharage a été remplacé par Käerjeng. Le siège se situe désormais 6, rue du Stade à Pétange.
Pierrette Schambourg lit ensuite les différentes adaptations. Le syndicat s'apprête à servir en tant que structure administrative et technique au partenariat de cours d'eau de la Chiers avec l'État.Parmi les missions figurent désormais la planification et la mise ne place de nouvelles infrastructures d'exploitation dans l'intérêt des membres associés, la mise à disposition des services en relation avec l'exploitation des canalisations locales des communes membres, la gestion centralisée d'un système d'informations géographiques concernant les données en relation avec les réseaux d'assainissement et la mise à disposition de la structure administrative et tech-

nique au partenariat des cours d'eau de la Chiers.
En ce qui concerne le comité, chaque commune a droit à un délégué par 20 000 habitants au lieu de 10 000 habitants auparavant. Dans la pratique, rien ne change. Käerjeng et Pétange conservent deux délégués, Sanem un délégué et Differdange trois.
Il est important de fixer les EH (équivalents/habitants) dont chaque commune membre dispose. Differdange en a 42 250, Käerjeng 23 500, Pétange 32 750 et Sanem 13 500.
La loi sur les syndicats prévoit que le bureau est l'équivalent du collège échevinal et le comité l'équivalent du conseil communal. D'après les anciens statuts, le président jouait un rôle plus important. Même si les statuts n'avaient pas été adaptés jusqu'ici, le SIACH se tenait malgré tout à la loi de 2001.
Pierrette Schambourg ajoute que les conseillers communaux peuvent prendre une copie des statuts.

FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG) *explique que le SIACH est désormais responsable de la réalisation du partenariat de cours d'eau de la Chiers. Jusqu'à présent, le syndicat s'occupait de nettoyer les eaux usées avant leur canalisation dans la Chiers. La nouvelle mission — construire un partenariat de cours d'eau — est tout aussi importante.*
L'objectif est d'améliorer la qualité de la Chiers de sa source jusqu'en France. Il n'est donc plus seulement question d'eaux usées, mais de toutes les formes de pollution et des mesures à adopter. Il ne s'agit pas seulement de la Chiers, mais aussi de tous ses affluents comme la Kalekerbaach et les ruisseaux en provenance de Käerjeng et Pétange.
D'autres communes ont déjà réalisé un partenariat des cours d'eau. Fränz Schwachtgen espère que ce projet avancera rapidement.

FRED BERTINELLI (LSAP) *demande à M. Schwachtgen si cette nouvelle mission est chiffrée en matière de couts.*

FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG) *pense que M^me^ Schambourg en sait peut-être plus, mais les travaux vont*

FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Merci. Ech wëll den Haaptpunkt, den Naturberäich ervirsträichen. Dass de SIACH och elo zoustänneg ass, fir de Partenariat de cours d'eau de la Chiers endlech ze realiséieren. Mer sinn e puer Joer domat hannendran. De SIACH hat sech bis elo ëmmer nëmmen ëm d'Schwaarzwaasser, d'Knaschtwaasser vun de Leit vun der Gemeng bekëmmert. Fir dat Knaschtwaasser erëm propper an d'Chiers ze leeden, de Kanalsystem ze géréieren a proppert Waasser an d'Kor zréckzeginn. Dat war d'Haaptmissioun.

An elo kënnt eng zweet, ech géif soen, grad esou wichteg Missioun derbäi: e Partenariat de cours d'eau opzebauen. Also eng Struktur dofir virzeginn an dat opzebauen.

Firwat? Ma et geet dorëms, dass mer d'Chiers erëm an e propperen Zoustand kréien, vun der Quell bis a Frankräich. Egal ob mer elo Einleitunge maache vu Schwaarzwaasser, och all dat Waasser oder déi Verknaschtungen, déi an der Chiers kënne virkommen, iwwer Pollutiounen jedweder Aart ginn elo analyséiert an et ginn och Mesuren dergéint geholl. An dat net nëmme vun der Kor eleng, mä vun allen Affluanten, déi mer hei hunn – d'Kalekerbaach an aner Baachen, déi vu Käerjeng a Péiteng erof an d'Kor eralafen. Dat ass e ganz, ganz wichtege Schrack, dass esou eng Struktur an d'Weeër geleet gëtt.

Aner Gemengen hu schonn hire Partenariat de cours d'eau gemaach. Mir sinn do e bëssen a Verzuch. Ech hoffen, dass et elo rapid virugeet, fir wierklech erëm eng propper Kor ze kréien. Well ech mengen, et ass kee Geheimnis, dass se de Moment nach op ville Plaze verknascht ass. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Här Schwachtgen. Da géife mer zum Vott kommen.

SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):

Ech hätt nach eng Fro.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo, Här Bertinelli.

SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):

Ech hunn eng Fro un den Här Schwachtgen: Gëtt dru geduecht, dat iergendwéi ze chiffréieren, wat dat d'Syndikat weider géif kaschten. Ass e Präis gesat ginn?

FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Nee. Also d'Madamm Schambourg ass am Büro e bësse méi no dobäi, mä souwäit ech weess, ginn déi Aarbechten elo un. Dat wäert da pro rata zu de Gemengen respektiv de Verursaacher eppes kaschten.

Mä virun allem gëllt et emol ze entdekken … Dir wësst jo, mir haten e Problem do uewen op der Gadderscheier, wou Sauereie vu verschiddenen Industrien agelaf sinn. Do musse Sanéierungsmesurë geholl ginn a vläicht och Schëlleger fonnt ginn. An dësem Fall war d'Kronospan de Verursaacher. Schëlleger musse fonnt ginn a sanktionéiert ginn. Dat ass am Moment net chiffréierbar, denken ech.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Mir kommen elo zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les modification des statuts du SIACH.

Da komme mer zum leschte Punkt, zu de Changementer an de Kommissiounen. Ech hunn hei déi vun der CSV Déifferdeng virleien. Wann aner Parteien och nach Changementer hunn, géif ech déi ganz gäre mat duerchhuelen.

An der Logementskommissioun gëtt den Här Christophe Kinnen duerch den Här Azevedo Jeromino Manuel ersat. An der Commission scolaire gëtt d'Ma-

damm Anne Rion ersat duerch d'Madamm Josiane Beauchaud. An der Kommissioun vun de Kanner gëtt d'Françoise Wagener ersat duerch de Guy Bragard. An der Integratiounskommissioun gëtt de Bryan Mahé ersat duerch d'Madamm Montenero-Da Cruz Barreiro Paula. An de Bryan Mahé gëtt Suppléant vun där Kommissioun amplaz vun der Madamm Nicole Gaasch. An an der Égalité des Chances gëtt d'Madamm Nathalie Vassalo ersat duerch d'Madamm Françoise Wagener-Wilwo.

Domadder ass dat gemaach.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les changements au sein des commissions consultatives.

Da komme mer zu de Froen. Den Här Wintringer hat eng ugemellt. An den Här Diderich huet der e puer schréftlech erageschéckt. Dat ass eng flott Saach, da kann ee sech och gutt drop virbereeden. Dofir soen ech Merci.

Här Wintringer, w.e.gl.

ARTHUR WINTRINGER (DP):

Merci, Här Buergermeeschter. Ech hunn zwou Froen. Déi éischt ass iwwert d'Bëschcrèche, wou mer virdru rieds haten. Hunn ech richteg verstanen, ginn d'Buerunge fale gelooss?

Déi zweet Fro ass, déi zwee Pläng déi mer draleien hunn iwwer d'Grozon an déi rout Zon: Si schreiwen hei vun enger gewësser Déift, mä si schreiwen net dobäi, wat fir eng Déift, dass et ass. Wéi déif sinn déi ongeféier?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Sinn dat Är zwou Froen?

ARTHUR WINTRINGER (DP):

Dat sinn déi zwou Froen. Jo.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Wintringer. Här Liesch, w.e.gl.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Dir kënnt am Rapport liesen, dass d'Buerungen net gemaach goufen, well d'Buerungen am Fong näischt direkt ausson. Et kann een e Lach bueren a genau ee Meter niewendrun hätt een eventuell eppes, dann hätt een am Fong eng falsch Sécherheet. Si hunn aner Methoden – ech menge siwen, aacht Methoden – opgelëscht, wéi se hir Etüd opgestallt hunn. A kommen zu där Konklusioun, déi ech virdru gesot hunn.

Déi Plaz, wou d'Bëschcrèche hikënnt – also en Nullrisiko gëtt et jo néierens – gëtt et e geréngt Risiko. An op där Plaz, wou d'Geméiszäre sollen hikommen, gëtt et e mëttlere Risiko. Do mussen effektiv aner Mesurë geholl ginn. Zum Beispill, wa mer Fundamenter maachen an esou weider. Do musse vläicht Buerungen oder aner Mesurë geholl ginn. Ähnlech, wéi mer et beim Wandpark gemaach hunn.

Vun der Déift hier ass et esou, dass bei eis déi meescht Galerien am Fong tëschent 30 a 40 Meter déif sinn. Just uewen um Roudenhaff leie mer eng Kéier bei 60 Meter Déift. Mä dat ass elo hei net de Fall. Mä dat ännert eigentlech näischt un der Buedembeweegung. Si hu jo d'Buedembeweegunge gekuckt a kommen zur Konklusioun, dass deen Terrain vun der Bëschcrèche eigentlech stabil ass. Dass do déi Asackungen, déi stattfonnt hunn, ofgeschloss sinn. An dat ass fir eis dat Wichtegst, wat de Büro eis hei confirméiert.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Liesch. Här Diderich, et ass un Iech. Dir kënnt mat Ärer Interpellatioun ufänken.

commencer bientôt. Les communes devront payer au pro rata.
Fränz Schwachtgen rappelle les pollutions industrielles au Gadderscheier. Des mesures d'assainissement ont dû être prises. Il s'est avéré que Kronospan était responsable.
Lorsque les coupables sont découverts, il faut les sanctionner.
Mais pour le moment, les couts ne sont pas chiffrables.
(Vote)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *passe au dernier point, les changements dans les commissions.*
Dans la commission du logement, Christophe Kinnen est remplacé par Azevedo Jeronimo Manuel. Dans la commission scolaire, Josiane Beauchaud remplace Anne Rion. Dans la commission des enfants, Guy Bragard remplace Françoise Wagener. Dans la commission de l'intégration, Paula De Cruz Barreiro Montenero remplace Bryan Mahé, qui remplace Nicole Gaasch en tant que suppléant. Dans la commission de l'égalité des chances, Françoise Wagener-Wilwo remplace Nathalie Vassalo.
(Vote)
Roberto Traversini passe aux questions. M. Wintringer en a annoncé une tandis que M. Diderich en a envoyé par écrit.

ARTHUR WINTRINGER (DP) *a entendu dire que les forages prévus sur le site de la crèche en forêt auraient été abandonnés. Est-ce vrai? Les plans mentionnent des zones rouges et grises et parlent de différentes profondeurs. De quelles profondeurs s'agit-il?*

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *répond que comme l'explique le rapport, les forages n'ont pas été faits, car ils auraient été inutiles. Creuser un trou donnerait un faux sentiment de sécurité, car il pourrait y avoir un danger un mètre plus loin. Les experts ont recouru à huit méthodes différentes figurant dans le rapport.*
Le risque 0 n'existant pas, le site de la crèche en forêt constitue un risque minimal et celui des serres communales un risque moyen. Des mesures devront peut-être être

prises lors de la réalisation des fondations.
La plupart des galeries ont une profondeur de trente à quarante mètres. Celle du Rouden Haff fait soixante mètres. Mais cela ne change rien aux mouvements de sol. Le terrain de la crèche en forêt est stable et il n'y a plus d'affaissements. C'est ce qui est important.

GARY DIDERICH (DÉI GRÉNG) *souhaite revenir sur le PAG et le processus de participation.*
Le collège échevinal avait prévu de terminer le PAG au cours de cette période législative. Il y a un an, il a dit qu'il terminerait le PAG avant les élections pour permettre aux partis politiques de prendre position dans leur programme électoral. Nous sommes mai 2017. Les programmes électoraux sont en train d'être préparés. Mais les partis et les conseillers n'en savent toujours pas davantage. Il y a tout juste eu une réunion où deux ou trois questions ont été abordées.Où en est l'évaluation écologique stratégique? Où en sont les travaux? Quand le conseil communal recevra-t-il des informations?
Gary Diderich salue la présentation de l'étude sur la circulation et l'étude démographique. Mais il rappelle que l'élaboration du nouveau PAG a commencé sous le bourgmestre Blau le millénaire dernier. Il attend une vaste discussion sur le futur de Differdange.
Gary Diderich passe au processus de participation sur www.differdangechange.lu. Comme l'a expliqué M. Liesch en décembre, le collège échevinal ne semble pas vouloir en partager les résultats avec les conseillers communaux. La commune, des consultants externes, le collège échevinal et les citoyens ont participé à ce projet, mais le conseil communal n'a pas d'informations concernant les couts et les résultats. Malheureusement, peu de citoyens ont pris part à la démarche à cause du manque de publicité. Il n'y a pas eu de flyers ni d'affiches, ce qui est regrettable.
M. Liesch ne semble rien vouloir dévoiler du rapport. Mais cela ne gêne apparemment personne puisqu'il n'y a pas eu de questions depuis décembre. Que les partis po-

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Här Buergermeeschter. Ech wëll a menger Interpellatioun op de PAG an op de Participatiounsprozess agoen, deen an deem Fall gemaach ginn ass.

Zum PAG: De Schäfferot hat sech d'Zil gesat, de PAG dës Legislatur ofzeschléissen. Dat Zil ass du virun engem Joer geännert ginn. An et ass gesot ginn, dass de PAG géif fäerdeggestallt gi virun de Wahlen, dass d'Parteien déi Etüden a Pläng zur Verfügung géife gestallt kréien an all Partei sech kéint a sengem Wahlprogramm positionéieren. An den neie Schäfferot, dee géif seng Decisiounen huelen.

Elo si mer Mee 2017, d'Wahlprogrammer si voll am Gaang ausgeschafft ze ginn. An nach ëmmer hu weder d'Parteien nach d'Gemengerotsmemberen Informatiounen iwwert de PAG kritt. Bis op eng Versammlung, wou zwee, dräi Beispiller ugeschnidde gi sinn, wéi eng Froestellunge sech do stellen, ouni iergendwellech Pisten opzezeechnen.

Zënter deem ass relativ Funkstille. Wou ass d'strategesch Umweltprüfung drun? Wou sinn d'Aarbechten drun? Wéini kréie mir als Gemengerotsvertrieder déi Informatiounen?

Ze begréissen ass, als gutt Beispill, d'Presentatioun vun der Verkéiersetüd a vun der Etüd zur demografescher Entwécklung. Firwat geschitt do näischt am Kader vum PAG?

Et war nach am leschte Joerdausend, wou ënnert dem Buergermeeschter Blau d'Aarbechten um neie PAG ugaange sinn. An nach ëmmer ass keng breet Diskussioun doriwwer gelaf, wéi mir eis d'Stad Déifferdeng vun der Zukunft virstellen.

Datselwecht gëllt fir de Participatiounsprozess, deen op differdangechange.lu gelaf ass. Do gëtt et Resultater. Mä wéi ech aus der Äntwert vum Schäffe Georges Liesch an der Gemengerotssëtzung vum Dezember op meng schréftlech Fro schléisse kann a muss, ass kee Wëllen do, d'Uleiessen vun de Bierger a Biergerinnen, déi do erauskomm sinn, mat de gewielte Vertrieder ze deelen.

D'Resultater vun enger Aarbecht, wou souwuel Leit aus der Gemeng, extern Consultanten, de Schäfferot an d'Bierger an d'Biergerinnen dru geschafft hunn, a wou och dofir bezuelt ginn ass – och wann, trotz där schréftlecher Ufro, de Gemengerot net informéiert ginn ass, wéi vill dat kascht huet –, all déi Aarbechte ginn net mam Gemengerot hei gedeelt. An och d'Bierger kréie keng Resultater presentéiert.

Leider hunn un där ganzer Demarche net esou vill Bierger deelgeholl, wéi hätte kënnen, well e Minimum vu Werbung gemaach ginn ass, keng Flyere verdeelt gi si bei dem Spadséiergang an de Quartieren a keng grouss Affichë gemaach gi sinn. Dat bedaueren ech.

Den Här Liesch wëll dee Rapport fir sech behalen, respektiv fir de Schäfferot. An anscheinend stéiert dat keen hei am Schäffen- an am Gemengerot. Well zënter Dezember huet keen intervenéiert, nodeems ech déi Froe gestallt hat.

Dat seet vill aus iwwert d'Interesse vun den Iddie vun de Bierger. An dass elo Parteie fir hire Wahlprogramm sougenannt participativ Versammlungen organiséieren, fannen ech, par rapport zu deem Desinteresse, net kredibel.

Ech denken, dass dat net legal ass, a wäert der Fro nogoen, ob de Schäfferot esou Rapporte kann zréckbehalen. Ech denken, dass ech als Gemengerotsmember Urecht hunn, déi Informatiounen ze kréien a wäert se och weider froen. Deen demokratesche Minimum gëtt emol net erfëllt.

Mä wann ee wierklech Biergerparticipatioun wëll maachen – an dat misst den Här Liesch vun de Konferenze vum Mouvement écologique an och soss Literatur wëssen –, da muss een d'Bierger informéieren, wat mat deem geschitt, wat si abruecht hunn a wat si diskutéiert hunn. Dëst ass hei manifestement net de Fall. Bierger a Biergerinnen hunn hir Iddien abruecht, an et si vläicht bei zwou Iddie Suitte ginn. A vun all deenen aneren hunn ech op jidde Fall näischt méi héieren. An och d'Bierger hu sech um Internet ausgedréckt, dass se ni méi eppes vun der Gemeng héieren hätten.

Ech fannen dat immens bedenklech. Well doduerch wäert et an Zukunft méi schwéier ginn, fir Leit an esou Prozesser

ze engagéieren. An et stäerkt een d'Politikverdrossenheet, amplaz de Géigendeel ze bewierken.

Dat ass grad ënner engem grénge Buergermeeschter, wou d'Biergerbedeelegung soss bei de Gréngen ëmmer wichteg war, ganz bedenklech. Als 15-Järege kann ech mech nach u Versammlunge vun de Gréngen hei zu Déifferdeng erënneren, wou sech beklot ginn ass iwwert d'LSAP-Féierung. Ma ech muss feststellen, dass ënner grénger Féierung villes vun deene gudden Usätz, déi deemools diskutéiert gi sinn, elo net ëmgesat ginn.

Aus all deene Grënn fuerderen ech de Schäfferot op, esou schnell wéi méiglech d'Gemengerotsmemberen, d'Parteien an d'Bierger iwwer alles ze informéieren, wat am Bezuch op den zukünftege PAG an d'Virstellunge vun de Bierger a Biergerinnen bis dato gewosst ass, ze informéieren. An domadder eng sachlech an informéiert Wahlcampagne ze erméiglechen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Diderich. All Partei ka jo dat schreiwen, wat si fir richteg fënnt. Dat eent verhënnert dat anert net. Ech hätt et awer net richteg fonnt, wa mer e puer Méint virun de Wahlen de PAG zum Vott ginn hätten. Ech hätt dat einfach net richteg fonnt. An dëse Schäfferot huet fonnt, datt dat déi nächst Méint net Prioritéit soll sinn. Dat heescht awer net, datt eis Servicer net dru schaffen.

Fir de Rescht ginn ech dem Här Liesch d'Wuert. Ech fannen, Dir maacht Iech et ëmmer zimlech einfach. Wa keng Leit kommen, dann ass et, well mer net genuch Reklamm maachen. Maache mer ze vill Reklamm, dann ass et och erëm net gutt.

Mä ech wëll Iech soen – an dat huet elo absolutt näischt mat Ärer Interpellatioun ze dinn –, den 29. Mee hu mer owes eng Sitzung fir eis Conseilleren, fir Iech de Point ze maachen. Dat hu mer virun e puer Woche festgeluecht gehat. An där Sitzung géife mer dann och en neien Datum festleeën, fir eng nächst Sitzung ze maachen. Fir net erëm gesot ze kréien, mir wëssen net matzäite Bescheed. Da gesitt Der, wéi wäit d'SUP ass, wéi et mat dem Klassement ass, wou mir mengen, d'Fassade musse klasséiert sinn.

Ech muss soen, mäi Wonsch wär, d'Klasséierung vun de Fassade virzehuelen. Mä d'Zäit leeft engem fort. Mä et ass awer net sou, datt mer net wéilten d'Bierger an d'Biergerinnen, a scho guer net d'Conseilleren, mat an d'Boot huelen. Mir wäerten nach genuch Geleeënheete kréien. An ech mengen, datt dat och demokratesch ass, datt deen neie Schäfferot dat soll decidéieren. Deen neie Gemengerot soll nom Oktober decidéieren an net deen heiten.

Här Liesch, Dir sidd oft ugeschwat ginn. Dir hutt vill Saachen a Këschte leien, wat Der eis net wëllt ginn.

ENG STËMM:

Da maache mer d'Këschten op.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Déi eng hunn Enveloppen, déi aner hu Këschten.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Buergermeeschter. Fir e puer Saachen opzegräifen: Här Diderich, ech verstinn Är Motivatioun eigentlech net an dësem Dossier. Ech hunn Iech schonn e puermol hei op dëser Plaz dorobber geäntwert. Dir frot d'Informatioune vun de Bierger, wat déi abruecht hunn. Dir frot awer net aner Saachen. Dir frot zum Beispill net d'Detailer vun der SUP, Dir frot net d'Detailer vun de Fassaden oder soss Saachen.

Hei geet et Iech geziilt ëm déi heite Campagne, déi mer lancéiert hunn. An ech versti wierklech Är Motivatioun net, wou mer hei aus déifster Iwwerzeegung Leit an e Prozess abannen, deen extrem wichteg ass. Mir maachen dat a villen Dossieren. Mir maachen dat bei de Spillplaze, wat den Tom Ulveling an d'Hand geholl huet. Mir maachen dat mat de Schoulhäff, wou d'Enseignanten an eis Kanner d'Schoulhäff gestalten. Wa mer nei Gebaier, nei Schoule plangen, sinn d'Enseignante vun Ufank u mat dobäi. Ech mengen, hei op der Gelitiques organisent des réunions participatives dans le cadre de leurs programmes électoraux n'est plus crédible.
Gary Diderich se demande s'il est légal que le collège échevinal refuse de divulguer ces rapports. Il estime avoir le droit de les consulter en tant que conseiller communal.
Si M. Liesch s'intéresse vraiment à la participation citoyenne, il devrait savoir des conférences du Mouvement écologique qu'il est important de donner un feedback aux citoyens. Les citoyens ont confirmé sur internet qu'ils n'ont plus rien entendu de la commune.
À l'avenir, il sera plus difficile de convaincre les gens à s'engager dans ce type de processus. Ce comportement ne fait que renforcer l'irritation contre la politique.
Gary Diderich regrette cette situation d'autant plus que le bourgmestre est écologiste. Il se souvient de réunions quand il avait 15 ans, où les écologistes se plaignaient du comportement des socialistes. Mais ils font pareil.
Gary Diderich exige que le collège échevinal informe le conseil communal de l'évolution du PAG et des idées apportées par les citoyens.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

réplique que rien n'empêche les partis politiques d'inscrire leurs idées dans leurs programmes. Il n'aurait pas trouvé correct de faire voter le PAG quelques mois avant les élections. Pour le collège échevinal, le PAG n'est pas une priorité actuellement, mais les services communaux travaillent dessus.
M. Diderich se facilite la vie. De toute façon, soit le collège échevinal fait trop de publicité ou pas assez. En attendant, une réunion du conseil communal aura lieu le 29 mai au cours de laquelle une date sera fixée pour la réunion suivante. M. Diderich y recevra les informations concernant les SUP, le classement des façades, etc.
Il est faux que le collège échevinal ne veuille pas faire participer le conseil communal aux discussions. Mais Roberto Traversini trouve démocratique de laisser la prochaine majorité prendre la décision.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *ne comprend pas ce qui motive M. Diderich, car il lui a déjà répondu à plusieurs reprises. M. Diderich ne fait que demander des détails sur l'apport des citoyens. Il ne semble s'intéresser ni aux SUP ni aux façades.*
Georges Liesch a lancé la campagne de participation parce qu'il était convaincu de son bienfondé. Il fait d'ailleurs la même chose dans d'autres dossiers — et notamment les aires de jeux, dont s'occupe entretemps M. Ulveling, les cours de récréation, les nouvelles écoles, etc. M. Diderich est la seule personne au sein de la commune à reprocher à M. Liesch de ne pas vouloir impliquer les personnes concernées dans la réalisation des projets.
Les retours des citoyens ont été envoyés au bureau qui s'occupe de les intégrer dans le PAG. Georges Liesch ne voit pas l'intérêt de présenter des brouillons à M. Diderich en dehors de tout contexte. Certaines idées ne sont par exemple pas applicables sur le site proposé, mais ailleurs.
En tout cas, le collège échevinal n'a rien à cacher. Le PAG tiendra compte des SUP, de la protection des façades et des idées des citoyens. Le collège échevinal communiquera sur ces idées dans le contexte du PAG.
M. Diderich reproche ensuite au collège échevinal de ne pas faire suffisamment de réclame pour l'action en question. Or M. Diderich sait pertinemment quelle entreprise est chargée de la campagne puisqu'il en fait partie.
Georges Liesch est satisfait de la campagne. Mais si M. Diderich est déçu, il n'a qu'à voir en interne ce qui s'est mal passé. Le collège échevinal ne s'est jamais plaint de son prix ou de son ampleur. La commune a fourni tous les moyens demandés à l'entreprise en question.
En plus, M. Diderich, qui se plaint de l'irritation des gens envers la politique, ne contribue certainement pas à améliorer la situation. Il fait semblant de ne rien savoir alors qu'il travaille dans la boite qui organise la campagne. Il dispose donc de toutes les informations même si meng mécht keen, ausser Iech, mer de Reproche, dass ech Projete wéilt maachen, ouni déi concernéiert Leit vun Ufank u mat an d'Boot ze huelen.

An esou ass et och hei. All déi Inputten, déi vun de Bierger komm sinn – an dat waren der net wéineg, well mir hate jo méi wéi eng Aktioun, mir haten e ganze Koup Aktiounen –, sinn un de Büro gaangen. Den Här Muller kann dat bestätegen. Déi sinn un de Büro gaangen a sollen an d'PAGen ageschafft ginn.
Ech mengen awer net, dass et Sënn mécht – ech kann Iech déi awer gäre ginn –, einfach déi Brouillante vun Iddien hei op den Dësch ze leeën a déi hei ze diskutéieren, ausserhalb vun engem Kontext vun engem PAG. Wat mécht dat da fir e Sënn, iwwer Iddien ze diskutéieren, wa mer net emol wëssen, ob se an engem Kader vun engem PAG realiséierbar sinn op där Plaz.

Oft sinn d'Iddie ganz konkret op enger Plaz, wou ee weess, dat geet vläicht op där doter Plaz net. Mä mir huelen d'Iddi mat a mir realiséieren et vläicht op enger anerer Plaz, well mer mierken, do ass eng Demande, fir esou e Projet ze maachen.

Et ass also net, dass mer hei eppes wëlle verstoppen. Mä de PAG ass eben am Gaang, fäerdeg gemaach ze ginn, mat alle Saachen, déi dozou gehéieren: SUP, Fassadeschutz an eben och déi Iddie vun de Bierger. Déi sinn net vergiess an déi wäerte kommunizéiert ginn, mat all deenen anere Saachen zesummen. Also op kee Fall wäerte mer hei eppes ënnert den Dësch kieren.

An dann de Reproche, Här Diderich – also ech maachen dat hei jo net immens gär –, Dir werft mir oder dem Schäfferot vir, mir géifen net genuch Reklamm maache fir déi doten Aktioun. Ech mengen, Dir wësst jo awer, wat fir eng Firma mer beoptraagt hunn, déi Campagne do auszeschaffen, well Dir sidd selwer an där Firma dran.
Wann Dir déi Campagne net gutt fonnt hutt – ech hu se iwwregens ganz gutt fonnt –, da musst Der vläicht hausintern bei Iech kucken, firwat déi dann net gutt war. Well et war hei am Schäfferot zu kengem Moment eng Diskussioun, dass déi Campagne ze grouss, ze deier oder wat och ëmmer war. Mir hunn déi Campagne esou iwwerholl, wéi d'Firma eis se proposéiert huet, mat all deene Moyenen, déi se do opgesat huet. Also ech mengen, deen dote Ball musst Der nach eng Kéier mathuele bei Iech selwer.

A wann ee vu Politikverdrossenheet schwätzt, mengen ech, da brauch ech hei net méi drop ze äntweren, dass déi Saachen, déi Dir hei elo probéiert hutt op den Dësch ze leeën, och net dozou bäidroen, dass d'Leit méi motivéiert sinn. Wann Dir hei Saache behaapt, wou Der genau wësst. Well Dir hutt jo all déi Saachen. Dir maacht hei, wéi wann Dir iwwerhaapt näischt hätt. Dir schafft an där Boîte, déi dat heiten ausgeschafft huet. Dir hutt all Informatiounen. Also Dir maacht hei esou schäinhelleg, wéi wann Der guer keng Informatiounen hätt, Dir hutt se vläicht net ëffentlech hei vum Schäfferot kritt, mä Dir hutt se. Dat dozou.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Liesch. Esou gefaalt Der mer richteg gutt.

(Interruptioun)

Selbstverständlech Här Diderich.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech mengen, Dir hutt mer wierklech net nogelauschtert virdrun, Här Liesch. Ech hu meng Interventioun an zwee Punkten opgedeelt. Dat eent war de PAG. Do hunn ech gefrot, wou déi Aarbechten dru sinn. Kënne mir all déi Informatioune kréien, déi et zu deenen Aarbechte gëtt? Ech hunn d'SUP explizit erwäänt.

Mä den Här Liesch huet mir dunn drop geäntwert, ech géif op ee Punkt beharren an net no anere Saache froen. Déi wären awer méi interessant. Dat stëmmt net. Ech hunn dat gefrot an ech si frou, déi Informatiounen ze kréien. Vum 29. Mee hunn ech keng Informatiounen am Moment, da muss ech kucken, wou dat ënnergaangen ass. Den 29. Mee ass mir elo nach net bekannt. Mä ech begréissen, dass dat stattfënnt. An ech begréissen, dass mer dann endlech déi Informatioune kréien.

Dat anert: Ech maachen eng kloer Trennung tëschent mengem Mandat an do, wou ech agestallt sinn. Éischtens ass dat

keng Firma, dat ass eng Asbl. Dat misst een da wëssen, wann een een engagéiert. An ech hu vun Ufank u gesot, wéi déi Asbl drop ugeschwat ginn ass, dass ech mech do ganz wäert eraushalen.

An ech ginn do och net an d'Fichiere kucken. Well ech fannen, dass net nëmmen ech mä dee ganze Gemengerot d'Urecht huet op déi Informatiounen. A virun allem de Bierger Urecht huet, op d'mannst dat gesot ze kréien, wat Dir elo sot, nämlech datt mir dat deem Büro geschéckt hunn. Da géif ech mer awer d'Méi maachen, déi Bierger perséinlech ze kontaktéieren. Well et si Leit, déi mech froen. Ech hunn dat och probéiert um Internet ze promoten, wou ech gesot hunn, gitt är Iddien eran. An do sinn Diskussioune gelaf, wou d'Leit soen, si hunn do ni méi eppes héieren.

An ech denken, do muss een dann och kucken, wann een esou en Optrag mécht, wien do fir wat zoustänneg ass. Do gëtt et eng Aarbechtsopdeelung, grad wéi bei aneren Opträg, déi Dir iergendengem gitt. Also fir d'Werbung war op jidde Fall net déi Asbl zoustänneg, dat weess ech. Et ass jo net, dass deen, deen de Flyer muss drécken, dee muss verdeelen, wann dat net am Devis virgesinn ass an net geplangt ass. Dat sinn Diskussiounen, déi fannen ech wierklech dëser Saach hei net würdeg.

Dat eenzegt, wat ech verlaangen – eng Grondsaach –, dat ass d'Informatioun iwwert déi Saachen. Dat ass alles, wat ech hei gefrot hunn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Dir hutt d'Wuert weider. Dir hutt eng Rei vu Froen eraginn. Villmools Merci fir déi Froen, déi Der stellt, datt mer kënnen dozou Stellung huelen. Kënnt Der se gruppeweis virdroen: Urban Living, Thillebierg an dann den Aquasud? Kënne mer esou virgoen, Här Diderich?

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Jo. Zum Urban Living wollt ech froen, wéi eng Publizitéitskäschten do engagéiert gi sinn. Do ass jo eng Bäilag mat der Revue verdeelt ginn. Vu wéi engem Montant schwätze mer do? A vu wéi engem Budgetsartikel? Am Wort war en Advertorial, dat ass esou e Mix tëschent Artikel a Werbung, wat waren d'Käschten dovun? Wéi decidéiert een, esou eng Pub ze maachen a wéi eng Illustratiounen ee bei esou enger Pub dobäi mécht? A si soss nach aner publizitär Aktivitéiten, Opträg gemaach ginn?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci fir déi Froen. D'Revue huet selbstverständlech näischt vun eis kritt. Et ass d'selwecht gehandhaabt gi wéi déi Ufro virun dräi Joer. Just dës Kéier si méi Oplage gedréckt ginn, an do hu mer d'Dréckereiskäschte fir déi Oplage bezuelt. Fir déi 44 Säiten hu mer 27 Cent pro Zeitung bezuelt, dat mécht e Montant vu 14.952 Euro. An déi sinn um Relation publique beim City Manager budgetiséiert ginn, wat natierlech och am Budget steet.

Fir den Editorial am Lëtzebuerger Wort huet d'Stad Déifferdeng selbstverständlech näischt bezuelt. Ech muss soen, ech hunn nach ni fir en Artikel bezuelt, wou ee mech ëm meng Meenung zu enger Stadentwécklung gefrot huet. Kee Frang huet dat d'Stad Déifferdeng kascht.

Alles wat fir den Urban Living geschitt, wat fir Fotoen drakommen, dofir ass just een zoustänneg, an dat ass eise Gemengesekretär. Hie ganz eleng decidéiert, wéini a wat fir den Urban Living publizéiert gëtt oder net. Dir kënnt e froen, e sëtzt niewent mer.

D'Publizitéit fir den Urban Living kascht 90.000 Euro. Mir kréie wäit iwwer 40.000 Euro era vun de Leit, déi do e Stand hunn. A selbstverständlech ass Reklamm gemaach ginn op Eldoradio, op RTL an am Essentiel. Dat entsprécht bal engem Drëttel vum globale Budget vum Urban Living.

Déi aner Fro geet ëm den Thillebierg. Här Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci fir dës Äntwerten, Här Buergermeeschter. Ech komme bei den Thilllebierg. Do war elo de Weekend e gréissert Fest, wat bis sechs Auer moies am Gaang war. Ech wollt froen, wat do vu *le collège échevinal ne les a pas rendues publiques.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *aime quand M. Liesch réagit de la sorte.*

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *rétorque que M. Liesch ne l'a visiblement pas écouté. Il doit avoir faim.*

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *répond que c'est possible.*

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *a subdivisé son intervention en deux points. Tout d'abord, il voudrait savoir où en est le PAG et s'il peut obtenir toutes les informations.*
Gary Diderich a mentionné les SUP explicitement.
(Interruption)
Gary Diderich rappelle que d'après M. Liesch il ne ferait qu'insister sur un point précis et que le reste ne l'intéresserait pas. Or c'est faux. Il n'était notamment pas au courant de la réunion du 29 mai. L'information a dû se perdre quelque part. Il salue le fait que le conseil communal soit enfin mis au courant.
Pour le reste, Gary Diderich opère une séparation nette entre son mandat de conseiller communal et son emploi. Par ailleurs, il ne s'agit pas d'une société, mais d'une ASBL — chose que M. Liesch aurait dû savoir puisqu'il l'a engagée. Gary Diderich ne s'est absolument pas occupé du dossier et n'est pas allé fouiller dans les fichiers. Il trouve simplement que le conseil communal et les citoyens devraient être tenus informés. Les citoyens se sont donné la peine d'apporter leurs idées. Gary Diderich a fait la promotion de la campagne. Et maintenant, on lui dit que la commune n'a pas réagi.
Par ailleurs, il y a eu une répartition claire des tâches. Et l'ASBL n'était pas chargée de la publicité. Les flyers ne figuraient pas dans le devis.
Gary Diderich ne trouve pas cette discussion digne. Tout ce qu'il demande, ce sont des informations.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *constate que M. Diderich a envoyé d'autres questions. Il l'en remercie, car cela permet au collège échevinal*

de prendre position. Peut-il les poser en bloc?

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *répond que oui.*
Il voudrait savoir combien a couté la publicité pour Urban Living. Un supplément a été distribué dans Revue. Un publireportage a été publié dans Wort. Qui prend la décision de ces réclames?

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *répond que Revue n'a rien touché pour Urban Living. Le supplément a couté quant à lui 27 centimes par journal de 44 pages, c'est-à-dire un total de 14 952 €. Cette somme est budgétisée sous «relations publiques».*
L'éditorial dans le Luxemburger Wort n'a rien couté non plus. Roberto Traversini n'a jamais dû payer pour un article dans le cadre duquel on lui demande son avis sur le développement urbain.
Pour le reste, c'est le secrétaire communal qui s'occupe de tout ce qui concerne Urban Living. C'est lui qui décide ce qui est publié et à quel moment. La publicité pour Urban Living a couté 90 000 €. La commune touche 40 000 € de la part des exposants. De la publicité a été faite sur RTL, Eldoradio et L'essentiel. La publicité représente un tiers du budget d'Urban Living.
Roberto Traversini cède la parole à M. Diderich pour sa question sur le Thillebierg.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *remercie M. Traversini pour ses réponses.*
Il passe au Thillebierg où une fête a récemment eu lieu jusqu'à 6 h du matin. Comment l'utilisation du stade est-elle règlementée? Les riverains ont-ils été informés qu'ils ne dormiraient pas de la nuit? Comment ce genre de situation sera-t-il réglé à l'avenir? Car les uns ont le droit de faire la fête et les autres de dormir.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *remercie M. Diderich pour ses questions. Il s'étonne qu'elles surviennent lorsque ce sont des Portugais qui font la fête.*
La gestion du stade Thillenberg est subdivisée en trois parties: le stade avec la tribune et la buvette, qui est

Reglementer a Praktike bestinn, fir dee Stadion fir esou festlech Evenementer ze notzen. Ass dat limitéiert oder net? Awéiwäit sinn d'Bierger informéiert ginn, dass se eng Nuecht ouni Schlof wäerte verbréngen? Respektiv, wann dat net de Fall war, ob dat an Zukunft kéint gemaach ginn? Ob een dat dann net esou ka reglementéieren, dass déi, wou wëlle feieren, laanscht déi kommen, déi schlofe wëllen. Wat een an exzeptionelle Fäll jo muss och kënnen erméiglechen, dass een op där enger oder anerer Plaz ka feieren. Mä da misst een awer déi Precautioune maachen, déi een do kann huelen?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci fir dës Froen. Et wonnert mech just, wann eis portugisesch Frënn Fester feieren, datt op eemol Froe kommen. Ech ënnerstellen Iech näischt.

De Stade Thillebierg kann een am Fong geholl an dräi Deeler andeelen. Deen éischten Deel ass d'Stadiontribün an d'Buvette. Dat ass d'Gestioun vum Service des sports ganz eleng. Dat anert ass den Tennisterrain. Dat ass d'Gestioun vum Veräin, respektiv ArcelorMittal. An deen drëtten Deel ass d'Gestioun vun de Lanz Bulldog Frënn Déifferdeng, wou mer op alle Fall frou sinn, datt déi dat maachen. Déi hu vum Schäfferot gesot kritt: Këmmert iech drëm, kuckt awer, datt der net andauernd bei d'Gemeng kommt, fir hei an do gefléckt ze kréien. Esou gëtt den Terrain Thillebierg geréiert.

Déi lescht Joren hat ech nach ni eng fräi Nuecht gi fir den Thillebierg. De leschte Samschdeg war déi éischte Kéier. Dat war net bis sechs Auer, mä bis fënnef Auer gaangen. Ech war e puermol op d'Plaz, well ech Maile an Telefone kritt hat, dat wier net méi auszehalen. Ech war dunn op d'Plaz kucken. Zwar net um dräi Auer an der Nuecht, dat war sou géint zéng, hallwer eelef. An ech muss soen, et war net vill méi schlëmm wéi soss Saachen, déi do waren.

Wéi gesot, do war nach ni eng fräi Nuecht. Mä wann ech eng fräi Nuecht ginn, heescht dat awer net, datt d'Leit sech net un e Policereglement ze halen hunn. All Mënsch, all Veräin oder all Bistro, deen eng fräi Nuecht kritt, huet sech selbstverständlech un e Policereglement ze halen.

A wann op engem Fest ze vill Kaméidi ass, dann ass selbstverständlech d'Police zoustänneg, fir dohinnerzegoen an ze soen, w.e.gl. maacht méi lues. A wann ech vun der Police gesot kréien, d'Leit hätte gesot, de Buergermeeschter hätt hinnen d'fräi Nuecht ginn, et wär alles seng Schold, hie wollt dat esou, da muss ech soen, datt dat falsch ass. Mat enger fräier Nuecht setzt een net d'Policereglement ausser Kraaft.

Ech hunn dee Veräin gefrot, wat am grousse Ganzen do esou gefeiert géif ginn. Et sinn haaptsächlech Gebuertsdeeg vu Jonken oder e bësse manner Jonken. An ech si richteg frou, datt mer eng Plaz hunn, wou déi Jonk feiere kënnen. Well ech muss Iech soen, et ass net evident, fir hei nach Lokaler ze fannen, wou se feiere kënnen, ouni datt d'Noperen ze vill dorënner musse leiden.

Dofir soen ech nach eng Kéier, ech sinn extrem verwonnert, datt dat elo op eemol kënnt. Ech ka mer virstellen, wou dat alles hierkënnt. Ech fannen et just traureg, datt et muss an de Gemengerot kommen. Mä wéi haut scho gesot ginn ass, Wahle brénge vill mat sech.

Dir hutt nach Froen iwwert den Aquasud.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech mengen, ech stelle jo net eréischt schréftlech Froen zënter Wahle sinn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat ass richteg.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Punkto Aquasud wollt ech froen, ob et stëmmt, dass do reegelméisseg Changementer beim Personal kommen. An ob Der informéiert sidd …?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Wat nennt Der reegelméisseg?

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Reegelméisseg nennen ech innerhalb vun där Zäit, wou den Aquasud do ass. Wou ee souzesoen all Joers neit Personal gesäit an net vill konstant Leit huet. Reegelméisseg heescht, dass en Aarbechtsvertrag normalerweis net all puer Méint wiesselt an och net onbedéngt all puer Joer. Mä dass awer op d'mannst en Deel vum Personal eng Rei Joren op enger Plaz bleift.

Et kënnt vläicht dohier, dass et schwéier ass bei engem privat exploitéierte Betrib, wou d'Salairen immens niddreg sinn. Et kënne vläicht och aner Grënn ginn. Mä d'Fro ass: Wéi gesäit déi Personalsituatioun aus? A verbonnen domadder, wéi vill brevetéiert Schwammmeeschtere sinn am Moment an der Schwämm agestallt? Wann ech richteg informéiert sinn, muss bei esou engem Betrib op d'mannst een déi richteg Autorisatioun hunn, déi am Lien ass mat där Aktivitéit, déi de Betrib dann och mécht. Ass dat aktuell assuréiert, dass esou eng Persoun do ass, déi déi Autorisatioun huet?

An déi lescht Fro ass, ob d'Gemeng als solche do eng gewësse Kontroll vun der Hygiène mécht? Well d'Gemeng ass jo net Exploitant vun der Schwämm an dësem Fall, wat ech scho vill kritiséiert hunn. A wéi schätzt d'Gemeng d'Hygiène-Situatioun an? Well ech do awer och alt Saachen héieren, wou nach kéinte Verbesserunge stattfannen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Och fir déi Froe Merci. Dee ville Personalwiessel, mengen ech, ass net vill méi wéi an anere Betriber. Dofir wollt ech genau wëssen, wat Dir vill Wiessel nennt. Momentan schaffen 32-33 ETPen do. Bis dato sinn 42 Kontrakter gemaach ginn. Dat heescht, et hunn zéng Leit gewiesselt. Méi wéi 20 Leit schaffe vum éischten Dag un do. Dat heescht, méi wéi 65-66% hunn d'Plaz nach net gewiesselt.

Dir hutt ganz recht, et huet ee wahrscheinlech méi Virdeeler wann ee bei de Staat oder an eng Gemeng schaffe geet, wat d'Pai ugeet. Mä Gott sei Dank gëtt et awer nach Leit, déi net nëmmen duerno kucken. Dat kann ee Grond sinn, muss awer net.

Gewosst ass, dass dee Responsabelen, deen eng Meeschterprüfung hat an aner Leit ausbilde konnt, fortgaangen ass. Do ass den Aquasud am Gaang, e grousse Rekrutement ze maachen. Et muss een awer och soen, datt wann een esou ee verléiert, huet ee sechs Méint Zäit, fir een amplaz ze sichen, datt de Jong oder d'Meedche seng Léier fäerdeg maache kann.

Do hu se Kandidaten aus Frankräich, mä déi hu Problemer, fir d'Equivalenz ze kréie vun hirem Diplom. Well am Diplom och verlaangt gëtt, datt een nom Baseng soll kucken. A mir wësse jo ganz genau, datt déi nei Anlagen net vum Schwammmeeschter oder der Schwammmeeschterin kontrolléiert ginn, mä vun den Techniker. Do ass eise Gemengesekretär am Gaang, mam Ministère de l'éducation ze kucken, ob et net méiglech ass, eng Equivalenz ze kréien. Well si hätte Kandidaten, mä déi kommen aus Frankräich an déi hunn eben eng aner Formatioun. Quitte, datt déi eng Première hunn, mä déi hunn dann awer keng technesch Formatioun.

Propretéit ass an alle Gebaier extrem wichteg fir d'Stad Déifferdeng, a grad esou wichteg natierlech och d'Hygiène vun der Schwämm. Dir wësst, datt d'Santé reegelméisseg kucke kënnt. Mir perséinlech ass net bekannt, datt do Epidemien oder vill Krankheete sollte sinn. Au contraire, d'Schwämm vun Déifferdeng gëtt exemplaresch gebotzt, gëtt exemplaresch gefouert. Dat hu mer jiddefalls vun der Santé bis ewell ëmmer confirméiert kritt, wa se Moossunge gemaach hunn.

Wou mer virun engem gudde Joer oder annerhallwem Joer iwwert de Wanter e puer Kanner haten, deenen et schlecht ginn ass, hate mer d'ganzt Lëtzebuerger Land op d'Kopp gestallt, fir Moossunge maachen ze kommen. Fir alles ze kukken, ob wierklech eppes wier. A mir hunn ëmmer gesot kritt, et wier alles an der Rei. Ech kann Iech just soen, wéi et ass.

Här Diderich, w.e.gl.

géré par le service des sports, le court de tennis, qui est géré par ArcelorMittal, et l'exploitation, qui est assurée par Lanz Bulldog Frënn.
Au cours des dernières années, Roberto Traversini n'a jamais accordé de nuit blanche au Thillebierg. Samedi dernier, la fête a duré jusqu'à 5 h et non 6 h. Le bourgmestre s'est rendu sur place vers 23 h, car il avait reçu des appels et des e-mails. La situation n'était pas pire que d'autres fois.
Lorsque le bourgmestre accorde une nuit blanche, les organisateurs doivent malgré tout se tenir au règlement de police. Si le bruit occasionné par une fête est trop fort, c'est à la police d'intervenir. Certains prétendent que le bourgmestre est seul responsable parce qu'il a octroyé une nuit blanche, mais c'est faux. Le règlement de police reste en vigueur.
Roberto Traversini a demandé à l'association quel type de fêtes sont organisées. Il s'agit principalement d'anniversaires de jeunes et de moins jeunes. Le bourgmestre est content que les jeunes aient un endroit où faire la fête sans déranger excessivement leurs voisins.
Il se dit étonné que les gens se plaignent maintenant. Il se doute bien de qui vient la plainte. Il trouve triste que cela doive passer par le conseil communal. Mais les élections qui approchent ont ce genre de répercussions.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *rétorque qu'il ne pose pas seulement des questions en période électorale.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *répond que c'est vrai.*

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *demande si le collège échevinal est au courant du changement régulier de personnel à Aquasud.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *voudrait savoir ce que M. Diderich entend par «régulier».*

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *réplique que depuis l'ouverture d'Aquasud, on y voit tous les ans du nouveau personnel. Un contrat de travail ne dure normalement pas quelques mois ou deux ans. Mais c'est peut-*

être lié aux salaires trop bas du secteur privé.
Combien de maitres-nageurs brevetés la piscine compte-t-elle? Il en faut au moins un. La commune réalise-t-elle des contrôles d'hygiène? Car Gary Diderich a entendu des histoires où une amélioration serait possible.
Roberto Traversini (déi gréng) ne pense pas que le personnel change plus qu'ailleurs. Actuellement, Aquasud emploie 32 à 33 EPT. En tout, 42 contrats ont été signés. En d'autres termes, dix personnes ont été remplacées et plus de vingt sont là depuis le début.
Il est vrai que travailler pour l'État ou une commune est plus avantageux d'un point de vue financier. Heureusement, tout le monde ne s'intéresse pas qu'à cela.
Le maitre-nageur responsable est parti. Aquasud recherche un remplaçant. Une entreprise dispose d'un délai de six mois afin de laisser le temps à l'éventuel remplaçant de terminer son brevet.
Des candidats français se sont présentés, mais leur diplôme doit d'abord être reconnu par le ministère de l'Éducation.
L'hygiène de la piscine est bien entendu très importante. L'Inspection sanitaire contrôle régulièrement les installations. Roberto Traversini n'est pas au courant d'épidémies ou autres maladies. Au contraire, la piscine de Differdange est parfaitement entretenue.
Il y a un an et demi, quelques enfants s'étaient sentis mal. Des analyses avaient été effectuées et tout était en règle.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *se souvient d'un parcours pour vélos que l'on utilisait dans les écoles. Apparemment, il sera jeté. Est-ce vrai? Et si oui, pourquoi?*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *n'est pas au courant. Mais M. Bertinelli et lui présenteront la première école de vélos avant les grandes vacances. Il est donc possible que le parcours ne soit plus utile. Mais Roberto Traversini n'aime pas que l'on jette des choses à la poubelle.*
Il clôture la séance publique.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Eng allerlescht Fro. Et ass ëmmer e Vëlosparcours ginn an de Schoulen, dee konnt agesat ginn, fir mat de Kanner Vëlo ze fueren. An anscheinend soll deen elo verschrott gi sinn aus Plazgrënn. Ass dat esou? Oder firwat ass dee Vëlosparcours net méi do, fir kënne vun der Schoul benotzt ze ginn?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech weess net, ob dat esou ass. Ech froen dat no. Den Här Bertinelli an ech selwer hunn déi grouss Freed, vläicht scho virun der grousser Vakanz déi éischt Vëlosschoul ze presentéieren. Do ass natierlech alles integréiert. Ech sinn natierlech net frou, wa gutt Saache géifen ewechgehäit ginn. Ech ka mer dat net virstellen.
Am Juni oder Juli, hunn ech gesot kritt, wär déi éischt Vëlosschoul fäerdeg, hei uewen um Bierg. Da bräichte mer am Fong geholl déi Saachen net méi. Mä ech froen dat no, Här Diderich. Ech wëll och net, datt Saachen ewechgehäit ginn, déi nach ze gebrauche wieren. Well dat kéint een anere Leit zur Verfügung stellen.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Da kéime mer zu der net-ëffentlecher Sitzung.

ÉTAT CIVIL – NAISSANCES

VARELA DA SILVA Ricardo	Esch-sur-Alzette	01.05.2017
FIORENZA Mattia	Esch-sur-Alzette	01.05.2017
DEL BOCCIO Mathéo	Esch-sur-Alzette	01.05.2017
DIAS DA COSTA Giulia Maria	Esch-sur-Alzette	02.05.2017
DOS ANJOS RIBEIRO Matteo	Esch-sur-Alzette	04.05.2017
VINCIS Célia	Esch-sur-Alzette	05.05.2017
GUIOT Myrtille	Luxembourg	06.05.2017
ESPOSTO BRANCO Ilaya	Luxembourg	07.05.2017
ADROVIC Ilham	Luxembourg	08.05.2017
SKENDEROVIC Azar	Esch-sur-Alzette	09.05.2017
VARELA Samuel	Luxembourg	10.05.2017
FUENTEFRIA MELO AMARAL LOPES Catarina Miguel	Esch-sur-Alzette	12.05.2017
SEMEDO FERNANDES Wiliam	Luxembourg	14.05.2017
DIMITRIJEVIC Pavle	Luxembourg	15.05.2017
HAZINE Ayline	Esch-sur-Alzette	16.05.2017
EVORA DOS SANTOS Eduardo	Luxembourg	17.05.2017
ALVES MARQUES Enzo	Esch-sur-Alzette	17.05.2017
DA CUNHA COUTINHO Bryan	Esch-sur-Alzette	18.05.2017
DOS SANTOS RENTÃO Léo	Esch-sur-Alzette	19.05.2017
TAVAN Matteo	Luxembourg	19.05.2017
PEIXOTO RIBEIRO Alexandro Gabriel	Luxembourg	21.05.2017
RODRIGUES DA CRUZ Aaliyah Maria	Luxembourg	21.05.2017
KARAHODZIC Amina	Esch-sur-Alzette	22.05.2017
DA VEIGA Neolynne Marianne	Esch-sur-Alzette	22.05.2017
VENÂNCIO SOARES Yara Filipa	Esch-sur-Alzette	24.05.2017
HADIC Adan	Luxembourg	26.05.2017
ADROVIC Aris	Luxembourg	28.05.2017
PARROTTA Gioia	Luxembourg	29.05.2017
URBAN Debora	Esch-sur-Alzette	30.05.2017
KURTAGIC Assya	Luxembourg	30.05.2017
VENTURA ALVES Lucas	Luxembourg	31.05.2017
RIBEIRO SOUSA Ruben	Luxembourg	31.05.2017
RODRIGUES Jade-Arnaud	Esch-sur-Alzette	31.05.2017

ÉTAT CIVIL – MARIAGES

THILL Paul Eugène Louis & LLOSE Michell Labrador	05.05.2017
FERNANDES DE ALMEIDA Pedro Miguel & FERREIRA DA SILVA Marlène	12.05.2017
SIMON Steve Fernand & STAMERRA Jessica	19.05.2017
MONTEIRO ASSUNCAO Steve & MEYERS Marie Hélène Michèle	20.05.2017
BINTENER Henri Germain Armand & PHILIPPE Marceline Hélène	20.05.2017
PÜTZ Pierre Emile & BERTRAND Coralie Nicole Marie Ghislaine	20.05.2017
TAVARES BRITO Mike & MENDES DA SILVA Cathy Isabelle	20.05.2017
DO VALE LOPES Carlos Alberto & PEREIRA CORREIA Elisete da Conceição	26.05.2017

ÉTAT CIVIL – DÉCES

PIREN Fernand, ép. DI LORENZI Leondina	Esch-sur-Alzette	02.05.2017
LORANG Jacqueline, ép. RAMA Roméo Jean-Pierre	Esch-sur-Alzette	07.05.2017
SILVA DA COSTA José Carlos	Differdange	08.05.2017
BISSEN Roland	Niederkorn	10.05.2017
REITZ Claire Catherine, vve POMMERELL Emil Albert	Esch-sur-Alzette	13.05.2017
CRUZ ANTUNES Angelo Henry	Differdange	16.05.2017
HABIB Mina	Luxembourg	17.05.2017
DACHWIRTZ Alma, vve MULLER Frédéric Paul Ernest	Differdange	17.05.2017
KIEFFER Marie Madeleine, vve MERSCH Théodore Mathias	Perl	18.05.2017
RAUSCH Marie Léonie, vve ZIGRAND Arsène	Esch-sur-Alzette	20.05.2017
RINNEN Raymond	Differdange	23.05.2017
HENRIQUES NASCIMENTO SILVA Maria Helena	Esch-sur-Alzette	24.05.2017
PEDONE Rosa, ép. PAOLILO Marco	Niederkorn	26.05.2017
COITO SANTOS GOMES Maria Celeste	Esch-sur-Alzette	27.05.2017
DA CRUZ Antonio José	Luxembourg	28.05.2017
BOUCHÉ Jospeh, ép. HENDEL Emilie	Luxembourg	31.05.2017
SCHAUS Pierre, ép. MORES Marguerite	Niederkorn	31.05.2017

DIFFERDANGER

SVART CROWN

DÉLUGE



KRATON



OCTOBER.28.TH.2017

20H00. 20EUR

CENTRE CULTUREL RÉGIONAL

AALT STADHAUS

Differdange

WWW.STAADHAUS.LU

CENTRE CULTUREL RÉGIONAL
AALT STADHAUS
Differdange

jouer
communiquer
vibrer
rêver
bouquiner



SPANISH BLUES NIGHT

Susan Santos & A Contra Blues

OCTOBER 12TH, 2017 | 20H00

TICKETS (20 €):
LUXEMBOURG-TICKET & TICKETREGIONAL

WWW.STADHAUS.LU

Centre culturel régional «Aalt Stadhaus» Differdange / 38, av. Charlotte / L-4530 Differdange / +352 58 77 1-1900